


INFO °05 20 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 22. JULI 2020



Conseillers présents

Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng)	Guy Altmelsch (LSAP)	Fränz Meisch (DP)
Tom Ulveling (1er échevin, CSV)	Paulo De Sousa (déi gréng)	Emy Müller (LSAP)
Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)	Gary Diderich (déi Lénk)	Alf Ruckert (KPL)
Robert Mangen (échevin, CSV)	Jerry Hartung (CSV)	Christiane Saeul (DP)
Laura Pregno (échevine, déi gréng)	Pierre Hobscheit (LSAP)	Guy Tempels (CSV)
	Georges Liesch (déi gréng)	Nicole Wohl (déi gréng)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT^{05 20}

COMPTE-RENDU DU 22 JUILLET 2020

4-86

PAG ET PAP

87

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 05/2020, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 22 JUILLET 2020

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)	Georges Liesch (déi gréng)
Tom Ulveling, 1 ^{er} échevin (CSV)	François Meisch (DP)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)	Erny Muller (LSAP)
Robert Mangen, échevin (CSV)	Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)	Ali Ruckert (KPL)
Guy Altmeisch (LSAP)	Christiane Saeul (DP)
Fred Bertinelli (LSAP)	Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)	Guy Tempels (CSV)
Jerry Hartung (CSV)	Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Serge Goffinet (LSAP)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
2. Présentation par madame Nancy Braun du programme et des projets Esch 2022.
3. Projets communaux:
 - a. Modernisation de l'hôtel de ville — extension avec une nouvelle annexe et mise en conformité/adaptations au bâtiment existant: plans et devis — article budgétaire 4/121/221311/18003;
 - b. Aménagement de nouveaux ateliers communaux (CID) à Niederkorn: plans et devis — article budgétaire 4/627/221311/12011;
 - c. Centre sportif Oberkorn (phase 1): rénovation et extension de la SportFabrik — devis pour les équipements spécifiques et installations de base du laboratoire, article budgétaire 4/822/221311/14012.
4. Enseignement fondamental: plans d'encadrement périscolaire 2020-2021.
5. Structures d'accueil: organisation pour l'année scolaire 2020-2021.
6. École de musique: règlement d'ordre interne destiné aux élèves, parents et représentants légaux.
7. Cours de langues pour adultes: organisation pour l'année scolaire 2020-2021.
8. Actes et conventions:
 - a. Acte d'acquisition par l'État du lycée provisoire dans l'intérêt de l'École internationale à Differdange (EIDE);
 - b. Convention avec l'État du grand-duché de Luxembourg portant sur la gestion du centre culturel Aalt Stadhaus de Differdange;
 - c. Contrat de bail avec le Haut-Commissariat à la protection nationale portant sur le Klänge Casino, place du Marché à Differdange;
 - d. Nouveaux statuts de l'ASBL Les amis de l'école de musique de Differdange.
9. Règlements communaux:
 - a. Critères d'attribution des 80 logements, tant locatifs que ceux mis en vente, du projet Gravity à Differdange;
 - b. Système d'aides financières au monde sportif dans le cadre de la lutte contre la COVID-19 découlant de la lettre-circulaire du 5 juin du ministère des Sports — rallonge communale;
 - c. Règlements temporaires de circulation.
10. Changements au sein des commissions consultatives.

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance du 22 juillet 2020, la dernière avant les grandes vacances. Elle excuse monsieur Goffinet, qui n'est pas là aujourd'hui.

Elle demande au conseil communal d'approuver l'ajout du point 1d à l'ordre du jour de la séance non publique. Il porte sur le service écologique. Une personne vient de le quitter, une autre partira bientôt et une troisième prendra sa retraite à la fin de l'année. Il y a urgence. C'est pourquoi la bourgmestre demande d'ajouter ce point à la séance non publique afin que la personne sélectionnée par le comité de recrutement puisse commencer à travailler avant que les départs ne soient effectifs.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux communications. Dans le cadre de la crise du coronavirus, elle rappelle que chacun doit prendre ses responsabilités. La Ville de Differdange cherche de nouvelles voies pour faire passer ce message.

En ce qui concerne les maisons relais, en cas d'infection, c'est la direction et la Santé qui prendront les décisions. Mais comme l'année scolaire touche à sa fin, la commune est directement concernée en tant que gestionnaire des maisons relais. La Ville de Differdange a mis en place des directives claires en cas d'infection dans une maison relais ou dans un service de la commune. Le service scolaire, le service des maisons relais, la délégation des fonctionnaires et les travailleurs désignés ont collaboré à la réalisation de ces directives. La commune se donne les moyens de réagir le cas échéant. Christiane Brassel-Rausch remercie tous ceux ayant participé à la rédaction du document.

La Santé a mis en place un interlocuteur direct pour les communes. Il s'agit de monsieur Frank Reimen. La Ville de Differdange peut le contacter en cas de question.

Le collège échevinal a également envoyé une lettre au secteur de l'Horesca pour lui rappeler l'importance des gestes barrières. La commune peut intervenir en cas de non-respect des règles en fermant par exemple un café pour une nuit.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Gudde Moie fir de Gemengerot haut vum 22. Juli. Et ass eise leschte Gemengerot virun der wuelverdéngrter grousser Vakanz. Ech wëll den Här Serge Goffinet entschëllegen, deem haut net wäert um Gemengerot deelhuele kënnen.

Meng Fro: Sidd Der averstanen, fir de Punkt 1d an der Non-publique bäizesetzen? Et geet em d'Personal am Service écologique. Do ass eng Persoun gaangen. Viraussichtlech wäert a ganz kuerzer Zäit eng aner Persoun goen, an Enn des Joers steet eng Pensioun an d'Haus. D'Urgence ass an deem Sënn justifiéiert duerch déi geplangten Ofgäng, déi scho stattfonnt hunn, wou duerch e Lach entsteet.

En vue vum engem gudde Fonctionnement vum Service, géif ech Iech bidden, dee Punkt als Drénglechkeet op den Ordre du jour vum der Non-publique unzehuelen. Fir dass déi Persoun, déi unanime am Comité de recrutement gestëmmt ginn ass, Zäit huet, fir sech anzeschaffen, ier d'Departen dann effektiv sinn.

Ass dat an der Rei?

(Zoustëmmung)

Ech soen Iech villmools Merci. Da komme mer zu de Kommunikatiounen. E puer Leit vum eis hunn Iech Saache matzedeelen. Ech fänken un. Am Kader vum den neie Covidbestëmmungen, wëll ech ervirhiewen, dass déi eenzeg Léisung doranner besteet, dass jiddwereen, an all eenzelen, seng Responsabilitéit iwwehëlt. Wéi soen déi dräi Musketiere: „Einer für alle. Alle für einen“. Ech mengen, dat stëmmt an deem Fall.

A fir déi Sensibiliséierung nach ze intensivéieren, wäerte mer probéieren, nei Weeër ze fannen, fir dese Message widerzeginn an u méi Leit ze bréngen. Well et si just mir, déi där Saach kënnen eng Grenz setzen a kucken, dass et net ausufert. Fir dat ze erreechen, hu mir als Träger vum der Maison relais, also vum de Services d'éducation et d'accueil schonn zënter zwou Wochen – mir si jo elo zoustänneg, well d'Schoul de 15. eriwwe ass – ofgemaach, dass am Fall vum engem Covidfall, d'Direktioun géif

de Lead iwwehuelen, mat der Santé. D'Santé huet jo, egal wéi, ëmmer de Lead. Déi Kette fält jo elo ewech, well keng Schoul méi ass.

Dat heescht, mir als Träger vum der Maison relais sinn direkt gefrot. Dofir hu mer ganz kloer Richtlinnen opgesat, wéi déi Kommunikatioun ze funktionéieren huet, am Respekt natierlech vum der Protection des données. Dat klappt ganz gutt, muss ech Iech soen. A genau esou eng Richtlinn hu mer gläichzäiteg ausgeschafft, wat d'Informatiounen an d'Kommunikatioun am Fall vum engem Covidfall ugeet, fir all eis Servicer op der Gemeng.

Ech sinn immens frou dierfen ze soen, dass beim Ausschaffe vum deene Richtlinnen de Service vum der Schoul, de Service vum de Maison-relais, d'Délégation des salariés, d'Délegatioun vum de Fonctionnaire souwéi d'Trailleurs désignés matgeschafft hunn. An ech hu mer soe gelooss, dass mer ganz gutt opgestallt sinn, fir eng Handhab ze hunn an ze reagéieren, wa mir als Gemeng betraff wäeren. Ech soen alle Bedeelegte villmools Merci fir dat gemeinsaamt Ausschaffe vum deem Dokument.

Eng weider Hëllef, ëmmer nach am Kader vum Covid, ass, dass mer vum der Santé en direkten Usprichpartner kritt hunn, deem ëmmer fir eis do ass. Dat ass den Här Frank Reimen, dee fir d'Gemengen zoustänneg ass. Dee mer zu all Moment kënnen uruffen, wa mer eng Fro oder e Souci hätten.

A mir sinn, och ëmmer nach am Kontext vum Covid, e weidere Schratt gaangen, andeems mer e Bréif un dee ganzen Horesca-Secteur geschéckt hunn, an deem mer nach eng Kéier plädéieren, wéi wichteg déi Geste-barrière sinn. An dass d'Leit obligéiert sinn, des anzehalen, wéi d'Gesetz et virgesäit. An dass mir als Gemeng, wa mer mierken, dass dat net agehale gëtt, gewëllt sinn, weider Schrëtt ze ënnerehuelen. Zum Beispill kéinte mir eng Terrass ewechhuelen oder mir kéinten e Bistro fir eng Nuecht zoumaachen. Just fir Iech ze weisen, dass mir gewëllt sinn, mat där Pandemie ze liewen, awer och esou, dass jiddweree geschützt gëtt.

E Freideg, de 24. Juli, schécke mer eng Delegatioun bei den Här Minister

1. Communications

François Bausch, mat der Police an eisem Service technique, fir iwwert d'Sécherheet an der Gemeng Déifferdeng ze schwätzen. A fir ze kucken, ob eis Virstellungen, wat déi urbanistesche Entwécklung vun der Stad Déifferdeng ugeet, ëmsetzbar sinn. Do geet et haaptsächlech ëm d'Mobilitéit ënner all hire Formen. Dat ass elo de Freideg, de 24. Juli, beim Här Bausch.

Initialement war virgesinn, d'Taxerelementer unzepassen. Mee do huet och dee berühmte Covid eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach. Déi ganz reforméiert Taxe wäerten awer nach dëst Joer, an engem spéidere Conseil, virgestallt ginn.

Als Info wëll ech bäifügen, dass eis Aktioun „E Stéck Pizza fir all Schoulkand“ souwuel bei de Kanner wéi bei den Enseignanten an den Educateuren mat grousser Begeescherung ugeholl ginn a begréisst ginn ass.

Meng lescht Kommunikatioun ass déi al Maison Moderne. Mir sinn eis mat de Proprietärinnen eens ginn a mir hunn déi kaf.

ENG STÉMM:

E Compromis mol.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

De Compromis ass ënnerschriwwen.

Jiddwereen huet Kommunikatiounen ze maachen. Här Mangel, wannechgeleift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, mir hunn decidéiert e Projet mat Streetworker unzefänken. Déi verschidden Associatiounen sinn ugeschriwwen ginn, fir eis do behëlleflech ze sinn. Dat gëtt an Zesummenaarbecht mam Office social gemaach, wou mer dee Projet initiéieren, wa mer wëssen, wat fir en Träger ons do behëlleflech ass. Mir wëllen dat net iwwert d'Gemeng maachen, well mer net dat néidegt Personal hunn. Et ass e speziell Gebitt, wou speziell Leit mussen agesat ginn. Dat maache mer

mat engem Träger, deen Anung dovunner huet. Soubal ech d'Zoustëmmung hunn, brénge mer dat an de Gemengerot.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Mangel. Ech mengen, dass mer do op deem ganz richtege Wee sinn. D'Madamm Pregno, wannechgeleift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt zwou Kommunikatiounen ze maachen. Déi éischt wär, dass mer géifen am September mat dem Projet Ruffbus an eng Testphas goen. D'lescht Woch hate mer virun der Gemeng zwee Minibusser virgestallt kritt an der E-Variant. Mir waarden op weider Detailler, wat d'Käschten ugeet. Déi Testphas ass fir sechs Méint virgesinn, fir ze kucken, wéi dat bei der Bevëlkerung ukënnt. Ob um Projet, wéi en aktuell ausgeschafft ginn ass, zesumme mam Service Mobilitéit a Service Senior Plus, nach vläicht muss lénks a riets dru gefeilt ginn.

Ech géif dee Moment, an engem spéideren Hibleck, mat deem Projet zrëck an de Gemengerot kommen. Fir dee virzestellen, wa mer weider Detailler hunn. Mee ech wollt Iech dat gär matdeelen, well Der deen iergendwann wäert gesinn duerch d'Gemeng fueren. An et si jo scho Leit, déi eis gesinn hate virun der Gemeng, wou mer eis déi ganz Saach ugekuckt haten, virun zwou Wochen, wann ech mech net ieren.

Déi zweet Kommunikatioun, déi ech gäre géif maachen, fënnt am Kader vum Vëlosummer 2020 a vun der Semaine de la mobilité statt. Wou mer gären dës Summer dräi Weekender d'Zolwerstrooss späre fir de Vëlo. Fir d'Presenz vum Vëlo e bëssen ervirzehiewen an ze kucken, wéi och dat bei der Bevëlkerung ukënnt, wa mol Stroosse gespaart gi fir de Vëlo.

Dat Ganzt hu mer eis geduecht maache mer op dräi Weekender. Een dovunner wäert an der Semaine de la mobilité sinn. Einfach fir op d'Mobilité douce

Le vendredi 24 juillet, une délégation differdangeoise se rendra auprès du ministre François Bausch pour discuter de la sécurité et du développement urbain. Il sera question de la mobilité sous toutes ses formes.

Le règlement des taxes devait être adapté, mais la COVID-19 est passée par là. La réforme sera présentée plus tard cette année.

L'action «E Stéck Pizza fir all Schoulkand» a été saluée avec enthousiasme par tous les enseignants et éducateurs.

Christiane Brassel-Rausch passe à sa dernière communication: la commune a acheté l'ancienne Maison moderne.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch confirme que le compromis de vente a été signé.

ROBERT MANGEN (CSV) *communiqué qu'un projet d'éducateurs de rue va être lancé en collaboration avec diverses associations et l'office social. La commune ne dispose pas du personnel adéquat pour gérer un tel projet et cherche donc un prestataire.*

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *annonce qu'un projet de bus sur appel sera lancé en septembre pour une phase de test. La semaine dernière, deux minibus ont été présentés. Le collège échevinal ne connaît pas encore les coûts définitifs.*

La phase de test durera six mois. Le cas échéant, le service mobilité et le service seniors devront améliorer le projet. Le moment venu, Laura Pregno le présentera au conseil communal. Mais elle tenait à en parler aujourd'hui, car le bus circulera bientôt en ville.

Laura Pregno passe à la semaine de la mobilité. Cet été, la commune bloquera la circulation dans la route de Soleuvre pendant trois weekends pour la réserver aux vélos.

2. Présentation des projets Esch 2022

Un de ces weekends tombera en pleine semaine de la mobilité. Laura Pregno ne connaît pas encore les dates précises. Elle rencontrera la commission de la mobilité demain soir. Elle sera en mesure de fournir plus d'informations dans les semaines à venir.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

salue madame Nancy Braun, la directrice générale du projet Esch 2022, qu'elle va présenter aujourd'hui au conseil communal.

En 2007, madame Braun a été coordinatrice générale adjointe du Luxembourg dans la Grande Région. Pendant six ans, elle a occupé le poste de directeur administratif et financier du Barreau. Ensuite, elle est devenue la coordinatrice générale du DP et a renforcé l'équipe du Casino Lëtzebuerg en janvier 2016.

Christiane Brassel-Rausch est heureuse de l'accueillir et lui cède la parole immédiatement.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022) remercie le conseil communal pour l'invitation. Elle va donner un rapide aperçu d'Esch 2022.

On a expliqué à Nancy Braun que l'ordre du jour était énorme. Elle essaiera donc de se montrer brève. Certains thèmes pourront être approfondis une autre fois. Les conseillers communaux pourront lui poser des questions tout à l'heure.

Nancy Braun va aborder cinq sujets: la mission, dans le cadre de laquelle elle reviendra sur le programme et le tourisme, la gestion, le monitoring de la Commission européenne, les recommandations et enfin un aperçu de qui est prévu au cours des prochains mois.

Nancy Braun constate qu'il est souvent question d'année culturelle. Mais il serait temps de passer à la dénomination «Capitale européenne de la culture». L'année culturelle est définie dans le temps. Elle commence le 22 février 2022 et s'arrête le 21 décembre 2022. Cependant, les activités organisées auront un impact à long terme. Les communes investiront énormément et ces investissements ne se limiteront pas à 2022. Pour Nancy

anzegoen. Wéini genau déi Weekender sinn, dat wësse mer nach net, vu dass mer dat zesumme mat der Mobilitéitskommissioun ausschaffen, an déi gesi sech muer den Owend. Soudass och do nach wäerte weider Detailer kommen an deenen nächste Wochen. Ech géif Iech au courant halen, soubal ech eppes hunn. Dat war et vu menger Sait. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech villmools Merci, Madamm Pregno. Da géife mer zum zweete Punkt kommen. An deem Kader begréissen ech ganz häerzlech d'Madamm Nancy Braun hei an eiser Ronn. Si ass d'Directrice générale vum Projet Esch 2022. D'Zil ass et, fir eis deen hei am Conseil virzustellen. Ech wëll just ganz, ganz kuerz aushuelen, fir déi Leit, déi Iech net sollte kennen.

Dir waart 2007 Coordinatrice générale adjointe vu Lëtzebuerg an der Grande Région, capitale culturelle. Während sechs Joren hat Der de Poste vum Directeur administratif et financier um Barreau zu Lëtzebuerg. Duerno sidd Der als Coordinatrice générale vun der DP agesprongen. An Dir hat d'Ekipp verstärkt am Casino Lëtzebuerg am Januar 2016 en tant qu'administrateur.

Ech si ganz frou, Iech hei ze begréissen. Dat huet elo e bësse geschleeft, mat all deenen Turbulenzen, déi mer an deene leschte Méint haten. Ech géif Iech direkt d'Wuert ginn, well mir si gespaant.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschter. Villmools merci Iech all fir déi léif Invitatioun. Dass mer d'Geleeënheet hunn, e kuerzen Iwwerbléck ze ginn iwwert de Projet Esch 2022 a vun deem, wat mer elo amgaang sinn ze schaffen. Souwéi och en Ausbléck ze ginn an dat, wat an nächster Zäit wäert kommen.

Ech hunn héieren, Dir hutt en enorm décke Programm haut. Ech wäert probéieren, mech a menger Presentatioun kuerzzefaassen. Et si warschein-

lech verschidden Elementer, wou et Iech net genuch an den Detail geet. Ech mengen, et gëtt sécherlech ëmmer erëm eng Occasioun, fir Sujeten ze verdéiwen. Et wär och flott, wann een herno nach vläicht Zäit hätt, déi eng oder déi aner Fro ze stellen. Op alle Fall freeën ech mech, hei ze sinn. An ech géif dann direkt lassleeden.

Ech wäert Iech haut de Moie fënnf Sujete virstellen. Dat eent ass d'Missioun, e puer Wieder iwwert de Programm – net nëmmen de Programm ass wichteg, mee och den Tourismus huet seng Roll an esou engem europäesche Kulturhauptstad-Projet ze spillen. E puer Wuert iwwert d'Gestioun. Duerno sinn zwee Voleten. Dat eent ass, Dir hutt sécher matkritt, am Mee hate mer e Monitoring vun der Europäescher Kommissioun. Do kommen ech op d'Recommandatiounen ze schwätzen. An dann den Ausbléck, wat an deenen nächste Méint wäert kommen.

Zu der Missioun: Dir gesitt, do steet: „Année culturelle vs. projet de Capitale européenne de la culture“ an „Événements ponctuels vs. projet européen avec impact à long terme“. Ech weess, den Term „Année culturelle“ gëtt ëmmer ganz gäre benotzt. Mee ech wär ganz frou, an et läit mer wierklech um Häerz, wa mer iergendwann eng Kéier kéinten op den Term „Europäesch-Kulturhauptstad-Projet“ eriwweergoen.

Well „Année culturelle“ ass am Fong definéiert an der Zäit. Natierlech hu mer en Datum, mer fänken den 22.2.2022 un an halen den 22.12.2022 op. Mee dann ass awer nach net Schluss. Well all déi Aktivitéiten, déi Aktiounen, déi Investissementen, déi gemaach ginn, déi hale jo net Enn Dezember op. Mee déi wäerten en Impact à long terme hunn. Dir wësst et jo selwer, an de Gemenge gëtt enorm vill investéiert. Déi Investissementen, wann Der se haut stëmmt, déi sinn net nëmme gëlteg bis 2022, mee wäit doriwwer eraus.

D'Missioun ass: gemeinsam d'Zukunft opbauen. Dat ass wichteg. Dat gëtt dem Term „Projet culturel“ e weideren – wéi soll ech soen, dat ënnersträicht, dass mer un engem Projet schaffen an net just iwwer Evenementer, déi sech iwwer e ganz Joer wäerten zéien. Et geet och net nëmmen drëms, enger Stad

2. Présentation des projets Esch 2022

en neien Image ze ginn. Ech schwätze vun Esch, zum Beispill. Dat gëllt och fir aner Stied hei am Süden.

Mee et geet och drëms, fir iwwer esou e kulturelle Projet d'Zukunft vun enger Region hëllef ze gestalten. Dat geschitt natierlech iwwer e Programm. Onse Programm gesäit esou aus, dass en, ech wëll net soen op zwou Schinne fiert, mee en developpéiert sech op zwou Manéieren.

Zum engen iwwert den Appel à projets, wat mer am Februar d'lescht Joer gestart haten. A wou mer elo amgang sinn, soen ech emol, den Ofschloss kënnen ze maachen. Am Finale wäerte mer ëm déi 110-115 Projeten zréckbehalen, déi ënner verschidde Krittäre gefall sinn, déi mer fixéiert hunn. Déi Krittären, déi baséieren op Recommandatiounen vun der Europäescher Kommissioun. Déi leene sech och un dee Kulturentwécklungsplang, dee vum Staat ausgeschafft ginn ass, un. A mer hunn awer och nach eege Krittären, déi mer fixéiert hunn, déi am Kader vun deem Remix culture gëlteg sinn.

110-115 Projeten gesäit elo vläicht net no vill aus. Dir hei zu Déifferdeng, d'Aalt Stadhaus huet dräi Projeten eraginn. Dat heescht awer net, dass dat sech just op dräi eenzel Projekte fokusséiert. All eenzele Projet huet jo nach dorënner Aktivatiounen an Evenementer. Wann een elo vun engem Theaterprojet ausgeet, ass dat jo net nëmmen eng Presentatioun, dat kënnen der vill méi sinn. Dat heescht, ech huelen un, dat dote wäert sech herno nach ëm fënnef-, sechsmol multiplizéieren. Soudass e Programm do ass, fir e ganz Joer ze bespillen.

Mir haten, als Indicatioun, plus ou moins 1.000 Dossieren, déi opgemaach gi si bei eis am System zënter Februar d'lescht Joer. Finalement si 600 Projekte finaliséiert gi vun externe Porteur-de-projeten, déi wierklech dann de Projet soumettéiert hunn. Déi 600 Projekte si vun engem Comité de lecture évaluéiert ginn. Dat waren eelef Leit. Déi sinn nach zum Deel aktiv, well se op verschiddene Projeten a verschiddenen Informatiounen nach musse matschaffen. A fir déi Projeten hu mer eng Enveloppe fixéiert vun ëm déi 20 Milliounen Euro, déi mer elo amgang sinn, gerecht ze verdeelen.

D'Gemenge spillen an deem ganzen Esch 2022 eng immens grouss Roll. Natierlech geet et ëm Esch. Mee mir hunn e Programm Esch+. Wat heescht dat? Et ass esou: Zu Esch, wou de Projet leeft oder wou en ufänkt, ass iwwert zéng Méint e permanente Programm, soe mer et emol esou. Wichtig ass, dass niewent Esch all Gemeng an de Spotlight kënnt. Dat heescht all Gemeng wäert während engem Mount, niewent Esch, kommunikationstechnesch ervirgehuewe ginn. Während deem Mount wäerten déi Haaptprojete vun där jeeweileger Gemeng stattfannen. Wat awer elo net wëll heeschen, dass während deenen anere Méint näischt dierf oder soll passéieren an deene Gemengen. Et geet just drëms, dass keen deem anere Konkurrenz mécht, respektiv dass jiddwereen déi Visibilitéit soll kréien, déi e muss kréien, well en Deel vun engem groussen Projet ass.

Dat zweet Evenement ass dat, wat mir als ASBL selwer developpéieren als Programm an als Aktivitéiten. Ënner anerem ass eis Charge déi, dass mer en général kucken, dass eng Kohärenz am Programm ass. Mir këmmen eis ëm d'Ouverture, déi mer Launch nennen, déi den 22.2.2022 ass. A well ech jo gesot hat, et ass net eng Année culturelle, mee et ass ee Projet, deen den 22.2.2022 ufänkt, schwätze mer och am Dezember vu Relaunch. Da gi mer iwwert dat Evenement, wat do kënnt, den Ausbléck op dat, wat sech duerno wäert weider developpéieren.

Et gëtt verschidden Espacen, déi mer bespillen. Den Haaptespace ass den Zentrum vun Esch an um Belval, wou sech verschidde Saachen, verschidden Evenementer, zum Beispill an der Mëllerei, an deene verschiddenen Espacen um Belval, déi ons zur Verfügung stellt ginn, wäerten ofspillen.

Dann e Projet, wou Dir als Gemeng mat dru sidd, e formidable Projet, dee sech duerch d'ganz Region zitt. Dat ass de Minett Trail. Do war all Gemeng sollicitéiert gewiescht, iwwert e Gîte, deen en definéiert huet, matzemaachen. Wat ass eis Aufgab doranner? Deen Trail ass am Fong de roude Fue dem duerch de roude Buedem. Ons Aufgab ass et, dee mat engem Programm ze bespillen, fir maximal Attraktivitéit vun deem Trail iwwert dat ganz Joer duerstellen. An dass et dann och herno

Braun, la mission consiste à « construire l'avenir ensemble ». Il est question d'un projet, et non d'une suite d'événements ayant lieu en 2022. Ce n'est pas seulement l'image d'Esch qui doit être redorée, mais aussi des autres villes du Sud.

Le programme doit permettre de façonner le futur d'une région. Il se développe de deux manières. D'un côté, on a lancé un appel à projets en février de l'année dernière. En tout, quelque 115 projets répondant aux critères fixés vont être retenus. Ces critères reposent sur les recommandations de la Commission européenne et sur le plan national de développement culturel. D'autres critères ont été fixés dans le cadre de Remix Culture.

La Ville de Differdange a introduit trois projets. Mais chaque projet compte plusieurs activités et événements. À titre d'exemple, un projet théâtral se composera de nombreuses représentations. Nancy Braun estime que le nombre de projets sera finalement multiplié par cinq ou six.

Depuis février de l'année dernière, quelque mille dossiers ont été ouverts. Finalement, 600 projets ont été évalués par le comité de lecture. L'enveloppe budgétaire pour la réalisation de ces projets se monte à vingt-millions d'euros.

Les communes sont destinées à jouer un rôle important. Esch ne sera pas la seule ville sous les feux des projecteurs. Chaque mois, une nouvelle ville sera mise en avant à côté d'Esch. Pendant ce mois, les projets principaux auront lieu dans la commune en question. Cela ne signifie pas que celle-ci ne pourra pas tenir d'événements les autres mois. Mais il s'agit d'éviter de mettre les communes en situation de concurrence.

L'ASBL développe elle aussi un programme. Elle veille à ce que ce programme soit cohérent. L'ouverture portera le nom de « Lounge » et la clôture le nom de « relounge » pour signifier qu'il est question d'un projet culturel et non d'une année culturelle.

Les événements auront lieu dans différents espaces. Les principaux se trouvent dans le centre d'Esch et à Belval.

2. Présentation des projets Esch 2022

Nancy Braun passe à un projet formidable: le Minett Trail. Il s'agit d'un fil rouge traversant les Terres rouges. La mission de l'ASBL est de rendre ce sentier le plus attractif possible pendant toute l'année.

La répartition en disciplines pourrait évoluer une fois que tous les projets auront été évalués et que la convention aura été signée. Actuellement, quatre thèmes gravitent autour du thème principal «Remix Culture». Le plus important est «Remix Art».

Le tourisme et la mobilité sont extrêmement importants. La Commission a toujours insisté sur le fait que le tourisme devait jouer un rôle central, car il contribue à revaloriser une ville ou une région. Récemment, on a pu se rendre compte de l'importance du tourisme local une fois que l'on ne peut plus se rendre à l'étranger. En tout cas, le Sud constitue une plateforme vraiment chouette pour y passer quelques jours et y faire des activités.

L'ASBL a décidé de mettre en place une stratégie pour Esch 2022 en ligne avec la stratégie de l'ORT. Esch veut aussi développer une stratégie pour la promotion du tourisme. Elle sera présentée en septembre.

Une stratégie de mobilité est aussi en train d'être développée avec le ministère de la Mobilité englobant la mobilité douce, la multimodalité et la signalétique. Dans le cadre de la capitale européenne de la culture, l'objectif est de créer une ligne directrice. Thierry Cruchten, un des membres de l'ASBL, a d'ailleurs contacté les communes pour connaître les points qu'ils voudraient mettre en avant sur la carte.

Pour ce qui est du tourisme, il faudra mettre l'accent sur la thématique des vacances à la maison en soulignant les centres d'attraction des communes. Le «Minett Trail» jouera un rôle important. L'École nature de Lasauvage a eu l'idée de développer une application de réalité augmentée pour un parcours entre Lasauvage et Differdange. L'idée a plu à l'ASBL, qui a proposé d'en faire une ensemble pour toute la région.

Cela démontre que certains projets introduits dans le cadre de la «ca-

eng touristesch Aktivitéit an Attraktioun ka sinn.

Elo e kuerzen Iwwerbléck no deem Appel à projets, wéi d'Disziplinne verdeelt sinn. Dat ass amgaangen – ech wëll net soen, dass dat amgaangen ass sech ze änneren, mee nodeems mer dann alleguerten d'Projeten evaluéiert hunn an och herno, wa mer d'Konvention ennerschriwwen hunn, gesäit dee Kéis vläicht herno e bëssen anescht aus. Mee dat sinn déi grouss Richtlinnen, wéi de Programm sech de Moment agencéiert.

Et gëtt véier Remix-Theemen, wéi se bespillt ginn. Am meeschten dréit et sech ëm de Remix Art. Ech fannen, trotz allem, e gesonden Equilibre an deem Ganzen.

Tourismus ass en extreem wichtege Punkt, Tourismus a Mobilitéit. Ech muss just schnell hei a meng Dokumentatioun goen, wa mäi Computer elo wëll. Entschëllegt. Natierlech blokéiert elo alles. Net schlëmm.

D'Kommissioun hat eis ëmmer erëm drop higewisen, dass Tourismus eng Roll an esou engem Kulturhaaptstad-Projet soll spillen. Dat heescht, et geet déi eng Säit net nëmmen ëm e kulturelle Programm. Tourismus hëlleft, eng Stad oder Stied an eng Regioun ze revaloriséieren a se no vir ze bréngen, fir se interessant ze maachen. Net nëmme fir d'lokal Leit, och fir den internationalen Tourismus.

Ech mengen, zënter enger gewësser Zäit oder rezent wësse mer jo, wéi wichteg de lokalen Tourismus ass, wa mer eis net méi wierklech iwwert d'Grenze beweegen kënnen. Op alle Fall mengen ech, dass mer hei am Süden eng immens flott Plattform hunn, fir d'Leit ze begeeschteren, fir och hei am Süden Deeg ze verbréngen an Aktivitéiten ze maachen.

Mir hunn d'Decisioun geholl, eng Strategie ze entwéckele fir Esch 2022, déi en ligne ass mat der Strategie déi den ORT Süden amgaang ass auszeschaffen. D'Stad Esch ass och amgaangen, un enger Strategie ze schaffen, fir den Développement touristique ze fërderen. Op alle Fall hu mer eis dorunner ugeleent. Déi Strategie wäert am September virgestallt ginn. Och dem Horesca-

Secteur. Fir hinnen och ze weisen, wat fir e Potenzial esou e Kulturhaaptstad-Projet kann hu fir dee ganze Secteur.

En anere Punkt ass, dat ass eng aner Strategie, déi mer amgaang si mam Mobilitéitsministère ze developpéieren, dat ass d'Mobilitéit. Do geet et ëm Mobilité douce, ëm Multimodalité an et geet ëm Signalétique. Op verschidene Plazen hu mer en, wéi soll ech dat elo soen, e Schëldebësch. Iwwer e Projet wéi Esch 2022 Kulturhaaptstad-Projet probéiere mer, dat op de Leescht ze huelen, fir do eng Linn dranzekréien.

En plus, nieft deem aktuellen, wat et jo gëtt –, hat den Thierry Cruchten bei eis an der Ekip Kontakt mat Iech an de Gemengen, fir ze kucken, wat sinn dann nach Punkten, déi Der gären op der Landkaart hätt, déi mer kéinten am Kader vun Esch 2022 no vir bréngen an déi dann och hir Plaz wäerten hunn.

Wat ass, zum Beispill, am Tourismus ganz wichteg? Mir leenen eis e bëssen dorunner un, wat den Tourismusministère no vir bréngt, dat ass: Vakanz doheem. Mir probéieren, d'Gemengen, mat hiren touristeschen Attraktivitéiten, ze positionéieren. De Minett Trail wäert e ganz grousser Punkt sinn.

Dann – dat ass ganz interessant och fir Déifferdeng – si mer amgaangen, un enger Augmented-Reality-App ze schaffen. Den Ursprung vun där Iddi – oder si fält zesumme mat enger Iddi, déi bei eis entwéckelt ginn ass oder op eemol do war, dat ass d'Naturschoul Lasauvage. Déi haten e Projet eraginn, wou se wollten eng App fir e Parcours zu Lasauvage/Déifferdeng entwéckelen. Mir hunn dat esou flott fonnt, dass mer gesot hunn, kommt, mir maachen dat zesummen. An da maache mer et fir d'Regioun. Mee den Initiateur vun der Iddi war d'Naturschoul Lasauvage.

Wou Der gesitt, dass iwwert déi Eechen an déi Projeten, déi agereecht gi sinn, sech ganz flott Saachen, och fir d'Regioun, entwéckele kënnen. Ech sinn immens frou, dass déi Iddi komm ass, an dass mer kënnen hëllef, dat mat op d'Been ze stellen.

Dat funktionéiert esou, dass mir d'Entwécklung vun där App wäerte finanzéieren. En plus finanzéiere mer fënnf bis sechs oder siwen där Spotten,

2. Présentation des projets Esch 2022

déi sollen an déi App do kommen. Alles, wat doriwwer erausgeet, wäert musse vun der Gemeng gedroe ginn. Mee ech mengen, mat sou ville Punkte si mer schonn net schlecht.

En anere Punkt, dee wichteg gëtt fir d'Regioun, dat ass den Urban Time Travel. Dat ass e Projet, deem um Belval wäert sinn, wou ee mat engem Oculus, engem VR-Brëll, mat engem Bus iwwert de Belval fiert a sech d'Geschicht vun der Industrieentwicklung iwwert dee Brëll ukucke kann.

En anere Punkt, deem ass an der Maach, dat ass de Minett Cycling Tour. Och en immens flotte Projet. Firwat oder wéi ass déi Iddi entstanen? Majo, well mer am Kader vun där Strategie mobilité verschidden interministeriell Aarbechtsgruppen haten, Leit vun de Gemengen, déi do matgeschafft hunn. An do ass d'Iddi komm, niewent deem Minett Trail och kéinten esou eng Minett Cycling Tour ze maachen – fir déi, déi vläicht net grad esou gären trëppelen, mee léiwer mam Vëlo fueren – an iwwert de Vëlo d'Regioun kennenzeléieren.

Aus deenen Zesummenaarbechten ass ze ënnersträichen, dass mer ganz vernetzt schaffen, mat de verschiddene Ministère a mat de Gemengen. Awer net nëmme mat de Service-culturellen. Ech mengen, Är Gemeng gëtt ganz oft op verschiddenen Niveaue sollicitéiert, fir mat an Aarbechtsgruppen ze schaffen. Well et ass eis dru geleeën, dass mer zesummeschaffen an net d'Rad nei erfannen. Well et sinn iwwerall vill Aktiounen, Aktivitéiten, déi stattfannen. Ergo wëlle mer eis do iergendwéi drunhänken a mathëllefen, dat weiderzebréngen.

Da géif ech eriwuer op d'Gestioun kommen. Dat ass och en interessante Punkt. Do geet et ëm eis Ekipp. Et gëtt ëmmer gesot, mir wäeren eng kleng Ekipp an et géif net duergoen. 40+ – et ass net, dass dat d'Moyenne d'âge ass vun eiser Ekipp.

(Gelaachs)

Mee ech géif elo wëlle behaapten, dass iwwer 40 Leit all Dag un dem Projet Esch 2022 schaffen. Mir sinn de Moment zu 19 Leit intern. Do sinn nach verschidde Rekrutementer en

cours. An ee ganz wichtige Punkt: 22+ en externe. Dat sinn all déi Leit an de Services culturels – ech si frou, dass d'Réjane de Moien hei ass. Hatt weess, vu wat ech schwätzen. Hatt an der Gemeng Déifferdeng hei, mam Lynn Bintener. Déi mengen ech ganz vill un deem Projet schaffen.

An esou huet all Gemeng säi Service culturel, deem ech zu eiser externer erweiterter Ekipp zielen. Well iwwert si hu mer ee verlängerten Aarm an d'Gemengen. Si wëssen, wat an de Gemenge passéiert a sinn e ganz gudde Support op deem, wou mir elo intern schaffen.

Dann hu mer verschidden extern Conseillere a Prestataire. Et ass jo esou, dass ee fir esou e Projet, deem à durée déterminée ass, net onbedéngt allegueren déi néideg Ressourcë kann astellen, awer d'Kompetenze brauch. Dat heescht, et muss ee sech ganz vill mat anere Firmen, Sociéiteit a Consultanten ëmginn, fir dass ee weiderkënnt.

Mir hunn e ganz grouse Réseau, d'Gemengen natierlech, dee sech immens flott erweidert duerch de Stammdesch, dee mer eemol de Mount organiséieren, mat de Service-culturellen. Dee Leschten, dee war hei zu Déifferdeng. Et sinn e puer Gesichter heibannen, déi och do deelgeholl haten. Och vun Iech. Dat war ganz flott.

Wéi gesot, mir hunn e ganz grouse Réseau och mam Tourismusministère, mat der Mobilité, Développement durable, Environnement, den LFT, den ORT. Dir gesitt se allegueren do. Dat ass wichteg fir dee Projet d'envergure, dee mer hunn, dass mer gutt vernetzt sinn, fir dass et och gedroe gëtt.

E puer Wuert zu de Finanzen. Dat ass extreem wichteg, géif ech elo emol soen. Hei hutt Der e graffen Iwwerbléck, wéi eis Finanzen opgestallt sinn.

An de Recettë gesäit et esou aus, dass mer 40 Milliounen Euro vum Staat kréien. 10,1 Milliounen Euro, déi vun der Stad Esch an eist Dëppe gehäit ginn. Da musse mer fënnf Milliounen Euro Sponsoring-Gelder fannen. A wa mer gutt geschafft hunn, da kréie mer och déi 1,5 Milliounen Euro vun der Kommissioun. Wou mer dann op eng total Recette vu 56,6 Milliounen Euro kommen.

pitale européenne de la culture» peuvent devenir extrêmement intéressants pour toute la région. L'ASBL financera le développement de l'application, et six ou sept spots. Le reste sera financé par la Ville de Differdange.

L'«Urban Time Travel» est un autre projet important. Grâce à des lunettes de réalité virtuelle, on voyage en bus au-dessus de Belval à travers l'histoire du développement industriel.

Nancy Braun passe au «Minett Cycling Tour». Dans le cadre de la stratégie «mobilité», plusieurs groupes de travail interministériels ont eu l'idée de ce projet pour ceux qui préfèrent rouler à vélo.

L'ASBL collabore étroitement avec les ministères et communes concernés. La Ville de Differdange est, par exemple, très sollicitée pour participer à des groupes de travail. L'ASBL ne veut pas réinventer la roue, mais profiter des actions qui existent déjà.

Nancy Braun passe à la gestion. On répète souvent que l'équipe organisatrice est petite. Malheureusement, 40+ est la moyenne d'âge et non le nombre de membres.

(Rires)

Actuellement, l'équipe est composée de 19 personnes. Plusieurs recrutements sont en cours. Nancy Braun souligne le travail réalisé par Réjane Nennig et Lynn Bintener du service culturel de Differdange. D'une manière générale, les services culturels constituent le bras armé des communes. Ils savent ce qui se passe dans les communes.

L'ASBL travaille aussi avec des conseillers et des prestataires. Pour un projet à durée déterminée, on ne peut pas recruter toutes les ressources nécessaires même si on a besoin des compétences.

L'ASBL organise une table ronde par mois avec les services culturels. La dernière a eu lieu à Differdange. L'ASBL a développé un vaste réseau avec le ministère du Tourisme, la Mobilité, le Développement durable, l'Environnement, le LFT, l'ORT... Après tout, il s'agit d'un projet d'envergure.

Nancy Braun passe aux finances. Parmi les recettes figurent 40 millions d'euros de la part de l'État et 10,1 millions d'euros de la part

2. Présentation des projets Esch 2022

d'Esch. L'ASBL essaie par ailleurs d'obtenir 5 millions d'euros en sponsoring et 1,5 million d'euros de la Commission pour un total de 56,6 millions d'euros.

La majeure partie de cet argent sera investi dans la programmation. Dix-millions d'euros sont destinés au marketing et à la communication, huit-millions d'euros aux salaires et quatre-millions d'euros aux frais généraux.

Pour Nancy Braun, le cofinancement de la part des communes est tout aussi important, que ce soit pour des activités culturelles ou, par exemple, pour la rénovation d'un gîte. Elle se dit convaincue qu'à la fin, le projet de la « capitale européenne de la culture » devrait coûter entre 80 et 90 millions d'euros. Elle rappelle cependant que les communes ne versent pas l'argent dans un pot commun et qu'elles sont responsables de leur financement.

L'ASBL a besoin de cinq-millions d'euros pour son projet. Parallèlement, elle veut nouer des partenariats. Actuellement, elle est en train de mettre en place une plateforme réunissant les secteurs économique et culturel, et créer des partenariats fonctionnant au-delà de 2022.

Nancy Braun passe aux 13 recommandations soumises par la Commission. Elle ne veut pas entrer dans les détails, mais répondra aux questions le cas échéant. En tout cas, ces recommandations concernent des éléments sur lesquels l'ASBL travaille déjà. Il n'y a donc pas matière à s'inquiéter.

Pour ce qui est de la COVID-19, des pistes sont en train d'être développées. L'ASBL est relativement flexible. Elle tient l'évolution de la situation sanitaire à l'œil.

Nancy Braun passe au programme de coaching dans le cadre de la stratégie de sponsoring. Concrètement, l'ASBL va mettre en place des boîtes d'outils pouvant être utilisées par les partenaires. Ces boîtes d'outils conserveront leur utilité après 2022 et serviront à poursuivre le développement des projets.

La Ville de Differdange a participé à l'atelier « Participation citoyenne ». Une boîte d'outils a été développée pour définir quel type

Wéi gi mer déi Suen aus? Dat meescht geet selbstverständlech an de Programm. Duerno kënnt de Marketing, Kommunikatioun, mat zéng Milliounen Euro. Mir brauche Leit, déi derfir schaffen, déi musse bezuelt ginn: aacht Milliounen Euro. A Frais généraux fir véier. Da si mer op 56,6 Milliounen Euro. Dat ass elo mol d'Basis.

Wat awer genau sou wichteg ass, dat sinn d'Finanzementer, déi aus deene verschiddene Gemenge kommen. All déi Kofinanzementer, déi an de Gemenge gemaach ginn. Sief et fir kulturell Projeten, sief et Finanzementer, déi Der elo maacht, fir Äre Gîte ze bauen, ze renovieren, jee alles, wat der soss nach musst en place hunn, fir dass et 2022 ka funktionéieren. Dat ass net onweesentlech. Dat dierf net vergiess ginn.

An ech si ganz gespaant, wa mer Enn 2022 de Kont maachen, bei wéi vill – da wäerte mer sécherlech bei 80, 90 Milliounen Euro sinn, wat dee Kulturhauptstad-Projet kascht huet. Dat ass ganz wichteg ze ennersträichen. Quitte, dass d'Gemeng elo net an e gemeinsame Pott gehäit, mee selwer Eegeresponsabilitéit hëlt iwwer hir eege Finanzen, déi se wëllt an dee Projet setzen. Dat dierf een net vergiessen.

Et war schonn an der Press, op där enger Säit brauche mir fënnf Milliounen Euro, fir onse Projet an onse Budget ze kréien. Op där aner Säit wëlle mer duerch eng Sponsoring-Strategie Porteurs de projets externes, déi 50 % musse matbréngen an de Projet, hëllefen, finanziell Partner ze fannen. Dass déi Partneriater kënne gestréckt ginn. Mer sinn elo amgaangen, eng Plattform en place ze setzen, fir de Wirtschaftssecteur an de Kultursecteur zesummenzebréngen, dass sech do Synergie bilden, dass do Partneriater entstinn, déi net nëmme funktionéiere fir 2022, mee och doriwwer eraus.

Da kommen ech direkt bei den nächsten. Ech mengen, meng Zäit leeft. Hei gesitt Der déi 13 Recommandatiounen. Et war och schonn an der Press vun deenen 13 Recommandatioune rieds, déi d'Kommissioun ons ennerbreit huet. Ech liese se elo net vir, ech ginn och net an den Detail vun deenen einzelen. Wann herno dozou Froe sinn, kann ech ganz gären drop agoen. En

général ass et esou, an dat stëmmt mech ganz positiv, dat, wat d'Kommissioun recommandéiert, dat si lauter Elementer, op deene mer scho schaffen. Vläch war et aus eise Rapport net grad esou asiichteg. Et sinn op alle Fall Elementer, déi ons net wierklech Angscht maachen, dass mer géife soen: O, do hu mer eppes vergiess. Nee, mir sinn op deene Saachen amgaangen ze schaffen.

Ganz prominent ass dee Covid-19, wéi mer domadder ëmginn. Do si mer och amgaang, Pisten ze developpéieren, wéi mer domadder ëmginn. Natierlech wësse mer jo och net, wéi mer 2022 do stinn. Mee mir si relativ flexibel. Mir si jo flexibel Schaffe mëttlerweil gewinnt. Dat heescht, dat hu mer ëmmer virun Aen.

Och ganz wichteg, just ganz kuerz opgezielt: de Coaching Programm. Dat ass am Kader vun där Sponsoring-Strategie, déi mer amgaang sinn en place ze setzen. Ech nennen dat Ganz Capacity Building Program. Wat heescht dat? Et ass esou, dass mer verschidden Toolboxen wäerten en place setzen, déi fir 2022 kënne gebraucht ginn, vun ons, vun de Partner. Mee déi Toolboxen, déi sollen och hir Utilitéit no 2022 hunn. Dass et wierklech Elementer sinn, mat deenen d'Leit kënne weider schaffen. An hir Projeten, an dat, wou se dru schaffen, weider kënnen developpéieren.

Do war och Är Gemeng mat dobäi, bei deem Workshop „Participation citoyenne“. Do si mer och amgaangen. Do ass eng Strategie developpéiert ginn, och eng Toolbox, fir ze kucken, wat fir ee Projet muss ech developpéieren, fir u wat fir eng Populatioun ze kommen.

Ech mengen, et sprécht net ëmmer jiddwereen alles un. Déi do Iddi ass komm, well d'Gemenge sech developpéieren. Et kommen ëmmer nei Leit an d'Gemengen. Mee et sinn ëmmer nëmme déi nammlecht, déi hëllef schaffen. An et sinn ëmmer nëmme déi nammlecht, déi beim Comptoir herno stinn, e Béier ze drénken. Mer wëllen déi Projeten, déi Aktivitéiten an déi Aktiounen esou no wéi méiglech un de Bierger bréngen. Ech mengen, dat spillt jo och jiddwengem an d'Kaart.

Nach e wichtige Punkt, do war och Är Gemeng mat am Boot, fir dorunner ze

2. Präsentation des projets Esch 2022

schaffen, d'Charte ökologique, déi mer developpéieren, zesumme mam Ëmweltministère. Wa mer déi Charte uerdentlech hiekréien, wou de Süde fierderféierend wär, wär dat och eppes, wat herno kéint op nationalem Plang agesat ginn.

Statistiken, Sondagen – do probéiere mer och eng Boîte à outils ze developpéieren, zum engen, fir mol uerdentlech Statistiken, Sondagen ze erstellen. Awer och fir ze kucken: Wat fir een Impakt hunn alleguerter meng Aktivitéiten? Oft gëtt gesot, dat kascht jo just nëmme Geld, mee wat bréngt et. Dass mer probéieren, Outilen unzibidden, fir dass een och emol kann en Impakt berechnen.

Dann hu mer nach en Tourismusnetzwerk. Dat ass och eng Iddi, déi do ass, dat ass awer nach net ganz developpéiert. Mee do wäerte mer awer bestëmmt zu engem spéideren Zäitpunkt drop zrëckkommen. Well dat ass d'Verbannung, soen ech emol, vun all deenen Elementer, déi am Tourismus wichteg sinn, fir déi zesummenzebréngen. Et soll net eng Konkurrenz sinn zu engem ORT. Et soll en Outil sinn, fir dass all déi Acteuren am Tourismus ëmmer erëm gebriecht sinn, wat Esch 2022 lass ass, wat leeft, wat et Neies gëtt, wat geännert huet. Deen Outil ass amgaang developpéiert ze ginn.

Next steps: d'Finalisatioun vum Appel à projets, Konventiounen ënnerschreien, d'Presentatioun vun de Projeten, wou all Porteur de projet sollicitéiert gëtt, de Projet selwer ze presentéieren. Wou mer de Kader wäerte setzen, eis Kommunikatiounsstrategie, Campagnë lancéieren, eise Programm weider developpéieren, weider um Capacity-Building Programm, vun deem ech Iech vir-drin erzielt hunn, schaffen, Sondagen, Statistike maachen.

Eng Neierung an deem Ganzen, ech hunn nach guer net dovunner geschwat: Kaunas ass eis Partnerstad. An et ka sinn, dass Novi Sad a Serbien – déi sollen 2021 hir Kulturhauptstad lancéieren, et kann awer elo sinn, dass déi op 2022 verréckelt gëtt wéinst där ganzer Covid-Situatioun.

Dir gesitt, déi nächst Aktiounen, Aktivitéiten, déi elo deemnächst ustinn. Ech loossen Iech déi Presentatioun ganz

gären hei, da kënnt Der Iech déi am Detail ukucken. Fir de Rescht mengen ech, wär ech elo derduerch. Ech hoffen, et war elo net ze laang. Et war net detailléiert. Ech sinn awer ganz frou, op Är Froen Äntwerten ze fannen. Op alle Fall villmools merci fir d'Nolauschteren. Ech si ganz Ouer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Braun, fir déi Informatiounen. Den Här Ulveling huet sech d'Wuert scho gefrot.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll Merci soe fir d'Presentatioun. Mir gesinn elo all e bëssen – bon, ech weess jo schon e bësse méi, mee jiddwereen ass elo e bëssen am Bild, wat gespillt gëtt. Ech wëlt nach eng Kéier mat Nodrock awer soen, dass mer wierklech drop waarden, dass mer endlech déi Konventioun kréien. Dass mer endlech wëssen, wéi vill Projete mer genau hunn. Mir müssen dat jo plangen a mir müssen dat an eis Budgete setzen. Et ass net méi laang, maximal annerhallet Joer. Mir müssen eis och mat den Acteuren zesummesetzen, müssen déi coachen. Et ass nach vill Aarbecht ze maachen. Dofir wäere mer frou, wa mer esou schnell wéi méiglech all déi Projeten zougestallt kréichen, déi Dir zrëckbehalen hutt.

An ech wëll dobäi soen, dass wann eventuell aner Projeten do wieren, déi Iech net gefall hunn, mee déi eis awer géife gefalen, dass mer déi vläicht géifen dobäihuelen. An, vu dass mer eis Enveloppe müssen awer elo iergendwann eng Kéier ficeléieren, wäere mer frou, wa mer sou schnell wéi méiglech all déi Informatiounen kréichen. Dat, just eng kleng Suggestioun. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Gëtt et Froen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et war alles sonnekloer.

de projet correspond à une population donnée. La population d'une ville évolue en permanence. Les projets, les actions et les activités doivent être réalisés au plus près de la population.

La Ville de Differdange est aussi en train de développer une charte écologique avec le ministère de l'Environnement. Le Sud deviendrait pionnier en la matière et la charte pourrait ensuite être utilisée au niveau national.

L'ASBL veut aussi développer une boîte à outils pour les statistiques et les sondages. Il s'agit d'évaluer l'efficacité d'un projet — par exemple en relation avec ce qu'il a coûté.

L'idée d'un réseau touristique n'est pas encore développée entièrement. Il s'agit de réunir tous les éléments qui sont importants en matière de tourisme. Nancy Braun précise cependant que ce ne sera pas un concurrent de l'ORT, mais un outil permettant aux acteurs du tourisme de savoir ce qui se passe à Esch 2022.

Parmi les étapes suivantes figurent la finalisation des appels à projets, la signature des conventions, la présentation des projets, la stratégie de communication, le lancement des campagnes, le développement du programme...

La ville partenaire d'Esch 2022 est Kaunas. Par ailleurs, Novi Sad, en Serbie, devait être capitale européenne 2021, mais il se pourrait que la date soit repoussée à 2022 à cause de la COVID-19.

Nancy Braun propose de laisser sa présentation aux conseillers communaux pour qu'ils puissent la consulter en détail. S'ils le souhaitent, ils peuvent aussi lui poser des questions.

TOM ULVELING (CSV) constate que désormais, tout le monde est plus ou moins au courant de ce qui est prévu. Il est impatient de recevoir les conventions pour savoir de combien de projets Differdange dispose. La Ville doit prévoir des fonds. Il reste du pain sur la planche. Elle doit rapidement connaître les projets retenus.

Tom Ulveling ajoute que la Ville de Differdange se réserve le droit d'ajouter des projets n'ayant pas été retenus par l'ASBL. Elle doit

2. Présentation des projets Esch 2022

préparer une enveloppe budgétaire et a besoin des informations le plus vite possible.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
demande s'il y a des questions.

TOM ULVELING(CSV) *réplique que tout était clair comme de l'eau de roche.*
(Rires)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
rappelle qu'une collaboration est également prévue avec la Communauté de communes du Pays Haut Val d'Alzette. Le Territoire naturel transfrontalier ne participera pas parce qu'il n'a pas pu respecter les délais. Mais Frenz Schwachtgen est d'avis que Hussigny, Godbrange, Saulnes et Herserange devraient pouvoir prendre part aux projets si elles le souhaitent. Après tout, ces communes font partie de la vallée de la Crosnière comme Lasauvage.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022) *répond qu'elle n'a pas mentionné le CCPHVA tout comme elle n'a pas parlé de Kaunas.*

Les huit communes de la Communauté sont fortement impliquées dans le projet. L'ASBL tient à travailler de manière transfrontalière. Si la Ville de Differdange collabore avec d'autres communes, Nancy Braun ne voit pas d'inconvénient à discuter d'une éventuelle collaboration transfrontalière.

ERNY MULLER (LSAP) *constate tout comme monsieur Ulveling que la Ville de Differdange a du pain sur la planche. Pour une organisation professionnelle, il faut s'y prendre à temps. La commune doit savoir dans quelle direction aller.*

Erny Muller soutient les initiatives transfrontalières. Mais s'il a bien compris, c'est à la Ville de Differdange de s'activer. Elle doit intégrer les communes transfrontalières aux projets, qui seraient ensuite soutenus par Esch 2022. Car pour le moment, Esch s'est surtout activée de son côté de la frontière, jusqu'à Metz. Differdange peut aller dans l'autre direction, c'est-à-dire du côté de Longwy.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et ass alles kloer. Okay.

(Gelaachs)

Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wéilt betounen, ech hu gesinn den CCPHVA ass derbäi, Communauté de communes du Pays Haut Val d'Alzette. Mir hunn och ganz gutt Relatiounen mat eisen Nopeschgemengen iwwert dee sougenannten Territoire naturel transfrontalier. Deen ass net derbäi, well d'Delaïen deemools nach net esou waren. Awer ech mengen, mer sinn eis all eens, dass mer och wëlle grenziwwerschreidend an den Transfrontalier goen, wa sech déi Geleeënheet bitt.

Dass déi Gemengen – dat sinn der véier de Moment, Hussigny, Godbrange, Saulnes an Herserange –, déi bereet sinn, do materanzeklammern. Zemoools well mer mat Lasauvage am selwechten Dall leie vun der Crosnière. Ech géif déi Suggestioun maachen, dat och mat an de Pak ze huelen, wa mer kéinten eppes organiséieren, mat der Gemeng Déifferdeng zesummen, dass mer doriwwer ganz frou wieren.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Souwéi ech net op Kaunas agaange sinn, hunn ech och kee Wuert verluer iwwer CCPHVA. Et ass sécher esou, dass déi aacht Gemengen aus där Communautéit ganz staark implizéiert sinn. Wann een elo kuckt, proportional vun de Projeten, déi erakomm sinn an déi och zrëckbehale gi sinn, proportional leie mer d'nämmlecht. Also och ganz, ganz aerdeg. D'Grenz hält jo net do op. Mir wëlle jo grenziwwerschreidend schaffen. A wann do Gemengen oder Dierfer wäeren, wou Dir mat deene schafft a mir setzen dat herno an d'Kommunikatioun, ass et natierlech guer kee Problem, fir och iwwert déi Stied oder déi Dierfer oder déi Gemengen ze schwätzen. Dofir ass jo déi grenziwwerschreidend Kollaboratioun do. Jo, natierlech.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Wéi den Här Ulveling sot, et besteet dréngend Handlungsbedarf fir eis Gemeng. Well et muss ee jo Virlaf hunn, fir eng korrekt a professionnell Organisatioun ze maachen. An et wär awer elo un der Zäit, dass mer wierklech géife gesinn, wou et higeet. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet Saach ass déi grenziwwerschreidend Initiativ, wou mer jo och ganz derfir sinn. Ech mengen, dass mer do, wéi ech déi ganz Saach verstanen hunn, musse selwer als Gemeng aktiv ginn. Dat heescht, déi Gemeng mat an e Projet eranhuele vun der Gemeng Déifferdeng. Deen dann ennerstëtzt géif gi vun Esch 2022. Sou hunn ech dat emol verstanen. Ech mengen, dass mer op dee Wee sollte goen. Well jo op der Escher Säit fir Esch 2022 éischer déi Regiounen ëm d'Grenz vun Esch, Réideng, deen Deel, bis Metz mat dran ass. A mir gi méi deen aneren Deel bis Lonkech.

Dat wär ganz interessant fir den Tourismus, fir d'Kultur an d'Zesummeliwien tëscht de Bierger. Et geet jo och drëm, fir d'Grenzregioun ze weisen. Déi gehéiert derzou. Mir sinn eng grouss Regioun.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Ech mengen, lo wär et wichteg, dass mer eis géife kuerzschléissen an am Detail kucken, wat dat beinhalt. Natierlech, et geet ëm d'Populatioun, et geet ëm d'Leit an ëm eng gutt Noperschaft. Dat ass extreem wichteg.

Mir wësse ganz genoe, dass déi Konventiounen elo mussen erausgoen. Ech wëll Iech awer och soen, d'Evaluatioun vun deene 606 Projeten, dat sinn der ganz vill, dat huet immens vill Zäit geholl. Mir hu mussen d'Krittären evaluieren, an d'Qualitéit vun de Projeten, dat ass vu bis gaangen. Well et waren och Projeten, dat ware just

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

nëmmen Iddien. Wou mer du mat de Leit a mat de Porteur gekuckt hunn an diskutéiert hunn an an an an – wat alles extreem Zäit hëlt.

Hannendru leeft dann eng ganz Prozedur, eng administrativ Prozedur. En plus, mir verdeele Staatsgelder, mir verdeelen eis Steiergelder, a mat deene musse mer jo och responsabel ëmgoen. Vläch, wann et meng eege wäeren, wär vläch alles e bësse méi schnell gaangen. Mee mir hunn eis déi Prozedur ginn, déi mer eis ginn hunn an déi och validéiert gouf vun onsem Verwaltungsrat. Mee natierlech wësse mer, dass Urgence do ass.

D'Erfahrung vun 2007: Am Dezember 2006 ware Konventionen ënnerschriwwen ginn, fir Projete, déi am Abrëll stattfonnt hunn, mat Finanzéierungen. Dat heescht, ech weess et ass eng Urgence do. Mee heiansdo, wéi soll ech soen – ech wëll net soen, dass et heiansdo Stierm am Waasserglas sinn, mee wa mer wëssen, wou mer wëllen hikommen an eis Prozeduren anhalen, da komme mer och zu eisen Objektiv. An dann erreeche mer eis Ziler.

Wéi gesot, dat ass e Prozess, deen elo duerchleift. Mir hu jo d'Evaluatiounen, d'Rekategorisatiounen, sinn och amgaangen, un de Budgete mat de Porteur ze diskutieren, wéi déi elo opgestallt sinn. Et si verschidde Porteur de projete, déi gesinn, dass se sech vläch verschat haten, an elo mierken, dass se musse Minimum 50 % contribuieren. An da kucke mer de Projet nach eng Kéier, well et dann awer vläch ze deier gött. Mee ech weess, bei de Gemenge besteet absolutt Urgence, fir d'Budgete fixéiert ze kréien. Well Dir hutt jo net nëmmen un Esch 2022 ze denken, mee och un all déi aner grouss Projete, déi Der amgaang sidd ze gerieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Braun, ech soen Iech Merci. Ech kann Iech nëmmen ënnerstëtzen. Ech denken, alles, wat elo dëst Joer der-tëschtent komm ass, dat konnt vu kengem virausgesi ginn. An als Kënschtlerin soen ech jo ëmmer: Flexibilität ass dat, wat eis rett, an alle Situatiounen.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Mir sinn et.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

... op der Bün wéi hannendrun. A mir sinn et, jo.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Op alle Fall villmools merci fir d'No-lauschteren. A wéi gesot, ech wär frou, wa mer eis erëm eng Kéier géife begéien an dëser Ronn. Wou een dann iwwert dat eent oder dat anert ka méi am Detail schwätzen. Op alle Fall freeën ech mech, mat Iech als Gemeng weiderzeschaffen. Op eng flott weider Zesummenaarbecht. An dann nach eng schéi Vakanz géif ech da wënschen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci gläichfalls.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022):

Merci.

(Applaus)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann iwwerhuelen ech d'Wuert elo. Ech soen der Madamm Braun nach eng Kéier Merci fir déi Virstellung. A mir géifen dann zum Punkt 3a kommen. Wou ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn, well et geet ëm dat neit Stadhaus an den Ausbau vun deem alen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären ...

Ces initiatives sont intéressantes pour la culture et le tourisme, car il s'agit aussi de montrer que les communes voisines font partie d'une grande région.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022) répond que le projet porte sur la population, les gens et le bon voisinage.

L'évaluation des 606 projets a pris beaucoup de temps. Il a fallu tenir compte de nombreux critères. La qualité des projets était variable. Certains projets n'étaient en fait que des idées. En discuter a coûté énormément de temps.

La procédure administrative se déroule parallèlement.

En plus, Esch 2022 est financé par le contribuable. Il faut donc se montrer responsable. Les choses auraient peut-être avancé plus rapidement si Nancy Braun avait agi avec son propre argent. Mais dans ce cas-ci, l'ASBL se tient à des procédures.

Nancy Braun se souvient qu'en décembre 2006, des conventions ont été signées pour des projets prévus en avril 2007. Elle ne veut pas parler de tempête dans un verre d'eau, mais elle sait que si l'on suit les procédures, les objectifs seront atteints.

Nancy Braun répète que les projets sont en train d'être évalués. Certains porteurs de projets ont par exemple constaté que leurs projets coûtaient trop cher. Cependant, elle est consciente du fait que les communes doivent fixer leurs budgets.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ajoute que tout ce qui est arrivé cette année était imprévisible. En tant qu'artiste, elle sait que la flexibilité est essentielle sur scène et dans les coulisses.

NANCY BRAUN (DIRECTRICE GÉNÉRALE DU PROJET ESCH 2022) répond qu'Esch 2022 est flexible. Elle remercie le conseil communal et se réjouit de la collaboration avec la commune. Elle souhaite de bonnes vacances aux conseillers communaux.

(Applaudissements)

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie madame Braun pour la présentation.

Elle cède la parole à monsieur Ulveling pour le point concernant l'agrandissement de l'hôtel de ville. Elle lui demande d'ôter son masque.

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'il va être question de deux projets importants et nécessaires. Il caractérise la séance d'aujourd'hui d'historique, car pour la première fois, il s'agira d'approuver des projets pour plus de cent-millions d'euros dans une seule séance.*

Le financement devra se faire partiellement à travers des emprunts, et ce, d'autant plus que les revenus en provenance de l'État vont baisser.

La commission des finances a remarqué qu'il manque un plan de financement. Mais le collègue échevinal ne sait pas encore à combien se monteront les subsides et la dotation de l'État l'année prochaine. Mais les deux projets sont absolument nécessaires pour offrir de bonnes conditions de travail aux collaborateurs et un service efficace aux citoyens.

Le collègue échevinal ne connaît pas le montant des subsides parce que le règlement national est en train d'être revu. Mais ce montant sera plus élevé et il sera versé rétroactivement au 1^{er} janvier 2020. Une fois que le projet aura été approuvé, la commune devra faire remplir une demande de subside et attendre.

Le projet d'extension de l'hôtel de ville est ambitieux. Dans un premier temps, il était question de construire un étage supplémentaire, mais cela serait revenu trop cher au mètre carré. Le nouveau projet répond aux besoins des services communaux. Le personnel est en augmentation constante. Ce projet permettra de recentraliser tous les services à deux exceptions près.

Le projet a été élaboré ensemble avec le personnel même si tous les souhaits ne pourront pas être réalisés pour des raisons de coûts. Il a été présenté aux commissions concernées. Les partis politiques ont reçu les plans il y a un mois.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Géifs du deng Mask ausdoen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

A pardon, et ass Déformation professionnelle. Mir hunn haut zwee grouss Projete virleien, iwwert déi mer ofstëmmen, déi scho laang iwwerfällig sinn. Dëst ass eng historesch Sëtzung. Well nach ni an der Vergaangenheet sinn an enger Sëtzung iwwer 100 Milliounen Euro verplangt ginn.

Dir kënnt Iech denken, dass dat deelweis iwwer Emprunte muss geschéien. Mer kënnen dat net einfach esou schëlleren. Wëssend, dass mer vill manner Sue wäerte kréien an Zukunft vum Staat wéinst dem Covid-19. D'Remark vum der Finanzkommissioun ass berechtigt. Et läit nach kee Finanzplang vir. Dat, well mer net wëssen, wat mer vu Subsiden – an dorop kommen ech duerno nach zrëck – vum Staat kréien, an och wéi d'Dotatioun vum Staat d'nächst Joer wäert ausgesinn.

Et ass awer ganz kloer, dass dës zwee Projeten absolut noutwendeg sinn. Dat ka keen hei ofstreiden. Mir wëllen eise Mataarbechter an Zukunft besser Aarbechtsbedéngunge schafen. Dorëms geet et. An eise Bierger eng Ulafstell zur Verfügung stellen, déi performant soll sinn an déi kuerz Weeër erméigleche soll. De Bierger brauch dann net méi duerch d'ganz Gemeng ze pilgeren, fir d'Servicer an Usproch ze huelen.

Ech wëll gläich zu Ufank erklären, firwat mer bis elo keng Subside konnten asetzen. Op Nofro krute mer vum der Inneministesch erkläert, dass d'Subsidereglement vum Staat géif iwwerschafft ginn. Et ass eis gesot ginn, et gëtt eropgesat. An et ass eis och gesot ginn, datt et retroaktiv vum 1.1.2020 wäert kënnen an Usproch geholl ginn. De Projet muss fir d'éischt am Gemengetrot ugeholl ginn. Wann e gestëmmt ass, musse mer d'Approbatoun ofwaardern, duerno kënnen mer eng Demande de subside eraschécken. Mir kréien d'Approbatoun dann am normalen Delai, an de Subsid kënnt méi spët no. Dofir kann ech elo keng Ausso maachen, wéi vill Subside mer kréien.

Wat d'Extensioun vum der Gemeng ugeet, sou ass dat e ganz éiergäizege Projet. An enger éischter Phas wollte mer just e Stack drop bauen. Dee Projet hu mer fale gelooss. De Meterkaree-Präis war praktesch net ze bezuelen. Dofir si mer op dësen neie Projet gaangen, deen de Besoin vum eise Servicer Rechnung dréit. Dir wësst, eis Gemeng gëtt méi grouss, et schaffen ëmmer méi Leit op der Gemeng. Am Moment hu mer e ganze Koup Büroen ausgelagert. De But vum dësem Projet ass, dass alles op enger Plaz soll zentraliséiert ginn, mat zwou Ausnamen. Am zweete Projet wäert ech Iech dat soen.

Mir hunn dëse Projet zesumme mat eise Mataarbechter opgestallt. Wat eis gelongen ass. Och wa mer vläicht net alles, aus Käschtegrënn, realiséiere konnten oder plangen, wat vum hinne gefrot gi war. Mee ech géif awer soen, dass 85 % vum deem, wat si gäre gehat hätten, an dësem Plang erëmzefannen ass.

D'Projete sinn de Kommissioun virgestallt ginn. D'Parteien haten d'Pläng schonns ee Mount am Viraus kritt, fir doriwwer kënnen ze befannen.

Dat neit Gebai wäert 2026 kënnen a Betrib geholl ginn. E grouse Merci un d'Taskforce, déi sech mat der Planung ofginn huet, dem Elke Peterhänsel, der Architektin, der Madamm Kaell an dem Büro Goblet Lavandier, déi fir all eis Froen ëmmer en oppent Ouer haten.

Ech wëll net verstoppen, dass et deier Projete sinn. Ech wäert versichen, nach no Aspuepotenzial ze sichen an den nächste Méint. Mir wäerten e Büro en sous-traitance mam Architekt hunn, dee sech ënner anerem ëm den Timing, d'Finanzen, d'Logistik këmmert. Wa gebaut gëtt, brauch et e ganze Koup u Servicer. Déi eng ginn ausgelagert, déi aner mussen hei an do plënnere. Dat sinn alles Saachen, déi net esou einfach kënnen gemaach ginn.

Wann et fäerdeg ass, wäerte mer 140 % méi u Bürofläch hunn. Aktuell hu mer 2.915 m². Mat dësem Bau wäerten eng 4.365 m² dobäikommen. Ech weisen Iech e puer Biller, wéi dat fréier ausgesinn huet. Dat do ass dat, wat mer kennen. Dat sinn historesch Opnamen, vum deemools, wéi de Sitzungssall ausgesinn huet. Dat do ass eist haitegt

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Gebai, wéi et elo ass. Déi Trap ass remarkabel.

Dat do ass eng Vue vun uewe vun dësem Gebai, wéi et soll ausgesinn, wann et ugebaut ass. Do gesitt Der et vun hannen. Hannendru wäert e kleng Park, awer e Minipark, entstoen, wou eis Mataarbechter sech kënnen an der Mëttesstonn emol ophalen, e Bréitche iessen oder zesumme mol e bësse schwätzen. An Dir gesitt, eng Photovoltaikanlag ass scho virgesinn op eise begrängten Diech.

Zu den Aussenanlagen. Do sinn elo geplangt 3.000 m². Déi ganz Plaz virun der Gemeng gëtt nei gestalt. Nei Daachfläche vu 690 m², zwee Bannenhäff. De Rescht vum Hang, deem ech Iech virdu gewisen hunn, hannert dem Stadhaus, gëtt nei konzipéiert. 22 Beem si virgesinn an dësem Areal. Zwou Handicapéierteparkplazen niewent der Entrée vun der Maison sociale – do kommen ech nach drop zrëck –, zwou an der Avenue Charlotte. Op d'Virplaz vun der Gemeng komme 16 Beem. Dat gëtt alles convivial amenagéiert, datt d'Leit sech kënnen dohinnersetzen, dass och Leit à mobilité réduite e liichten Accès hunn.

Et wäerte Vëlosstatiounen dohinnerkommen, eng Luedstatioun fir Elektro- vëlosbatterien an en elektresche Raider. Déi zwee Bannenhäff, déi Der elo nach net gesitt, mee déi ech Iech duerno weisen, dat ass geduecht, dass Luucht an d'Gebai kënnt. Déi sinn awer net zougängelech fir eis Mataarbechter, déi si just zougängelech fir eis Gärtner, déi dat an d'Rei setzen. An den Hiwwel hannert dem Gebai solle sechs Beem hikommen an e ganze Koup Planzen a Stauden. Zwou kleng hëlzen Terrassen, déi mat engem Wee verbonne sinn, wou eis Leit sech an der Mëttespaus ophale kënnen. Iwwerall hu mer begrängten Diech. Do kënnt eng extensiv an eng intensiv Begrëngung hin. An Dir hutt d'Photovoltaikanlag gesinn, déi mer wëllen opriichten.

Zum Gebai selwer. Dir gesitt hei déi nei Entrée vun eisem Stadhaus. Déi aktuell Entrée wäert duerno d'Sortie ginn. Soudass mer, ouni ze wëssen, covid-gerecht geplangt hunn.

Mir hunn et fäerdegbruecht, zwee – oder dräi – Gebaier ze fusionéieren.

Dat aalt oder haitegt Stadhaus mam Neibau. An hannendrun déi Maison sociale, déi an deem ganze Building integréiert ass. All déi Entitéiten, dat ass wichteg, kënnen autonom fonctionéieren.

Déi Gesamtfläch wäert verbraucht ginn, fir dat doten ze bauen. Den aktuelle Parking plus déi zwee Haiser, déi do dru grenzen, bis bei d'Maison Henkes, déi Haiser ginn ofgerappt. An do kënnt dann deem Neibau hin.

Eng vun de Prämissen war déi hënnescht Stützmauer beim Parking, dass déi onbedéngt sollt erhale bleiwen. Well wann déi géif ewechgerappt ginn, da kréiche mer éischters Problemer mam Hank, dee géif riskéieren anzefalen, zweetens géif et Méikäschtchen gi vu mindestens enger hallwer Millioun Euro. Dofir muss déi Stützmauer stoebleiwen.

Dat jëtzezt Stadhaus gëtt matagebonnen. Et ass kloer, no all deene Joren, déi dat Gebai um Bockel huet, muss eng Mise en conformité gemaach ginn. Mee dat bleift awer de Kär vun deem ganze Gebai. Mir hu gekuckt, de Maximum erauszeschloen aus deem ale Gebai. An ech géif Iech dat elo wëllen am Detail erklären.

Hei gesitt der d'Entrée vum Neibau. Wann een do erakënnt, kënnt een an e groussen Accueil, wou d'Leit an déi verschidde Servicer dirigéiert ginn. An Zukunft wäert et net méi méiglech sinn, egal wéi duerch d'Haus ze pilgeren, well alles kompartimentéiert gëtt. Um Rez-de-chaussée befënnt sech den État civil, zur Avenue Charlotte zou, mat véier Büroen an enger klenger privater Salle d'attente. De Biergerzenter, ronderëm den Atrium – an der Mëtt gesitt Der deem Atrium, e flotte Patio, dee ronderëm déi eelef Guichete vum Biergeramt ugeluecht ass, wouduerch e bësse Liicht erakënnt. Soudass dat eng ganz agreabel Atmosphär gëtt, fir do ze schaffen.

Vun do aus geet een iwwer eng Trap an dat jëtzezt Stadhaus. Niewent der Trap ass en X gemoolt, dat ass e kleng Lift, wou d'Leit à mobilité réduite kënnen eropkommen. Da kommt Der an dat aalt Stadhaus. Hei sinn dräi Büroe fir de Schoulservice, fënnf fir d'Structure-d'accueil respektiv d'Maison-relaisen. Et si véier kleng Guichete virgesinn – an

Le nouveau bâtiment ouvrira en 2026. Tom Ulveling remercie les services communaux et les bureaux d'architectes.

Un bureau d'experts s'occupera du calendrier, des finances et de la logistique. Certains services devront déménager momentanément. Ce n'est pas évident.

Une fois terminé, l'hôtel de ville verra sa surface augmenter de 140 % et 4365 m².

Tom Ulveling montre d'anciennes photos de l'hôtel de ville aux conseillers communaux. Il constate que l'escalier est remarquable. Il passe ensuite à une vue d'en haut, puis de derrière. À l'arrière du nouveau bâtiment se trouvera un petit parc où les collaborateurs pourront par exemple déjeuner. Des panneaux photovoltaïques sont aussi prévus.

Les aménagements extérieurs ont une surface de 3000 m². Les toits font 690 m². Tom Ulveling mentionne ensuite deux cours intérieures avec 22 arbres, 4 places de stationnement pour personnes handicapées, un parvis avec 16 arbres, des vélos électriques, un raider électronique...

Les cours intérieures serviront à éclairer les bâtiments. Seuls les jardiniers pourront y accéder. Des plantations sont prévues sur la colline derrière le bâtiment.

Les toits seront végétalisés.

L'hôtel de ville disposera d'une nouvelle entrée. L'entrée actuelle deviendra, quant à elle, la sortie.

Tom Ulveling explique que trois bâtiments ont été fusionnés: l'hôtel de ville actuel, son extension et la maison sociale. Ces entités peuvent fonctionner de façon autonome. Elles seront construites sur le parking actuel et le site des deux maisons jouxtant la Maison Henkes.

Le mur de soutènement du parking sera préservé pour que la colline ne s'affaisse pas. En outre, le supprimer coûterait au moins un demi-million d'euros.

L'hôtel de ville est ancien et devra être mis en conformité. Il restera le cœur de tout le bâtiment.

Tom Ulveling propose de passer aux détails.

La nouvelle entrée permet d'accéder à un grand accueil dirigeant les visiteurs vers les différents services.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Il ne sera plus possible de se déplacer librement dans les couloirs.

Le rez-de-chaussée accueillera l'État civil avec quatre bureaux et une salle d'attente. Un chouette patio est entouré des 11 guichets du Biergeramt.

Un escalier et un ascenseur pour les personnes à mobilité réduite mèneront à l'hôtel de ville actuel, où se trouveront trois bureaux pour le service scolaire, cinq bureaux pour les structures d'accueil, quatre guichets et un bureau recueillant les doléances.

Derrière le bâtiment se trouveront 10 à 12 places de stationnement pour le collège échevinal et les voitures de service. Les livraisons pourront être effectuées à travers une porte donnant sur le parking. Les visiteurs devront se garer dans le parking Nelson-Mandela ou le parking du Cactus. Quatre places de stationnement pour les personnes à mobilité réduite seront aménagées devant la maison sociale et dans l'avenue Charlotte.

Le premier étage de l'ancien bâtiment accueillera le secrétariat dans la salle des séances actuelle. Le bureau du bourgmestre sera réaménagé. En face se trouveront les bureaux du service média, du « city manager », du secrétariat et du service scolaire. Une cafétéria est aussi prévue.

Une passerelle mènera du bureau du bourgmestre au nouveau bâtiment où se situeront les bureaux des échevins, une salle d'attente et une salle de réunion. Toutes les salles de réunion pourront être utilisées par le personnel sur réservation.

De là, un escalier mènera à la maison sociale, qui regroupera le service seniors, le service jeunesse, le Jobcenter et l'office social. Un escalier reliera l'office des citoyens à la maison sociale.

L'étage au-dessus accueillera le service jeunesse et les sanitaires. Une passerelle mènera à l'AIS, au service technique, au service du logement et au service du personnel dans l'ancien bâtiment.

Le service écologique et une partie du service technique se trouveront dans le nouveau bâtiment. Cet aménagement doit permettre de

der Mëtt ass esou eng Aart Frontoffice, wou d'Leit an aller Diskretioun hir Doleancë kënnen virdroen. Hei gëtt et och eng kleng Salle d'attente. Hannen zur Garage zou ass e kleng Patio virgesinn, fir och an d'Büroe Luucht ze kréien.

Hannert dem Gebai gëtt e Parking ugeluecht, mat zéng bis zwielef Parkplazen, déi essentiellement fir de Schäfferot an d'Déngschtween vun der Gemeng reservéiert ginn. Et ass eng Dier do, wou ee vum Parkhaus an d'Gebai kënnt, fir Livraisounen ze erméiglechen, wann et emol eng Kéier reent oder esou, dass dat kann doriwwer geschéien. Wéi gesot, d'Parkhaus oder de Garage wäert net fir de Public accessible sinn. De Public muss op de Parking Nelson Mandela goen, respektiv an de Cactus-Parking, en attendant, dass déi natierlech fäerdeg sinn.

Et gëtt véier Plaze fir Personnes à mobilité réduite, zwou an der Avenue Charlotte an zwou bei der Maison sociale, uewen am Metzkimmert bei der Entrée. Dat gesi mer nach duerno. Déi sinn do virgesinn.

Wa mer déi grouss schéi flott Trap am ale Gebai, déi nach muss kompartmentéiert ginn, eropginn, da komme mer op den éischte Stack. Do hu mer e Sitzungssall. De Sitzungssall, dee wäert transforméiert ginn an d'Sekretariat. Et kommen dräi Büroen dohin. De Büro vun der Madamm Buergermeeschter oder dem Buergermeeschter, deemno wien et dann ass, wäert nei gestalt ginn. Vis-à-vis, do, wou elo de Schäfferot seng Büroen huet, wäert de Service Media, de City-Manager, d'Sekretariat an de Backoffice vum Schoulservice hkommen. Et ass eng kleng Cafeteria virgesinn. Leider, iwwer Powerpoint kann ech Iech et net weisen.

Vum Sitzungssall, dem Büro vum Buergermeeschter eriwwer, ass eng Passerelle, do kommt Der an den neien Trakt, wou déi véier Büroe vum Schäfferot wäerten hkommen, eng ganz kleng Salle d'attente, hannendrun, zur Maison Henkes zou, e gréissere Reuniounssall. Dee Reuniounssall soll fir de Schäfferot benotzt ginn. Wéi Der gesitt, am ganze Projet si méi Reuniounssäll virgesinn. Déi sämtlech Reuniounssäll kënnen op Reservatioun vu jiddwerengem benotzt ginn.

Wann een d'Trap eropgeet, kënnt een an d'Maison sociale. Ganz uewen, beim Metzkimmert, Dir gesitt, do ass esou e kleng schwaarze Feil, dat ass d'Haupt-entrée vun der Maison sociale. Hei sinn d'Büroen zesummegegliddert, déi direkt oder indirekt mam Sozialen ze dinn hunn, wéi zum Beispill Jugend, Senioren, Jobcenter. All déi Servicer sinn hei erëmfannen. Dee gréissten ass dee vum Office social. An der Mëtt gesitt Der lénks ee Büro, dat ass de Backoffice vum Biergerzenter. Do ass eng kleng Trap, wou ee vun ënnen aus dem Biergerzenter eropkënnt. Dat ass esou gewënscht vun hinnen. Da maache mir dat esou. Dat ass den éischte Stack.

Um Stack uewendriwwer kommen d'Büroe vum Service Jeunesse. A Sanitäranlage sinn do virgesinn. Iwwer eng Passerelle kënnt een an dat aalt Gebai eriwwer. Do kommen d'Büroe vum AIS, dem Service technique, d'Bauten, dem Urbanismus, dem Service Logement an dem Personalservice, mat an der Mëtt engem kleng Reuniounssall.

Wann een erëm zrëckgeet an et geet een dann no lénks eriwwer, da kënnt een an den Trakt, wou de Service écologique ass. An da kommt Der an de Service Bauten, alles wat Urbanismus, Verkéier an esou weider ugeet. An deem viischten Deel, also wann een iwwert déi Passerelle geet, da kënnt ee fir d'éischt an de Service écologique, dann an de Service Bauten an all déi aner Servicer, Urbanismus, Verkéier an de Baugeneemegungen-Service.

Dat hu mer alles zesummen agencéiert, well dat déi Servicer sinn, déi am meeschte matenee schaffen, fir kuerz Weeër ze hunn. Dass déi Leit, déi ëmmer matenee musse schaffen, et liicht hunn an net mussen duerch d'Gebai rennen, fir een deen aneren ze fannen. Dat hu mer, mengen ech, relativ gutt geléist.

Ech ginn elo net an op déi ganz Sanitärren, all d'Trapen an d'Lifter an. Et sinn dräi verschidde Lifter, Trapen, Anlagen do, fir d'Leit bei engem Noutfall ouni gréisser Problemer ze evakuéieren.

An da komme mer op de leschte Stack. Fir d'éischt gi mer an de jëtzen zweete Stack, wou de Service vun der Recette ass, zwee Säll fir den Tourismus

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

a Festivitéiten. Dir gesitt e gréisseren Openthaltsraum mat enger Kichen, wou d'Leit sech kënnen ophalen an der Mëttesstonn, wou se kënnen zesumme-kommen an eppes iessen.

Iwwer eng Aart Nouttrap kënn een eriwwer an d'neit Gebai, wat dee leschte Stack vun deem ass. Do wäert sech den zukünftigen neie Sëtzungssall befannen, mat engem kleng Sall vir-drun, wou ee ka Receptiounen organisieren. Dann och Sanitäranlagen, eng kleng Kitchenette, wou ee Saache ka preparieren. Am hënneschte Stéck gesitt Der, sinn nach eng 105 m², déi mer nach net verplangt hunn. Déi sinn als Reserv virgesinn, bei Bedarf vu weidere Büroen.

De Sëtzungssall, deen trount iwwert deem Ganzen. Do huet een eng flott Vue iwwer Déifferdeng. Vir gesitt Der eng kleng Terrass, déi wäert flott amenagéiert ginn. Do hutt Der e puer esou Couppe, wéi dat wäert ausgesinn. Dat hutt Der alles an Ärem Dossier.

Et ass och wichteg ze soen, wat am Keller ass. Am Keller wäerte sech eis Archivë befannen, e Lokal fir d'Poubellen, fir Stockage, en neit Lokal fir eist Botzpersonal an dräi techesch Lokaler. Et kënn een duerch e ganz klengen, net héijen Tunnel – en techesch Tunnel souzesoen – an de Keller vun deem neie Gebai, wou fir d'Personal zwou Duschen, zwee Vestiäre virgesinn. Fir Leit, déi an der Mëttesstonn mol wëlle lafe goen oder déi mam Vélo kommen an déi wëllen eng Dusch huelen. Soudass dat vill méi convivial a vill méi flott ass.

Mir hu versicht, alles logesch opzestellen, dass d'Leit, déi matenee schaffen – dat hunn ech scho gesot – kuerz Weeër hunn. D'Büroe wäerte standardiséiert ginn. Ier mer de Programm opgestallt haten, hate mer eise Servicer gesot, si sollen eng Projektioun maachen, wéi si hire Service an zéng Jore gesinn, wéi vill Leit do solle schaffen. En fonction vun deem hu mer d'Unzuel vun de Büroen festgeluecht an och d'Unzuel vun de Leit, déi an deene verschiddene Büroen solle schaffen. D'Büroe gi mat engem einfache flotten Interieur aus Holz an Terrazzobuedem ausgeriicht, mat flotter dezenter LED-Beliichtung. Dat hutt Der alles am Dossier.

Wichteg och: d'Energiekonzept. Sou ass en Triple A, nom neie Gesetz, wat am Januar a Kraaft soll trieden, viséiert. D'Heizung gëtt duerch eng Pelletsheizungsanlage, déi op der Place Nelson Mandela ass, iwwer Fernwärmenetz bedriwwen. De Bau kritt eng Bëtongkärtemperierung. Dat heescht, do lafe Réier an deem Bëtong, déi, jee no Temperatur dobaussen, mat kalem oder waarmem Waasser kënnen gefëllt ginn. Soudass déi entweder killen oder hëtzen.

Och ganz interessant, wéi mer wëssen, kënn eng Quell hanne vum Bierg erof. Déi wëlle mer benotzen, fir dat ganz Gebai ze killen. Déi huet en Débit vun 18 kWh pro 24 Stonnen. Iwwert d'Joer gesinn, géif dat 80 % vun der Killung kënnen bréngen. Zousätzlech ass eng Nachtauskühlung iwwer Frëschloft virgesinn. Direkt virgesinn ass och e System vun enger Kältemaschine anzubauen, déi awer net ugeschloss gëtt, à ce stade.

Déi ass am Fong virgesinn, fir wann déi Quell iergendwann eng Kéier géif versiegen, entweder well se net méi genuch Débit hätt oder well vläicht iergendwou gebaut géif, wouduerch d'Quell misst devéiert ginn an net méi do erauskéim. Soudass mer all d'Reier scho leien hätten, da bräichte mer nëmmen déi Kältemaschine ze kafen an unzeschléissen. Dann hätte mer och eng Killung do. Eis Techniker hunn ausge-rechent, an deem Gebai soll et ni iwwer 32 °C waarm ginn.

An de Büroen ass en automatesche Sonneschutz bausse virgesinn a bannen e Blendeschutz. Ech sinn net spezifesch agaangen op d'Mise en conformité vum ale Stadhaus. Am ale Stadhaus musse verschidde Maueren ewechgeholl ginn, et wäerten nei Büroen kreéiert ginn. Mee haaptsächlech geet et och dorëm, nei Fënsteren, Kompartimentierung, awer och Rolloen op d'Fënsteren ze maachen, fir net méi déi extreem Temperaturen ze kréien, wéi et de Moment de Fall ass.

All Büro am neie Gebai soll pro Dag 30 Meterkibb Frëschloft duerch eng permanent Duerchspillung vum Gebai kréien, fir den CO₂-Gehalt vun der Loft erofzesetzen a méi en agreabelt Schaffklima ze schafen. Déi Loft gëtt benat

rapprocher les services collaborant le plus ensemble.

Tom Ulveling ne souhaite pas revenir sur tous les sanitaires, les escaliers et les ascenseurs.

Il passe au dernier étage de l'ancien bâtiment, qui comprendra le service des recettes, le tourisme et les festivités. Une cuisine permettra de se préparer à manger à midi.

Un escalier de secours mènera au dernier étage du nouveau bâtiment avec la nouvelle salle des séances, une petite salle pour les réceptions, les sanitaires et une kitchenette. Cent-cinq mètres carrés ne seront pas aménagés immédiatement et pourront être transformés en bureaux le cas échéant. La salle des séances offre une belle vue sur Differdange. Tom Ulveling montre ensuite une petite terrasse.

La cave accueillera les archives, un local pour les poubelles et le stockage, un local pour le personnel de nettoyage et trois locaux techniques. Un tunnel mènera dans la cave du nouveau bâtiment comprenant deux douches et deux vestiaires pour les collaborateurs voulant faire du jogging ou du vélo pendant la pause de midi.

L'aménagement a été réalisé de sorte à réduire la distance entre les services collaborant entre eux. Les bureaux seront standardisés. Le collège échevinal a demandé aux services de faire une projection sur dix ans et d'adapter les bureaux en conséquence. Ceux-ci ont un intérieur en bois, un sol en terrazzo et un éclairage DEL.

Le concept énergétique est triple A. Le bâtiment sera chauffé grâce à la chaufferie à pellets de la place Nelson-Mandela. La température sera réglée à travers l'activation du noyau du béton. Le refroidissement se fera grâce à l'eau de la source coulant derrière le bâtiment. Le débit se monte à 18 kWh par jour. Sur une année, cela représente 80 % du refroidissement.

L'aménagement d'une machine de refroidissement est prévu, mais la machine ne sera reliée qu'en cas de besoin — par exemple si un jour le débit de la source se réduisait considérablement ou si la source devait être déviée en cas de projet de construction. Le bâtiment ne de-

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

vrait jamais atteindre plus de 32 °C.

L'ancien hôtel de ville sera mis en conformité. Plusieurs murs seront démolis, de nouveaux bureaux et de nouvelles fenêtres installés... Trente mètres cubes d'air circuleront chaque jour dans les bureaux pour baisser le taux de CO₂. L'air sera humidifié.

L'éclairage DEL des bureaux fonctionnera par détecteurs de mouvements.

Il est prévu de recueillir l'eau de pluie sur le toit du bâtiment actuel. Les autres toits seront végétalisés. Si on essayait d'y collecter l'eau de pluie, elle aurait une couleur brunâtre, ce qui ne serait pas idéal.

Le site accueillera aussi des installations photovoltaïques, des bornes de recharge électriques, un détecteur d'incendie, un système d'alarme, des entrées par badge... Les salles de conférence seront équipées dans les règles de l'art.

Les frais de construction se montent à 21 millions d'euros, la rénovation de l'hôtel de ville actuel à 8,8 millions d'euros et les aménagements extérieurs à 1,3 million d'euros pour un total de 31 215 000 €. Le collège échevinal a prévu une réserve de 5 % si les prix devaient augmenter.

Trois-mille-cinq-cents euros par collaborateur sont prévus pour l'aménagement des bureaux. Les meubles ne seront pas entièrement remplacés.

La nouvelle construction coutera 4812 €/m² et la rénovation 3027 €/m². Les différents étages disposent de place pour des œuvres d'art.

Tom Ulveling passe au calendrier. Les travaux commenceront en février. En mars 2023, le gros œuvre sera fini. En juillet 2024 auront lieu les premiers emménagements. Le chantier s'achèvera au premier quart de 2026.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.

ERNY MULLER (LSAP) prendra position au nom des socialistes.

L'idée d'aménager un étage supplémentaire sur l'hôtel de ville actuel a dû être abandonnée à cause des couts excessifs par mètre carré.

mat Waasser. Dat ass eng adiabatesch Killung.

Bei der Beliichtung an de Büroe si Luuchte mat Presenzmelder virgesinn. Hei kann Energie agespuert ginn. Et sinn LED-Luuchte virgesinn. Et gëtt gekuckt, d'Reewaasser opzefänken. Dat kënne mer awer nëmmen um haitege Gebai maachen, net op deenen aneren Diech, duerch déi intensiv Begréngung. Wa mer dat Waasser géife sammeln, dat hätt eng brong Faarf. Dat wär net grad ganz appetitlech. Dofir hu mer gesot, da loosse mer dat sinn a kollektéieren d'Waasser just um Daach vum haitege Stadhaus.

Et kënnt eng Photovoltaikanlag dohin. Am Parkhaus komme Luedestatioune mat maximal 22 kV, fir Elektroautoen ze lueden. Et kënnt eng Brandmeldeanlage, eng Alarmanlag, souwéi ee ganze Koup Zougäng mat Badgen. D'Konferenzraum gi mat der neister Technik a Medientechnik ausgeriicht.

Alles, wat ech Iech elo gezielt hunn, dat huet natierlech e gewësse Präis. Eleng d'Konstruktioun wäert 21 Milliounen Euro kaschten. D'Mise en conformité an d'Renovatioun vum ale Stadhaus ronn 8,8 Milliounen Euro. D'Aussenanlage ronn 1,3 Milliounen Euro. Am Total 31.215.000 Euro.

Et ass eng Reserv virgesinn an deem ganze Präis vu 5 %. De Fall gesat, d'Präisser géifen an d'Luucht goen oder et géif eppes geschéien, wat net geplangt war, wou mer Zousazkreditter bräichten, hu mer 5 % aktuell am Devis virgesinn. Et sinn Ariichtungskäschte vun 3.500 Euro pro Mataarbechter virgesinn, fir d'Büroen auszestafféieren. Wou ech awer och wëll soen, dass mer net wëllen onbedéngt alles nei kafen. Mee dat, wat mer hunn a wat mer kënnen iergendwou placéieren, wäerte mer natierlech maachen.

Den Neibau kascht 4.812 Euro de Meterkaree, d'Renovatioun 3.027 Euro de Meterkaree. Wann Der déi Pläng ganz genau kuckt – an dorop sinn ech houfreg –, ass op verschiddene Stäck Plaz virgesinn, fir Konscht a Kultur auszustellen. Soudass dat flott wäert miwweléiert ginn.

Wat den Timing ugeet, wäerte mer am Februar kënne lassleeë mat ofrappen a bauen. Am März 2023 soll de Réibau fäerdeg sinn. Am Juli 2024 wäert kënnen erageplënnert ginn. D'Mise en conformité vum jëtzege Stadhaus gëtt ugefaangen. Soudass dat Ganzt am éischte Quartal 2026 wäert komplett fäerdeg an ofgeschloss sinn. Ech soen Iech Merci. Ech hoffen, ech war net ze schnell an Dir hutt e bësse gesinn, wat de But vun deem Gebai ass. An ech hoffen, dass dëst vun Iech positiv gestëmmt gëtt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, Kolleeginnen a Kollegen, am Numm vun der LSAP huelen ech Stellung zu dësem ambitiëse Projet vun der Modernisatioun vum Hôtel de Ville, mat der Extensioun, där neier Annex respektiv der Mise en conformité vun dem besteeënde Gebai.

Nodeems d'Iddi vun engem Ausbau vum aktuelle Stadhaus ëm ee Stack, dee schon am Gemengerot votéiert war, fale gelooss gouf, wéinst ze héije Käschte pro Meterkaree, an – Dir hat et scho gesot, Här Ulveling – d'Haus, dat un den Terrain stéisst, konnt vun der Gemeng kaf ginn, huet de Schäfferot decidéiert, all administrativ Gemeindegewerkschaft op enger Plaz ze zentraliséieren, nämlech där vum aktuellen Hôtel de Ville. D'Pläng heifir si gezechent ginn a leien eis haut vir, nieft dem Käschtepunkt vu ronn 31 Milliounen Euro.

Den Här Ulveling huet eis elo grad dat neit Gebai a Form vun engem L an den Uschloss un dat besteeënde Gebai respektiv déi eenzel Funktiounen erkläert. D'Gesamtbürofläch vun der Gemeindegewerkschaft gëtt vun 2.915 m² op 4.365 m² eropgesat. Dat ass eng Vergréisserung ëm de facto 2,5 – oder 250 %.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Als LSAP hu mir folgend Positioun zu dësem Projet. Éischtens: D'Diskussioun iwwer eng zentraliséiert Gemengeverwaltung op der Plaz vum aktuelle Gemengenhaas ass, nodeem den éischte Projet fale gelooss ginn ass, ni mat de Gemengeréit diskutéiert ginn. Dir wäert elo héieren, dass d'LSAP e bëssen eng aner Meenung huet zu enger Zentraliséierung vun de Servicer.

Zweetens: Mir hätten eis eng Machbarkeetsstudie zwecks optimaler Ubanung vun deene verschiddene Gemengen, Uertschaften un de sougenannte Site unique virgestallt.

Drëttens: Et läit keng städtebaulech Studie an dësem Sënn vir, grad esou wéi keng mobilitéits- oder verkéierstechnesch Studie.

Véiertens: Et huet keen Dialog mat de Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Déifferdeng stattfonnt.

Des Weidere vermësse mir eng Studie betreffend déi eenzel Behördegäng vun eise Biergerinnen a Bierger. Dat heescht eng statistesch Auswärtung, wéi oft d'Visiteuren een oder méi Servicer während engem Openthalt op der Gemeng besicht hunn. Dann d'Problematik vun der Baustellenorganisatioun a Parkméiglechkeeten. Mir sinn absolut net d'accord, dass esou e Mammutprojet ugefaange gött, ier deen neie Parking, deen ënnert der Place Mandela geplangt ass, fäerdeggestallt ass.

Och froe mir eis, ob scho gewosst ass, wou d'Baucontaineren higestallt ginn a wou d'Material fir de Bauprojet gelagert gött. Hei gött sécherlech e groussen Deel vun der aktueller Place Mandela, dat heescht och Parkplazen, geopfert. Wat zu engem reegelrechte Chaos fir d'Visiteuren an dem Personal féiere wäert.

Mir froen eis, wat eng deier Parkgarage an deem neie Projet soll. Hei sinn am Ganzen 13 Parkplazen – hat ech emol gesinn op engem Plang, haut hunn ech gemengt, et wäeren der e puer manner, eng PMR derbäi virgesinn. An, wéi Der gesot hutt, haaptsächlech fir d'Schäffen an aacht fir Véloen. Awer keng méi fir d'Personal an och net fir d'Bierger. Dës Käschten hätten ee sech kënne spueren, andeems och déi politesch Responsabel sech an dat zukünfteg öffentlecht Park-

haus Mandela géintwuer vun der Gemeng géife stellen. Wéi dat zum Beispill zu Esch och de Fall ass.

Wat ass eis an de Pläng nach opgefall? E Büro festivités fir véier Persounen, elo jo bekanntlech am Ale Stadhaus. Mir froen eis, firwat dësen aus dem Ale Stadhaus erauskënnt. E Büro fir e Service tourisme, verstoppt um drëtten Stack, wat u sech e Service ass, dee mir ëmmer an eiser Stad vermësst hunn. Wou den Tourismus keng eegen Identitéit huet. Awer net op dëser Plaz. E Büro fir de City-Manager um éischten Stack vun der Gemeng, deen neie Service Logement, d'AIS an esou weider. Alles Servicer, déi eiser Meenung no an dësem Gebai net dee richtege Wierkungsgrad hunn.

Ech kéim zu de Konklusione vun der LSAP betreffend deem neie Projet Hôtel de Ville. Éischtens: Mir hätten déi nei Maison sociale um Contournement an der Entrée en ville geplangt. Eng Maison sociale mat hire Servicer ka ganz gutt op engem separate Site funktionéieren, wéi aner Gemengen et beweisen. Ech wëll nëmmen d'Beispill Péiteng zitéieren. Mee déi meeschte Gemengen hunn eng Maison sociale, déi separat funktionéiert. Virdeel vun eiser Proposition: Méi zentral an eng besser Ubanung un d'öffentlech Verkéiersmëttel. Mir hätten och kënne op den diskreten Accès beim Hôtel de Ville verzichten.

Zweetens: Service Logement an AIS Kordall. Dës Servicer brauchen eng Visibilitéit bei de Bierger an eiser Meenung no och en Accueil, identesch wéi zum Beispill bei enger privater Agence immobilière. Wa mir dës Servicer wëllen dee Stellewäert ginn, wéi mer et esou oft propagéieren, da gehéiere si sécherlech méi ugebonnen un d'Populatioun. Dat heescht souwuel un déi aktuell wéi un déi zukünfteg Awunner vun der Gemeng Déifferdeng.

Drëttens: De Service festivité. Dës gesi mir weiderhin am Ale Stadhaus.

Véiertens: De Service touristique. D'LSAP gesäit heiranner e richtegen DTO, Differdange Tourist Office. En Espace mat engem Accueil an Dokumentatioun, wouduerch seng Visibilitéit op déi touristesch Sehenswierdekeiten a kulturell Evenementer zu Déif-

Après l'acquisition de la maison jouxtant l'hôtel de ville, le collège échevinal a décidé de centraliser tous les services communaux. Ce sont les plans présentés aujourd'hui aux conseillers communaux pour 31 millions d'euros.

Monsieur Ulveling a fourni les détails concernant le nouveau bâtiment en forme de L. La surface de bureaux passe de 2915 m² à 4365 m², ce qui représente un accroissement de 250 %.

Le LSAP constate que l'idée d'une centralisation de l'administration n'a jamais été discutée avec le conseil communal. Les socialistes voient les choses différemment.

Deuxièmement, ils auraient souhaité une étude de faisabilité relative à un raccordement optimal des localités au site unique.

Troisièmement, il n'existe ni étude urbanistique, ni étude sur la mobilité, ni étude sur la circulation.

Enfin, le dialogue avec les citoyens a été inexistant.

Il n'y a pas non plus d'étude sur le nombre de services fréquentés par les citoyens lorsqu'ils se rendent à l'hôtel de ville.

Erny Muller est par ailleurs contraire à la réalisation d'un projet de cette envergure avant l'ouverture du parking souterrain de la place Nelson-Mandela.

Où le matériel sera-t-il stocké? Sur les places de stationnement de la place Nelson-Mandela?

Le nouveau site comprendra 13 places de stationnement, dont une pour les personnes à mobilité réduite. Les autres sont pour le collège échevinal et les vélos. Les responsables politiques auraient pu réduire les frais en acceptant de se garer sous la place Nelson-Mandela. C'est ce qui se fait à Esch.

Pourquoi le bureau des festivités quittera-t-il l'Aalt Stadhaus? Le bureau du tourisme sera caché au troisième étage. Les bureaux du « city manager », le service du logement et l'AIS n'ont rien à faire non plus dans ce bâtiment.

Les socialistes auraient construit la maison sociale sur le contournement. En effet, elle peut fonctionner de façon autonome. Par ailleurs, le contournement est plus central et mieux desservi. Un accès

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

discret à côté de l'hôtel de ville n'aurait alors plus été nécessaire. Le service du logement et l' AIS Kordall doivent être visibles et donc facilement accessibles à la population.

Pour Erny Muller, le service des festivités doit rester à l'Aalt Stadhaus. Pour les socialistes, le service touristique doit être un véritable « Differdange Tourist Office » avec un accueil et de la documentation. Il devrait se trouver à l'entrée en ville. Le « city manager » doit avoir un bureau dans le centre-ville, près des magasins. Une de ses missions principales consiste à revigorer le centre. Ses locaux doivent être visibles.

Le Jobcenter doit être développé. En période de COVID-19, la situation professionnelle est difficile pour les jeunes. Le Jobcenter devrait se trouver au contournement. Pour les socialistes, d'autres services comme les travaux neufs et l'entretien pourraient très bien être emmenés dans une structure décentralisée — par exemple dans les nouveaux ateliers.

La résidence Nelson-Mandela à proximité de l'hôtel de ville et de Differdange-centre est parfaitement adaptée au service scolaire et des structures d'accueil.

Les socialistes voient les choses différemment quant au fonctionnement des services communaux. Bien entendu, les infrastructures doivent être modernisées, mais selon d'autres critères. Une centralisation aussi massive n'est pas nécessaire. Le collège échevinal aurait dû prendre le temps d'analyser les avantages et inconvénients d'une administration centralisée, car d'autres administrations parcourent le chemin inverse.

Erny Muller a des doutes malgré la beauté du bâtiment présenté. Les socialistes voient les choses différemment. C'est pourquoi ils n'approuveront pas la modernisation de l'hôtel de ville.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) félicite le collège échevinal pour la rapidité avec laquelle il a progressé sur ce projet alors que les autres options n'étaient pas réalisables. Il mentionne le château et l'ancien couvent. La construction d'un

ferdeng an Ëmgeigend hiweist. Och dëse gehéiert sécherlech an d'Entrée en ville.

Fënneftens: De City-Manager. Mir gesinn de Büro vum City-Manager am Zentrum vum eiser Stad, no bei de Geschäfte. Eng vu sengen Haaptaufgaben ass d'Revitaliséierung vum eise Stadkär. Och dës Missioun vum City-Manager muss visibel sinn, a Form vum engem liewege Büro, wou ënner anerem op de Wandel a Projeten higewise gëtt.

Sechstens: Den Jobcenter ass hei vill ze diskret. D'LSAP ass fir en Ausbau vum kommunalen Jobcenter – speziell an der Post-Covid-Situatioun, wou fir dë Jugendlech schwéier Zäite virausgesot ginn, wat d'Aarbechtsplazsituatioun ubelaangt. Den Jobcenter wär dofir gutt um Contournement situéiert, zesumme mam Aarbechtsamt, fir esou deene Jugendlechen och säitens der Gemeng eng besser Berodung an Hëllef kennen unzëbieden.

Da gëtt et op der Gemeng sécherlech nach aner Servicer wéi eis Bureau-d'étuden. Mir denken hei zum Beispill un Travaux neufs an Entretien, déi och an enger dezentraler Struktur kéinten ënnerbruecht ginn. Um Niveau vum deem neie Verwaltungsgebai vum CID hätte mir eis dat kënne virstellen.

Och si mir der Meenung, dass d'Lokalitéit vum der Residence Nelson Mandela direkt géintwärt vum der Gemeng an no bei der Schoul vum Zentrum de Bedierfnisse vum Service scolaire a Structures d'accueil vollkomme gerecht gi wären.

Dir hutt sécherlech eraushéieren, dass d'LSAP eng aner politesch Virstellung huet iwwert d'Fonctionnement vum deene verschiddene Gemengeservicer. Selbstverständlech hätte mir d'Infrastruktur vum de Servicer och moderniséiert, an och an Iwwerleeunge mam Personal an der Gemeindevverwaltung, mee no anere Krittären. Virun allem hätte mer net alles esou massiv op enger Plaz konzentréiert.

Mir bedauern, dass de Schäfferot sech net dë néideg Zäit geholl huet fir eng konkreet Analys betreffend de Pour an de Contre vum enger zentraliséierter Gemeindevverwaltung. Wou dach op

allen Niveauen bei den öffentliche Administrationen versicht gëtt, vun deenen zentrale Strukturen ewechzëkommen. Mat alle Virdeeler, déi dat oft mat sech bréngt.

Dir hutt eraushéieren, dass mer Bedenken hunn, trotz engem schéine Gebai, wat mer elo virgestallt kritt hunn. Mir hu ganz einfach aner Virstellungen iwwert dat Gebai. Duerfir kënne mer, leider, dee Projet vum der Modernisatioun de l'Hôtel de Ville net matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt wëll ech eise Schäfferot felicitéieren fir den Tempo, mat deem dëse Projet virgedriwwen gëtt, nodeems kloer war, dass all aner Méiglechkeeten ausgeschöpft waren. Den Historique ass nach méi laang, wéi den Här Ulveling gesot hat. Et gouf d'Iddi, fir dat am Schloss ze integréieren. Et war d'Iddi, fir am ale Klouschter eng Gemeng opzebauen. All déi Iddie waren duerchgeduecht ginn, hate sech dunn awer als net machbar erausgestallt.

Nodeems beim Projet vum der Extensioun am besteeënde Gebai, mat engem Stack drop, sech erausgestallt huet, dass dat, wéi den Här Ulveling gesot huet, einfach ze deier gi wär, fir dat bëssen, wat mer do gewonnen hätten, si mer immens frou, dass an där kuerzer Zäit e fäerdege Projet um Dësch läit, wéi mer eis Gemeng kéinte moderniséieren.

Et besteet Handlungsbedarf. Eis Gemeng wësst mat den Awunner. D'Servicer gi méi grouss a brauche méi Plaz. Duerfir ass et noutwendeg schnell virunzëkommen. Schnell heescht: Dass wa mer haut driwwer ofstëmmen, dass mer, wéi mer grad héieren hunn, 2025 eréischt komplett operationell sinn. Mee dotëscht kréie mer scho mol deen neie Flillek.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Ech géif e bëssen op d'Architektur wëllen agoen. Dat ass e Punkt, deen eis immens gutt gefält. Dat neit Gebai integréiert sech wierklech absolutt an de Quartier. Hannendrun ass e Wunnquartier. D'Vue erof vum Metz kimmert beweist, dass deen neien Deel, dee mer hei bauen, absolutt net opdrénglech ass, mee sech wierklech ganz harmonesch un dëse Quartier uglicdert.

Beim Bléck op d'Vue vu vir, déi mer elo grad gesinn, gesäit een, dass d'besteeënd Hôtel de Ville nach ëmmer déi dominant Architektur behält a sech deen neie Flillek am Fong wéi e Schal ronderëmleet hannendrun, wat, fir eis jiddefalls, urbanistesches immens gelongen ass. Et weist, dass een dat Aalt mat deem Neie kombinéiere kann, ouni do eng Konkurrenz ze schafen. Déi dräi Stäck plus de Retrait sinn hei gutt dimensionéiert. Wou d'Dominanz vum ale Gebai, oder jëtzege Stadhaus, nach ëmmer flott duergestallt gëtt.

Mir si ganz frou doriwwer, dass de Leitfaden, dee jo virun zwee Joren ausgeschafft gouf, mat alle Servicer vum der Gemeng, dee mer och am Gengerot gestëmmt haten, als Basis déngt fir ëffentlech Bauten, an hei komplett respektéiert gëtt. Souwuel wat d'Architektur, de Choix vu Materialien an d'Konzeptioun vum ganze Gebai ugeet.

D'Opportunitéit krute mer, wéi mer dat zweet Haus direkt niewendru kaf hunn, virun engem gudde Joer. Dat huet eis déi heite Méiglechkeet eréischt ginn, fir un esou e Flillek, esou en Ubau wéi dat heiten ze denken. Dat war also e gudde Choix, dass mer deemools dat Haus kaf hunn.

Zu den Zuelen. Déi si schonn e puer mol hei genannt ginn. Ronn 3.000 m² hu mer haut. 4.365 m² komme bäi. Mir maachen also hei e grouse Sprong no vir. Dat begrësse mer. Dëst weist, dass mer eppes op laang Dauer bauen, wat méi laang hält wéi nëmmen e puer Joren. Well mer plangen hei och Reserven an. Mir gesinn also an dësem Gemeengegebai op jidde Fall genuch Plaz fir déi nächst 20, 30, 40 Jore vir, fir alles ze stemmen, wat eng Stad Déifferdeng brauch.

Op den ekologesche Bau kommen ech herno nach zrëck. Choix vu Materialien, Energieverbrauch am Classe triple

A, dat sinn alles Saachen, déi mer absolutt begrëssen, déi och am Leitfaden vum der Gemeng fest verankert sinn. An déi och hei ëmgesat ginn.

Ganz interessant fanne mer déi Iddi vum den Architekten, dass dës Plaz als Verlängerung ugesi gëtt vum der Place Mandela. D'Place Mandela ass e Projet, dee mer nach an deenen nächsten zéng Joren, schätzen ech emol, wäerte gesi wuessen. Déi heite Plaz versteet sech also als Verlängerung an ass architektonesch an urbanistesches och esou ausgeluecht ginn. Dass dat herno e kompletten Îlot ass an net eppes à part. Soudass d'Place Mandela plus déi heite Gemenge groussen Îlot gëtt. Déi Iddi fanne mer ganz flott. An och ganz gutt gelongen.

Interessant, oder noutwendeg, ass, dass dat aalt Gemengenhais komplett renovéiert gëtt. An dës Solutioun bitt d'Méiglechkeet, dat gutt ze geréieren. Dat heescht, wann de Flillek bis fäerdeg gebaut ass, kann d'Personal mat hire Servicer eriwuerplënnere an da kann een och zilféierend, schnell an effikass schaffen am ale Gebai, fir dat ze renovéieren.

Zum Projet selwer. Mir sinn absolutt der Meinung vum Schäfferot, dass et eng ganz gutt Iddi ass, hei all d'Servicer, déi direkte Kontakt mam Bierger hunn, op dësem Îlot ze regroupéieren. Net alles an den heite Gebaier. Mee mir schwätzen hei vum Îlot. Mir gesinn och de Service culturel, dee jo just vis-à-vis ass, op 50 m, als en Îlot. Soudass d'Bierger hei op kuerzen Distanzen alles kréien, wat se vum enger Gemeng brauchen. All Informatiounen zu all méigleche Saache kënnen se hei kréien. Dat fanne mer immens interessant a fannen et wierklech gutt, dass d'Leit sech net musse siwemol deplacéieren, fir hir Demarche-administrativen oder Froen, déi se allegueren hunn.

De separaten Agang fir de Service social fanne mer och ganz gelongen. Et ass natierlech kloer, dass Leit, déi an e Service social ginn, net onbedéngt wëllen duerch d'Hauptentrée goen, mee éischter duerch eng aner Entrée, wou se dann och direkt an dee Service kommen, wou se déi Hëllef kréien, déi se brauchen.

étage supplémentaire sur l'hôtel de ville actuel contient, quant à elle, trop cher au mètre carré.

La commune croît avec ses habitants. Les services ont besoin de plus de place. Le nouvel hôtel de ville ne sera opérationnel qu'en 2025.

Pour ce qui est de l'architecture, l'annexe s'intègre parfaitement au quartier. La vue à partir du Metz kimmert démontre que l'ensemble est harmonieux.

L'ancien hôtel de ville restera la structure dominante et la nouvelle aile constituera une sorte d'écharpe. Il est donc possible de combiner ancien et nouveau sans se faire de la concurrence. La bâtisse est correctement dimensionnée.

Georges Liesch se réjouit du fait que le guide de construction des bâtisses communales rédigé il y a deux ans ait été respecté entièrement tant en ce qui concerne la conception que le choix des matériaux.

L'acquisition de la deuxième maison à côté de la mairie a permis au collège échevinal de construire une aile. Cette acquisition était une bonne décision.

Actuellement, l'hôtel de ville fait quelque 3000 m². Quatre-mille-trois-cent-soixante-cinq mètres carrés viendront s'y ajouter. La structure durera dans le temps puisqu'une réserve est prévue. Il devrait y avoir suffisamment de place pour vingt ou quarante ans.

Les matériaux, le concept énergétique et la classe triple A correspondent à ce qui est prévu dans le guide communal.

Les architectes voient ce site comme une prolongation de la place Nelson-Mandela, qui devrait continuer à se développer pendant dix ans. Il faut éviter qu'elle ne devienne un îlot séparé du reste. L'idée est vraiment chouette. La rénovation de l'ancien hôtel de ville est nécessaire. En attendant que la nouvelle aile soit terminée, le personnel pourra emménager sur la place Mandela.

Les écologistes partagent l'opinion du collège échevinal consistant à réunir tous les services communaux sur un seul îlot. Georges Liesch insiste sur le fait qu'il s'agit d'un seul îlot et non d'un seul bâtiment. Le

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

service culturel, par exemple, se trouve à cinquante mètres de l'hôtel de ville. Les citoyens trouveront toutes les informations dont ils ont besoin sur un site. Cela leur évitera de se déplacer sept fois pour une démarche administrative.

L'entrée séparée de la maison sociale est réussie, car les clients ne veulent pas forcément passer par l'entrée principale.

Georges Liesch salue l'aménagement d'un toit végétalisé et des panneaux photovoltaïques. Il propose de collaborer avec Sudgaz pour l'installation photovoltaïque étant donné que la Ville de Differdange est actionnaire. Sudgaz financerait alors les installations et la commune toucherait un loyer pour le toit.

Pour les écologistes, le projet est fonctionnel. Il ne s'agit pas de construire un palais, mais une bâtisse moderne et écologique, où les services peuvent travailler efficacement. On a aussi tenu compte de la façon dont les citoyens doivent se déplacer dans le bâtiment.

La concertation avec les services était importante, car ce sont les fonctionnaires qui passeront le plus de temps dans les locaux. Les services ont fait des projections de leurs évolutions sur dix ans.

Le patio du rez-de-chaussée contribuera à créer une atmosphère vraiment chouette. Les visiteurs n'auront pas l'impression de se trouver dans un bâtiment fermé, mais dans un lieu lumineux et verdoyant.

En ce qui concerne les places de stationnement, Georges Liesch n'est pas d'accord avec les socialistes. Il faut essayer de réduire le nombre de voitures sur les routes. La disparition du parking n'est donc pas un problème.

Les écologistes se demandent si deux bornes de recharge pour véhicules électriques sont suffisantes, mais il s'agit d'un détail. La même remarque vaut pour les huit places pour vélos. Car si la commune veut vraiment que les fonctionnaires viennent travailler en vélo ou en transports en commun, il faut prévoir les infrastructures adéquates.

Plusieurs nouveaux services ont été créés — par exemple le service du logement ou le service du tourisme, qui est important pour la Ville de

De Gréngdaach mat der PV-Anlag ass begréissenswäert. Ech kommen nach dorobber zrëck. Dass wierklech hei mat de Gréngdiech e flotte Projet gemaach gouf.

Zu der PV-Anlag géife mer d'Propos maachen, dass ee Käschte kéint aspueuren, andeem een hei géif kucke mat Sudgaz, wou mer jo Aktionär sinn, dëse Projet ze maachen. Dee Moment géif Sudgaz d'Käschte vun der PV-Anlag komplett iwwerhuelen. An d'Gemeng géif e Loyer kréie fir den Daach. Fir hei eventuell eng Kollaboratioun mat Sudgaz, zum Beispill, ze maachen, fir dës PV-Anlag ze realiséieren.

Ganz positiv fanne mer, dass de Projet éischtens emol funktionell ass. Dat heescht, et ass alles do, wat mer brauchen. Mat enger gudder Reserv. Et ass kee Prunkbau, am Sënn, wou ee seet, mir riichten eis hei elo e Palast op, dee schéin a chic ass, awer herno net funktionell ass.

Et ass de Contraire. Mir hunn hei eng ganz modern Architektur, déi Wäert leet op Ekologie, op niddregen Energieverbrauch, funktionell Konzeptioun vun de Servicer. A virun allem, wat eis gutt gefält, dass dru geduecht ginn ass: Wéi beweege sech d'Bierger an dësem Gebai? Wéi musse se goen, fir duerch déi eenzel Servicer ze kommen? Dass déi Lafweeër vun de Bierger matkonzipiert goufen.

Positiv ze ënnersträichen ass, dass mat alle concernéierte Servicer geschafft ginn ass. Well schlussendlech sinn et net mir hei am Gemengerot, d'Politiker, déi allze vill do wäerte schaffen – ofgesi vläicht vum Schäfferot. Mee haaptsächlech sinn et eis Fonctionnaires, eis Leit aus de Servicer, déi all Dag do schaffen. Duerfir ass ze ënnersträichen, dass hei all d'Servicer mat un dëse Pläng, bis zum Schluss, geschafft hunn, fir hir Büroen, d'Gréisst, wat se brauchen, och d'Potenzial an deenen nächsten zéng Joren hei eranzeginn.

Um Rez-de-chaussée ass ee Patio, wat eng interessant Iddi ass vum Accueil. Wat wierklech eng flott Atmosphär schafft, wann een do erakënnt. Dass een net an engem zouene Gebai ass, mee d'Impressioun huet, e wéineg Gréngs an Dageslicht do eranzekréien

iwwert déi Patioen. Dat fanne mer ganz gelongen.

Zu de Parkplazen. Mir sinn anerer Meenung wéi d'LSAP. Mir sinn der Meenung, dass et e gudde Schrëtt no vir ass, dass d'Gemeng matzitt an déi Richtung, dass mer manner Autoe brauchen an enger Stad an net méi. Duerfir menge mer schonn, dass dee Parking, dee verschwënnt, dass dat fir eis kee Problem duerstellt. Déi Luedestatiounen, déi dohikomme fir d'Elektroautoen, hu mer eis gefrot, ob et duergeet mat deenen zwou Luedestatiounen. Mee dat ass en Detail. Dat kann ee bestëmmt herno nach kucken.

Och mat de Vëlosofstellplaze kann ee sech virstellen, dass et mat deenen aacht Vëlosofstellplazen net duergeet. Wann een op eng aner Mobilitéit setzt, a viraussetzt, dass eis Fonctionnaires net mam Auto aus hire Quartieren, oder vu wou se kommen, op d'Aarbecht kommen, mee vläicht mam ëffentlechen Transport oder mam Vëlo, da geet et vläicht mat deene Vëlosofstellplazen hei net duer. Et misst ee vläicht kucken, nach e bësse Reserv ze fannen.

Kuerz zu der neier Opdeelung. Mir fannen an deem neie Projet déi nei Servicer erëm, déi geschaf goufen. Zum Beispill de Service logement an de Service tourisme. Wou mer ënnersträichen, dass dat fir eng Stad Déifferdeng immens wichteg ass, dass mer mol esou e Service kréien. Dass mer net nëmmen e Ressort Tourismus hunn, mee dass een och Leit huet, déi doranner schaffen, déi de Volet Tourismus weiderdriewen. Ech mengen, dass mer hei zu Déifferdeng en touristescht Potenzial hunn. An dat gëllt et ze exploitéieren. Dofir brauch ee Ressourcen, dofir brauch ee Leit an dofir brauch ee Raimlechkeeten. An dat ass alles hei virgesinn.

Positiv ass, dass d'Gemeng hei op sougenannte Social Rooms setzt. Dat heescht net nëmmen op Bürosfläche setzt, mee de Leit d'Méiglechkeet bitt fir – net nëmmen e Kaffisraum, dat geet wäit doriwwer eraus, mee Raimlechkeete schafft, wou ee convivial kann zesummesetzen. Sief et banne wéi bausen. Mir begréissen – den Här Ulveling huet vu klenger Plaz geschwat, an awer, et ass eng flott Plaz bausen, wou een awer emol kann eng Kéier kuerz eraus-

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

goen, Loft schnapen a mat sengen Aarbechskollegen e puer Wuert schwätzen.

Dann e puer Wuert zu der Technik. Ganz begréissenswäert ass déi Iddi, déi jo schonn am Raum war, vun der Fernwärme mat Pellets fir dee ganzen Îlot. Dat heescht, souwuel de Centre culturel wéi dat jëtzezt Gemengenhaus an den Neibau komplett iwwer Fernwärmesystem mat enger zentraler Pelletsheizung ze hëtzen. Dat ass jiddefalls ganz ekologesch.

Ganz interessant ass och déi Technik vun der Bëtongkärtemperéierung, déi mer hei benotzen. Dat fanne mer extreem innovativ. Zemools, wéi den Här Ulveling och gesot huet, mer hei eng Quell hunn, déi ka genotzt ginn, ekologesch ka genotzt ginn, ouni dass et do zu iergendengem Nodeel kënnt. Andeem een am Summer de Bëtong als Kältebatterie an am Wanter als Wärmebatterie benotze kann, fir d'Temperaturschwankungen auszegläichen. An dat, wéi den Här Ulveling gesot huet, quasi zum Nulltarif.

Op jidde Fall, soulaang déi Quell funktionéiert, brauche mer hei eis keng grouss Suergen ze maachen. Et kascht eis näischt, an et ass absolutt ekologesch. Dat ass extreem innovativ a begréissenswäert, dass mer dat maachen.

En Detail, wat ech elo net gesinn hunn op de Pläng, ob d'Reewaasser fir d'Toilettë soll benotzt ginn oder net. Hunn ech net ganz erausgesinn. Ech gi mol dovunner aus, dass dat esou wäert sinn.

E weideren interessante Punkt an der Technik ass déi Raumautomatisatioun. Dat heescht, dass een all Raum eenzel ka steieren an net méi manuell ka steieren. Mat engem zentrale System – ech denken, eng Aart Stonneplangsystem – léist sech all Raum steieren, jee nodeem, ob Leit iwwerhaupt do sinn oder net. Owes an de Weekend kann een d'Raim zentral eroffueren. Et erlaabt zum Beispill awer och an de Congéen, wou een zwou Wochen am Congé ass, am Wanter e Raum net onbedéngt muss gehëtzt ginn, wann een eleng do sëtzt. Esou intelligent Systemer bréngen eis herno wierklech Ekonomien. Duerfir ass et ganz interessant,

dass mer dat direkt matintegriert hunn.

De Sonneschutz, dat wësse mer alleguerten, am besteeënde Gebai, ass am Moment eppes, wat wierklech feelt. Dat ass hei virgesinn. Dat heescht, dass et mol guer net zu enger Ophëtzung direkt kënnt.

E puer Wuert dann zu der Ekologie. Hei ass wierklech Wäert drop geluecht ginn, fir e Maximum u Gréngflächen ze realiséieren. D'Chifferen, den Här Ulveling huet se genannt, mir schwätzen hei op engem Îlot vu ronn 3.000 m², vu méi wéi 730 m² Gréngfläch, sief dat extensiv oder intensiv. Dat ass remarkabel. Dat ass scho ganz flott.

Eng Iddi, déi mer wëlle mat op de Wee ginn: Obwuel mer wëssen, dass d'Statik vum besteeënde Gebai, déi Dall vum leschte Stack, schwierig ass, sollt een awer vläicht bei der Renovéierung kucken, ob keng Méiglechkeet besteet, sief et eng zousätzlech Photovoltaik oder en zousätzleche Gréngdaach op den Daach vun dem besteeënde Gebai nach ze integréieren. Do muss een natierlech d'Statik kucken an ob et finanziell awer net ze deier gëtt. Mee dat wär awer nach interessant.

Et huet sech erausgestallt bei dësem Projet, wéi gutt et ass, wann ee Landschaftsplaner mat op den Dësch hëlt. Dee Plang, dee mer hei virleien hunn, geet immens an den Detail: intensiv bis extensiv Begréngungen, wat fir eng Planze sech do eegenen. Mat ganz villen eenheemesche Planzen ass hei geschafft ginn a gekuckt ginn, wéi eng Saache wéini bléien. Soudass een d'ganz Joer iwwer e faarwegt Bild wäert kréie mat deene Gréngflächen, wat natierlech ganz interessant ass. Op jidde Fall e grouss Luef un d'Landschaftsplaner, déi hei e ganz flott Konzept virgeluecht hunn, fir dëst Gebai.

Den Här Ulveling huet et gesot, dat Ganz kascht eis eppes. Mee dat muss eis, an dat soll eis och eppes kaschten. Well eng gutt funktionéierend Gemeng muss eis dat wäert sinn. 21 Milliounen Euro fir den Neibau, ronn néng Milliounen Euro fir d'Renovatioun an 1,3 Milliounen Euro fir d'Ausseflächen. Soudass mer fir dee ganze Projet op 31 Milliounen Euro kommen. Dat ass

Differdange. En effet, celle-ci a un fort potentiel touristique qu'il s'agit d'exploiter. C'est pourquoi il faut des ressources.

Georges Liesch félicite le collège échevinal pour l'aménagement de « social room », où les gens peuvent s'asseoir et passer du temps de manière conviviale. La place devant l'hôtel de ville sera chouette et permettra de prendre l'air et d'échanger quelques mots entre collègues. L'idée de chauffer les bâtiments y compris l'Aalt Stadhaus grâce au réseau de chauffage urbain est bonne. C'est écologique.

La technique de l'activation du noyau du béton est intéressante, d'autant plus que la commune peut recourir à une source d'eau. Le béton devient alors une sorte de batterie à refroidissement en été et à chauffage en hiver. Le tout pratiquement pour rien aussi longtemps que la source fonctionnera.

Georges Liesch se demande si l'on recourra à l'eau de pluie pour les toilettes. Il suppose que oui.

L'automatisation des locaux est aussi intéressante. On pourra définir les réglages de chaque pièce en fonction de la présence de quelqu'un ou pas. Ainsi, certains locaux ne seront pas chauffés pendant la nuit, le weekend ou quand quelqu'un est en congé. Cela permettra à la commune de faire des économies.

La protection contre le soleil manque actuellement. Or elle permet d'éviter le surchauffage des bâtiments.

Le collège échevinal a veillé à intégrer un maximum d'espaces verts. Il est question d'un îlot de quelque 3000 m², dont 730 m² sont verts. C'est remarquable.

Georges Liesch sait que ce n'est pas évident pour des questions de statique, mais il se demande s'il n'est pas possible d'installer un système photovoltaïque ou un toit écologique sur le bâtiment actuel. Combien cela coûterait-il?

Ce projet montre l'importance d'un planificateur-paysagiste. Les plans sont particulièrement détaillés en ce qui concerne les plantes. Les plantes autochtones seront privilégiées. On a tenu compte aussi de la période de floraison. Le site sera donc coloré à longueur d'année.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Georges Liesch félicite une nouvelle fois le planificateur-paysagiste.

Monsieur Ulveling a dit que le projet coute cher, mais c'est normal pour une commune au fonctionnement efficace. Il est question de 21 millions d'euros pour le nouveau bâtiment, 9 millions d'euros pour la rénovation, 1,3 million pour les espaces extérieurs — pour un total de 31 millions d'euros. C'est beaucoup. Mais au mètre carré, la commune y gagne par rapport au projet de l'ajout d'un étage. La décision était donc la bonne.

Georges Liesch est satisfait de la vitesse de croisière à laquelle monsieur Ulveling avance habituellement. Le calendrier sera difficile à respecter en raison des nombreuses inconnues. Il faut s'attendre à des surprises pour ce qui est de la rénovation. Mais la construction du nouveau bâtiment sera de toute façon une étape importante.

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que l'hôtel de ville sera entièrement rénové et sa surface plus que doublée. Cent-soixante-dix-sept personnes pourront y travailler.

Les services communaux seront centralisés avec des avantages et des inconvénients. D'un côté, les distances seront raccourcies, mais de l'autre, le service des sports ne se trouvera plus à côté des infrastructures sportives et le service culturel ne sera plus là, où se déroulent les événements culturels. François Meisch se souvient qu'à son époque, le département culturel se trouvait dans le centre-ville. Chaque jour, une douzaine de personnes s'y rendaient. François Meisch constate d'ailleurs que le « city manager » est installé dans le « Markenhaus ».

Les démocrates soutiennent la construction d'infrastructures modernes. L'aménagement a été discuté avec les différents services.

Le DP est en revanche contraire à l'emménagement dans les locaux de l'office social. François Meisch préconise une maison sociale au contournement, qui est parfaitement accessible et dispose de places de stationnement.

Pour ce qui est du stationnement justement, le chaos règne déjà ac-

natierlech eng stolz Zomm. Dat muss ee soen.

Op där anerer Sait muss een awer och soen, wann een et rechent op de Meterkaree-Präis, da gesi mer, wat mer gewonnen hu par rapport zu der Variant, fir nëmmen e Stack bäizesetzen. Virun allem d'Surface, déi mer hei generéieren. Da mengen ech, ass déi richtig Decisioun geholl ginn, fir op dëse Wee ze goen an déi aner Variant net ze maachen.

Insgesamt fanne mer dëse Projet extreem gutt gelongen. Mir si ganz frou iwwert d'Vitesse de croisière, den Här Ulveling ass bekannt dofir, mat där e seng Projekte weiderdreift. Mer hoffen, dass mer et an deem Timing, wéi et virgeschloen ass, dat do kënne bauen. Bei esou engem Projet ass dat natierlech schwéier, well ee vill Inconnuen huet.

Zemoos bei der Renovatioun muss ee sech op déi eng oder aner Surprise nach gefaasst maachen. Mee trotzdeem, wann deen neie Bau bis steet, hu mer eng grouss Etapp gemaach. An d'Renovatioun, wann déi och e bësse Retard sollt kréien, wär net esou dramatesch.

Mir wäerten dëse Projet jiddefalls matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, eis Gemeng soll komplett renovéiert ginn. Duerch e groussen Ubau soll d'Surface méi wéi verduebelt ginn.

Eng 177 Aarbechtsposte wäere maximal méiglech. Wat eng gewësse Reserv erlaabt. Quasi all d'Gemengesservicer sollen zentraliséiert ginn. Wat Positives wéi Negatives kann hunn. Kuerz Weer an der Administratioun op där enger Sait. Awer op där anerer Sait ass beispillsweis de Sportsservice net méi beim Sport, de Kulturservice net méi bei der Kultur a sou weider.

Verschidde Services au client hunn dezentraliséiert och Virdeeler. Zwielf Joer souz ech selwer mam Département culturel am Déifferdenger Zentrum. Do hunn all Dag, an der Moyenne, eng Dose Leit eis besicht, fir Froen ze stellen aus alle Beräicher. Eng Presenz vun eiser Administratioun am Zentrum bréngt Visibilitéit an ass net onbedéngt e Feeler. Als Infopoint, City-Management ass scho genannt ginn, deen iwwregens säit e puer Deeg zu Déifferdeng am Markenhaus sëtzt, a sou weider.

Dat hei ass de Choix, deen elo gemaach gouf a proposéiert gëtt. Prinzipiell ass eng Renovatioun vun eiser aktueller Gemeng noutwendeg. Mir ënnerstëtzen absolutt, eng zäitgeméiss Infrastruktur fir eis Administratioun ze schafen. Déi eenzel Op- an Andeelunge vum ganze Komplex goufen, richtegerweis, mat de Servicer ofgeschwat. Do ass näischt wat eis, à ce stade, beonrouegt.

Mir hunn awer ee Problem domadder, dass den Office social, mat allen anere Servicer aus deem Beräich, och nach dohiplënnert. De Bau vun enger Maison sociale hate mir och an eise Walprogramm. Mir hätte se awer net un d'Gemeng ugebonne gesinn, och wann eng separat Entrée hannaus virgesinn ass, mee éischter um Contournement. Do ass Plaz, Accessibilitéit, perfekt ugebonnen un den öffentlichen Transport, Parkméiglechkeeten, Vëlospist a sou weider.

Wat d'Parkplazsituatioun bei der Gemeng ugeet, do si mer ganz anerer Meenung. Scho lo herrscht Chaos, a wann een op d'Gemeng muss, ass ee genervt, éier et ugeet. Elo scho sinn d'Visiteure vum Kulturangebot gestresst, wa se eng Parkplaz sichen an och de Clientë vun der Brasserie am Kulturzentrum geet et net besser. Dat sollte mer net op d'Spill setzen. Elo kënnt nach massiv Personal bäi, wéi och Visiteure fir déi ugegliddert Maison sociale.

Fazit: Zäitgeméiss Infrastruktur fir eis Administratioun ass begréissenswäert. Dat hei gesäit wierklech gutt a funktionell aus. Awer eng Maison sociale net och nach heihinner druddelen, wat déi aktuell grausam Parkplazsituatioun nach weider verschlechtert. Zousätzlech bedauere mer, dass mir, wéi och

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

d’Kommissiounen, am Virfeld guer keng Informatiounen zum Finanzement kruten. Aus de genannten Ursaache kënne mir dësen Avant-Projet vun engem Montant vun 31.215.366 Euro, leider, net matstëmmen. Et ass néideg. Mee mir hätten et anescht ers gemaach. Dofir wäerte mir eis enthalten. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Hären, als Déifferdenger CSV kënne mer dem Schäfferot nëmme felicitéiere fir dëse Projet. Fir d’alleréischte wëlle mer ënnersträichen, datt een hei gesäit, datt et Sënn mécht, Iddien a Pläng ze hannerfroen a Käschtchen a Relatioun mam Notzen a Fro ze stellen. Dat gouf bei der éischter Variant, fir just e véierte Stack op de besteënden Deel ze setzen, zum Gléck gemaach. Well do hätt ee vill Geld fir wéineg Plaz verpolvert. Dofir si mer elo mat dëser Variant immens zefridden. Ronn 31 Milliounen Euro ass definitiv net näischt. Et gött awer eppes mat deem ville Geld en place gesat, wat derwäert ass a wat gebraucht gött.

Ronderëm dat besteeënd Gemengenhäus gött an L-Form e ganz neien Deel ugebonnen, zwar lénks bis bei d’Haus Henkes an hannendrun um Parking. Am Moment hu mer op dësem Site 2.915 m² Bürofläch. Spéider sinn et dann am Ganze 7.475 m².

All d’Servicer, déi an de leschte Jore wéinst Plazmangel hu mussen op aner Sitte plënnere an duerch déi ganz Gemeng verdeelt sinn, kommen elo nees zrëck op ee Site. Mir ënnerstëtzen d’Iwwerleeung vum Schäfferot, fir de Gros vun eise Servicer ze zentraliséieren. Fir datt dat deelweis Gefléck vun e puer Servicer, wat mer am Moment hunn, endlech ophält.

Et geet souwuel ëm besser Aarbechtsbedéngunge fir onst Personal wéi ëm e bessere Service fir eis Bierger. An dat virausschauend geplangt op déi nächst Joerzénge. Zudeem ginn déi aner

Raimlechkeeten net méi fir d’Administratioun gebraucht, mee kënne fir aner Saachen ëmfunktionéiert ginn. Zum Beispill, fir de Commerce an d’Attraktivitéit vun eiser Stad weider no vir ze bréngen.

Mir si frou, datt sech schonns am Virfeld mat de jeeweilege Servicer vill Gedanke gemaach goufen, wéi ee wat am beschte kann andeelen. Wat mécht, datt ee spéider eng intelligent Opdeelung huet.

Déi ganz Struktur ass u sech eent an awer ass se an zwee gedeelt. D’Maison sociale mat hire Servicer kritt eng separat Entrée an der Rue Metz kimmert. Soudatt eng gewësse Privatsphäre fir d’Clientéi gewaart ass, wat wichteg ass.

Deen aneren Deel, mat all deenen anere Servicer, gouf esou verplangt, datt d’Servicer mat ronn 80 % bis 90 % Visiteuren, déi am Dag op d’Gemeng kommen, um Rez-de-chaussée lokalisiert sinn. Soudatt d’Weeër kuerz sinn an een net duerch déi ganz Gemeng muss goen. An éischter Linn ass dat d’Biergeramt, wat mer jo och elo schonns um Rez-de-chaussée hunn. Ech denken awer och un de Schoul- a Maison-relais-Service, wou vill Leit mat klenger Kanner oder Poussette kommen an net ëmmer glécklech waren, wa se hu mussen bis op den drëtten Stack goen.

Op den ieweschten Stäck si Büroen a Versammlungsraum ageplangt, wou manner Va-et-vient ass. Dat Ganzt ass behënnertegerecht ausgeriicht. Soudatt et fir jiddwereen accessibel ass. Et entsprécht alle Sécherheitsstandarden. Duerfir mussen um besteënden Deel Aarbechte gemaach ginn.

Fir d’Personal si Pauseraum virgesinn, am Keller Vestiaire mat Duschen, fir déi, déi soit mam Vëlo moies kommen oder déi, déi an der Mëttesstonn wëlle Sport maachen. Eppes, wat Standard fir eng haiteg Administratioun sollt sinn.

D’Büroen an d’Konferenzraum gi mat der modernster Technik ausgestatt. Och Finessen, wéi zum Beispill falsche Buedem, dee verluecht gött, fir spéider Onkäschtchen ze evitéieren, wa mol misste Saachen noverluecht ginn.

tuellement lorsqu’on se rend à l’hôtel de ville ou au centre culturel. Et voilà que la maison sociale va attirer plus d’employés et de visiteurs. François Meisch répète que les infrastructures prévues sont modernes et fonctionnelles. Mais la maison sociale empirera les problèmes de stationnement. En plus, les commissions n’ont pas reçu de plan de financement. C’est pourquoi les démocrates ne pourront pas approuver cet avant-projet de 31 215 366 €.

JERRY HARTUNG (CSV) ne peut que féliciter le collège échevinal. Il constate qu’il est nécessaire de mettre en question des plans et des devis. Le projet précédent aurait coûté beaucoup d’argent pour peu de surface. C’est pourquoi les chrétiens sociaux sont très contents de cette variante. Trente-et-un millions d’euros, c’est beaucoup, mais ce qui sera construit est utile. Le nouveau bâtiment aura une forme de «L» autour de l’hôtel de ville actuel et jusqu’à la Maison Henkes sur la gauche.

La surface totale passera de 2915 m² à 7475 m². Les services ayant été délocalisés au cours des dernières années reviendront sur le site d’origine. Il s’agit d’améliorer aussi bien les conditions de travail que le service aux citoyens. Les locaux laissés vides pourront être utilisés pour le commerce par exemple.

Jerry Hartung salue le fait que les services aient été inclus dans le projet dès le départ. La structure est subdivisée en deux parties: la maison sociale avec une entrée dans la rue Metz kimmert et le reste des services. 80 % à 90 % des visiteurs ne devront se rendre qu’au rez-de-chaussée.

Les étages supérieurs accueilleront les bureaux et les salles de réunion. Les bâtiments seront adaptés aux personnes handicapées et correspondront aux dernières normes de sécurité.

Des salles de pause, des vestiaires et des douches pour le personnel sont également prévus.

Les bureaux et les salles de réunion seront équipés des dernières technologies.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

La durabilité jouera un grand rôle. La source d'eau présente sur le site permettra d'économiser 80 % d'énergie. Des stores intérieurs et extérieurs protégeront le bâtiment de la chaleur. Un système de refroidissement nocturne est aussi prévu. L'eau de pluie sera recueillie sur le toit de l'hôtel de ville existant. Les toits seront écologiques.

Jerry Hartung trouve le projet réussi. Pour le stationnement, la solution se trouve sur la place Nelson-Mandela. Il espère que le parking souterrain sera construit rapidement.

Les chrétiens sociaux approuveront le projet.

ALI RUCKERT (KPL) remercie le collègue échevinal d'avoir remis une grande partie des documents au conseil communal longtemps à l'avance.

Le collège échevinal a dit que ce projet avait été préparé rapidement. Ali Ruckert se demande si les planifications n'ont pas été trop courtes. Le collège échevinal a toujours dit qu'il ne voulait pas construire de campus scolaires trop grands. Mais en ce qui concerne les services administratifs, c'est plutôt le contraire. Beaucoup de personnes seront rassemblées sur un site. Il s'agit d'une centralisation exagérée.

Ali Ruckert ne comprend pas pourquoi la maison sociale devrait se trouver dans un hôtel de ville. La même remarque vaut pour d'autres services. Differdange n'est pas une commune des longues distances. Tout est rapidement accessible. Les communistes ne sont pas d'accord avec cette politique.

Ali Ruckert ajoute que cet avant-projet définitif n'a rien de définitif puisque le collège échevinal a dit qu'il y avait moyen de faire des économies. Va-t-il présenter un autre projet? Qu'en est-il des suggestions du personnel? En feront-elles encore partie?

Le problème sur les routes sera amplifié à cause de la centralisation. Ali Ruckert ne connaît pas d'études prenant en compte cette nouvelle situation.

Par ailleurs, le collège échevinal a présenté un avant-projet définitif, mais pas de plan de financement. Il

Et gëtt grouse Wäert op Nohaltegkeet geluecht. An esou engem Gebai schaffe vill Leit, deementspriedend och vill Computeren, dat bréngt eng gewëssen Hëtzt mat sech. Mat engem Kältebecken aus der besteeënder Quell, fir d'Gebai ze killen, kënnen bis zu 80 % un Energie agespuert ginn. Storë baussen a banne si geplangt. Wann et riskéiert ze waarm ze ginn, ginn déi esou agestallt, datt se vum selwen zouginn. Och eng automatesch Nachtauskühlung ass virgesinn. Soudatt et am Summer, wou et riskéiert bis zu 50 °C ze ginn, laut den Donnéeën, déi mer hei virleien hunn, maximal 32 °C dierfe ginn an dat Ganzt ouni Klimaanlag. Et ass schonn ugeschwat ginn, datt d'Reewaasser opgefaange gëtt um alen Daach an um neien Deel d'Diech begréngt ginn.

Alles an allem fanne mir dat e gelongene Projet. Deen eenzege Bemoll ass d'Parkméiglechkeet. Do huet ee jo eng gutt Alternativ niewendrun op der Place Nelson Mandela. Wou mer hoffen, datt dee séier an Ugrëff ka geholl ginn. Well dee gëtt gebraucht fir d'Gemeng, fir d'Aalt Stadhaus an den Zentrum.

D'CSV Déifferdeng stëmmt dëse Projet fir den Ausbau vum Gemengenhause mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, mir kréien haut den Avant-projet définitif fir den Ausbau vum Gemengenhause virgeluecht. Ech soe Merci, dass mer eng ganz Rëtsch Dokumenter laang am Virfeld kritt hunn, fir eis domat vertraut ze maachen.

Et ass gesot ginn, dee Projet, wär a kuerzer Zäit opgestallt ginn. Ech froe mech allerdéngs, ob déi Zäit vläicht net ze kuerz war. Mat Recht huet de Schäferot an der Vergaangenheet ëmmer drop higewisen, et sollt ee keng Schoulcampusse bauen, wou iwwerdriwwer vill Kanner zesummekommen.

Hei schéngt et awer, wéi wann dat bei den administrative Servicer vun der Gemeng net méi géif berécksiichtegt ginn. Well et misst jo kloer sinn, wann dee Projet hei realiséiert gëtt, dann hu mer et mat enger Zentraliséierung ze dinn, wou op enger eenzeger Plaz vill méi Leit wäerte kommen, wéi dat am Moment de Fall ass. Et schéngt, wéi wa mer et hei mat enger iwwerméisseger oder fir net ze soen enger iwwerdriwwener Zentraliséierung ze dinn hätten.

Ech gesi wierklech net de Wäert, firwat een onbedéngt eng Maison sociale muss nach bei déi aner Servicer vun der Gemeng derbäiprassen. Déi kéint ganz gutt op enger anerer Plaz sinn, wéi aner Servicer och. Well et ass jo net esou, wéi wann Déifferdeng d'Gemeng vun de laange Weeër wär. Et ass éischter d'Gemeng vun de kuerze Weeër, wou een iwwerall gutt hikënnt. Als Vertrieeder vun der KPL muss ech soen, dass dat net gutt ass, dass elo versicht gëtt alles, awer och alles ausser d'technesch Atelieren, op där Plaz do ze zentraliséieren.

A besonnesch wëll ech kritiséieren, dass wa mer deen Avant-projet définitif hei virgeluecht kréien, deen ass jo da guer net esou definitiv. Well am selwechten Otemzuch huet de Schäffen eis gesot, dass nach e grousst Aspuepotenzial do wär, no deem géif gesicht ginn. Kréie mer dann en anere Projet virgestallt? Kréie mer een, deen ofgespeckt ass? Do misst mer awer da gesot kréien, ëm wat et wierklech geet. Besonnesch wa gesot gëtt, 85 % vun de Virschléi, déi aus der Administratioun, aus de Servicer selwer komm sinn, géife realiséiert ginn. Ass dat dann nach de Fall, wa wierklech nach no Aspuepotenzial gesicht gëtt?

Wann alles zentraliséiert gëtt, da féiert dat natierlech zu méi Verkéiersopkommes, wéi dat de Moment de Fall ass. A wou sech och eng aner Parksituatioun ergi wäert. Am Moment gesinn ech net – an et gëtt jo och keng Studie dozou, souwäit mir bekannt ass –, dass dat géif bei deem Projet hei berécksiichtegt ginn.

An dann dat Besonnescht, wou net vill driwwer geschwat gëtt, mee wann een esou en Avant-projet définitif virleet, da wär et natierlech och ze erwaarden,

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

dass ee géif e Finanzéierungsplang virleeën. An elo kann ee 37 Ursaache sichen, firwat dat net esou ass, mee d'Realität ass awer déi: Wann ee soll esou engem Projet zoustëmmen, besonnesch wann een an der Oppositoun ass, da muss een och e Finanzéierungsplang dohigeluecht kréien.

Mir kréien elo gesot: Dee Bau kascht 31,2 Milliounen Euro. Ech hu meng Zweiwel awer, ob dat wierklech nëmmen an deem Ausmooss soll stattfannen. An zweetens: Wéi gétt dat bezuelt? Gétt do en Emprunt opgehall? Wéi gétt dat iwwert d'Jore bezuelt? Mir hu keng Indikatiounen doriwwer kritt.

Onofhängeg dervun, dass de Projet selwer eng ganz Retsch interessant Elementer enthält, an et noutwendeg ass, dass ausgebaut gétt, dass d'Personal ënner bessere Bedéngungen an Zukunft schaffe kann an dass och d'Déngschtleeschungen un d'Bierger ënner bessere Bedéngunge stattfanne kënnen, onofhängeg dovun misst Kloerheet geschafeg i bei de Finanzen. An dat ass den Haaptgrond, firwat ech mech als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei bei deem Projet enthale wäert.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, am Numm vun déi Léng huelen ech Stellung zu dësem wichtege Projet fir d'Déifferdenger Gemeng, wou et drëm geet, dem Wuesstem vun der Déifferdenger Gemeng an de leschte Joren endlech gerecht ze ginn.

De Projet, oder d'Iwwerleeung ronderëm d'Gemeng, huet e laange Baart. Et ass ze regrettéieren, dass mer ëmmer erëm dru gebastelt hunn, fir Léisungen ze fannen. Och am aktuelle Gebai ëmmer erëm drugaange sinn, ier mer elo e Projet hunn, dee laangfristeg eng Solutioun soll bréngen a mer elo eng ganz Rei Saachen erëm müssen ëmrappen an ausrappen, déi an de leschte Jore gemaach gi sinn, fir der Situatioun iergendwéi gerecht ze ginn.

D'Aarbechtskonditiounen vun eiser Administratioun, déi ëmmer gewuess ass iwwert déi lescht Joren an déi nach weider beträchtlech wuesse wäert, zënter den Decisiounen an de leschten zwee Joren, sinn zum Deel ganz schlecht. Et gétt Servicer, déi schaffe wierklech wäit vum Schoss ënner Konditiounen, déi am Summer bal net auszehale sinn. Ech denken do zum Beispill un de Service informatique, mee och anerer.

Hei ass elo de Choix geholl ginn, eng ganz staark Zentraliséierung ze maachen. Dat ass jo schonn thematiséiert ginn, souwuel am positive wéi am negative Sënn, virdrun. Ech muss soen, dass ech awer, leider, an deene Stellungname keng Argumenter héieren hu firwat zum Beispill eng Maison sociale dezentraliséiert soll ginn. Wat ass de qualitativen Ënnerschied dovunner? Ausser, dass ee seet, se soll enzwousch anescht stoen, hunn ech dat, leider, an deenen Aussoen net héieren. An och wann ech duerno sichen, ech fannen et net wierklech.

Ech mengen, dass d'Gemengeservicer, egal wéi e Service, och wann et e soziale Service ass, e Service ass fir de Bierger – fir all d'Bierger. An dass dat eng gewësse Gläichberechtigung ass, dass et déi nammlechte Ulafstell gétt fir jidderreen.

D'Zentraliséierung kann ee kritesch gesinn. Ech hunn awer, in der Tat, nach net vill Aspekter héieren, firwat dat elo anescht wär. An engem Sënn ass et gutt fir d'Mataarbechter, einfach bei ganz praktesche Saachen, wéi d'Verdeelung vum Courier, müssen eis Leit manner hin an hier fueren. Reuniounen, wann déi tëscht de Servicer sinn, müssen d'Leit manner hin an hier fueren. Wat eppes mat Mobilitéit a Parking ze dinn huet, vu dass ech elo net jidderee vun eise Servicer op Vélo gesinn hin an hier fueren – scho guer net, wa se Classeuren dobäihunn oder esou. Obwuel dat alles guer kee Problem wär. Mee bon, et gétt awer net gemaach. Da muss een där Realität och an d'Ae kucken.

Et ass och gutt fir Externer an deem Sënn, dass ee weess, et gétt eng Plaz, wou een higeet, och wann ee sech net direkt am Virus iwwerluecht huet oder gekuckt huet: Ass dee Service dann do oder net? Da muss een net

y a sans doute 37 explications, mais un parti d'opposition ne peut pas approuver un projet sans savoir comment il sera financé. Il est question de 31,2 millions d'euros. Cette somme est-elle exacte? D'où proviendront les fonds? Les dépenses seront-elles réparties sur plusieurs années? Peu importe que le projet soit partiellement intéressant, que les conditions de travail soient améliorées et que le service aux citoyens devienne plus efficace. Le plan de financement doit être clair. Ali Ruckert s'abstiendra.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) explique que ce projet tient enfin compte du développement de la commune au cours des dernières années. Longtemps, la commune s'est contentée de bricoler au lieu de trouver une vraie solution. Ce projet devrait apporter une solution à long terme. Mais l'hôtel de ville existant devra être transformé en partie.

Les conditions de travail de l'administration sont en partie très mauvaises. Certains services travaillent dans des conditions insoutenables — notamment en été. C'est par exemple le cas du service informatique.

Le collège échevinal a décidé de centraliser les services. Gary Diderich constate qu'aucun des opposants à cette idée n'a dit pourquoi une maison sociale devrait être décentralisée. Où se trouve la différence de qualité? Les conseillers communaux en question se sont bornés à dire qu'elle devrait se trouver ailleurs. Pour Gary Diderich, chaque service communal est un service pour tous les citoyens. Que chacun se rende au même endroit est une question de parité.

On peut critiquer la centralisation, mais encore faut-il avoir des arguments. Le travail des employés sera facilité. Les réunions seront plus faciles à organiser. Il faudra utiliser les voitures moins souvent — car après tout, les employés ne peuvent pas se déplacer à vélo avec des classeurs sous les bras.

Pour les clients, il deviendra plus facile de se rendre auprès d'un service communal puisqu'il ne faudra plus vérifier sur quel site il se trouve. Quand plusieurs interlocuteurs se-

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

ront nécessaires, il ne faudra pas non plus se déplacer.

Les nouveaux locaux disposeront de douches et d'un système de refroidissement. Il ne serait pas possible d'installer un tel système dans tous les bâtiments. La centralisation permet donc d'offrir les mêmes conditions à tous les employés.

Qu'est-ce que le collège échevinal compte faire des locaux qui seront libérés? Le service culturel est notamment censé quitter l'Aalt Stadhaus.

(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) *réplique que monsieur Diderich a mal compris.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *attend des précisions.*

L'AIS Kordall, qui n'est pas un service communal, recevra des bureaux. Differdange en est membre. Le collège échevinal a-t-il des garanties des autres communes qu'elles ne quitteront pas l'AIS? Autrement, Differdange risque de se retrouver avec trop de bureaux. Par ailleurs, comment la gestion des frais est-elle organisée puisque Differdange met des locaux à disposition?

Gary Diderich salue le fait que les services aient été inclus dans la planification, mais regrette que les utilisateurs n'aient pas été de la partie. À quoi s'attendent les visiteurs quand ils vont à la commune? Que ressentent-ils? Des modifications du projet sont-elles encore possibles?

Le comité participatif des personnes à mobilité réduite a-t-il été consulté? Les handicaps sont variés. Il faut en discuter avec les personnes concernées.

Pour ce qui est des salles de réunion accessibles aux associations et aux partis politiques, seront-elles accessibles à n'importe quelle heure?

Gary Diderich salue l'aspect durable du projet. L'idée du refroidissement par la source derrière le bâtiment est pertinente. Les toilettes fonctionneront à l'eau de pluie. Un système photovoltaïque est prévu. Cela a un cout. Mais pour calculer les avantages financiers à long terme, il faudrait demander l'avis d'un économiste.

nach eng Kéier hin an hier, falls een nach vun enger anerer Plaz eppes bräicht oder en aneren Uspriechpartner bräicht.

Et sinn Infrastrukturen do virgesinn, dass d'Leit eng Dusch kënnen huelen. Wann s de déi op all Plaz misst virgesinn, géif dat nawell an d'Käschte goen. Et ass net op all Plaz méiglech. Hei gesäit een eng Rei Saache vir, e gudde Killsystem an esou weider, déi fir jiddereen d'nämmlecht sinn. Dat heescht, du hues an deem Sënn gläich Aarbechtskonditiounen fir jiddereen.

Déi Fro, déi sech stellt ass: Wat gött aus de momentane Büroen, déi aktuell extern ugesidelt ginn? Ech mengen, déi wäerte mer ganz staark brauchen an der Zäit, wou ëmgebaut gött. Mee wat ass duerno? Gött et do schonn Iwwerleeungen? Notamment ass gesot ginn, dass de Service culturel aus dem Stadhaus erausplënnert respektiv d'Festivitéiten ...

(Ënnerbriechung)

Gelift?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech erklären dat duerno. Mee dat hutt Der falsch verstanen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Da kréie mer dozou nach Prezisiounen. Well dat ass awer eng gutt Infrastruktur, déi do ass. An do muss een da kucken, dass déi weider gutt benotzt gött.

Et si Büroen virgesi fir d'AIS Kordall. Wat jo elo net e Gemengeservice ass. Dat ass jo quasi en externen Acteur iwwert e Syndikat, wou mir natierlech Member sinn. Do wollt ech nofroen, ob mer do laangfristeg Engagementer hu vun deenen anere Gemengen? Dass do net iergendwann gesot gött, elo hu mir hei Büroen e bëssen ze vill a mir wëllen net méi dofir cotiséieren oder esou. Ob do eng finanziell Redistributioun virgesinn ass innerhalb vun deem Syndikat SIKOR, vu dass mir d'Büroen zur Verfügung stellen als Déifferdenger Gemeng.

Positiv ass, dass d'Servicer hei wierklech abezu gi sinn. Dat ass ganz wichtig. Wat am Fong ëmmer méi misst kommen. Wat ee vläicht nach kann ureegen dat ass, dass een och d'Utilisateuren abezitt an d'Planung vun esou eppes. Et ass ugeschwat ginn, dass keng Biergerbedeelegung stattfonnt huet. Et ass wichtig, bei esou grouse Projeten, ëmmer méi och d'Perspektive vun deene verschiddene Bedeelegten anzebezieen an ze kucken: Wat erwaart dee sech, deen op eng Gemeng geet fir eng gewësse Prestatioun? Wat erwaart dee sech? Wéi empfennt en et momentan? A wéi kéint dat sech anescht presentéieren?

Dat kéint ee vläichdaptatiounen anzebréngen, ier et richteg lassgeet oder ier wierklech d'Miwwelen eragesat ginn. Notamment wollt ech nofroen, ob de Comité participatif vun de Personnes à besoins spécifiques och hiren Avis gefrot gi sinn. Et si jo eng Rei Saache punkto Mobilité réduite an esou weider virgesinn. En Handicap ass villfälteg. An ech mengen, do kënnst ee just wierklech drop, wann een alles consideréiert, andeems een déi jeeweileg Leit selwer freet.

Da wollt ech froen: Bei de Versammlungsraum, déi einfach zougänglech solle sinn, zum Beispill fir d'Veräiner an d'Parteien, gött et do en extrae System, dass een zu allen Zäite kann erakommen. Wat ass do virgesinn, fir dass dat onkomplizéiert méiglech ass?

Ech wëll ervirsträichen, dass hei wierklech beim nohaltege Bauen u ganz vill geduecht ginn ass. Virun allem d'Killing duerch d'Quell ass eng ganz gutt Iddi, déi duerch d'Gegebenheete vum Site en Consideratioun geholl gi sinn. Dës Kéier ass Reewaasser virgesi fir d'Toiletten, Photovoltaik ass do.

Wat ech elo net weess, do misst ee vläicht en Ekonomist froen, wann een do wierklech eng Aschätzung wëll, ob een en Externe muss siche goen, wéi Sudgaz, oder ob een dat einfach selwer als Gemeng ka maachen. Well ech mengen, finanziell, à long terme, rechent sech dat éischter, och wann et eng kuerzfristeg Investitioun ass am Ufank. Respektiv kann een och a Richtung Biergerbedeelegung goen.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

An da wollt ech nofroen: Et gëtt jo Pel-letheizung gemaach, an et ass Photo-voltaik virgesinn. Wéi ass et mat Solar-thermie? Am Fong ass vun der Käsch-tennotzung déi Technik relativ onop-wänneg a bréngt relativ vill. Bon, Pel-letheizung steet hei op der Säit, dofir weess ech net, ob et méiglech ass, déi zwou Saachen ze verbannen.

E ganz klengen Detail: de Reider. Et gesäit ee keen op de Biller. Brauche mer kee méi duerch den digitale Reider?

(Ënnerbriechung)

Mir ass néierens een opgefall. Et ass jid-defalls eppes, wat am Moment net ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir waren extra op Lëtzebuerg kucken. Déi hunn dat och schonn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay. Tipptopp.

(Ënnerbriechung)

Finalemment ass an der ganzer Diskus-sioun eng Saach opkomm. Dat ass: Awéiwäit soll eng Gemeng an engem Zentrum present sinn? Dat ass eng wichteg Fro. Déi soll ee sech stellen. Déi soll awer elo net dozou féieren, deen heite Projet a Fro ze stellen, fir mat deem hei Projet weiderzefueren. Ech denken, et soll ee sech iwwerleeën: Wéi soll een am Zentrum present sinn? Ech weess awer net, ob eise City-Manager den Accueil vun de Bierger am Zen-trum soll maachen. Dat géif eng kon-zentréiert Aarbecht relativ schwierig maachen, mengen ech.

In der Tat soll ee sech iwwerleeën, Esch huet jo zum Beispill an der Uelzecht-strooss e Büro virgesinn, ob dat Rich-tung Commerce, Richtung Tourismus, Richtung eng gewësse Basisorientatioun vun eise Bierger geet – einfach eng Presenz ze weisen. Och am Beräich Logement kann dat interessant sinn. Mee do muss een e Konzept entwéckelen. Dat soll ee maachen. Mee ech denken, dass déi Gemeng do wierklech net wäit ewech ass vum Zentrum, éischters. An zweetens vill méi Virdee-ler bréngt als Projet wéi Nodeeler.

Dofir wäerte mir als déi Lénk deen heite Projet ënnerstëtzen. An ech wär frou, déi verschidde Froen nach ge-kläert ze kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Et si ganz vill Froe gestallt ginn. Ech géif d'Wuert dann direkt un den Här Ulveling wei-derginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Erlaabt mer ze soen, datt ech enttäuscht sinn. Wa mer schwätze vun Dialog, wa mer Iech d'Pläng zwee Méint am Viraus ginn, an et kënnt kee Feedback, et huet ni ee gesot: „Sidd Der sécher, dass Der dat musst zesumme-leeën? Mir wäeren éischter der Mee-nung, et sollt een et aussernee maa-chen“. Dat nennen ech net Dialog. Dann ass dat en „Dialogue de sourds“. Dir hat dann zwee Méint gehat, fir Iech gutt anzeschéissen op alles, an dass elo alles misst dezentraliséiert ginn. Do huet den Här Muller dann awer e Sin-neswandel matgemaach. Well an der leschter Koalitioun, wou mer zesumme waren, war en net der Meinung, dass ee misst alles dezentraliséieren.

Ech hätt gär gesinn, wa mer mat engem Projet komm wieren, wou et dezentral gewiescht wär. Ech hätt dat gär gesinn. Dann hätte mer nämlech gesot kritt, mir missten alles zentral maachen. Dat hei ass e politescht Spill. Ech ginn dofir net drop an. Esou oder esou kann een net gewinnen. Well ech mengen, mir hunn eis ganz kloer positionéiert. Mir hu gesot: Mir wëlle kuerz Weeër hunn. Mir wëlle fir d'Bierger kuerz Weeër hunn.

Mir wëllen awer virun allem doduerch, dass mer et zentraliséieren, eng besser Kommunikatioun. Och ënnert de Ser-vice. An ënnert de Leit. Et ass do, wou mer krank sinn de Moment. A mer erwaarden eis, wa mer alles zesummen hunn, wann d'Leit sech um Gank begéinen an net nëmmen iwwer Mail hin an hier musse schaffen, dass esou ganz vill Problemer kënne geléist ginn.

Den Här Diderich huet et wierklech richteg duergestallt. Et muss een natier-

Le projet fait la part belle à la pho-tovoltaïque et au chauffage à pel-lets. Qu'en est-il de panneaux so-laires? Le collège échevinal semble avoir opté pour les pellets.

Le raider ne figure pas sur les images. A-t-il été remplacé par le raider électronique?
(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) répond que la Ville de Differdange s'est inspirée de Luxembourg-ville.
(Interruption)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) estime que la question est de savoir si un hôtel de ville est nécessaire dans le centre-ville. Cependant, cette ques-tion ne peut pas servir à remettre en question ce projet. Gary Diderich se demande toutefois si un « city manager » peut s'occuper de l'ac-cueil dans le centre-ville.

Esch a décidé d'ouvrir un bureau dans la rue de l'Alzette. Cela pour-rait être intéressant pour le com-merce, le tourisme ou le logement, mais il faut un concept. De toute façon, l'hôtel de ville est proche du centre.

Déi Lénk approuvera le projet.

TOM ULVELING (CSV) se dit déçu. Le collège échevinal a remis les plans au conseil communal il y a deux mois. Il n'y a eu aucune réac-tion. Personne n'a dit que la centra-lisation était une mauvaise chose. C'est ce que l'on appelle un dia-logue de sourds. Les conseillers communaux ont eu deux mois pour dire qu'ils n'étaient pas d'ac-cord avec le projet. Monsieur Mul-ler retourne d'ailleurs sa veste, parce que quand il faisait partie de la majorité, il n'était pas partisan d'une décentralisation.

De toute façon, si le collège échevi-nal avait proposé de décentraliser, on le lui aurait reproché également. C'est la politique qui veut cela. La majorité ne peut jamais gagner. Mais le collège échevinal a les idées claires: il veut une commune des chemins courts. Il veut également améliorer la communication entre les services. Il espère que si les col-laborateurs se rencontrent dans un couloir au lieu de ne discuter que par e-mail, cela facilitera les choses.

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

Comme l'a souligné monsieur Di-derich, construire deux maisons coute plus que d'en construire une grande.

Pour ce qui est des voitures, si les bureaux se trouvaient dans les quartiers, le trafic augmenterait aussi sur place. Cela ne changerait rien au problème. Mais il est vrai que les cinq ou six premières années ne seront pas optimales. Il faudra s'habituer à marcher quelques mètres. D'un autre côté, quand on visite une ville à l'étranger, on fait bien une dizaine de kilomètres par jour sans s'en rendre compte.

En ce qui concerne les possibles économies, il faudra voir pendant le chantier ce qui sera faisable. L'objectif est de faire des économies en matériel par exemple, mais pas de pénaliser les services.

Le service des sports n'a jamais été à l'hôtel de ville et le service culturel restera à l'Aalt Stadhaus. Comme le service culturel manque de place, la partie s'occupant des festivités a été décentralisée.

Pour ce qui est du « city manager », il est vrai qu'il doit se trouver au centre-ville. Mais il doit aussi disposer de locaux dans la commune pour être proche des responsables politiques. Il aura donc deux bureaux. Celui à la commune lui servira quelques heures par semaine.

Même remarque pour le tourisme: le « Lommelshaff » abritera une sorte de syndicat d'initiative, mais le service du tourisme aura un bureau dans l'hôtel de ville.

Monsieur Krecké a calculé que la commune devrait toucher quelque dix-millions d'euros. Tom Ulveling n'a, quant à lui, pas reçu de chiffres précis.

Les locaux laissés vides pourront être transformés en magasins ou en appartements. L'un ou l'autre bureau pourra aussi servir au « city manager » ou au service du tourisme le cas échéant.

La question des personnes à mobilité réduite a été discutée avec monsieur Cheung.

L'accès aux bâtiments se fera par badge. Certaines salles seront mises à disposition de ceux en ayant besoin — par exemple une association.

Mais l'accès restera réglé par badge. Les personnes en question

lech wëssen, wann een zwee Haiser baut, dat gëtt ëmmer méi deier, wéi wann een eent méi grouss baut. Well een alles verduebelt.

Et ass gesot ginn, mir kréien dann eng Konzentratioun vum Verkéier op d'Gemeng. Okay. Mee et muss een awer och wëssen, wa mer dat op fënnf Plazen an d'Quartiere verplanzen, dann hu mer an de Quartieren och erëm méi Trafic. Soudass een ënnert dem Stréch näischt gewënnt.

Dat eenzegt, wou ech Iech alleguerte Recht ginn, dat ass d'Parksituatioun. Déi an deenen éischte fënnf, sechs Joren – net vun haut un natierlech, mee wa mer ufänken – net wäert optimal sinn. Dass een dann „leider“ muss e puer Meter ze Fouss goen. Mee ech hunn et schonn hei gesot: Wann ech an d'Ausland ginn an ech ginn eng Stad besichtegen, da ginn ech 10-15 km am Dag, ech mierken et emol net. An hei, wann ee gesot kritt, et misst een 300 m goe fir bis op d'Gemeng, dann ass dat en Drama. Ech mengen do misste mer awer kucken, dat e bëssen erofzespillen.

Aspuerpotenzial war gesot ginn. Dat war a mengen Aen, fir ze kucken – mir hu jo gesot, dass mer mat deem zousätzleche Mann, deen en sous-traitance am Fong ass, mam Architekt schafft, ob effektiv nach do um Chantier, während dem Bau, Saache kënnen agespuert ginn. Et geet net drëm, fir Servicer ewechzehuelen oder hei oder do. Et geet wierklech drëm, u Material vläicht ze spueren, un technesche Saachen ze spueren, déi vläicht anescht kéinte geluecht ginn an dat manner géif kaschten. Et geet also net drëm, alles a Fro ze stellen. Dat net.

Et ass e puermol hei gesot ginn, de Kulturservice an de Sportsservice wäeren da net méi op hirer Plaz. De Sportsservice war nach ni am Stadhaus. An de Kulturservice wäert am Kulturservice bliwen. Dir wësst alleguerten, dass am Kulturservice de Moment keng Plaz méi ass an de Büroen. Dofir hu mer decidéiert, dass mer déi Partie Festivitéiten – alles, wat fréier mol een eng Kéier hei „Wirschtercherskultur“ genannt huet – géifen auslagere. An dass mer dat dann an dat neit Gebai maachen, dass déi ee Büro do hunn.

Dat anert, wat och oft kritiséiert ginn ass, wat ech deelweis verstinn, dat ass, dass mer elo do géifen Tourismus a City-Manager ulagere. Dozou wëll ech dat heite soen: De City-Manager, dat ass richtig, dee soll eng Ulafstell hunn an der Stad. Mee e soll awer och, vu dass do vill Decisiounen musse mat de politesch Verantwortleche geholl ginn, och eng Ulafstell hunn am Stadhaus.

Soudass ee ka virgesinn – oder et ass scho virgesinn –, dass en zwee Büroen eventuell kritt. Een, wou en nëmmen e puer Stonnen oder een zwee Deeg ass, wou en alles regléiert, wat e mat de Politiker muss regléieren.

An dat selwecht am Tourismus. Wou mer, à ce stade, zum Beispill virgesinn hunn, dass mer um Lommelshaff eng Ulafstell hätten, eng Aart Syndicat d'initiative vun der Stad Déifferdeng fir den Tourismus. Dass d'Leit do Pläng siche kéinte kommen, sech renseignéieren: Wou si Spadséierweeër? Wou ass hei oder wou ass do? Wat awer net ausschléisst, dass den Tourismus e Büro am Stadhaus huet.

Subsiden, do huet den Här Krecké eis elo matgedeelt, dass e géing rechnen, datt mer ongeféier zéng Milliounen Euro kéinten do kréien. Ech wollt kee Chiffer nennen, an deem Sënn, well ech gesot krut: „Mir kënnen Iech kee soen, mee Dir kritt méi wéi Der vläicht kritt hätt mam alen Dénge.“

Wat geschitt mat de Büroen duerno? Duerno kënnen mer entweder deelweis Wunnengen draus maachen, deelweis kënnen mer Geschäfte draus maachen, deelweis kënnen mer déi och erëm abréngen, deelweis kënnen mer deen een oder anere Büro hale fir eise City-Manager oder fir den Tourismus, wann et esou e grouse Besoin gëtt.

Personnes à mobilité réduite: Dat ass gekuckt gi mam Här Sing-Loon Cheung. Sāi Service huet sech domadder auserneegesat. Déi waren agebonnen.

Zougang: Ech hat gesot mat Badgen. Et ass natierlech kloer, dass mer déi Säll wäerten zur Verfügung stelle fir jiddwereen, dee se brauch. E Veräin, zum Beispill. Mee dat wäert alles iwwer Badgë regléiert ginn. Dass ee wierklech

3a. Modernisation de l'hôtel de ville

nëmmen Zougang huet vun der Entréesdier, wéi een et am Fong elo huet, bis an e gewëssene Sall. Dat ass alles geduecht, fir multidisziplinär genotzt ze ginn.

Ech sinn elo gespaant, muss ech Iech soen, wéi Der Iech dann elo positionéiert – all déi, déi géint d'Zentralisatioun sinn –, wa mer elo un deem nächste Projet komme vum CID. Well do maache mer genau dat selwecht. An ech hoffen, dass mer dann och do den Dréi fannen, fir dat dann ze argumentéieren, firwat mer fir dat eent sinn an net fir dat anert. Well och do maache mer eng riseg Konzentratioun vun 300 Leit op enger Plaz. An och do rassembléiere mer alles. Mee dozou kommen ech jo dann nach.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech erlabe mer e puer Remarken. An där kuerzer Zäit, wou ech elo Buergermeeschtesch sinn, zirkuléiert an der Gemeng de Message, fir d'Kommunikatioun ze verbesseren. Dat ass wierklech e Punkt, wou mer drop musse kucken. Well do gëtt et Problemer. An deem ganze Projet hei geet et drëm, fir d'Kollektivitéit ze verstärken. Ëm dat Gefill, dass mer fir eng Gemeng schaffen. Ech hat a mengen éischte Riede gesot, wéi ech Buergermeeschtesch gi sinn, dass et eis alleguer, wéi mer hei sëtzen, ëm d'Gemeng geet. Et geet net ëm eis. Et geet ëm d'Gemeng, ëm d'Bierger. An et geet och ëm déi Leit, déi do schaffen.

Mat dësem Bau géife mer hinnen hir Aarbechtskonditiounen weesentlech verbesseren. An an engems géife mer d'Kollektivitéit stäerken. Mir géifen d'Koordinatioun stäerken. A virun allem géife mer der Gemeng vläicht eng Identitéit ginn, déi hir bis elo gefeelt huet. An deem Sënn gesinn ech dezentraliséieren éischer als kontraproduktiv. Well et ass d'Demande vun de Servicer, fir integréiert ze ginn. Wéi gesot, dat do ass mat de Servicer ofgeschwat ginn. An dass déi elo alleguer do zesummesetzen, dat kënnt op hir Demande. Dat wëll ech ganz kloer soen.

Op där anerer Säit probéiere mer méi biergerfrëndlech ze ginn. Zum Beispill e Mënsch, deem am Service social ass,

huet vläicht Kanner, déi en an de Schoulservice oder an der Maison relais muss aschreiwen. Gi mer deem da vu lénks op riets schécken. D'Zil ass, d'Weeër ze vereinfachen. An an deem Sënn méi biergerfrëndlech ze sinn. Hei brauch en da just vun enger Plaz, oder vun engem Stack op deem aneren ze goen.

Wou mer eis, mengen ech, alleguer eens sinn – an dat muss een einfach esou soen: Mir kréien e Problem mam Parking. Okay. Awer wëll ech soen, mir hunn nächste Freideg e Rendez-vous beim Här Bausch fir iwwert d'Mobilitéit ze schwätzen, déi verschidden Zorte vu Mobilitéit: Mobilité douce, Zuch, Tram a wat et nach alles gëtt. Tram gëtt et keen hei, awer Auto. Wéi mer eis do kënnen optimiséieren.

Dann erënneren ech drun, dass mer en T.I.C.E. hunn, dee mëttlerweil all Véierelstonn gratis fiert. Mir hunn en Diffbus, wou mer amgaang sinn ze kucken, ob mer d'Trajete kënnen optimiséieren. An d'Madamm Pregno huet Iech gesot, dass mer e Ruffbus wëllen an d'Gemeng bréngen.

Firwat net während deene Joren, wou et da wierklech schwiereg gëtt, dee Ruffbus als administrative Bus huelen? Fir de Leit ze erméiglechen, ouni Problemer – oder mat manner Problemer – op d'Gemeng ze kommen. Dat ware meng Remarken.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, normalerweis huet de Buergermeeschter d'Schlusswuert. Ech sinn awer hei erwänt ginn. An ech wëll dozou Stellung huelen.

Virun e puer Méint krute mer e Projet virgeluecht, dat war nach virun der Covidzäit. A mir hunn eis dee ganz am Detail ugekuckt, Här Ulveling. Mee wann Der awer gesot kritt, do kënnen nach verschidde kleng Saachen änneren, well de Projet war u sech jo ofgeschloss, a wann een da mat der Grondiddi net d'accord ass, dass dat eng Zentralisatioun ass. Wou een net ka mat op de Wee goen, ech mengen, dann huet et och kee Wäert, dass een do nach vill

ne pourront passer accéder qu'à la porte d'entrée et à la salle prévue. Tom Ulveling se dit curieux d'entendre la position de ceux contraires à la centralisation quand il sera question du CID. Il espère pour eux qu'ils trouveront des arguments. Car quelque 300 personnes vont travailler sur ce site.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

constate que depuis qu'elle est bourgmestre, on lui demande d'améliorer la communication interne. L'objectif doit donc être de renforcer la collectivité. Après tout, il en va de la commune, de ses citoyens et de ses collaborateurs, et non des hommes politiques.

La nouvelle structure améliorera les conditions de travail des fonctionnaires et renforcera la collectivité. C'est pourquoi décentraliser serait contreproductif. De toute façon, l'aménagement des locaux a été discuté avec les différents services.

C'est aussi une question d'ergonomie. Quelqu'un se rendant au service social a peut-être aussi des enfants à inscrire en maison relais. Pourquoi le balader de droite à gauche alors qu'il peut trouver tout ce qu'il lui faut sur un seul site?

En ce qui concerne le parking, le collège échevinal a rendez-vous avec monsieur Bausch vendredi prochain pour discuter de la mobilité.

Christiane Brassel-Rausch rappelle que désormais, le TICE circule gratuitement tous les quarts d'heure. Les trajets du Diffbus seront optimisés. Madame Pregno veut par ailleurs introduire un « Ruffbus » dans la commune. Le cas échéant, ce bus sur appel pourra aussi servir à l'administration les premières années.

ERNY MULLER (LSAP) tient à prendre position, même si normalement, c'est au bourgmestre que revient le mot de la fin.

Un projet a été présenté aux conseillers communaux il y a quelques mois. Le collège échevinal a fait comprendre à ce moment-là que seules de petites modifications étaient possibles. Dire que l'on est contraire à la centralisation n'au-

3b. Nouveaux ateliers communaux

rait eu aucun sens, parce que la décision avait déjà été prise.

Erny Muller ne comprend pas non plus pourquoi on lui reproche d'avoir retourné sa veste. Il se souvient des gens se rendant au troisième étage avec des poussettes. C'est lui qui a insisté pour déplacer le service scolaire. La résidence Nelson-Mandela, qui est bien située par rapport aux écoles, a d'ailleurs été acquise pour le service scolaire. Ces locaux disposent d'un vrai accueil et d'une bonne visibilité.

Mais Erny Muller n'a jamais dit qu'il était en faveur d'une centralisation.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ajoute que tout ce qu'il a dit, il l'a également écrit à monsieur Ulveling le 27 mai. Pour le reste, les décisions concernant l'office social et le parking Mandela sont politiques. Les démocrates auraient agi différemment. En tout cas, le DP a remis son avis par écrit.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) décrète une pause de dix minutes.
(Pause)

TOM ULVELING (CSV) passe à un autre grand projet, dans le cadre duquel plus de 380 personnes seront centralisées.

Actuellement, le CID travaille dans de mauvaises conditions parce qu'il est réparti en plusieurs petites structures et parce qu'il manque de places de stationnement à cause de chantiers par exemple.

Tom Ulveling remercie les collaborateurs qui devront faire preuve d'encore un peu de patience jusqu'à ce que les nouveaux locaux soient aménagés.

Il répète que les conditions de travail ne sont pas bonnes. Le bâtiment actuel a été construit pour 80 personnes, mais il en accueille 180.

L'objectif est de remplacer les nombreux locaux actuels — par exemple Efco, les caves d'écoles ou le parking des Alliés — par un seul site.

Ce projet est ancien. Il en est question depuis près de dix ans. Mais il

seet. Well et war jo awer kloer, de Wee war virgewisen. An dat war eng komplett zentral Verwaltung vun eiser Gemeng, mat alle Servicer. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet, do musst Der mer awer nach erklären, firwat ech elo e Sënneswandel matgemaach hätt. Well Dir wësst, ech war deen, deen am meeschte gesinn huet, wat lass war um drëtte Stack. Wann d'Leit d'Poussetten eropgeschleeft hunn – onméiglech Situatiounen. Ech hunn hinnen all Kéiers misste soen, wou de Schoulservice wär. A wou ech gesot hunn, elo musse mer deen op eng aner Plaz bréngen, sou schnell wéi méiglech.

Dunn hu mer d'Residence Nelson Mandela – deemools huet se nach net esou geheescht – kaf, fir de Schoulservice richteg ënnerdaach ze bréngen. Mat engem richtegen Accueil a mat der néideger Visibilitéit, no bei de Schoule vum Zentrum. Net bei alle Schoulen, mee bei de Schoule vum Zentrum. Mee wat Dir elo gesot hutt, datt ech fir eng Zentralisatioun war an elo wär ech dogéint: Sot mer, wannechgelift, wéi Der dat mengt a wat Der speziell wëllt soen domadder.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech wëll nach eppes preziséieren. Dat, wat ech virdrun alles gesot hunn, hat ech am Virfeld, notamment de 27. Mee, schrëftlech agereecht beim Här Ulveling. Duerno ass et natierlech eng politesch Entscheidung, ob een en Office social matabënnt oder separat iergendwou dezentral hibaut. Oder ob ee fir d'éischt en ënnerierdesche Parking Mandela baut oder net. Dat ass eng politesch Decisioun, déi mir eeben aneschtlers getraff hätten.

Mee ech wollt just preziséieren, datt mir ganz kloer als Demokratesch Partei am Virfeld eis Positioun schrëftlech agereecht hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui, 3 voix non et 3 abstentions d'approuver les plans et devis relatifs à la modernisation de l'hôtel de ville.

Villmools merci. An ech géif soen, mir maachen eis üblech Paus, mat Verspéidung. Zéng Minutten. Et ass elo 10.17 Auer. Wa mer um hallwer kéinten erëm ufänken. Da sinn et net grad 15 Minutten. Villmools merci.

(Paus)

Mer fuere virun. Ech ginn d'Wuert direkt virun un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, och dëst e groussen an e wichtege Projet, un deem mer schonns laang schaffen. An, leider, zentraliséiere mer och hei. An net nëmmen 160 oder 170 Leit, mee iwwer 380 Leit. E Megaprojet, op deen eis Leit an eis Aarbechter waarden.

Wéi gesot, mir schaffe schonns laang do drun. Well mer a vill ze kleng Struktur schaffen an de Bau vun der Grondschoul vun der EIDE eis zousätzlech Parkraum ewechgeholl huet si mer de Moment an enger Phas, wou et am CID schwéier ze schaffen ass. Ech soen all deene Leit Merci, déi nach e bësse Gedold mussen hunn, bis dat hei opgeriicht ass. D'Konditioun fir ze schaffe sinn net optimal. D'Konditioun fir ze zirkuléieren an deene Gebaier sinn net optimal. Dat Gebai war gebaut ginn an der Zäit fir 80 Leit. An et schaffen der elo 180 do. An et muss eppes geschéien.

De But vun deem Ganzen ass, dass d'Leit ënner optimalen Aarbechtskonditiounen schaffen. Et ass virgesinn, alles ze zentraliséieren, well mer, à ce stade, zéng verschidde Sitten – ugefaange beim Efco bis an d'Kellere vun de Schoulen, de Parking op der Place des

3b. Nouveaux ateliers communaux

Alliés –, alles als Stockageraum benotzen. Domadder soll Schluss sinn. Döst erméiglecht och eng besser Gestüön vun all deene Saachen.

Wéi gesot, et huet laang gedauert. Dir wësst alleguer, dass mer scho Joren, ech géif soen, bal zéng Joren dovun schwätzen, dass mer eppes musse maachen. Et hat awer laang gedauert, bis mer dat lescht Stéck Terrain vum Puzzel zesammen haten, fir dann elo endlech plangen ze kënnen. Rout agezechent op der Kaart ass eng Reserv vu 24 Ar fir e spéideren Ausbau oder Zousaz.

Och hei sinn eis Leit dës le départ agebonne ginn. Ech soen eise Leit vum CID, dem John Scheuren, dem André Gonderinger, dem Elke Peterhänsel, dem Architekt Moreno an dem Büro Goblet Lavandier, déi eis heibäi begleet hunn, villmools Merci. Si hate praktesch fräi Hand, fir dat ze plangen. D'Resultat vun deem, wat si geplangt hunn, wat si sech ausgeduecht hunn, fir optimal ze zirkuléieren an ze schaffen, hutt Der elo hei virleien.

Mir hu versicht, an dësem Gebai eise Bauleitfade gerecht ze ginn. Mee dorop kommen ech nach zréck.

D'Prämiss war, all eis Servicer ze zentraliséieren, dee ganze Stockage, alles, wat iwwert d'ganz Gemeng verspreet ass, den ATI, de Fierschter an de Service informatique dohinner ze kréien.

Den neie CID, wësst Der, kënnt op Nidderkuer hannert de Garage Collé, dat Stéck hannert dem Garage Collé bis bei d'Gleiser. Dësen Terrain ass strateegesch gutt geleeën. Et ass aus dem Wunnvéirel. Wat virdrun net de Fall war. Et läit ee Kilometer vun der Brëtell, fir op d'Autobunn A13 ze kommen. A mir hunn e Site reservéiert, vu 26 Ar, deen eis gehéiert, dee mer bebaue kënnen.

Et handelt sech ëm en Terrain vun 2,8 Hektar, op zwee Plateauen agedeelt wéinst der Topografie. D'Héichtendifferenz tëscht deenen zwee Plateauen ass 1,5 m. Et féiert eng Entrée op déi jeeeweileg Plateauen. Et ass vu vill Gréngs ëmginn. Op der Kaart, nieft dem Bâtiment administratif, also dem A, gesitt Der zwee riseg Réckhaltebecken.

Op engem Terrain vun 28.400 m² gëtt eng Fläch vun 23.600 m² gebaut, op maximal véier Stäck, wann een de Sous-sol matarechent.

Um éischte Plateau zur Säit vun der Strooss, zur Säit vum Collé, fanne mer dat administratiivt Gebai mam Ree-waasserbecken. Dat Gebai gëtt ganz aus Holz gebaut, nëmmen de Sou-sol an d'Trapenhaus soll aus Bëtong sinn. D'Fassad gëtt mat metalle Bardagen an Anthrazit-Faarf agekleet. Dozou wëll ech direkt soen, dass mer verschidde Leit gesot hunn, dass dat vläicht net genau esou wär, wéi mer dat sollte maachen, well dat eise ökologesche Leitfaden net ganz entsprécht. Do wäerte mer versichen, eng Alternativ ze fannen, fir dat net onbedéngt mussen an engem metallene Bardage oder Aluminium ze maachen.

Op deem zweete Plateau, nient d'administratiivt Gebai, kommen d'Atelieren. Dräi Ateliere fir de Stockage, een Atelier fir ze schaffen an een Atelier ass ugedockt un d'Parkhaus. An dann hu mer ganz uewen, lénks vun de Gleiser, e Gréngsträifen an en exterieure Stockage. Ech kommen duerno am Detail drop zréck. Dat sinn esou Boxen.

All Plateau huet eng eegen Entrée. Dat hunn ech scho gesot. Déi zwee Plateau si matenee verbonnen. D'Funktionalitéit vun der Administratioun, den Atelieren an dem Stockage wollte mer kloer trennen, ouni awer dass d'Kommunikatioun géif ze kuerz kommen. Et sinn d'Fluxe vun de Leit gekuckt ginn. Et ass e Konzept vun de kuerze Weeër opgestallt ginn. Dat erkläert déi verschidde Funktiounen vun de Gebaier.

Elo zu de Funktiounen. Riets nient dem Réckhaltebecken gesitt Der e Gebai, dat ass 51 m laang. Dat ass dat administratiivt Gebai. Et huet eng Längt vu 57 m an eng Breet vu 35 m als Footprint. Um Rez-de-chaussée, zur Säit vun den Halen, also wann Der virdrustitt, op der lénker Säit, sinn duebel Vestiären, aacht Vestiären am Ganzen, fir d'Aarbechter, mat gehéizte Spinden, Sanitäranlagen, Dusche fir 200 Leit, e grouss Refectoire mat Kichen, eng Terrass an an der Mëtt eng Infirmerie.

Am viischten Deel vun deene Sanitäranlage si véier Vestiäre virgesi fir eis ATI/RMG-Leit. Déi si fir 100 Leit vir-

a fallu du temps pour rassembler tous les terrains.

Tom Ulveling précise que les parties en rouge sur le plan constituent une réserve de 24 a pour agrandir le site le cas échéant.

Les collaborateurs ont été impliqués dans le projet dès le départ. Tom Ulveling remercie John Scheuren, André Gonderinger, Elke Peterhänsel, l'architecte Moreno, le bureau Goblet Lavandier... Le résultat de leurs travaux est optimal. La commune a essayé de se tenir à son guide des constructions durables. L'objectif était de rassembler tous les services, l'ATI, le garde forestier, le service informatique...

Le nouveau CID se situera à Nidderkorn derrière le garage Collé à un endroit stratégique — en dehors des agglomérations et à un kilomètre de l'A13. Vingt-six ares serviront de réserve.

Le terrain fait 2,8 ha sur deux plateaux. La différence de hauteur est de 1,5 m. Le site est entouré de nature. Les bâtiments occuperont 23 600 m².

Le bâtiment administratif et un bassin de rétention se trouveront du côté de Collé. Il sera construit en bois, avec un sous-sol et un escalier en béton. Le bardage en métal ne correspond pas entièrement au guide écologique de la commune. Le collège échevinal cherche une autre solution.

Le deuxième plateau accueillera les ateliers: trois pour le stockage, un pour travailler et un troisième jouxtant le parking. Un emplacement de stockage extérieur est prévu en haut à gauche de la voie ferrée.

Chaque plateau a son entrée. Les deux plateaux sont raccordés même si les fonctionnalités sont bien partagées. Le tout correspond à un concept des chemins courts.

Le bâtiment administratif a une longueur de 51 m et se trouve à côté du bassin de rétention. Le rez-de-chaussée comprend des vestiaires, des sanitaires, des douches pour 200 personnes, un réfectoire, une terrasse et une infirmerie. Dans la partie antérieure, quatre vestiaires sont destinés à l'ATI et au RMG. En tout, il y aura des vestiaires pour 300 personnes. À l'entrée se trouve une installation pour nettoyer les chaussures. Viennent

3b. Nouveaux ateliers communaux

ensuite un accueil et six ou huit bureaux pour les responsables de l'ATI et la délégation. Ainsi, les ouvriers ne devront pas parcourir tout le bâtiment s'ils veulent discuter d'un problème.

La direction occupera 11 bureaux au premier étage. Il y aura aussi des salles de réunion, des locaux où faire une pause, une terrasse couverte, des espaces de stockage, des photocopieuses... Le premier étage accueillera aussi le service informatique.

En tout, 68 personnes pourront occuper 30 bureaux.

Le long de la route se trouveront trois bâtiments en bois et béton. La première halle de 220 m² servira d'espace de stockage et de réfectoire pour l'ATI/RMG. Le garde forestier pourra y stocker son matériel. La halle accueillera aussi les illuminations de Noël.

Le principe des halles est toujours le même: de nombreuses portes permettent d'accéder à une mezzanine. Le stockage se fait à l'étage supérieur.

La deuxième halle fait 1107 m². Elle servira d'atelier pour la laverie et d'espace de stockage pour la voirie. Un même toit recouvre les halles 2 et 3. Il sera donc possible de réaliser des travaux de réparation à l'extérieur même s'il pleut. La troisième halle servira de stockage au garage. Des locaux pour les pompiers sont aussi prévus.

Derrière les halles se trouve une cour avec deux silos pour le sel. Un grand bâtiment se trouve en face. Il s'agit d'ateliers faisant 1250 m² pour les électriciens, les déménageurs, les serruriers, les peintres, les jardiniers, le service de l'eau et la voirie. Chaque atelier disposera d'espace de stockage en plus d'une réserve de 9000 m² au sous-sol.

Derrière, un parking en béton de 9900 m² sera construit. Il pourra accueillir 212 véhicules, dont des camions, des camionnettes et des voitures de service. Il restera aussi quelque 80 places pour les véhicules du personnel. Le collège échevinal a déjà expliqué à celui-ci que ces places de stationnement seront payantes. Le tarif n'a pas encore été fixé, mais la commune dispose d'un accord de principe.

gesinn. Soudass mer am Ganzen hei fir 300 Leit Vestiären hunn. D'Entrée ass säitlech, dee schwaarze Punkt. Do kënnt een eran an do ass eng Anlag virgesinn, wou ee sech d'Schong kann ofsprëtzen a botzen, ier een an d'Gebai kënnt.

Do ugedockt, säitlech riets, ass e klen-gen Deel, wou d'administratiivt Gebai u sech ugeet. Do kënnt een eran. Do sinn den Accueil, sechs oder aacht Büroe virgesinn. Déi si geduecht fir déi Leit, déi d'ATI-Ekippen dirigéieren a fir d'Delegatioun. Sou hu mer geduecht, dass déi a Proximitéit si vun hire Leit an Aarbechter, déi dann och ganz kuerz Weeër hunn, wa se e Problem hunn, fir deen unzeschwätzen. Si brauchen dann och net an hirer Aarbechtskleedung duerch d'ganzt Haus ze lafen.

Uewendriwwer an deem Gebai, dat ass 51 m laang a 14 m breet, sinn um éischte Stack eelef Büroe virgesi fir d'Direktioun vum CID. Do wäerten och sämtlech Meeschteren hir Büroen hunn. Reuniounssäll, Cafészëmmeren, e Lokal fir d'Botzekipp, Sanitär-anlag, eng iwwerdaachten Terrass, Stockage-raum a Raim fir d'Kopiesmaschinen. Den zweete Stack ass d'selwecht konfiguréiert. Och do hu mer e puer Büroen als Reserv. Hei ass och fir d'Botzekipp virgesinn, fir d'Direktioun vun der Botzekipp. An och eise Service informatique soll dohi kommen.

Wéi gesot, an dësem Gebai si Vestiäre fir 300 Leit, 30 Büroe fir ongeféier 68 Persounen.

Elo géife mer dann a Richtung Bunn goen. Vir bei der Strooss, op deem zweete Plateau, sinn dräi Halen, déi aus Holz a Bëtong gebaut ginn. Déi éischt Hal, 220 m², ass de Stockage a Refectoire fir ATI/RMG. An der Mëtt soll de Fierschter säi Stockage hunn. A ganz hannen ass de Stockage vun eise Chrëschtbelichtungen. Alles, wat mat Elektresch ze dinn huet, kënnt dohin-ner.

Déi zweet Hal ass och op zwee Niveauen. Also de Prinzip vun all Hal ass ëmmer dee selwechten. Et ass op zwee Niveauen, et sinn e ganze Koup Dieren a Garagëpaarten do. Wann een erakënnt, kënnt een an eng Aart Mezzanine, wou um zweete Stack de Stockage gemaach gëtt. Do kann ee mam

Clark alles vun ënnen erophiewen an um éischte Stack tëschelageren, wat ee brauch.

Déi zweet Hal huet 1.107 m². Dat ass den Atelier vun der Wäscherei, de Stockage fir d'Voirie: Sämtlech Schëlter an alles gëtt do stockéiert. Dat dierf net naass ginn. Et kann een et net erausstellen. Dat muss iwwerdaacht sinn. Och do gëllt de Prinzip vun der Mezzanine. Déi zweet an déi drëtt Hal si mat engem Iwwerdaach verbonnen, soudass een och dobausse mol Saache ka maachen, Reparatiounen oder esou, wann et reent, ouni naass ze ginn. Déi drëtt Hal ass geduecht fir de Magasinn, Saache vum Garage, Lokaler fir Stockage vu Pneuen, Ueleg, Technik. An et sinn och Lokaler do fir d'Pompjeeën.

Hannert dësen Halen ass en Haff. Hannert dem Garage sinn zwee Siloen. Dat sinn déi zwee véiereckeg Denger, déi Der do gesitt. Do gëtt d'Salz fir de Wanter stockéiert. Vis-à-vis vum Haff ass e grousst Gebai. En face sinn eng ganz Rei Atelieren, wou ee ka Saache preparéieren, wou ee Saache kann hierstellen. An hannert dësen Atelieren ugedockt ass eist Parkhaus.

Déi Atelieren hunn eng Surface vun 1.250 m². Déi sinn also un d'Parkhaus ugedockt. Dat si siwen eegestänneg Ateliere fir d'Elektriker, d'Plënnerekip, haaptsächlech fir d'Schoulen, d'Schlässer, d'Usträicher, d'Gärtner, d'Waasserwierk an d'Voirie. Och hei ass de Prinzip vun de Mezzaninen. An all Atelier gëtt Material stockéiert, Holz an esou weider, wat se esou brauchen fir ze verschaffen. Si hunn och e Reserv-Stockageraum am Sous-sol, vun 9.000 m².

Hannendru kënnt d'Parkhaus aus Bëtong vun 9.900 m². Hei sinn 212 Emplacementer virgesinn, souwuel fir Camionen, Camionnetten, Déngschtween wéi och Parkplaze fir d'Beleeg-schaft. Um Niveau -1 sinn 53 Emplacementer fir Camionnetten. Um Niveau 0 sinn 33 Emplacementer fir Camionen. An um Niveau +1 sinn 126 Emplacementer fir d'Déngschtween an d'Beleeg-schaft. Soudass, wa mer d'Déngschtween ofrechnen, nach eng gutt 80 Plaze wäerten do si fir d'Beleeg-schaft. Mir hu mat hinne geschwat a gesot, mir maachen iech Parkplazen, mee dat wäert awer net zum Nulltarif sinn. Do muss

3b. Nouveaux ateliers communaux

ee sech eens ginn iwwert den Tarif. Si waren d'accord mat deem Prinzip. Well soss hätte mer dat eventuell net gebaut.

Dat heescht, do hätte mer eng Rentrée fir spéider. Dem Fierschter säi Lokal kréie mer jo vun der Administration des eaux et forêts rembourséiert. Also d'Lokatioun zumindest emol.

Dat lescht Element: Parallel zu de Gleiser, niewent der leschter Hal an den Atelieren, si 15 oppe Boxe fir de Stockage vu Material virgesinn, eng Gesamtfläch vun 1.200 m² fir Bennen, Pawee respektiv Material vun de verschiddene Servicer. Dës Boxe sinn aus Bëtong, si hunn en Iwwerdaach a sinn no vir op.

Op de Rescht vum Terrain kënnt Makadam, well dat jo riseg Zougangswееr si vum Parking bis bei d'Atelieren, d'Stockagehalle respektiv bis bei d'Garagen. Dat heescht, alles gëtt zoubetonéiert. Well soss kann ee jo net do mat schwéiere Gefierer fueren, wann do keng haart Surface ass.

Um administrative Gebai ass e platten Daach virgesinn. Do wäert kënne eng Photovoltaikanlag opgeriicht ginn. Op d'Hale kommen déi sougenannten Toitures en shed. Wann ech mat Leit geschwat hunn, ass gesot ginn: Dat kascht esou vill méi, brauche mer dat wierklech? Mir waren eis d'Administration zu Bartreng ukucken an déi hunn dat gelueft a gesot, dat ass immens.

Well doduerch kënnt vill natierlech Luucht an déi Atelieren. Net nëmme, dass d'Leit dee ganzen Dag laang do musse schaffen, ech fannen et och wichteg, dass déi Leit wëssen, wéi et dobaussen ausgesäit. Ob d'Sonn schéngt, ob et reent oder ob Schnéi läit. Dass déi awer matkréien, wéi et dobaussen ausgesäit. En plus erlaabt dat eis, Käschen anzespueren, wat d'Elektresch ugeet. Well natierlech Luucht do erakënnt.

D'Gebai gëtt mat enger Pelletheizung, fir de Sanitär ze hëtzen, ausgestatt. Zwëschent d'hëlze Poutre kommen an de Plaffong Heizungen. An zousätzlech gëtt mat enger Wärmepompe gehëtzt. Mir sinn eis bewusst, dass am Summer d'Temperaturen an de Raim kéinten héich sinn. Dofir froe mer eis, ob een

net sollt higoen, fir de Bau mat enger Bëtongkärtemperéierung auszustatten, wéi d'Stadhaus. Esou Leitungen ze leeën, fir dat ze killen. Dat muss awer nach gekuckt respektiv chiffréiert ginn. D'Energieklass vun deem administrative Gebai ass ABA. D'Atelieren, de Parking an den Aussestockage BBB an d'Hale sinn am BC-Beräich ugelagert.

Dat ganz Gebai wäert ëm déi 70 Milliounen Euro kaschten. Bis Enn 2021 wäert et daueren, bis en Appel d'offre gemaach gëtt. Am Abrëll 2021 wäert kënne mam Chantier ugefaange ginn. A wann alles gutt geet, wäert et am Abrëll 2023 fäerdeg sinn.

De Käschtelpunkt vun deem Gebai sinn 69,3 Milliounen Euro. De Meterkareespräis vun administrative Gebai läit bei 3.500 Euro. Dee vun den Atelieren bei 2.000 Euro an dee vum Parking bei 1.000 Euro pro Meterkaree. De Bannenausbau kascht 150 Euro de Meterkaree an d'Aussenamenagement 850 Euro de Meterkaree.

Et ass e grousst Gebai. Et si riseg Flächen, déi gebaut ginn. Et si riseg Flächen, déi versigelt ginn. Et ass e stolze Präis, ginn ech gär zou. Mee ech mengen, mir sinn eis all der Necessitéit vun deem Bau bewusst. Well an den haitege Konditiounen kann net méi nach laang weider geschafft ginn. Merci un eis Aarbechter, déi an den Atelieren am CID schaffen, wou et relativ enk ass.

Zum Gléck hu mer d'Pompjeeën do eraus kritt. Do hu mer konnten e bëssen ausbauen. Mee wéi gesot, alles wat Zirkulationsflächen ass, fir eis Camionen an esou ofstellen, déi musse mer deelweis schonn um Efco ofstellen. Alles dat fir ze zirkuléieren ass net ouni Risiko an ass geféierlech. Ech hoffen, dass Der mer dës Projet stëmmt, fir anstänneg Konditiounen ze schafen an d'technesch Déngschter an ideale Konditiounen ënnerzebréngen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Ulveling. Här Muller, wannechgelift.

La location du bureau du garde forestier sera remboursée par l'Administration des eaux et forêts.

Parallèlement à la voir ferrée se trouveront 15 box ouverts pour le stockage du matériel sur 1200 m². Construits en béton, ces box sont couverts.

Le reste du terrain sera macadamisé. Autrement, il serait impossible de se déplacer en voiture.

Le toit du bâtiment administratif sera plat et accueillera un système photovoltaïque. Les toits des ateliers seront en shed. Cela coûte plus cher, mais l'administration de Bertrange a confirmé que ces toits étaient extraordinaires. Ils laissent passer la lumière du jour, ce qui est important pour les ouvriers. Ils permettront aussi de réduire les frais en électricité.

Le bâtiment sera équipé d'un chauffage à pellets pour le bloc sanitaire. Les plafonds contiendront des chauffages entre les poutres en bois. Une pompe à chaleur sera aussi disponible.

En été, les températures risquent de grimper. L'activation du noyau du béton pourrait être une solution. Mais ces travaux n'ont pas encore été chiffrés.

Le bâtiment administratif sera de classe ABA, les ateliers et le parking BBB et les halles BC. L'ensemble couvrira 69,3 millions d'euros. L'appel d'offres sera lancé fin 2020 et le chantier commencera en avril 2021 pour durer deux ans. Le prix au mètre carré est de quelque 3500 € pour le bâtiment administratif, 2000 € pour les ateliers et 1000 € pour le parking.

Il est question de surfaces énormes. Les frais sont importants, mais cette construction est nécessaire. Les ouvriers ne peuvent plus continuer à travailler comme maintenant. Heureusement que les pompiers ont déménagé. Mais les camions par exemple sont stockés sur le site d'Efco.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver ce dossier pour que les services techniques puissent travailler dans des conditions idéales.

3b. Nouveaux ateliers communaux

ERNY MULLER (LSAP) déclare qu'il était temps de construire de nouveaux ateliers communaux sur un site de trois hectares. Monsieur Ulveling a donné les détails des bâtiments et des aménagements extérieurs.

Le projet a été réalisé en concertation avec les responsables du CID. Monsieur Ulveling a parlé d'atelier des chemins courts,

Erny Muller a essayé de chiffrer les couts des différents bâtiments pour s'expliquer le montant total de 70 millions d'euros. Il a utilisé le tableau financier reprenant les prix au mètre carré. Mais ce tableau est extrêmement détaillé. Le bâtiment administratif par exemple comprend des vestiaires pour 300 personnes. Il pourra accueillir 68 employés dans 30 bureaux sur plus ou moins 3500 m².

Erny Muller a calculé un prix de 3500 €/m². Il suppose que la TVA est incluse. Autrement le calcul ne marche pas. Le prix total se monte donc à 12.250.000 € pour la pièce maitresse du site même si les ateliers sont peut-être plus importants. Les ateliers et le stockage sont répartis sur quatre lots: B, C, D et E. Il s'agit de 9000 m² pour un prix de 2000 €/m². Les 4 bâtiments couleront donc 18 millions d'euros — 4,5 millions d'euros par bâtiment. Le stockage extérieur se fait dans des box. Le devis parle de 2000 €, mais Erny Muller suppose qu'ils couleront un peu moins et qu'il s'agit du prix moyen comprenant les ateliers de stockage.

Le parking sur le lot F coute 1000 €/m², c'est-à-dire 9,9 millions d'euros.

Les aménagements extérieurs coutent aussi cher — avec les plantations et les bassins de rétention. Le prix se monte à 850 €/m² pour un total de 14.450.000 €.

Les couts du projet sont donc conséquents. Mais les prix comprennent non seulement les bâtiments, mais aussi les alentours.

(Interruption)

Erny Muller confirme que les canalisations sont aussi comprises dans le prix. En tout, il arrive à 56 millions d'euros. Il répète que les prix semblent inclure la TVA.

Les honoraires se montent à 17 % de 50 millions d'euros, c'est-à-dire

ERNY MULLER (LSAP):

Merci. D'Gestaltung an de Bau vun engem neie CID, de sougenannte Gemengenatelieren, ass scho längst iwwerfälleg. Elo, wou d'Entwécklung ëm d'Plaz vum aktuelle CID mat engem internationale Schoulcampus an hoffentlech och engem Lycée Technique weidergeet, gëtt et Zäit fir en neie CID, deen am Agang vun Nidderkuer geplangt ass. Wéi mer unhand vun de Pläng konnten erkennen, gëtt den neie Projet op engem Areal vu ronn dräi Hektar opgeriicht. De Bauteschaffen, den Här Ulveling, huet eis d'Detailer vum gesamte Projet mat deenen eenzele Gebaier an dem Aménagement extérieur erkläert.

Bis op e puer Froen a Remarque wëll ech net an den Detail goen. Dee ganze Projet gouf zesumme mat de Responsable vum CID entworfen. Hir Virstellung betreffend Layout a Funktionalitéit si matagefloss. Dir hat dat genannt: en Atelier vun de kuerze Weeër.

Fir mer eng besser Virstellung betreffend den enorme Käschtepunkt vu 70 Milliounen Euro ze maachen, hunn ech versicht, souwäit et méiglech war, d'Detaillkäschte vun deenen eenzele Gebaier ze chiffréieren. Dëst unhand vum Tableau financier APD, wou mer d'Meterkareeskäschte pro Funktioun opgelëscht hunn.

Ech muss soen, dat ass relativ diffus. Firwat? Do ass alles opgelëscht, all d'Detailer, vun deene verschiddenen Ouvragen, de Corps-de-métieren an esou weider. An et kritt ee meeschtens d'Stéckzuelen oder sou, an et huet ee keen Iwwerbléck, wat elo z. B. dee Plang kascht, dee mer do gesinn. Duerfir wëll ech et emol esou soen: Um Plang gesi mer dat administratiivt Gebai ënner A. 12 Vestiaire fir 300 Persounen ausgeluecht. Dat ass eventuell nach ausbaufäeg, wéi déi meescht Ateliere, also zukunftsorientéiert. 68 Persounen, 30 Büroen. Plus ou moins 3.500 m² op dräi Niveauen, dovun e kleng Soss-sol.

De Präis dovun ass, wann een deem de Präis zugrond leet, deen als mëttlere Präis vun 3.500 Euro de Meterkaree uginn ass – ech hunn herno erausfonnt, dat muss de Präis si mat der TVA, well soss geet dat Ganz net op. Dat steet net

an den Dokumenter. Ech gi mol dovun aus, dass dat de Präis ass inklusiv TVA, soudass mer op 12.250.000 Euro komme fir dat Verwaltungsgebai, wat Der do gesitt. Wat Pièce maitresse ass. Vläch sinn d'Ateliere méi wichteg, mee d'Verwaltungsgebai spillt awer eng ganz wichteg Roll an deem Konzept.

Zweetens, Ateliers et stockage. Do hu mer véier Loten: B, C, D an E. Dat si véier Gebaier, wouvun eent un d'Parkhaus ugedockt ass. Am Ganzen, plus minus 9.000 m². 2.000 Euro de Meterkaree. Soudass déi véier Gebaier 18 Milliounen Euro kaschten oder 4,5 Milliounen Euro pro Gebai. Fir emol grosso moddo e Begrëff ze hunn: Wat kascht dat iwwerhaapt? Wat hu mer fir déi enorm Zomm vu 70 Milliounen Euro? Wat mécht dat aus?

Dann nach Stockage extérieur, Dir hutt gesot, et si Boxen. Déi si mat 2.000 Euro veranschlaagt, wat e mëttlere Präis ass. Ech ginn awer dovun aus, dass déi vläch e bësse manner kaschten. Mee dat ass de Prix moyen fir déi Gebaier, déi dann heeschen „Ateliers stockage“ fir 1,4 Milliounen Euro.

D'Parkhaus am Lot F. 9.900 m² mol 1.000 Euro de Meterkaree, dat mécht 9,9 Milliounen Euro.

En héije Käschtefacteur ass och nach den Aménagement extérieur, d'Air de circulation, den Haff, awer och all dat anert wéi d'Bassins de rétention, d'Plantatiounen an esou weider. Dee ganzen Amenagement, 17.000 m² mol 850 Euro de Meterkaree. Dat ergëtt ëmmerhi 14.450.000 Euro fir deen Amenagement vu plus ou moins eppes manner wéi dräi Hektar. Dat muss ee sech virstellen. Och dat kascht. Et sinn net nëmmen d'Gebaier, déi kaschten, mee och d'Alentouren, d'Zougängelechkeet, dee ganzen Amenagement an esou weider.

ENG STËMM:

D'Kanalisationen nach.

ERNY MULLER (LSAP):

D'Kanalisation, dat ass alles mat dran. Wann ech dat zesummenzielen, kommen ech op 56 Milliounen Euro.

3b. Nouveaux ateliers communaux

An ech hunn emol ausgerechent, wann ech d'TVA ausrechnen, da wär et éischer richteg, soudass dat d'Präisser si mat der TVA.

D'Honorairen. Dir erlaabt, dass ech dozou e Wuert soen. Honorairen, 17 % vu 50 Milliounen Euro, dat mécht 8,5 Milliounen Euro hors TVA. Kënnst d'TVA nach derbäi, da komme mer nach op méi en héije Chiffer.

No dëser Analys nach e puer Bemierungen. Zum administrative Gebai, datt jo och vun der Rue de Bascharage agesi gëtt. Et ass am Fong de Landmark vum CID. D'Architektur ass gelongen. Et ass eng flott Architektur. Dat markéiert och, dass mer e modernen a gerechte CID do hunn. Och den Holzbau, dee markéiert dat Gebai.

D'Ateliere mat den eenzelen Daachstrukturen a Sägezahnform – sou hu mer dat fréier genannt. Dat ass eng Bauweis, déi an de 50er-Jore ëmmer bei Atelieren – an de 50er, 60er-Jore si vill Ateliere gebaut ginn, do war déi Form ëmmer do. Dir hat et „Shed“ genannt. Dat war mer net esou geleeft. Den natierleche Liichtafall mécht e ganz positiven Androck op d'Aarbechskonditiounen vun de Leit. Dat huet eng ganz grouss Auswierkung op d'Klima. Dat ass wichteg fir Leit, déi ee ganzen Dag an esou Gebaier verbréngen.

Allgemeng: D'Diech si begrängt. Et gëtt sou vill wéi méiglech mat Photovoltaikanlage bestéckt. Mir begrëssen, dass hei bei esou enger grousser Fläch, eng Initiativ zesumme mat Sudgaz gemaach gëtt. E Parkhaus am Sous-sol mat 53 Emplacementen fir Camionnetten. Wat duerch den Terrain bedéngt ass. Do kann ee vum Terrain direkt eraufueren. An och keng speziell Buedemausgruewungen do néideg sinn. 33 Plaze fir Camionen, déi um Rez-de-chaussée eraufueren. An dann hat Der erkläert, Emplacementen fir Privatautoen respektiv Déngschtwee fir de Service, wéi dat funktionéiert.

Well an de Parkhaier elektresch Luedestatiounen sinn – an ëmmer méi – an dat hei awer strateegesch wichteg Gefierer sinn, speziell eis Camionen, déi e wichteg Outil si vum CID ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wou mer awer och ëmmer méi op dat Elektrescht zrëckgräifen.

ERNY MULLER (LSAP):

Richteg. Duerfir proposéiere mir, eng Risikoanalys ze maachen. Well mir erënneren eis nach, dass an der Stad e Brand entstanen ass bei enger Luedestatioun. An dass d'Leit hir Autoen mol net méi hunn dierften eraushuele während enger gewässer Zäit. Mir sollten hei kucken – ech wëll elo net den Däiwel un d'Mauer molen, och keng Panik maachen, mee ech mengen, mir sollten unhand vun enger Risikoanalys kucken, ob alles okay ass a wéi mer dat maachen. Vläch kann een zousätzlech Protektiounen maachen. Dass dat net vergiess gëtt. Well dat wär en Drama, wann dat virkéim.

Wat flott ass, et ass eng vertikal Begrënnung virgesinn, wann ech dat richteg gelies hunn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo.

Entschëllegt, de Problem ass, mir müssen déi zwee Stäck zoumaachen, wéinstens am Wanter. Eis Dieselen, déi mer nach hunn, déi sprange soss net un.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat kënnst zousätzlech zum Käschtepunkt. Well zéng Milliounen Euro, dat ass ongeféier en normaalt Parkhaus fir 1.000 Autoen. An der Moyenne rechen ee mat 10.000 pro Plaz. Mee dat ass net direkt vergläichbar hei. Hei muss och eng Dall gemaach gi fir d'Camionen, déi muss och relativ robust sinn. Duerfir ass dat méi en héije Käschtepunkt. Trotzdeem, e Parkhaus fir ronn zéng Milliounen Euro fanne mer e bëssen deier. Mee et gëtt jo och Erklärungen, firwat dat esou ass.

Mir konnten net feststellen, ob d'Reewaasser hei richteg genotzt gëtt. Zum Beispill fir d'Toiletten. Dir hat virdru gesot, bei deem anere Projet, an ech hunn dat och zu Ouere kritt, hei an

8,5 millions d'euros HTVA. Ce chiffre est élevé.

Le bâtiment administratif sera visible depuis la route de Bascharage. Il deviendra un « landmark » du CID. L'architecture en bois est moderne.

Les toits des ateliers seront aménagés en dents de scie comme cela était habituel dans les années 50 et 60. C'est ce que monsieur Ulveling a appelé « shed ». L'éclairage naturel améliorera les conditions de travail, car les ouvriers passeront tout la journée dans ces bâtiments.

Les toitures seront végétalisées et comprendront des systèmes photovoltaïques. Une initiative avec Sudgaz est prévue dans ce contexte.

Le parking pourra accueillir 53 camionnettes et 33 camions au rez-de-chaussée. Monsieur Ulveling a aussi expliqué le fonctionnement pour les voitures privées et les véhicules de service. Le parking disposera aussi de stations de recharge électrique.

TOM ULVELING (CSV) constate que la Ville de Differdange recourt de plus en plus à l'électricité.

ERNY MULLER (LSAP) propose cependant d'effectuer une analyse des risques, car à Luxembourg-ville, une station a pris feu. Il ne s'agit pas de créer la panique, mais une analyse confirmerait qu'il n'y a pas de danger. Un accident constituerait un drame.

Erny Muller demande s'il y aura bien une végétalisation verticale.

TOM ULVELING (CSV) acquiesce.

Il ajoute que les deux étages devront être fermés en hiver, car autrement, les Diesel refuseront de démarrer.

ERNY MULLER (LSAP) précise qu'un parking de 1000 voitures coûte normalement 10 millions d'euros, c'est-à-dire 10 000 € par place. Dans ce cas-ci, la dalle devra supporter les camions, ce qui explique les frais élevés. Il reste cependant le fait que dix-millions d'euros, c'est beaucoup.

Erny Muller ne sait pas si l'eau de pluie sera utilisée pour les toilettes. Avec les toitures végétalisées, l'eau risquerait d'être colorée. Mais dans

3b. Nouveaux ateliers communaux

ce cas-ci, l'eau sera collectée dans un bassin. Par conséquent, elle pourrait être utilisée.

Erny Muller n'a pas non plus trouvé de panneaux solaires pour le chauffage ou l'eau des douches. Apparemment, la photovoltaïque a été privilégiée.

Les honoraires se montent à dix-millions d'euros avec la TVA. Pourquoi le collège échevinal n'a-t-il pas choisi une procédure négociée avec un prix fixe comme Erny Muller l'avait fait dans le cas de la salle de sport à Niederkorn? Cela aurait permis d'économiser de l'argent.

Le futur CID est important pour le futur de la commune. Il représente un investissement sur 30 ou 50 ans dans une ville où le nombre d'habitants pourrait dépasser les 35 000 unités.

Malgré certains doutes concernant les coûts, les socialistes approuveront le projet du nouveau CID à Niederkorn.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

rappelle que les plans d'exécution reposent sur le PAP approuvé il y a trois semaines. À l'époque, il a été question de l'emplacement des bâtiments, de l'architecture des fonctionnalités et de l'environnement. Tout ce que les écologistes ont dit au sujet de l'environnement est encore vrai aujourd'hui et les plans en tiennent compte.

Frenz Schwachtgen parle de projet du siècle compte tenu des coûts engendrés. Il a aussi analysé le tableau des frais: la partie A coûte 5,1 millions d'euros, B 1,3 million d'euros, C 1,2 million d'euros, D 1,2 million d'euros, E 1,5 million d'euros, F 1,4 million d'euros et G 0,4 million d'euros. Les travaux de gros œuvre sont estimés à 20 millions d'euros, l'embellissement du bâtiment à 16,8 millions d'euros, les équipements thermiques à 13 millions d'euros... Le total se monte à 59,2 millions d'euros HTVA et à 69,3 millions d'euros TVA incluse.

Frenz Schwachtgen n'a pas fait les calculs lui-même, mais il a pris note de ce qui est inscrit dans le tableau. Celui-ci est clair. Il mentionne ces chiffres, car on a dit qu'ils étaient difficiles à comprendre.

dësem Gebai, dass bei begrängten Diech e Problem ass wéinst verfierfem Waasser, wat kee gudden Androck op d'Leit hätt, déi duerno d'Toilette dermat benotzen. Déi denke sech: Wat ass dann do lass?

Mee hei gëtt jo awer d'Waasser, géif ech soen, an engem Baseng deelweis opgefaangen. Well iwwer all deene Flächen, net nëmmen op den Diech, och op deenen anere Flächen, well mer jo versigelen, hu mer vill Waasser, wat mer drainéieren, wat herno an déi Weiere sickert. A virdrun, géif ech mengen, gëtt dat jo och opgefaangen. Da kéint een et awer eventuell notzen.

An hei gesi mer och keng Thermopanelen. Dat heescht Panele fir den Appui vun Heiz- oder Duschwaasser. Eis Impressioun ass, dass hei méi Wäert op Photovoltaik geluecht gëtt.

Ech wëll nach e Wuert soen zu den Honorairen, déi mat 17 % TVA wärten ëm zéng Milliounen ausmaachen. Firwat sidd Der hei net op de Wee gaange vum Managementsprinzip an engem Verhandlungsverfere mat Festpräis, wéi ech et a menger Funktioun als Bauteschäfte beim Projet vun der Nidderkuerer Sportshal gemaach hunn? Dëst Verfaren hätt eis sécherlech bei esou engem deiere Projet eng Partie Milliounen agespuert.

Ech kéim zum Schluss. Et handelt sech bei deem neie CID ëm e wichtege Projet fir eis Gemeng an hir Zukunft. De Projet ass nohalteg an ausbaufäeg. Et ass en Invest fir déi kommend 30 bis 50 Joren, enger Stad, déi weider wüsst, vun enger Awunnerzuel vu 35.000 a vläicht doriwwer eraus. Deelweis ass beim Projet d'Ham e bëssen an der Mëllech gekacht ginn. Mir hu festgestallt, dass d'Amenagement mat 14,5 Milliounen Euro zu Buch schléit.

Alles an allem, och wa mer e bëssen den Hick kréie bei all deenen Zuelen, géif d'LSAP trotzdeem de Projet vum neie CID zu Nidderkuer stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech melle mech och emol eng Kéier bei engem Projet zu Wuert, net nëmme bei Ëmweltthematik, mee hei fir den neien Amenagement vun deem neie CID.

Virun dräi Wochen hate mer de PAP gestëmmt, op dee bezéie sech déi Exekutivonspläng, déi Architektelepläng, fir déi Saach op där Plaz ze realiséieren. Deemools ass scho ganz vill gesot ginn iwwert déi verschidden Emplacementer vun de Gebaier. Et konnt een d'Architektur schonn erkennen. Et konnt ee schonn d'Funktiounen erkennen. Et war iwwert d'Ëmwelt geschwat ginn, iwwert d'Alentoure geschwat ginn, et war iwwert d'Energie geschwat ginn, an esou weider. Soudass, wat mer d'leschte Kéier gesot hunn, an och wat ech d'leschte Kéier gesot hunn zu deem Ëmweltproblematiken, nach alles seng Gëltegkeet huet. An dat gëtt och alles hei berécksiichtegt. Dat ass emol deem ee Punkt.

Ech bezechnen et als Joerhonnertprojet fir eis Gemeng, wa mer deem héije Präis gesinn. Wou mer jo bei 70 Milliounen Euro leien. Den Här Muller huet Chiffere genannt. Ech hat méi eng einfach Tabell fonnt, wou Budget drasteet. Ech wëll déi kuerz zitéieren, well och ech hu se erausgeschriwwen aus den Dokumenter: A schléit mat 5,1 Milliounen zu Buch, B mat 1,3 Milliounen, C mat 1,2 Milliounen, D mat 1,2 Milliounen, E mat 1,5 Milliounen, F mat 1,4 Milliounen, G mat 0,4 Milliounen.

Da kënnt Engineering, Gros oeuvres an esou viru dobäi mat 20 Milliounen. Fassaden, Ëmgeréits, Verschëinerung vum Gebai an esou virun: 16,8 Milliounen. Equipements thermiques: 13 Milliounen. Divers: 0,7 Milliounen. Da kommen ech, laut där Tabell, op 59,2, plus TVA op 69,3 Milliounen. Dat hunn ech erausgeschriwwen. Ech hunn et net nogerechent. Ech war net mat der Rechemaschinn hannendrun. Mee dat sinn awer ganz kloer Rechnungen, déi an den Dokumenter stinn, déi ech mer als Laie vu finanztechnescher Säit, einfach esou mol opgeschriwwen hunn. Ech hätt et net ernimmt, wann elo net e bëssen en Doute opkomm wier, dass et schwierereg wier, fir d'Chifferen erauszegesinn. Den Här Ulveling kann eis jo herno soen, wat dann do Tacheles ass.

3b. Nouveaux ateliers communaux

Joerhonnertprojet an deem Sënn, wann ech déi Amortissementer huele vun deene 70 Milliounen Euro, déi mer elo investéieren an ech rechnen dat op déi Gréisst, déi Dimensiounen, déi mer do bauen – dat ass jo geduecht, fir zousätzlech esou vill Leit, esou vill Dénsgchter ze leeschten, fir eng Populatioun, déi elo amgaang ass ze wuessen, massiv amgaang ass ze wuessen, vläicht ze vill séier amgaang ass ze wuessen, mee wou mer iwwer kuerz oder laang op 35.000 oder hoffentlech net nach méi Awunner hei wuessen –, dee Moment ass eisen Atelier, eise CID nach ëmmer gutt.

A mer brauchen déi nächst 30, 40 Joren net méi drun ze denken, fir nach eng Kéier Suen aus der Täsch ze huelen, déi mer dee Moment vläicht net méi hunn, fir nach bäizebauen. Oder nach op anere Plaze vläicht musse kucken ze goen. Dat ass en immensen Avantage.

An och well mer, laut eise PPF, eise Plan pluriannuel financier, de Moment kënne soen, mer kënnen dat stemmen a mer packen dat. Ausser Covid-Rezessioun, ekonomeschen Drama fir d'Lëtzebuerger Land vläicht. Mee da stellt sech nach ëmmer d'Fro – op jidde Fall ass Baue vun ëffentlecher Hand, Gemeng oder Staat, de Moment immens wichteg. Zemools an enger Relance vun der Lëtzebuerger Economie.

An ech mengen, elo ass e ganz gönschtege Punkt fir ze soen, kommt mer setzen elo do un. Wou eist Handwierk, jiddwereen, deen en Dénsgcht ze leeschten huet, egal wat fir ee Geschäftsmann, wou eng Famill kann dovunner liewen, déi nächst zwee, dräi Joren.

Ech mengen, dat ass grad elo – leider, duerch Covid, mee et ass awer e gönschtege Moment, duerch déi Suen, déi mer hunn. A mer sinn och nach scholdfäeg, mer kënnen nach Emprunten ophuelen. Souwäit ech dat gesinn, ass dat wierklech e Moment, wou mer der Economie wierklech kënnen hëllefen. Dat wëllt awer elo net soen, dass mer d'Sue sollen zur Fënster erausgehen. Dat wollt ech domadder net soen.

Ech kéim dann op d'Architektur. Architektur baussen, dat ass eppes, wat gefält oder net gefält. Dat ass Affaire de

goût. Op jidde Fall, wann ech d'Biller gesinn – mer hunn dat an der Ëmweltkommissioun gekuckt, ech hunn et mat anere Leit gekuckt – gëtt et direkt en Aha-Effekt, e Wow-Effekt. Et gesäit gutt aus, esou an deem Stil do.

Diskussiounspunkt war, wat d'Architektur no baussen ausstraalt. Den Här Muller huet dat Wuert gebraucht vun den alen Industriehalen. Ech weess, an der Stad d'CFL-Halen haten och déi Form. Awer och schonn am fréien Industriezäitalter sinn d'Halen esou gebaut ginn. Eebe well se keng Belichtung bannenan haten oder net vill oder schappeng Belichtung, sinn déi Halen esou gebaut ginn, fir Dageslicht eran-zekréien.

All d'Experte si sech eens, Dageslicht schafft e bessert Aarbechtsklima. Stellt Iech vir, mir wieren elo hei bannen a mer géifen net e bëssen erausgesinn – Dir elo leider net esou wéi mir. Mee hei ze schaffen ass awer méi angeneem, wéi wann ech an enger zouener Hal dee ganzen Dag ënner Neone setzen an déi mech nerven, déi vläicht ze hell sinn, déi net reguléiert sinn an esou virun. Dofir ass d'Innenbeleuchtung, och d'Dageslicht, immens vill wäert. Dass ee sech och vläicht freet, dass Schichtwiessel ass oder dass ee kann heemgoen, wann ee mierkt, et kann een elo nach an de Gaart schaffen goen, et ass schéi Wieder. Oder eng Depressioun kréien, wa schlecht Wieder dobaussen ass.

Mir si ganz iwwerzeegt vun där Form vun Daach. En plus bréngt dat eng gewëssen Héicht eran, Héichtendifferenzen eran. Wat och gutt ass fir eng Loftëmwälzung positiv ze kréien. Waarm steigt op, kal kënnt erof an esou virun. Soudass dat och méi en angeneemt Raumklima gëtt. D'Belichtungsreduzéierung, wann déi sech automatisch astellt, ass net onbedéngt e risege Spuerfaktor bei LED-Belichtung. Mee et ass awer och eppes, wat angeneem ka wirken.

Ee Punkt, Här Ulveling, ech si frou, dass Der en ugeschnitten hutt. Wéi mer den Exterieur gekuckt hunn an der Ëmweltkommissioun, war gesot ginn: „Wat ass dat do fir eng Fassad?“ Ech hat spontan gesot: „Ma dat ass Holz, sou wéi dobaussen“. Mer waren eis net sécher.

Frenz Schwachtgen vient de parler de projet du siècle. Il fait référence à l'amortissement des 70 millions d'euros. L'objectif est d'offrir des services à une population croissante, qui devrait atteindre tôt ou tard les 35 000 habitants. Frenz Schwachtgen espère que le nombre n'ira pas au-delà. En tout cas, la commune ne devra pas déboursier davantage d'argent pour le CID au cours des trente ou quarante prochaines années ou chercher plus de place ailleurs. En outre, le plan pluriannuel financier montre que la Ville de Differdange peut se permettre ces dépenses en ce moment. En période de relance de l'économie luxembourgeoise, les dépenses publiques sont importantes. Le moment est donc idéal pour lancer ces travaux. Chaque artisan et chaque commerçant a besoin de travail en ce moment à cause de la COVID-19.

Par ailleurs, la Ville de Differdange peut faire des emprunts et soutenir l'économie à un moment où elle en a besoin — même si cela ne signifie pas que l'on doive jeter l'argent par les fenêtres.

L'architecture peut plaire ou pas, mais en tout cas, lorsqu'on regarde les images, on ne peut qu'être impressionné. Frenz Schwachtgen aime bien le style. Monsieur Muller a parlé de halles industrielles. Frenz Schwachtgen se souvient que les halles des CFL avaient la même forme. En effet, à l'époque, ce type de halles n'étaient pas bien illuminées.

Les experts disent que la lumière du jour améliore l'atmosphère au travail. C'est plus agréable que de devoir travailler toute la journée sous l'éclairage de néons. Voir qu'il fait beau permet de se réjouir de rentrer à la maison et de faire du jardinage par exemple. En tout cas, les écologistes apprécient la forme du toit, qui introduit une différence de hauteur, qui améliorera le climat. La réduction automatique de la luminosité ne permet pas de faire des économies avec les DEL, mais c'est malgré tout un point positif. Monsieur Ulveling a parlé de la façade. Il en a été question au sein de la commission de l'environnement et Frenz Schwachtgen pensait qu'il s'agissait d'une façade en bois. Or

3b. Nouveaux ateliers communaux

il se trouve que le matériel utilisé n'est pas préconisé par le guide des constructions durables de la commune. Frenz Schwachtgen propose d'améliorer ce point.

Le bordereau comprend des centaines ou des milliers de postes. Il faudrait les analyser tous d'un point de vue écologique. Frenz Schwachtgen n'a par exemple pas vérifié les fenêtres et les portes de garage.

Le bâtiment A est construit en bois. C'est une bonne chose. Frenz Schwachtgen suppose qu'il s'agit de bois FSC.

Le toit et la façade seront végétalisés. Mais ne pourrait-on pas faire des efforts concernant la façade? Le pays compte quelques façades améliorant le climat extérieur et constituant un refuge pour les oiseaux et les chauvesouris.

Pour construire le bâtiment servant au stockage, il a fallu supprimer une partie du biotope. Mais les compensations sont estimées à 200 000 €. Peut-être cette compensation pourrait-elle être effectuée à côté des box ouverts.

Frenz Schwachtgen apprécie les aménagements extérieurs. Sur le papier, les espaces verts lui semblent vraiment chouettes.

Le bassin de rétention doit être aménagé de sorte que l'eau puisse rester dedans toute l'année sans qu'il y ait un danger de noyade pour les enfants. Un bassin de rétention normal est sec en été, ce qui n'est pas bon pour les insectes et les plantes.

Il est important d'éviter la pollution lumineuse, car le site se trouve en bordure de couloirs verts menant à la réserve naturelle de la Dreckschiss.

Les ateliers devront être équipés des dernières technologies en matière d'éclairage et d'acoustique. Car les machines peuvent faire beaucoup de bruit dans un atelier. Il s'agit d'éviter que les ouvriers ne doivent constamment protéger leurs oreilles.

Monsieur Liesch a appris un nouveau terme à Frenz Schwachtgen ce matin: «social room». C'est-à-dire des locaux où les employés peuvent faire une pause. Le conseiller communal mentionne ensuite les salles de réunion, les douches, les sani-

Et huet sech awer elo, wéi ech den Dossier gekuckt hunn, erausgestallt, dass dat e Material ass, wat net onbedéngt op eisem Empfehlungsbuch vun empfeelenswäerte Stoffen am Leitfaden wier. Ech weess et net, et ass vläicht dran, mee da wier et schlecht dran. Do sollte mer nobesseren an dat nach eng Kéier nokucken. Ech si frou, dass den Här Ulveling dat ugeschwat huet.

Dass mer déi, ech weess net, déi Honnerten oder bal Dausend Positiounen, déi am Bordereau, wann een dat esou kann nennen, stinn, sollte mer all op hir Ëmwelttauglechkeet, op hir Nohaltegkeet iwwerpräiwen. Fënsteren, hunn ech net gekuckt. Garagendieren an ech weess net wat nach alles, dat sinn e ganze Koup Punkten, déi eis eppes sollten ugoen, éier mer dee Jorhonnertbau definitiv uginne.

Mir hu mat Zefriddenheet festgestallt, dass de Bâtiment A am Holz gebaut gëtt. Dat ass eng wonnerbar Saach. Och do ass de Raumklima an d'Empfanne vun de Leit vill méi positiv, wéi wa se an engem Bëtongsbau setzen. Am Leitfaden wäert dat stoen. FSC-Holz misst jo selbstverständlech sinn. Soudass ech dat am Fong guer net méi bräicht ze betounen.

E wichtige Punkt, et gëtt Rekultivéierung souwuel um Daach wéi op der ganzer Fassad. Et sollt ee vläicht kucken, ob een net ka méi Rekultivéierung op d'Fassade bréngen. Et gëtt wonnerbar Beispiller, och bei eis am Land, vu begrängte Fassaden, déi déck beplanzt sinn, mat Gitteren, net nëmmen Efeu oder wëlle Wäin, mee wou wierklech e Bausseklima geschaaft gëtt, plus Refuge fir Villercher a Flie-dermais an ech weess net, wat nach alles.

Et wier immens wichtig beim Punkt G, also eist Gebai, wou mer d'Stockagen hunn, dat direkt uewen hannert der Zone verte läit, déi eis bliwwen ass – do ass, leider, muss ech nach eng Kéier soen, e Stéck Biotop ewechgeholl ginn, wat mer musse kompenséieren. Ech mengen, fir iwwer 200.000 Euro. A mer kënnen dat zum Deel hëllef kompenséieren, wa mer op der Récksäit vun deenen oppene Boxe Rekultivéierung un d'Mauer bréngen, am Plaz e Bardage am Holz. Vegetatioun ass natierlech besser.

Déi aner Saache fanne mer och immens wichtig a flott. Bréngt och en anert Gefill, wéi wann een a Bëtongshäff fiert, wann den Ausseberäich och nach stëmmt a quasi zu engem Biotop gëtt. Dat heescht, d'Grénganlage gesi sech um Plang, net nëmmen um Plang, mee och an de Pabeiere ganz flott un.

Den oppene Retentiounsbecke soll een esou gestalten, dass d'Reschtwaasser iwwert d'ganz Joer kann drableiwen op enger gewässer Déift, ouni elo en Erdréngungsfacteur fir Kanner oder fir Leit ze ginn. Mee et ass wichtig, dass et e Biotop bleift, wou sech permanent Waasser, Insekten a Planze kënnen halen. Wougéint an engem dréchene Summer en normale Retentiounsbecke grad esou dréchen ass wéi d'Natur dobaussen. Wat dann awer negativ ass fir d'Liewewiesen.

Ech hat et d'leschte Kéier scho gesot, ech widderhuelen et trotzdeem nach eng Kéier: keng Liichtpollutioun bausen. Well mer am Randgebit sinn, wou mer Couloirs vert hunn zwëschent Pränzebierg an dem Naturreservat Dreckschiss. Do widderhuelen ech mech, mee ech fannen et awer ganz wichtig.

Am Banneberäich, denken ech, dass an allen Atelieräin déi modernste Luucht-wéi och Akustiktechnik misst sinn. Well et begéint een dacks Halen, wou et akustescht ganz haart hiergeet, wann ee mat Maschinne schafft, mat enger Trennscheif schafft an engem Atelier, Automechanik oder esou. Dass dat akustescht muss gemooss ginn, dass d'Leit net dauernd musse mat Horschutz dorëmmer lafen.

Wat eis och ganz gutt gefält – ech hunn en neit Wuert geléiert haut de Mueren, vum Här Liesch: Social Rooms. Dat heescht Raimlechkeeten, wou den Aarbechter, de Beamte seng Pause ka maachen, déi angeneem sinn. Versammlungsraum, Duschen, Sanitärraum. Delegatiounsraum, wou am Fong den Aarbechter seng Verriedung fënnt. Egal wéi d'Veriedung zum Patron steet, ass d'Delegatioun present a kann dem Aarbechter hëllef. Dat ass jo och ëmmer ganz wichtig.

Dat heescht, déi sozial Kohesioun an e Wuelspiere op der Schaff, och an der

3b. Nouveaux ateliers communaux

Pausenzäit, dass ee Loscht huet eventuell do mëttens seng Kuuscht z'iessen, amplaz enzwousch anescht hinzefueren, ass vläicht och ganz wichteg – aus menger Erfahrung, och als Fussballspieler vun der Gemeng, och anerer heibanen. Mer hunn eng heterogeen Belegschaft an eise CID, an ech mengen, all Kontaktméiglechkeet, déi déi Leit ënner sech hunn, ausserhalb, vum Viraarbechter, Aarbechter a Meeschter, d'Verhältnis ass immens wichteg.

Déi Aarbechtsfunktionalitéiten, vun deenen den Här Ulveling geschwat huet, vun deene verschiddenen Atelieren an Deel-Atelieren, déi sinn erschafft gi vu Leit, déi um Terrain sinn. Wann dat herno fäerdeg ass – an ech hoffen, dass et séier geet –, ass dat kee Rapport méi zum aktuelle CID respektiv zu den alen Nidderkuerer Ateliere respektiv zu deene Gemengenatelieren, déi virdrum um Fousbann waren. Da gëtt dat wierklech eng flott zentraliséiert Plaz, wou mer alles beieneen hunn.

Eng Klenggeheet zum Schluss. Trotz deene 70 Milliounen Euro, den Déierschutz freet no, ob hir zwou oder dräi Déiereboxen, wa mer en Hond oder eng Kaz fannen, ob déi och eng Plaz am Projet hunn oder net.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi sinn net am Präis mat dran.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Se sinn net am Präis dran. Ech géif mat där klenger Remark wëllen ofschléissen.

Den Här Liesch wäert herno vläicht nach d'Wuert ergräifen, wat d'Energie ubelaangt. Do sinn ech net esou fest dran.

Felicitatiounen vun déi gréng fir dee Projet. Mer ginn eise Vote positif ganz gär.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, säit ganz laange Jore wësse mir, dass d'Aarbechtsbedéngungen an eise Gemengenatelier trës limite sinn. Déi politesch Prioritéit respektiv déi finanziell Moyenen hunn eng Verbesserung vun der Situatioun ëmmer nees un d'Schleefe bruecht.

De Projet, deen eis virläit, schéngt eis déi richteg Äntwert op déi aktuell Problemer ze sinn. Souwuel wat d'Infrastruktur wéi de Choix vum Site ugeet. Virun allem de Stockage gëtt op just engem Site an net op Dose Plazen duerch d'Gemeng verspreecht. D'Gemengenateliere kann een, wat de Site ugeet, net mat der Gemeindeverwaltung oder engem Office social vergläichen. Wann dës CID bis gebaut ass, hu mer ganz nei Méiglechkeeten um aktuelle Site.

Trotz dem Käschtepunkt, à la base 70 Milliounen Euro, déi een dach schlécke léisst – virun allem, wann een d'Honorairë kuckt –, ass dat en Invest fir d'Zukunft. Laangfristeg ass nach Ausbaupotenzial do, wann néideg, hu mer héieren.

Mir bedauern, dass mir, an och d'Kommissiounen, am Virfeld guer keng Informatiounen zum Finanzement kruten. Am Fong géif ech dee Projet doduerch net matstëmmen. 70 Milliounen plus x. Wou komme se hier? Wat ass de Plang? Mir hu kee kritt.

Op där anerer Säit ass et ekonomesch grad elo wichteg, als ëffentlech Hand un hire Projekte festzehalen. D'Geld ass bëlle am Moment, wann ee sou wëll, a kreditwierdeg si mer jo.

Ech widderhuelen net méi all Detail, Elementer, Meterkareespräisser, Opdeelungen, Ekipementer a sou weider, déi scho puermol genannt goufen, a faasse mech dofir ganz kuerz. Am Interêt vun der Stad Déifferdeng, allen Awunner a virun allem dem ganze Staff kënne mir matdeelen, dass d'Demokratesch Partei dësen nohaltege Projet ënnerstëtzt.

Ech profitéieren dovun, fir allen Acteure Merci ze soen, déi intensiv un dësem Projet matgeschafft hunn. E Projet – ech hat et schonn erwänt –, iwwert dee scho ganz laang Jore

taires, le bureau de la délégation... La promotion de la cohésion sociale est une bonne chose. Frenz Schwachtgen rappelle dans ce contexte que la commune dispose par exemple d'une équipe de football. Le personnel du CID est hétéroclite et tout contact entre les ouvriers et leurs responsables est à promouvoir.

Les fonctionnalités des ateliers ont été établies par les gens sur le terrain. Lorsque les travaux seront terminés, les nouveaux ateliers n'auront plus rien à voir avec ceux actuels ou ceux du Fousbann, puis de Niederkorn. La commune disposera d'un site centralisé avec toutes les commodités.

La société pour la protection des animaux demande si l'on a prévu deux ou trois box pour les chiens et les chats perdus.

TOM ULVELING (CSV) répond qu'ils ne sont pas inclus dans le prix.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) souhaite conclure sur cette remarque.

Monsieur Liesch reviendra sur le volet de l'énergie. Les écologistes félicitent le collègue échevinal pour ce projet.

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate que les conditions de travail des ateliers communaux sont tout juste acceptables. Les priorités politiques et le manque de moyens financiers ont repoussé ce projet.

Les démocrates trouvent que le projet présenté répond aux problèmes. Le stockage sera fait sur un site au lieu d'une douzaine. Le CID ne peut pas être comparé à l'hôtel de ville ou à l'office social. Rassembler les ateliers sur un site offre de nouvelles occasions.

Ces 70 millions d'euros constituent un investissement dans l'avenir – malgré les honoraires. Le CID pourra même être agrandi plus tard si nécessaire.

Malheureusement, le DP n'a pas reçu d'informations quant au financement. D'où proviennent les fonds?

Sans revenir sur les détails, François Meisch approuvera le projet, qui est dans l'intérêt des habitants et du personnel. Il remercie tous

3b. Nouveaux ateliers communaux

ceux ayant participé à son élaboration. Il en était question depuis des années. Il était temps.

GUY TEMPELS (CSV) constate qu'avec les points 3a et 3b, l'administration communale se dote d'un nouveau cœur. Il était temps, car les ouvriers ne pouvaient plus travailler dans ces conditions. Rassembler les terrains nécessaires a pris du temps. Guy Tempels félicite l'échevin responsable pour l'efficacité de ses négociations.

Les travaux dureront 3 ans et coûteront quelque 70 millions d'euros pour 2,84 ha. Le bâtiment administratif fera 3500 m², les trois ateliers 10200 m² et le parking 3500 m². La surface est suffisante pour 380 personnes et pour 30 ans.

Les services concernés ont participé à l'élaboration du projet.

Un corridor vert est prévu le long de la voie ferrée. La consommation en chauffage et électricité sera limitée.

Guy Tempels aurait cependant opté pour une méthode de construction plus simple et moins onéreuse. Il existe d'autres moyens d'éclairer des ateliers en journée.

La commune installera-t-elle et exploitera-t-elle le système photovoltaïque elle-même ou avec un partenaire?

Le projet coûte cher, mais la commune investit dans son avenir. En plus, il faut investir en temps de crise.

Guy Tempels se demande si on ne pourrait pas organiser un concours pour ce type de projets dans le futur afin de rassembler plus d'idées. Les chrétiens sociaux voteront oui.

ALI RUCKERT (KPL) constate à son tour qu'il était temps. Les retards se sont accumulés — notamment pour des questions d'emplacement. Le projet coûte dès lors plus cher que cela n'aurait été le cas il y a dix ou même cinq ans.

Ali Ruckert se demande si 70 millions d'euros vont suffire. Il trouve anormal que les honoraires se chiffrent à 8,5 millions d'euros. C'est énorme.

Les avantages de la nouvelle construction ont été présentés. Il est clair que le personnel bénéficie

geschwat gött. De Chantier soll léiwer haut lassgoe wéi muer. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mam Punkt 3a an dem Punkt 3b steet zum Vott praktesch en neit Häerz fir eis Gemeengeverwaltung. Héich Zäit gött et fir eisen neien CID, well mir eise Jongen déi onméiglech Zoustänn um ale Site net méi laang zoumudde kënnen. Leider huet et laang gedauert, bis mer déi néideg Terrainen zesummen haten. Et ass e Luef auszeschwätze fir d'Verhandlungsgeschéck vun de jëtzege Responsabelen.

An enger Bauzäit vun ëm dräi Jore ginn hei op 2,84 Hektar knapp 70 Milliounen verschafft. Et gött ee Bürosgebai vun 3.500 m², dräi Ateliere mat Stockage op 10.200 m² gebaut. An e Parking fir Gemeengefrierer a Personal vun 3.500 m².

Et gouf grouss genuch geplangt fir spéider ëm déi 380 Leit. Bei dësem Käschtepunkt muss dat op d'mannst fir déi nächst 30 Joren duergoen.

All d'Servicer goufen an d'Planungsphas abezunn a konnten hir Wënsch äusseren — ëmmer am Hibleck op ee gutt Aarbechtsklima.

Uewe laanscht d'Bunn muss e Corridor vert bleiwen. An et gouf gekuckt, dass owes d'Beliichtung um Site net iwwerméisseg ausfällt. Alles ass esou ausgeluecht, dass mer sou mann wéi méiglech Energie, sief et Elektresch oder Hëtzes brauchen. Gewënscht hätt ech mer méi eng einfach Bauweis bei den Ateliere, wat sech vläicht am Präis erëmgespigelt hätt. Wëssend, dass et och aner Méiglechkeete gött, fir Dageslicht an esou Halen eranzekréien.

Eng PV-Anlag ass virgesinn. Heizou eng Fro: Wäerte mer déi selwer bedriewen a selwer opriichten? Oder hu mer

eventuell e Partner u Bord? Oder ass e Partner virgesinn?

Alles an Allem ass dës Plaz déi bescht fir en neie CID. Jo, et ass net bëlleg. Mee dësse Projet baue mer fir d'Zukunft. An et gouf jo scho gesot, och an der Kris soll weider investéiert ginn. Wann och vläicht e bësse méi beduecht.

Eng weider Fro: Wäer et eventuell denkbar an Zukunft, bei esou engem groussen Projet — ech weess awer net, ob mer eis esou Projeten an Zukunft wäerte leeschte kënnen — e Concours an d'Weeër ze leeden, fir méi Iddien eranzekréien?

D'CSV stëmmt mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de Bau vun neie Gemengenateliere ass laang iwwerfällg. Déi hätten eigentlech scho misste viru laange Joren an Ugrëff geholl ginn. Mer wëssen alleguer, dass et ëmmer erëm zu Verzögerunge koom, och wat den Emplacement ugeet. An dat féiert natierlech derzou, dass et haut vill méi deier gött, wéi wann dat zum Beispill viru fënnef oder virun zéng Joren de Fall gewiescht wär, wann een dat du gebaut hätt.

70 Milliounen Euro — an ech weess net, ob et domat wierklech duergeet —, dat ass eng stolz Zomm. Ech muss soen, ech fannen et net normal, dass bei esou engem Projet 8,5 Milliounen Euro un Honorairen ufalen. Dat ass wierklech schrecklech vill.

D'Virdeeler vun deem Gebai sinn opgeziet ginn. Ech ka mech deenen uschléissen. Et ass kloer, duerch déi Situatioun, déi mer do kréien, dass déi Leit, déi am Dénkscht schaffen, wäit aus besser Aarbechtsbedéngunge kréien, wéi dat de Moment de Fall ass.

Ech hu gesot, et gött en deiere Projet. An ech hoffen, dass mer net scho beim

3b. Nouveaux ateliers communaux

nächste Budget gesot kréien: Mer ginn elo 100 Milliounen Euro aus, fir d'Gemeng auszebauen a fir nei Atelieren. Well vill aner wichteg Projekte fir d'Bevëlkerung, déi falen dann deem zum Opfer, well da keng Sue méi dofir do sinn.

Ech hätt mer erwaart, grad well mer elo zwee deier Projeten hei hunn, dass de Schäfferot eppes iwwert d'Finanze gesot hätt fir d'nächst an d'iwwernächst Joer. Dass een do awer e bësse méi kloer géif gesinn. Mee dat ass anscheinend net erwünscht. Soss wär et jo gemaach ginn. Ech sinn d'accord, fir deem Projet zouzesoen, well mer dat brauchen. Mee mir votéieren elo e bessen an d'Blannt hei eran. An do muss ee sech awer Froe stellen. Ech hoffen, dass mer spëtstens awer dann am Dezember, wa mer iwwert de Budget schwätzen, e bësse méi Opklärung kréien, wéi dat finanziell weitergeet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, et si ganz vill Detailer gesot a widderholl ginn. De Projet, ëm deem et hei geet, de CID, ass batter néideg. Et ass wichteg, deem elo ze bauen. Et geet ëm d'Aarbechtskonditioun vum de Leit, déi am Déngscht vum eise Bierger schaffen.

Ech verstinn elo net, wéi ee ka soen, dass dat eent Projekte fir eis Bierger sinn an dat anert net. Souwuel dee fir d'Gemeng wéi och dat heite si Projekte fir eis Bierger. Et ass do, wou d'Aarbecht all Dag geleescht gëtt, déi zum Funktioniéiere vum eiser Gemeng bäidréit. Wéi scho bei der Gemeng gesot ginn ass, ass eis Gemeng staark gewuess a mir müssen deem Rechnung droen.

Souwuel bei der Gemeng wéi och elo bei dësem Projet sinn d'Finanzen ugeschwat ginn. In der Tat ass et wichteg, dat am Detail ze kucken an och am gréissere Kader ze kucken. Mee ech

mengen, mir wëssen am Fong, wat d'Budgete sinn. Mir hunn de Plurianuel, deem natierlech elo muss adaptéiert ginn. Well et sinn elo eng ganz Rei Ongewëssheeten opkomm. An déi soll een ugoen. Dat soll een diskutéieren.

Awer déi Investissementer hei sollen net dozou féieren, dass mer an anere Beräicher, wéi am Logement oder esou, elo géifen zrückschrauwen. Et ass och net dat, wat ech am Moment gesinn, wann ech kucken, wéi eng Projekte mer an der Vergaangenheet annoncéiert kritt hu respektiv scho gestëmmt hunn a wéi deem neie Service och am Moment schafft. Dës Investitioun soll ee jiddefalls ënnerstëtzen.

Wann ech eis Budgeten an eis Finanzsituatioun kucken, da gesinn ech, dass Sputt do ass, och wat d'Scholden ugeet. Den Här Meisch huet grad gesot, dass een am Moment d'Suen zu gudde Konditiounen kritt. An et wär kengem gedéngt, wa mir elo géifen Austeritéitspolitik un den Dag leeën, fir d'Aarbechtskonditiounen vum eise Mataarbechter, op deenen zwou Plazen, walten ze loossen. Dofir den Appell, dass mer bei weideren Investitiounen net eng aner Schinn fueren.

Fir méi an den Detail vum Projet anzegoen, den Här Muller huet d'Solarthermie ugeschwat. Ech hat dat bei der Gemeng ugeschwat. Wa mer vum Diech schwätzen, schwätze mer iwwer Photovoltaik. Grad hei gëtt fir d'Duschen a fir d'Hëtzes Wäermt gebraucht. Solarthermie soll ee wierklech net vergiesen. Se ass am Invest méi niddreg, am Rendement méi interessant. Se kann direkt lokal genotzt ginn a sou mann wéi méiglech ëmgewandelt, well Sonnenenergie.

Dat heescht elo net, dass een alles aus Solarthermie muss maachen. Et muss ee jo ausrechnen, wat ee brauch. An do gëtt et zwou verschidden Techniken. Am Dossier steet eppes vu Potentiell photovoltaïque. Dat heescht, mam Vott vun haut ass den Detail nach net festgeluecht, wéi vill Panelen elo dropkommen. An deem Sënn kéint ee sech iwwerleeën, Solarthermie anzubauen. Wat awer natierlech vum der Heizung, déi virgesinn ass, ofhängeg ass. An da brauch een och déi néideg Späicheren an esou, fir den Austausch ze maache vum der Hëtzt.

ra de conditions de travail nettement meilleures.

Ali Ruckert suppose que les cent millions d'euros prévus pour l'hôtel de ville et les ateliers ne seront pas tous dépensés l'année prochaine. Autrement, les autres projets importants devront être abandonnés. Le conseiller communal se serait attendu à des explications quant au plan de financement. Mais le collège échevinal ne semble pas vouloir en présenter un.

Les communistes approuveront le projet tout en étant conscients qu'il s'agira d'un vote à l'aveugle. Ali Ruckert espère qu'en décembre, lors des débats budgétaires, le collège échevinal fournira des explications.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate à son tour que ce projet est vraiment nécessaire. Il était temps de construire le nouveau CID. Il y va des conditions de travail du personnel travaillant au service des habitants.

Aussi bien l'hôtel de ville que le CID constituent des projets pour les citoyens. La population a crû et il faut en tenir compte.

Il est vrai que le collège échevinal n'a pas fourni de détails quant au financement, mais le conseil communal dispose du budget pluriannuel, qui devra être adapté. Il est cependant important de ne pas reporter d'autres projets comme ceux liés au logement. Mais Gary Diderich n'a pas l'impression que ce soit le cas quand il voit tout ce qui est prévu dans ce domaine. Il faut soutenir ce type d'investissements.

La Ville de Differdange a de la marge pour ce qui est de l'endettement. Les conditions auprès des banques sont bonnes en ce moment. La Ville de Differdange ne doit pas se lancer dans une politique d'austérité.

Monsieur Muller a parlé d'énergie solaire thermique. Il ne faut pas oublier cet aspect. L'énergie solaire thermique est intéressante tant du point de vue de l'investissement que du rendement. Elle peut être utilisée localement. Le dossier parle de potentiel photovoltaïque, mais les détails ne sont pas encore définis. Le collège échevinal peut donc

3b. Nouveaux ateliers communaux

encore opter pour l'énergie solaire thermique.

La structure est fonctionnelle et durable. Le projet est réussi.

Gary Diderich souhaite cependant revenir sur le concept de mobilité.

Le collège échevinal a expliqué que 80 places de stationnement sont destinées au personnel. Mais en tout, il y aura 300 collaborateurs. Gary Diderich propose de discuter de la mobilité au sein du conseil communal après l'entrevue avec le ministre Bausch. Il pourrait y être question de la réforme du Diffbus entre autres.

TOM ULVELING (CSV) revient sur les propos de monsieur Muller et signale que le centre sportif de Niederkorn n'a pas coûté plus que prévu. Il est donc possible de se tenir au devis. Pour ce qui est de la procédure négociée, le service technique y est contraire, car la commune perd son droit de regard. En plus, les employés communaux doivent vérifier en permanence que les travaux sont bien réalisés dans les temps. On ne peut donc pas dire que cette procédure soulage le personnel.

Le collège échevinal a choisi un architecte qui travaillait déjà sur le projet du nouveau CID. Il avait donc déjà réalisé un travail préalable. Cela a permis d'avancer plus rapidement que s'il avait fallu choisir un nouvel architecte.

Monsieur Tempels a proposé un concours. Mais il s'agit d'une procédure compliquée, qui coûte relativement cher. En plus, il faut compter un an pour désigner le vainqueur. Dans ce cas-ci, la commune avait déjà perdu assez de temps notamment parce qu'elle ne disposait pas d'un terrain. Obtenir les terrains n'a pas été évident. Monsieur Muller, l'ancien échevin aux bâtisses, le sait bien. Il a fallu convaincre le propriétaire.

Quant aux honoraires, ils sont fixés par l'OAI. La Ville de Differdange veut montrer l'exemple en s'y tenant. Les honoraires ne concernent pas uniquement les architectes, mais aussi les experts en sécurité ou en statique.

En ce qui concerne les finances, il est question d'un projet pour l'avenir. La Ville de Differdange devra

Fir ofzeronnen: Et ass architektonesch, funktionell a vun der Nohaltegkeet e gelongene Projet, wou d'Leit, déi herno do all Dag musse schaffen, agebonne gi sinn. Wat mer an deem Sënn luewen.

D'leschte Kéier hate mer iwwert d'Mobilitéitskonzept geschwat, wou ech denken, dass een nach eng Kéier sollt drop zrëckkommen. Haut si mer leider net weider drop agaangen. Ausser, dass Parkplazen do virgesi si fir eng 80 Mataarbechter. Et wäerten der ëm déi 300 sur place sinn. Do misst een eng Kéier déi Gesamtsituatioun kucken.

Wéi schonn oft ugeschwat ginn ass, misst ee sech eng Kéier Zäit huelen am Gemengerot, fir iwwert d'Mobilitéit allgemeng ze schwätzen. Vlächent no där Entrevue mam Minister Bausch. Wou ee fir d'Stad, fir d'Gemeng, fir deen hei Projet a fir aner Saachen, zesummen och mat där Reform vum Diffbus a vun anere Planungen, wierklech d'Mobilitéitssituatioun kann zesumme kucken. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich.

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, ech ginn e puer Äntwerten. Den Här Muller hat vu Managementsprinzip geschwat. Dat huet Virdeeler wéi Nodeeler. Ech kann awer soen, dass mer mam Bau vun der Hal zu Nidderkuer am Präis leien. Si hunn dat agehalen, wat se versprach hunn. Et kascht natierlech. An net ze mann.

Eis Leit um zweete Stack si mam Baue befaasst an déi sinn net fir dës Prinzip. Well se soen, dass mir do am Fong den Droit de regard komplett verléieren. An esou vill och net aspueren, well si awer ëmmer musse kontrolléiere goen, ob dat gebaut gëtt, wat virgesinn ass, a si schaffen awer um Projet. Et kann een also net soen, dass dat zousätzlech géif eis Leit entlaaschten. Soudass mer dee Prinzip net gemaach hunn.

Firwat hu mer deen doten Architekt geholl? Ma deen hat an der Vergaangenheet schonn ugefaangen, Pläng ze zeechnen op anere Sitten. An op déi opbauend war schonn eng gewësse Viraarbecht gemaach. Dat heescht, do si mer e bësse méi schnell virukomm, wéi wa mer eppes anescht gemaach hätten.

Wat den Här Tempels gesot huet mam Concours: Wann een e Concours mécht, éischtens ass dat e ganz schwéierfällige Prozedere. Zweetens kascht et och relativ deier. An et kann ee rechnen, ier dat da fäerdeg ass, verléiers de bal ee Joer, bis dat dann ausgewäert ass mat Jury an hei an do. A wéi gesot: et kascht. A vu dass mer jo awer – mer hu jo all elo hei zouginn, mir hu laang drop gewaart, et gouf vill dovunner geschwat, an et war net vill geschitt, well mer eebe kee richtegen Terrain haten an esou weider.

An elo, wou mer dann endlech alles zesummen hunn – ech wëll soen, den Här Muller huet do seng Aarbecht och gemaach, well et war net einfach mat deenen Terrainen, déi mer da schlussendlech awer krute vun deem Här, do huet ee mussen op d'Zänn bäissen, den Här Muller weess dat. Mir hunn en um Schluss dann awer e bëssen iwwerriede konnten. Mee et war awer och warscheinlech Dank dem Här Muller senger Viraarbecht, déi e gemaach huet.

Dann ass geschwat gi vun Honorairen a Finanzen. Honorairen, dat ass dat, wat den OAI virgesäit. Mir als Gemeng wëlle jo mam gudder Beispill virgoen an dat dann eeben anhalen. Et ass leider esou, dass dat déi Honorairë sinn. Ech weess, dass et vill Sue sinn. Et ass natierlech och net alles fir den Architekt. Dat muss een och wëssen. Do sinn e ganze Koup Sécherheitsbüroen hannendrun, do si Statikbüroen hannendrun, do sinn déi Büroen, déi déi ganz Technik maachen, hannendrun. Et ass also net nëmmen den Architekt, deen do Profit erausziit, mee e ganze Koup Leit.

Finanzen. Dat do ass e Bau fir d'Zukunft. Iergendwann eng Kéier wäerte mer mussen en Emprunt ophuelen. Mer wëllen dofir awer net aner Saachen zrëckstellen. Mir stellen héchstens zrëck, well mer et net packen, mat eise puer Leit, déi mer am Service hunn, fir

20 esou riseg Projeten an engem Worf unzegoen. Mir wäerten et e bësse méi phaséieren. Mee et ass kloer, dass mer, à ce stade, nach keen anere Projet doduerch opginn hunn.

Dat mat der Solarthermie huelen ech gäre mat. Ech kucken, wat mer do kënnen maachen. Och dat wat den Här Schwachtgen gesot huet, mat der Akleedung, wat mer do kënnen maachen. A wa mer do Äntwerten hunn, da wäert ech Iech déi an engem nächste Conseil matdeelen.

Ech soen Iech Merci, dass Der schéngt mat op de Wee ze goen, dass dat dote kann unanime gestëmmt ginn. Mir maachen heimat eppes fir eis Stad, fir eis Leit an och fir d'Bierger. Well wann s de Leit schaffen hues, déi net zefridde sinn, maachen déi manner gutt Aarbecht, wéi wa se zefridde sinn. Dofir maache mer en Déngscht u jiddwerengem mat deem Gebai do. Et ass fir 30, 40 Jore geduecht. Da wäerte mer dat iwwer esou vill Joren ofstotteren. An da kucke mer, wéi mer weiderginn.

Mee ech ginn Iech Recht. Ech fille mech och ëmmer onwuel, bei esou Saachen, wann een net genau weess, wéi finanzéieren ech hei oder do. Mee et sinn esou vill Inconnuen. Notamment, wat mer vum Staat d'nächst Joer wäerte kréien. Notamment, wat mer u Subside wäerte kréien. Da kann ech net mengen, et wier esou an dann iergendwéi eppes opstellen, da soen ech léiwer näischt. Ech mengen awer trotzdem – an et ass och gesot ginn –, dass eis Finanzsituatioun elo net esou ass, dass mer eis doriwwer elo misste gréisser Froe stellen. Ech mengen, dat do schëltere mer an dat packe mer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ulveling. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs à l'aménagement de nouveaux ateliers communaux (CID) à Nieder-korn.

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3c, Centre sportif Uewerkuer. Et geet em d'Renovatioun an em d'Extensioun vun der Sportsfabrick. Do geet et em Devise vu Spezialekipement a vun Installatiounen vun hirem Laboratoire. Ech géif d'Wuert direkt weiderginn un den Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zum Gléck hu mer en Arrangement fonnt mam Staat. Am Ufank sollte mer eis dee Bau deelen, d'Käschten deelen. Dat eent war fir d'Sportsfabrick, dat anert war fir d'Gemeng Déifferdeng. Elo si mer zu engem Accord komm, wou de Staat seet: „Mir iwwerhuelen alles“. En contrepartie vum Droit de surface géife mir d'Notzungsrecht kréie vun der Entrée, déi da gemeinsam ass. Och vun där Buvette, déi gemeinsam ass. An och vun deem Sall, dee virgesinn ass.

Ënnert dem Stréch maache mer e gutt Geschäft. Mir hunn dee selwechte Modell ugewannt wéi bei der EIDE. Dat heescht, mir wäerten alles virfinanzéieren. An all déi Käschten, déi entstinn, déi wäerte vum Staat integral iwwerholl ginn, wann alles fäerdeg ass.

Selwechte Modell wéi bei der EIDE a wéi beim Policegebai. Dat heescht, mir müsse Sue léine goen. Mir bezuelen dat vir. An all déi Käschten, déi domat entstinn, direkt an indirekt, kréie mer alles. An eis Leit, déi dorop schaffen, kréie mer rembourséiert. Soudass et eis ënnert dem Stréch kee Frang kascht. Soudass mer just am Budget Depensen hunn an op där anerer Säit en Emprunt hunn. Mee deen awer duerno komplett getilgt wäert ginn.

Ech wär frou, wann Der eis dat géift stëmmen. Well ech mengen, dass mer kee schlechten Deal do gemaach hunn.

An ech soen dem Minister Merci, dass e mat op de Wee gaangen ass, fir dat esou ze maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Madamm Wohl, wannechgelift.

contracter un prêt, mais le collège échevinal n'entend pas annuler d'autres projets. Il faudra tout au plus les reporter parce que le service technique ne peut pas gérer vingt projets en même temps.

Tom Ulveling verra ce qu'il peut faire en matière d'énergie solaire thermique et de façades végétalisées. Il reviendra sur ce point la prochaine fois.

Il remercie le conseil communal d'approuver ce projet à l'unanimité. Car si les employés ne sont pas contents, la qualité du travail s'en ressent.

Le bâtiment est prévu pour trente ou quarante ans. Mais Tom Ulveling comprend que le conseil communal demande un plan de financement. Pour le moment, les inconnues sont nombreuses. Le collège échevinal ne connaît pas le montant des subsides de l'État. Il ne servirait à rien d'avancer des chiffres en ce moment. De toute façon, la situation financière de la commune est bonne.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé au centre sportif d'Oberkorn — et plus précisément à l'extension de la fabrique sportive. Il est question de devis pour de l'équipement spécial.

TOM ULVELING (CSV) explique que la fabrique sportive sera entièrement financée par l'État alors qu'au départ la commune devait en financer la moitié. La commune bénéficiera d'un droit de jouissance sur l'entrée, la buvette et la salle.

Le modèle est le même que celui de l'EIDE. La Ville de Differdange préfinancera les travaux avant d'être entièrement remboursée par l'État. En d'autres termes, cette structure ne coutera pas un franc à la commune.

Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver le projet, car la commune réalise une bonne affaire. Il remercie le ministre pour son soutien.

3c. Centre sportif Oberkorn

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) explique qu'il est question du budget pour les appareils du futur LIHPS. La commune préfinancera les 3,5 millions d'euros avant d'être remboursée par le ministère des Sports.

Le LIHPS est actif dans la recherche, la médecine sportive, la rééducation... Le Comité olympique a fixé ses exigences concernant les appareils. Il s'agira notamment de caméras 3D pouvant scanner le corps entier et de plaques intégrées au sol couplées à de l'électromyographie. L'analyse du mouvement des yeux est également possible. Un tapis de course surdimensionné pouvant atteindre les 80 km/h sera disponible pour les cyclistes professionnels entre autres.

En matière d'imagerie, il sera possible de réaliser une absorptiométrie biphotonique aux rayons X. Apparemment, il s'agit d'une technique non invasive. Le débit de microsievert est cependant plus élevé que lors d'une radiographie du thorax.

Nicole Wohl salue la recherche en matière de sport et de rééducation. Elle espère qu'il n'y aura pas d'abus des moyens à disposition.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il ne faut pas parler de LIHPS, mais de fabrique sportive. Le LIHPS se trouve à Luxembourg-ville. Monsieur Krecké le lui a expliqué la semaine dernière.

FRED BERTINELLI (LSAP) attend avec impatience l'ouverture d'une structure sportive et scientifique comme il n'en existe pas à mille kilomètres à la ronde. Les sportifs du pays viendront à Differdange alors que jusqu'à présent ils devaient aller à l'étranger.

Fred Bertinelli ne veut pas revenir en détail sur l'équipement. Madame Wohl l'a fait. Il précise que les caméras sont importantes, car elles permettront de corriger les erreurs de mouvement des sportifs de haut niveau afin de leur permettre de gagner quelques centièmes de seconde.

Fred Bertinelli rappelle que Differdange a été « City of sport ». La ville s'est montrée innovatrice. Elle a demandé au ministère des Sports d'obtenir un stade d'athlétisme.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Hei geet et ëm de virleefge Budget vun den Apparater, déi an Zukunft am LIHPS, Luxembourg Institute for High Performance in Sports solle kommen. Et geet ëm eng Zomm vun 3,5 Milliounen Euro. Wat net näischt ass. Déi d'Gemeng, wéi den Här Ulveling elo grad gesot huet, virstreckt. An déi zu 100 % vum Ministère des Sports zrëckbezuelt solle ginn.

De LIHPS ass an der Recherche tätig. Sportmedezin, Sportwëssenschaft, Sportschirurgie, Reeducatioun am Sport, wat ech wichteg fannen. D'Exigence fir déi Apparater si vum Comité olympique et sportif luxembourgeois opgestallt ginn. Bei den Apparater geet et ëm 3D-Kameraen, déi synchroniséiert kënnen ginn, fir dee ganze Kierper ze scannen. Logiciellen, mat am Buedem integréierten dynamometresche Placken, déi un Elektromyographie gekoppelt sinn.

Ouni an d'Detailer ze goen ass och e kabellosen EEG virgesinn, fir eng Analys vun den Aebeweeunge fir eng Gesamtanalys vum Behuelen ze maachen. En iwwerdimensionéiert Lafband ass virgesinn, wou all Been op enger eenzeler Bande leeft. E Lafband, dat mat 80 km/h defiléiere kann, fir dass et och am professionnelle Vëlossport ka gebraucht ginn.

Als Imagerie ass eng DXA virgesinn, eng Absorptiométrie biphotonique aux rayons X. Dat ass och dat, wat gebraucht gëtt, wa Leit sech op Osteoporos teste loossen. Et steet zwar dran, dat wär ganz oninvasiv, ech muss zwar soen, och wann ech kee Radiolog sinn, an der Osteoporos zum Beispill ginn awer 5 bis 20 Mikrosievert pro Examen bestraalt. Dat ass bedeitend méi wéi eng Röntge vum Thorax. Dat wollt ech awer dozou soen. An et ass e Scanner virgesinn.

Ech perséinlech fannen et gutt, dass déi Sportsrecherche gemaach gëtt, besonnesch wa se an der Reeducatioun agesat gëtt. An ech hoffen natierlech, dass déi Moyenen net mëssbraucht ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Wohl. Ech muss Iech just korrigéieren. Et dierf een net méi LIHPS soen, fir dat hei. Dat ass d'Sportsfabrick elo. De LIHPS, deen ass an der Stad. Elo heescht et Sportsfabrick. Ech wousst et och net. Den Här Krecké huet mer dat d'lescht Woch erkläert.

Wie wëllt nach dozou eppes soen? Den Här Bertinelli, wannech gelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleegen, léif Kolleeginnen, et ass fir mech e grouse Moment. An ech waarden all Moment drop, datt dat Gebai do opgeet, well mer net richtig wëssen, wat mer do kréien. Do kréie mer eppes, wat dausend Kilometer ronderëm néierens steet, vum Niveau, wat dat technescht Teste vum Héichleeschtingssportler an och dee Scientifique, deen do dran ass, en enorme Stellegärt huet. An och déi Leit, déi wäerten op Déifferdeng kommen. Well all grouse Sportler hei am Land, deen huet mussen an d'Ausland fueren, fir déi Tester gemaach ze kréien. Déi kréien déi elo hei zu Déifferdeng gemaach an och an der Stad, ënner anerem.

Sou ginn ech net, well ech mer alles opgeschriwwen hat, op déi eenzel Apparater an, déi se hunn. D'Madamm Wohl huet dat in extenso gesot. Ausser d'Kameraen, d'Bewegungskameraen, déi enorm wichteg si fir Sportler, déi Beweegungen hunn, déi Feeler an hirem Mouvement hunn, fir déi ze korrigéieren um ganz héijen Niveau. Fir do Honnertstelsekonnen ze gewannen. An definéiert och, wat fir eng Sportart et ass, wéi déi Beweegungsperimeteren do gemaach ginn.

Ech muss e bëssen zrëckgoen an dat Joer, wou mer City of Sports gi sinn. Wou mer eis immens vill Méi gemaach hunn, wou mer och immens innovativ am Sport waren. Wou mer ëmmer gefrot hunn, och um Sportsministère, eischtens fir de Liichtathletikterrain, zweetens fir déi Sportszuel am Ënnergrad. Do hate mer eng Chance, fir deen Institut op Déifferdeng ze kréien. Well ech ka mech nach erënneren, an der Zäit am Schäfferot, wat fir een Hype

dat war vu ville Gemengen, fir dat an hir Stad ze kréien. Dat war guer net esou evident, fir dat hei op Déifferdeng ze kréien.

Ënner anerem well d'LUNEX déi Zäit ganz gutt funktionéiert huet an och déi Zesummenaarbecht gutt geklappt huet, hate mer dann d'Chance, fir dëst Gebai an dëse Centre an eis Stad ze kréien. Spéiderhin, wann dat richteg funktionéiert, wäerte mer gesinn, wat fir eng Wäertschätzung dat huet a wat fir e Surplus dat fir eng Gemeng wéi Déifferdeng ass, fir alleguerten déi Leit, déi hei op Déifferdeng kommen.

Ech wollt froen, wéi et mat deene weidere Formullen ass. Mir haten eng Kéier Chinesee vun der Universitéit vu Shanghai hei, déi eng Joint Venture mat Déifferdeng wollte maachen, och am Kader mat der LUNEX a mat deem Centre do, fir zesummenzeschaffen. Ënner anerem am Pingpong an an anere Sportarten. Wat Déifferdeng, déi jo d'Sportsstad vum Land soll sinn, enorm no vir bréngt, eng Joint Venture, well Shanghai déi gréisste Sportsuniversitéit a China ass.

Déi Leit, déi waren hei, mir ware mat deenen iessen. Déi haten eis e bëssen erkläert, wat si wéilte maachen a wéi si et géife gesinn. Déifferdeng wier da mat e Standpunkt an Europa gi fir all déi Sportler an Europa, déi zum Beispill mat där Joint Venture vun där Universitéit vu Shanghai trainéiert hätten. Dat wär dann hei am Land geschitt – an der Coque oder bei eis hei zu Déifferdeng. Och wat d'Tester ugeet.

Och do kann een eng Industrie schafen am Sport, déi enger Gemeng immens vill brénge kann. Wat enorm wichtig ass, well se och eng Geschicht vu Leit op engem wëssenschaftlech ganz héijen Niveau heihinner géif bréngen. Duerfir sollte mer dat weiderfueren a weider op där Schinn do fueren, wat de Sport an d'Recherche am Sport ugeet.

Och well eis Veräiner dovunner profitéieren. Well vill Tester, déi och d'LUNEX gemaach huet an och déi heite Leit elo wäerte maachen, brauchen ëmmer eis Sportler, déi mer an eiser Gemeng hunn, dat heescht eis Sportsveräiner, wann Tester gemaach ginn. Dat bréngt déi dann och virun. Well se d'Athleten testen an op dee

leschte Standard vun der Sportsmedizin wäerte bréngen.

Also ech sinn enorm frou. War ganz am Ufank guer net esou sécher, datt déi géifen hei Fouss faassen an eiser Gemeng. Mee wéi gesot, dee Standard, dee mer do hunn – a mir hunn och wierklech gewisen als Gemeng, datt mer weiderhin an de Sport investéieren, mir sinn och Sportsstad ginn. Dat muss d'Zukunft sinn, fir weiderhi Leit op Déifferdeng ze zéien an eis Stad. Wat elo net vläicht an enger Industrie, mee eng ganz aner Industrie ass, eng Sportsindustrie, déi et op der Welt gëtt. Déi Zentren, déi et a grouse Stied wéi Paräis, Münche gëtt, wat dat u Leit generéiert a wat dat un Aarbechtsplaze generéiert, ass enorm. An dat hei ass eng Chance fir Déifferdeng fir virunzkommen. Ech sinn op jiddwer Fall frou an ech soe Merci.

Deen Invest kréie mer komplett bezuelt. Den Här Ulveling huet gesot, datt déi Accorde mam Sportsministère an der Rei sinn, datt d'Notzung vun deene Raim, déi mir wollten hunn, weider bestoe bleift, wéi d'Buvette an all déi Saachen. Et waren eenzel Saachen, déi net esou gutt waren, wéi d'Büroen, déi eenzel Sportsveräiner wollten hunn. Et muss ee kucken, déi wäerte jo och weider ausbauen. Ech hoffen, datt se weider ausbauen an nach méi Raum brauchen. Well dat eppes ass, wat eis Stad enorm virubréngt.

Op jidde Fall, dat hei ass e Projet, wou vläicht d'Envergure an d'Zomm net esou wichtig si wéi vun deem, iwwert dee mer virdru geschwat hunn, mee enorm wichtig fir eis Stad ass. Well et an eng Richtung geet vun Innovatioun, vu Fuerschung. An dat si Leit, wou all Gemeng gär gehat hätt. Wéi gesot, mir haten d'Chance deemools, an déi, déi dobäi waren am Schäfferot, wëssen dat. Duerfir sinn ech duebel frou a waarden drop, datt dat schnell méiglechst opgeet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Tempels, wannechgelift.

Lorsqu'il a été question de la fabrique sportive, de nombreuses villes étaient intéressées, mais c'est Differdange qui l'a emporté — notamment grâce à la collaboration possible avec LUNEX.

*Lorsque la fabrique sportive ouvri-
ra, on se rendra compte de la plus-
value qu'elle représente pour la
ville et pour tous ceux venant à
Differdange.*

*Fred Bertinelli demande quelle for-
mule a été retenue. Il avait été ques-
tion d'une coentreprise avec l'Uni-
versité de Shanghai dans le do-
maine du tennis de table. Cela fe-
rait avancer Differdange, qui veut
devenir la ville du sport au Luxem-
bourg. L'ancien collègue échevinal
avait accueilli une délégation chi-
noise, qui voulait faire de Differ-
dange une des villes européennes
où se rendraient les sportifs s'en-
trainant dans le cadre de la coentre-
prise. Une telle coopération amène-
rait des scientifiques de haut niveau
à Differdange. Fred Bertinelli sug-
gère au collègue échevinal de ne pas
laisser tomber ce projet.*

*Les clubs sportifs locaux tireront
profit des nombreux tests effectués
dans la fabrique du sport pour
améliorer le niveau des athlètes et
la médecine sportive.*

*La Ville de Differdange a démontré
qu'elle voulait investir dans le
sport. Il s'agit de développer une
industrie du sport comme à Paris
ou Munich générant de nombreux
emplois. C'est une chance pour
Differdange d'avancer.*

*Monsieur Ulveling a expliqué que
les accords avec le ministère des
Sports étaient en règle et que la
commune pourra utiliser les locaux
dont elle a besoin pour ses clubs
sportifs.*

*Fred Bertinelli espère que la fa-
brique sportive agrandira bientôt
ses locaux. C'est important pour
Differdange.*

*Ce projet ne coute peut-être pas
aussi cher que ceux dont il a été
question tout à l'heure. Mais ils
sont d'une importance énorme en
matière d'innovation et de re-
cherche. Differdange a eu de la
chance d'être choisie. Fred Bertinel-
li est doublement content et sou-
haite que les choses avancent vite.*

4. Plan d'encadrement périscolaire 2020-2021

GUY TEMPELS (CSV) constate que madame Wohl a pratiquement tout dit. Il souhaite, quant à lui, se renseigner au sujet des délais. Il suppose que les travaux seront finis avant ceux du centre sportif. La fabrique du sport pourra-t-elle ouvrir avant le centre sportif?

TOM ULVELING (CSV) répond que oui.

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle que le vote portera sur le devis pour les appareils scientifiques de la fabrique sportive construite à côté du centre sportif d'Oberkorn.

La structure doit développer la recherche sportive au Luxembourg — notamment de la médecine sportive, de la chirurgie et de la rééducation. L'équipement fera partie de ce qui se fait de mieux dans la Grande Région. Des emplois vont être créés.

La commune préfinancera les 3,5 millions d'euros nécessaires, mais sera ensuite remboursée par le ministère des Sports.

Le DP approuvera le devis.

ALI RUCKERT (KPL) annonce qu'il s'abstiendra lors du vote. Il se réjouit que la fabrique du sport obtienne du matériel. Mais les communistes ne pensent pas qu'une commune doive préfinancer les projets du gouvernement. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à deux plans d'encadrement périscolaire: un pour les cinq écoles fondamentales et l'autre pour le campus en forêt. La collaboration entre l'école et la maison relais y est retenue.

Il s'agit d'offrir aux enfants le meilleur encadrement possible. Ils doivent avoir accès aux bibliothèques, à des animations culturelles et artistiques, au sport...

Les PEP s'inscrivent dans le cadre du PDS, le plan de développement scolaire, qui est fixé tous les trois ans pour améliorer la qualité de l'enseignement et de l'encadrement dans les structures d'accueil.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. D'Madamm Wohl huet praktesch alles gesot zu deene ganzen Apparater, déi an d'Sportsfabrick kommen. Ech hunn eng Fro: Wéi ass et mat den Delaien? D'Sportsfabrick, déi wäert jo éischter fäerdeg si wéi deen Ëmbau vun der ganzer Sportshal. Kann déi éischter a Betrib geholl ginn? Oder sinn do keng Schwierigkeiten? Kënnt dat eent laanscht dat anert?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Yes.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre Schäfferot, Kollegen a Kollegen, den Här vun der Press, den Objet vun dësem Punkt ass den Devis fir d'wëssenschaftlech Ausstattung mat Apparature vun der Sportsfabrick, déi un d'Sportshal zu Uewerkuer am Bau ass – dat heescht hei nienwdrun.

Dëst Institut huet als Objet, d'Fuerschung vum Sport op héijem Niveau hei zu Lëtzebuerg ze entwéckelen. Zum Beispill den Developpement vun der Sportsmedezin, der Chirurgie an der Reeducatioun. Mat dem Resultat, dass de Labo vun dëser Sportsfabrick mat dësem wëssenschaftlechen Ekipement, fir d'jonk Sportler ze testen, ee vun deene beschten, wann net dee beschten, an der Groussregioun gëtt. Gläichzäitig gi spezifesch Aarbechtsplaze geschafen.

3,5 Milliounen Euro Budget fir dëst Material gëtt vun der Gemeng virfinanziert an duerno vum Sportsministère rembourséiert.

D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Punkt, an ech soe Merci fir d'Nolauscheren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll ukënnegen, dass ech mech bei deem Vott enthale wäert. Net, well d'Sportsfabrick nei Maschinnen an Instrumenter kritt, wat eng gutt Saach ass, mee vum Prinzip hier, dass d'Kommunistesch Partei der Meinung ass, dass d'Gemeengen net do sinn, fir ëmmer méi Projete vun der Regierung virzefinanzéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 abstention d'approuver le devis pour les équipements spécifiques et les installations de base du laboratoire de la SportFabrik à Oberkorn.

Villmools merci. Dir Dammen an Dir Hären, mer kommen zum Punkt 4, Enseignement fondamental. Dem Gemeengerot leien zwee PEPen, Plans d'encadrement périscolaire, vir. Eng Kéier vun eise fënnef Schoulen zu Déifferdeng an eng Kéier vum Site Bëschklass. Wou d'Kollaboratioun tëschen der Schoul an de Maison-relais festgehalten an definéiert gëtt.

Et geet drëms, de Kanner déi beschtmeiglech Encadrement ze bidden, souwuel an der Schoul wéi och no der Schoul. Dass se Accès hunn, zum Beispill op d'Bibliothéiken, kulturell an artistesch Animatiounen, Sport an esou virun an esou weider. Dat Ganzt ass am Aklang vum PDS, also vum Plan de développement scolaire. Dee gëtt, par

4. Plan d'encadrement périscolaire 2020-2021

contre, pro Schoul fir dräi Joer festge-
luecht, well se an deem PDS d'Qualitéit
vum Léieren an hirer Schoul ëmmer
wëlle verbesseren an optiméieren. An
natierlech och vun de pedagogesche
Konzepter vun de Structures d'accueil.

Ech wëll ganz kuerz ëmräissen, wat déi
Ratrapagen ugeet elo an der grousser
Vakanz. Et gi gratis Ratrapagen orga-
nisiéiert vum Ministère de l'Éducation.
Déi dauere vum 31. August bis den
11. September. Et si Bréiwer un d'Elte-
ren erausgaangen, dass si sech bis de
26. Juli kënne mellen, wa se mengen,
hir Kanner bräichten e Ratrapage.

An eng Klass komme maximal
16 Schüler, vun all Grupp maximal
véier Kanner. Dat heescht, et gi véier
Gruppe mat véier Kanner an eng Klass.
D'Horairë wäert vun 8 bis 10 Auer. De
Cycle 2 vun 10 bis 12 Auer. D'Cyclen 3
a 4 a vu 14 bis 16 Auer. D'Cyclen 3 a 4
nach eng Kéier mëtten. An dat ass
ëmmer de Fall dëschdes, mëttwochs a
freides. Dat als Informatioun zu deem
PEP, dee mer elo stëmme vun der
Grondschoul.

Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem
Gemengerot, e gutt Zesummespill
tëscht Schoul a Maison relais ass
extrem wichteg, fir e qualitativ héich-
wäertegen Encadrement vun eise
Kanner ze garantéieren. An eiser
Gemeng gëllt dat fir déi fënnf Schoul-
campussen: Déifferdeng, Fousbann,
mat Annex Lasauvage, Nidderkuer,
Uewerkuer an de Woiwer, mat deene
jeeweilege Maison-relais. Derbäi
kënnt nach de Campus Kannerbongert.
Dat sécherlech nach vill méi an Zäite
vun enger sanitärer Kris, wou leider
Dag fir Dag nei Informatiounen era-
platzen, mer lues a lues de Virus besser
kenneléieren an eis mussen upassen, fir
beschtméiglech domadder ze liewen.

Nieft sozioedukativen Aktivitéiten,
Appui pédagogique, LASEP, Liesclub,
Hörclub an enger ganzer Rei anere Pro-
jeten, gëtt an deem Dokument de
Kader gesat fir eng optimal Betreierung.
Eis Vakanzaktivitéiten, Vacances loi-
sirs, eis zuelräich lokal Veräiner, an
deem Fall haaptsächlech Kultur a

Sport, souwéi eis Museksschoul sollen
a musse beschdens agebonne bleiwen.

D'Schoul ännert sech, d'Zäiten ännere
sech, an dat spillt och an deem Kon-
text. Et gëtt sécherlech net méi einfach.
Doduerch muss d'Offer permanent
ugepasst ginn, fir se de Besoin vun de
Kanner unzepassen. Soudass all d'Kan-
ner sech kënne entfalten a kee Kand op
der Streck bleift, zemools am Moment.
A beschtefalls all Kand d'Méiglechkeet
op e gudde Start an d'Liewen huet.

D'Detailer dozou goufen all genannt,
respektiv hu mer se gelies. Et bleift mer
just nach Merci ze soen. Merci de
Schoulpresidenten, de Responsabele
vun de Maison-relais, den Ense-
gnanten, den Educateuren, de bedee-
legte Servicer an alle Leit, déi um Aus-
schaffe vun deem Plang bedeelegt
waren oder wäerte sinn an esou eise
Kanner eng beschtméiglech Offer an en
ideale Kader an Encadrement bidden.

Schlussendlech bleift ze hoffen, dass de
Virus eis net wäert dertëschtfunken.
Mir stëmme dëse Plang mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Liesch,
wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et si ganz wéineg Changementer am
PEP, par rapport zum Dokument vum
leschte Joer. Flott ass déi gemeinsam
Surveillance, déi stattfënn. Wou een ee
Punkt schaaft, wou sech d'Educateuren
an d'Léierpersonal kuerz kënne gesinn
an en Austausch hunn. Et schéngt mer
immens wichteg ze sinn, dass iwwerall
esou Brécke geschafe ginn, fir dass déi
Leit, déi jo mat deene selwechte Kanner
schaffen, d'Méiglechkeet kréie sech
auszetauschen doriwwer.

Et huet mech gefreet ze liesen, dass
d'Kommunikatioun – dat stoung emol
am Avis vun der Schoulkommissioun –
trotz Covid-19 tëscht eisem Schoulser-
vice an der Maison relais an den Acteu-
ren um Terrain ganz gutt war. Jiddwe-
reen huet dat positiv begréisst. Et konnt
een awer och liesen, dass d'Kommuni-
katioun vun nationaler Säit erof op

*Les ratrapages pendant les grandes
vacances sont organisés par le mi-
nistère de l'Éducation nationale du
31 août au 11 septembre. Les pa-
rents peuvent inscrire leurs enfants
jusqu'au 26 juillet. Les groupes se-
ront formés de quatre enfants au
maximum. Les cours sont prévus
les mardis, mercredis et vendredis
de 8 h à 10 h, de 10 h à 12 h et de
14 h à 16 h en fonction des cycles.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) constate
qu'une bonne collaboration entre
l'école et la maison relais est essen-
tielle pour garantir un encadrement
de qualité. Il rappelle que Differ-
dange compte cinq campus: Differ-
dange, le Fousbann, Niederkorn,
Oberkorn et Woiwer. S'y ajoute le
campus Kannerbongert. La colla-
boration est encore plus impor-
tante en période crise sanitaire,
alors que les nouvelles informa-
tions se bousculent.

Parallèlement aux activités socio-
éducatives, le PEP fixe le cadre
d'un encadrement optimal. Les as-
sociations locales, qu'elles soient
culturelles ou sportives, et l'école
de musique doivent être intégrées
dans l'organisation.

L'école évolue en permanence et
l'offre doit être adaptée aux be-
soins des enfants pour que ceux-ci
puissent s'épanouir.

François Meisch remercie les prési-
dents d'école, les enseignants, les
éducateurs, les services commu-
naux et tous ceux ayant élaboré le
plan. Il espère que le virus ne cham-
boulera pas tout.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)
trouve que le PEP a peu évolué par
rapport à l'année dernière. Il se ré-
jouit du fait que la surveillance ait
lieu en commun et permette ainsi
aux enseignants et aux éducateurs
de s'échanger. Il faut créer des
ponts, car après tout, ces personnes
travaillent avec les mêmes enfants.
Georges Liesch est content du fait
que la collaboration entre le service
scolaire, le service des maisons re-
lais et les acteurs sur le terrain se
passe bien malgré la COVID-19.
En revanche, la communication
entre le gouvernement et la com-
mune n'a pas été parfaite.

4. Plan d'encadrement périscolaire 2020-2021

Apparemment, les maisons relais ont souvent été informées plus tard que les écoles. Il faudrait lancer un appel aux différents ministères concernés.

Georges Liesch remercie tous les acteurs. Le PEP est important pour assurer une bonne collaboration entre les écoles et les maisons relais. Le conseiller communal a lu que Danielle Mirkes sera remplacée par Dan Bauler. Il la remercie pour son engagement. Il se dit convaincu que Dan Bauler sera à la hauteur.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que la commission scolaire s'est occupée du plan d'encadrement scolaire lors de sa cinquième réunion. La page 18 décrit la coopération entre l'école et la maison relais. Le document apporte des réponses à de nombreuses questions. Les socialistes remercient tous ceux ayant contribué à sa réalisation.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie à son tour les responsables de l'école et de la maison relais. Le document règle le quotidien des enfants dans ces structures.

Les chrétiens sociaux saluent la collaboration entre école et maison relais, car ces établissements travaillent avec les mêmes enfants. Pour assurer une bonne prise en charge des enfants, la communication doit être efficace.

Le passage d'une structure à l'autre est réglé, ce qui est important du point de vue de la sécurité.

Les salles des écoles et des maisons relais sont accessibles à tous — notamment les salles de musique, les bibliothèques et les salles de sport. Le CSV approuvera le PEP 2020-2021.

d'Gemeng net ëmmer esou perfekt gelaf ass. Do wär also nach e bëssen nozebeseren.

Dass, wa vun nationaler Säit kommuniquéiert gëtt, d'Maison relais awer oft eréischt après coup oder e bësse méi spéit informéiert gouf iwwer Saache respektiv iwwer Neiegkeete wéi d'Schoul. Dat ass net gutt. Duerfir muss vläicht nach eng Kéier en Appell gemaach ginn un d'zoustänneg Ministären, dass dat misst verbessert ginn.

Soss soen ech och alle Leit Merci, déi heiru geschafft hunn. Dee PEP ass wierklech immens wichtig, fir dass mer déi Zesummenaarbecht tëscht Schoul a Maison relais an der Praxis hikréien, dass dat net nëmmen e Pabeiertiger bleift. Dorunner mussen natierlech eis Leit schaffen. Do sinn ech awer gudder Déng, dass déi dat maachen.

Ech hu gelies, dass d'Danielle Mirkes net méi Presidentin ass, mee ersat gëtt duerch den Dan Bauler. Ech wollt vun hei aus dem Danielle Mirkes Merci soen, well ech laang Jore mat him zesumme geschafft hunn. Ech weess, wéi engagéiert hatt déi Aarbecht ëmmer gemaach huet. Ech sinn iwwerzeegt, dass mam Dan Bauler op jidde Fall e wierdegen Nofollger fonnt ginn ass, fir dat doten ze iwwerhuelen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Liesch. Här Altmeisch, wannech gelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, an der fënnefter Sitzung vum Schouljoer 2019/2020 huet d'Schoulkommissioun sech mam Plan d'encadrement périscolaire vum nächste Joer befaasst. Op 18 Säite gëtt d'Zesummenaarbecht zwëschen Schoulen a Maisons relais détailléiert beschriwwen. Dës Aarbecht schaaft Kloeerheet, gëtt eng Äntwert op vill Froen, ass professionell opgestallt, iwwersiichtlech a verständlech. D'LSAP Déifferdeng seet alle Leit

Merci, déi gehollef hunn, dës Aarbecht maachen. An ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannech gelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, dës Dokument, erstallt vun de Responsabele vun der Schoul an der Maison relais zesummen – woufir mer hinnen op dëser Plaz wëlle Merci soen –, klärt de reiwungslosen Oflaf fir d'Kanner, déi souwuel an d'Schoul wéi an d'Maison relais ginn. Wéi schonns bei der Schoulorganisatioun, gesäit een och hei am Dokument déi verstärkt ugestriefen Zesummenaarbecht vu béide Strukturen. Wat mir als CSV immens begrëissen. Och wann déi formal an déi non formal Bildung zwou verschidde Strukturen sinn, schaffe se mat deene selwechte Kanner. Fir eng beschtméiglech Prise en charge vun hinnen, brauch et e Ganzt, wat gutt aneneegräift. Dofir ass d'Kommunikatioun tëscht hinnen, wéi och mat den Elteren, immens wichtig.

Ënner anerem sinn d'Iwwergäng tëscht den zwou Strukturen kloer gereegelt. Wat punkto Sécherheet immens wichtig ass. Och déi gemeinsam Surveillance gouf jo schonns ugeschwat.

D'Säll vun de Maison-relais wéi vun de Schoule stinn a gläichem Mooss jiddwerengem zur Verfügung, datt se déi néideg Plaz hunn, fir hir geplangten Aktivitéiten. Insbesonnesch déi méi extra Säll, wéi d'Bibliothéiken, d'Musekssäll, d'Turnsäll a sou weider. Déi nei Schoulen a Maison-relais gi jo extra esou geplangt.

D'CSV stëmmt de PEP, de Plan d'encadrement périscolaire fir 2020/2021 mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannech gelift.

5. Organisation des structures d'accueil

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Lénk aus wëlle mer d'Wichtigkeet vun der Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Maison relais en évidence setzen. Et sinn déi nämmelecht Kanner, déi op där enger oder anerer Plaz léieren, awer op verschidden Aart-a-Weisen. An der Schoul ass et méi déi formal Bildung, déi stattfënnt. An de Betreuungsstruktur méi déi non-formal Bildung. D'Kanner sinn awer déi nämmelecht. Kanner sinn ënnerschiddlech, och ënnert sech, a léieren op verschidden Aart-a-Weisen. Do ass et wichtig, eng gewëssen Ofstëmmung a Koherenz ze hunn zwëscht deenen engen an deenen anere Plazen, wou d'Kanner betreit ginn an hir Zäit verbréngen.

Wéi scho gesot gouf, sinn et net bedeiend Ännerungen, par rapport zum leschte Joer. Een Element vum PEP sinn d'Stonnepläng, wou d'Zäite kloer opeenen ofgestëmmt sinn. Doriwwer eraus kann e PEP awer nach weider Saachen ugoen, wou et drëm geet, méi konzeptuell verschidde Prinzippien ënnerteenen ofzestëmmen. Déi Kommunikatioun ass jiddefalls ganz wichtig. An et ass ganz wichtig, dass eng gemeinsam Sprooch geschwat gëtt, och wann op eng aner Aart a Weis geschafft gëtt. An dass een och kann am Interêt vun de Kanner zesummen do schaffen.

Ee Bemoll, deen ech nach eng Kéier ervirhiewe wollt, wou mir ganz kritesch agestallt sinn, dat ass déi gemeinsam Notzung vun de verschiddene Raim. Wou zum Deel och an deene Raim giess gëtt, wou Schoul gehale gëtt. Wat logistesche Problemer mat sech bréngt, an dass verschidde Kanner dann net déi beschte Gegebenheeten hunn – awer och d'Personal, fir duerch den Dag ze kommen. Do hoffe mer, dass mer duerch den Ausbau zu Nidderkuer an och laangfristeg do aner Léisunge fanne fir déi gemeinsam Notzung, déi mer do hunn.

Eng gemeinsam Notzung kann interessant sinn, wa se vu vir era raimlech geplangt gëtt. Awer wann dat net de Fall ass an dat einfach Kllassesäll sinn, déi iergendwann dann och nach fir d'lesse benotzt ginn, da gesi mer, dass dat net esou gutt funktionéiert um Terrain.

Ech wëll alle bedeelegte Merci soen, der Schoulkommissioun am Service a beim Personal, déi direkt mat de Kanner schaffe fir déi wichteg Aarbecht. An ech wënschen dobäi weider eng gutt Hand. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans d'encadrement périscolaire 2020-2021.

Villmoos merci. Da komme mer zum Punkt 5, Structures d'accueil, Organisation scolaire fir 2021. Ech wëll direkt soen, well et un de Punkt vu vir drun uknäppt, dass mer als Träger vun de Maison-relais bedauert hunn an nach ëmmer bedauern, dass wa Pressekongferenze si vum Ministère de l'Éducation nationale, ganz oft d'Maison-relais mol net ernimmt ginn. Oder ëmmer sou um Rand ernimmt ginn. Dat ass schued. Well si ënnerstinn deem nämmelechte Ministère.

A wa mir gären hei um Terrain eng géigesäiteg Unerkennung a géigesäiteg Basis fir ze schaffen hätten, da wier et och schéin, wann dat vun uewen och esou géif kommunizéiert ginn. Hunn ech elo musse soen, deet mer leed. Well mir schaffen hei drun. Ech mierken, leider Gottes, wann de Covid eppes Guddes hat, dann huet en déi Zesummenaarbecht wierklech extreem zesummebruecht.

Elo zum Punkt 5, Organisatioun vun de Structure-d'accueilen. D'lescht Schouljoer gouf leider gepräagt vum Covid. A wéi et och schonn hei des Ëftere gesot ginn ass, hält en eis aktuell nach weider an Otem.

E kleng Resümmee vun den aktuellen Entwécklungen an de Schoulen an an de Maison-relais: Moies war bis elo Schoul vun 8 bis 13 Auer. Duerno huet d'edukatiivt Personal vun de Maison-relais vun 13 bis 18 Auer iwwerholl. Déi eenzel Gruppen an de Maison-re-

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour la collaboration entre les écoles et les maisons relais. Il s'agit des mêmes enfants, qui suivent leur apprentissage dans les deux structures.

L'école propose un apprentissage plus formel tandis que les maisons relais offrent un apprentissage non formel. Les enfants apprennent d'une façon différente selon la structure. Une certaine cohérence est donc nécessaire.

Par rapport à l'année dernière, les différences ne sont pas flagrantes. Les PEP fixent les horaires, mais peuvent aussi aborder des concepts comme la communication. Dans l'intérêt des enfants, l'école et la maison relais doivent parler une même langue.

Gary Diderich se montre en revanche critique quant à l'utilisation commune de certaines salles. Parfois, les enfants mangent dans les salles de classe. Cela entraîne des problèmes logistiques. Le conseiller communal espère que l'agrandissement à Niederkorn apportera des solutions à long terme. Utiliser les mêmes salles peut avoir des avantages à condition que cela ait été planifié dès le départ. Mais utiliser des salles de classe comme réfectoire ne fonctionne pas sur le terrain.

Gary Diderich remercie tous ceux travaillant avec les enfants et leur souhaite bonne chance.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à l'organisation des structures d'accueil. Elle regrette que lors de ses conférences de presse, le ministre de l'Éducation nationale ne mentionne même pas les maisons relais. C'est dommage, car elles dépendent du même ministère. Si l'on souhaite une bonne collaboration entre les structures, la communication doit se faire en conséquence. S'il fallait trouver un point positif à la COVID-19, ce serait la collaboration accrue entre école et maison relais.

L'année dernière a été marquée par la COVID-19. La situation ne s'améliorera pas forcément.

Comment la situation dans les écoles et maisons relais a-t-elle évolué?

5. Organisation des structures d'accueil

lué? Les enfants étaient à l'école de 8 h à 13 h, puis en maison relais de 13 h à 18 h. Les groupes en maison relais étaient composés de dix enfants au maximum. Actuellement, Differdange compte six possibles contagions. En dehors des maisons relais, 11 adultes sont en quarantaine.

Les présidents des écoles et les responsables des maisons relais ont discuté de la façon dont on peut améliorer la communication.

La Ville de Differdange procède selon les recommandations du ministère de la Santé. Les équipes doivent respecter les gestes barrières. Chaque maison relais dispose d'informations remises par la Santé. Les documents définissent notamment qui peut recevoir telles ou telles informations dans le respect de la protection des données.

Les personnes externes aux maisons relais doivent prendre rendez-vous avant de s'y rendre. C'est par exemple le cas des équipes de nettoyage, qui ne doivent plus aller sur place sans en parler d'abord à un responsable de la maison relais, car les indications de la Santé évoluent rapidement. Il s'agit d'une petite mesure, mais Christiane Brassel-Rausch espère que la multiplication de petites mesures permettra de protéger les gens.

La protection des données est importante. Les recommandations concernant les cas suspects sont claires. Un enfant présentant des symptômes est sorti du groupe et ses parents sont avertis pour qu'ils puissent aller le chercher. Ensuite, les parents contactent un docteur. L'enfant reste à la maison aussi longtemps que nécessaire. La Santé prend les décisions dans la maison relais et contacte les personnes concernées.

La Santé a également envoyé un fichier Excel permettant d'effectuer un traçage précis en cas de suspicion de contagion.

Les communes disposent d'une personne de contact auprès de la Santé. Elles peuvent lui poser leurs questions.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch explique que la Santé informe la commune le cas échéant et contacte les personnes concernées.

laisse waren ëmmer maximal zéng Kanner. An dëser Zäit hate mer bis elo – dat heescht Stand Juli 2020 – sechs Verdachtsfäll, wou de Kontakt indirekt war an der Fräizäit. 11 Verdachtsfäll, déi net an der Maison relais waren. 11 Erwuessener goufen a Quarantän gesat. Néng positiv Fäll vu Persounen, souwuel Kanner wéi Erwuesse-ner.

Fir d'Kommunikatioun ze optiméieren an ze organiséieren, hu sech eis Betreivungsstrukture Gedanke gemaach wéi nach Schoul war. Dat ass dat, wat ech virdru gesot hunn, et war ganz kloer, dass sech déi eenzel Persounen pro Campus wéi Schoulpresidentin respektiv Schoulpresident mat de Responsable vum de jeeweilege Maisons relais ausgetosch hunn. Elo awer hunn d'Kanner Vakanz, a weiderhi baséiere mir eist Handelen an eis Virgoensweis op déi aktuell Recommendations sanitaires vum Ministère de la Santé.

D'Ekippe gi motivéiert d'Geste-barrière ze respektéieren. An allen Haiser sinn d'Informatiounen verfügbar, déi vun der Santé, am Fall wou, gebraucht ginn. Dat ass déi Richtlinn, wou ech lech virdru gesot hunn, déi mer ausgeschafft hunn. Wou ganz kloer définéiert ass, wie wéini am Kader vun der Protection des données informéiert gëtt. An dat schéngt ze klappen. Ech paken Holz un.

Doropshin hu mer dat op d'Gemeingeservicer ugepasst, mat der Delegatioun vun de Salariéen, de Beamten an den Travailleurs désignés. Zum Beispill d'Consigne, dass déi Leit sech bei de Responsablen umelle sollen oder e Rendez-vous sollen huelen, déi vu bausse kommen. Vum CID zum Beispill. Leit, déi vu bausse kommen, sief et, fir e Sall extra ze botzen, ass gesot ginn, si sollen net méi einfach esou kommen. Well mir jo net moies wëssen, wat um 10 Auer gemellt gëtt vun der Santé. Dat heescht, dass dat op Rendez-vous geet.

Mat esou kleng Mesurë probéiere mer, jiddwereen a Sécherheet ze bréngen. Et ass eng kleng Mesure. A wa mer vill klenger maachen, kréie mer vläicht e globaalt Bild vu Mesuren zum Schutz vun all de Leit an awer och vun de Retrachagen, wann e Fall géif iwwerschloen.

Dobäi ass den Dateschutz immens wichteg. Mir hunn iwwert d'Recommandations sanitaires ganz kloer Virgaben a Richtlinn, wéi mer mat Beispiller vu Verdachtsfäll müssen ëmgoen. Zum Beispill, wann e Kand Symptomer weist, da gëtt d'Kand aus der Grupp geholl. Zweetens ginn d'Elteren direkt informéiert, fir d'Kand sichen zekommen. Drëttens: Dës sollen dann esou séier wéi méiglech mat hirem Dokter oder mat der Santé Kontakt ophuelen. Véiertens: D'Kand bleift doheim, bis d'Elteren entsprechend informéiert ginn, dass d'Kand erëm an d'Maison relais ka kommen.

Dat heescht, et si ganz kloer Etappe virgeschriwwen, wéi dat soll goen. Kuerz gesot: D'Santé huet an der Maison relais absolute Lead, kontaktéiert déi concernéiert Leit a seet eis och, wat mir ze maachen hunn.

Des Weidere krute mer e Formulaire vun der Santé geschéckt, eng Excellstabell, wou mer dee ganz genauen Tracing novollzéie kënnen, wann e Kand iergendwou wier.

D'Gemeenge kruten als konkreeten Uspriechpartner en Här vun der Santé. Wa mir Froen hunn, si si fir eis do. A si soen eis, wa mir bei iergendepes concernéiert sinn.

(Ënnerbriechung)

Grondsätzlech kann ee festhalen, dass d'Santé eis kontaktéiert de Moment, wou mer betraff sinn. An d'Santé informéiert déi concernéiert Persounen.

De Pizza-Projet ass ganz gutt verlaf. Net nëmmen, dass mer d'Kanner glécklech gemaach hunn an och d'Enseignante wéi d'Educateuren, et muss een och soen, dass déi ganz Pizzen nëmmen aus Restauranten hei vun Déifferdeng komm sinn. Dat war eng ganz logistesche Opdeelung. Dofir hu se se och net alleguer zesumme kritt. Et ass esou gestaffelt an organiséiert ginn, mat Hëllef vun eisem City-Manager, dass all Restaurant, dee gewëllt war do matzemaachen, en Deel Pizzen ze liwwere kritt huet.

(Ënnerbriechung)

Jo. Zënter dem 16. Juli ass et erëm erlaabt, dass eis Kanner waarm z'iesse

5. Organisation des structures d'accueil

kréien. D'Kanner dierfen elo a Gruppe vun 10 an deenen dofir virgesinne Säll zesummen iessen. Dofir fänke mer éischter u mam Iessen. Schonn um 11.30 Auer. Wann ee Grupp eraus ass, gëtt de Sall desinfizéiert, gëtt erëm op Vordermann bruecht, dass déi nächst kënne kommen. Dat heescht, et ass alles méi auserneegezunn, och fir ze garantéieren, dass d'Gruppe sech net kräizen.

Als weider Mesuren, fir eis lokal Bäckeren, Patissieren a Mëllechliwweranten ze ënnerstëtzen, hu mer déi Aktioun weidergefouert, déi mer an der Päischtvakanz agefouert haten. Moies kréien d'Kanner, déi an d'Maison relais kommen, e Stéck Einback mat enger Mëllech respektiv enger Schokolasmëllech. A mëttes um 16 Auer kréie se eng Mëtsch oder en Uebst. Dat hu se zum Choix. Als Belounung fir déi schwéier Zäit. A mir droen dozou bäi, dass mer eis Commerçanten ënnerstëtzen.

Aktuell si 533 Kanner fir d'Vakanzenaktivitéite vum 20. Juli bis den 31. August ageschriwwen. Duerno sinn zwou Woche Congé collectif vum 3. August bis de 14. August. Am Ganze si 617 Confirmationsbréiwer fir déi ganz Summervakanzen erausgaangen. Mir halen eis Gruppen och. Scho virun deem, wat elo am Moment lass ass, hate mer gesot, mir halen d'Gruppe sou kleng wéi méiglech, bei 10 Kanner. Och elo an de Vacances loisirs.

D'Zuele vun den Aschreiwungen – also dat ass ëmmer Stand 16. Juni 2020: Déifferdeng-Zentrum si fir d'Rentrée 2020/2021 280 Dossieren agereecht ginn. Déi Dossiere goufe vun de Responsabelen an den Haiser gekuckt. Dovunner sinn 252 Inscriptiounen zréckbehale ginn. Um Fousbann goufen 207 Dossiere vun de Responsabele gekuckt. Nee, et sinn 238 Dossieren erakomm. Et sinn der 207 zréckbehale ginn. An zwee Dossiere sinn op der Waardelëscht.

Fir Lasauvage goufen 12 Dossieren agereecht. Aktuell goufen dovunner siwen zréckbehalen.

Nidderkuer: Fir d'Rentrée sinn 313 Dossieren agereecht ginn. D'Dossiere goufe vun de Responsabele gekuckt. 266 goufen zréckbehalen. 21 Dossiere stinn op der Waardelëscht.

Uewerkuer, do ass et méi speziell, well do geschafft a renovéiert gëtt. An opgrond vun der Renovatioun vun der Villa, vun der aler Crèche – déi aktuell aus Covid-Grënn méi laang gedauert huet – an dem geplangten Ëmbau um Bock, wäerte mir dëst Joer manner Plazen an der Maison relais Uewerkuer hunn. Laut Agreement sinn um Bock 14 Plazen. An der Villa waren ursprénglech laut Agreement 102 Plazen. Dovunner kënne mer aktuell nach 36 Plazen notzen. Dat heescht genau zwee Raim.

D'Demande ass awer schonn ugefrot, also ass scho gemaach ginn un de Ministère fir den Agreement, falls se éischter solle fäerdeg sinn. Wa géifen nach Kanner noréckelen, wa mer den Agreement vum Ministère hätten, wann dat am September oder am Oktober géif fäerdeg ginn. Dat ass ugefrot. Et feelen eis am Moment 66 Plazen. Ënnert dem Stréch feele wéinst der Renovatioun an dem Ëmbau zu Uewerkuer am Ganzen 80 Plazen.

Fir d'Rentrée 2020/2021 si fir 179 Kanner Dossieren agereecht ginn. 169 Inscriptiounen sinn zréckbehale ginn an 10 Dossiere sinn op der Waardelëscht.

Um Woiwer sinn 247 Dossieren agereecht ginn. Et sinn der 240 zréckbehale ginn. Do schéngt et keng Waardelëscht méi ze ginn.

An der Maison relais forêt si 37 Dossieren agereecht ginn. Déi Dossiere goufe gekuckt. An et si 37 Inscriptiounen zréckbehale ginn. Do gëtt et och keng Liste d'attente.

Foyer du Jour Kornascht, dat ass eis Crèche, si fir 108 Kanner Demandé gemaach ginn. Et sinn der 86 zréckbehale ginn. 22 Dossiere sinn op der Waardelëscht. Et ass méiglech, hei am Foyer Kornascht am Ganze 86 Kanner anzeschreiwen, trotz der Ausso vum Agreement, dass mer der nëmme 84 zegutt hunn. Opgrond vun der Flexibilitéit, wann zum Beispill an engem Dag e Kand moies kënnt an net mëttes, kënne mer en anert Kand mëttes huelen, dass dat dann eebe moies net do ass.

An der Bëschcrèche sinn aktuell 16 Kanner ageschriwwen. Hei gëllt et

Le projet des pizzas s'est bien passé. Toutes les pizzas ont été livrées par des restaurants differdangeois. Le tout a été organisé par le « city manager ».

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch explique que les enfants peuvent à nouveau manger chaud depuis le 16 juillet. Ils prennent leurs repas en groupes de dix à partir de 11 h 30. Les tables sont désinfectées entre chaque groupe.

Les enfants inscrits en maison relais reçoivent aussi du lait et un morceau de brioche le matin, et une viennoiserie ou un fruit à 16 h. Cela permet aussi de soutenir les commerces.

Cinq-cent-trente-trois enfants sont inscrits dans les activités de vacances du 20 juillet au 31 août. Ils seront subdivisés en groupes de dix.

Au 16 juillet 2020, la maison relais de Differdange a retenu 252 demandes d'inscription sur 280, celle du Fousbann 207 sur 238, celle de Lasauvage 7 sur 12 et celle de Niederkorn 266 sur 313. La situation d'Oberkorn est particulière en raison des travaux de rénovation de la villa et du réaménagement du Bock. Le Bock disposera de 14 places et la villa de 36 au lieu de 102.

La Ville de Differdange a déjà introduit une demande auprès du ministère pour augmenter le nombre de chaires si les travaux devaient se terminer plus tôt. À cause des travaux, 80 places ont été supprimées à Oberkorn. Sur les 179 dossiers introduits pour 2020-2021, 169 ont été retenus.

Au Woiwer, 240 demandes sur 247 ont été acceptées et dans la maison relais en forêt 37 sur 37.

Le foyer de jour Kornascht a retenu 86 dossiers sur 108. L'agrément du ministère ne prévoit que 84 places, mais le foyer peut accueillir 86 enfants, car ils ne viennent pas tous au même moment. Si un enfant ne vient que le matin, un autre peut venir l'après-midi.

Seize enfants sont inscrits dans la crèche en forêt. Celle-ci est aussi flexible que le foyer de jour. Les enfants sont inscrits le matin ou l'après-midi. Elle peut donc accueillir plus d'enfants que ne le pré-

5. Organisation des structures d'accueil

voit l'agrément. Quatre enfants figurent sur une liste d'attente.

En résumé, 1361 enfants sont inscrits en maison relais pour 2020-2021. Il s'agit d'une augmentation de 108 inscriptions par rapport à la dernière rentrée. Près de la moitié des 2840 élèves differdangeois fréquentent donc la maison relais. Si on y ajoute les crèches, on atteint le nombre de 1487 enfants.

Christiane Brassel-Rausch annonce qu'une petite pause aura lieu après ce point. Elle cède la parole à madame Richartz-Nilles.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

constate que la bourgmestre a pratiquement tout dit. Elle avait noté les mêmes remarques.

Les chiffres portent sur le 16 juillet, mais peuvent encore évoluer. Yvonne Richartz-Nilles a appris qu'il reste des places dans les crèches pour les enfants envoyés par l'office social.

Malgré le coronavirus, les vacances loisirs auront lieu, mais sur plusieurs sites. Cinq-cent-trente-trois enfants sont inscrits.

Fin aout, un projet sera lancé avec Suzie Godart pour apprendre aux enfants à faire du vélo correctement.

Yvonne Richartz-Nilles répète que la bourgmestre a déjà tout dit. Elle ajoute que Differdange fait figure de pionnier avec ses structures d'accueil et ses programmes. Elle remercie tous ceux ayant participé à l'élaboration des projets.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que les 75 pages du dossier soulignent l'importance de l'encadrement des enfants dans notre société. Le dossier fixe les horaires, les inscriptions, les finances, le personnel, la restauration, la pédagogie, les vacances... Guy Altmeisch remercie tous ceux ayant contribué à son élaboration.

Il regrette cependant l'absence d'un bus sportif ou culturel. Alors que les enfants sont encadrés dans les maisons relais, les associations locales organisent des activités. Mais le transport de la maison relais vers les salles de sport doit être assuré par les clubs. Entre les crèches et les maisons relais, un club de foot doit aller chercher les enfants à

wéi fir de Kornascht, dass d'Kanner just moies oder mëttes ageschriwwen ginn. Dass d'Méiglechkeet besteet, e weidert Kand hallefdaags zousätzlech unzehuelen. Dofir de Chiffer vu 16 Kanner. Op der Liste d'attente sinn aktuell véier Aschreiwungen.

Als kleng Resümmee géif ech soen, dass d'Unzuel vun den Aschreiwungen fir d'Rentrée 2020/2021, wat d'Maison-relaise betrëfft, insgesamt bei 1.361 läit. Dat ass eng Steigerung am Verglach zur leschter Rentrée vun 108 Aschreiwungen. Aktuell sinn 2.840 Kanner an eise Schoulen ageschriwwen – Stand ufanks Juli. Bal d'Hallschent vun dese Schoulkanner sinn dann och an eise Betreuungsstrukturen ageschriwwen.

Wa mir den Total vun all eise Strukturen, Maison-relaisen a Crèchen zesummenhuelen, wieren 1.487 Kanner ageschriwwen. Wat jo net näischt ass.

Ech soll dann och nach soen, dass wa mer dese Punkt ofgehaakt hunn, dass fir Ravitaillement gesuergt ass. Just, dass Der net fäert. Mir maachen dat elei awer elo nach fäerdeg. Eent nom aneren, sot de Bauer.

Madamm Richartz, wannechgelift.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, d'Madamm Buergermeeschter huet awer elo wierkelech alles hei bal ofgelies. Ech hunn dat selwecht hei stoen.

Si huet och gesot, dass déi Aschreiwungen sech op de 16. Juli bezéien, awer déi kënnen zu all Dag nach variéieren. An dann hunn ech mer soe gelooss, dass och nach Plaze fräi si fir d'Kanner an de Crèchen oder wéi? Dass Plaze fräi si fir d'Kanner, déi vum Office social dohinner geleet ginn.

Wat kann ech nach soen? A, dass dëst Joer trotz dem Coronavirus d'Vacances loisirs stattfannen. Net wéi soss, zentriert op enger Plaz, awer op verschidene Sitten. Soudass d'Kanner viru geschützt bleiwen. Fir d'Vacances loisirs si 533 Kanner ageschriwwen. Plus ou moins déi selwecht Zuel wéi déi Joren ouni Virus.

Wat hunn ech nach? Ausganks August gëtt et e Vëlosprojet mat der Madamm Suzie Godart, deen e grouse Succès wäert hunn. Wou d'Kanner geléiert ginn, richteg mam Vëlo ze fueren an och richteg mam Vëlo ëmzegoen.

Weider kann ech elo näischt méi soen, well d'Madamm Buergermeeschter schonn alles gesot huet, soss soen ech dat selwecht. Et kann een awer nach betounen, dass Déifferdeng mat all deene Strukturen an deene gudde Programmer sech eng Virreiderroll geschehen huet.

Un all déi Leit, déi un deene Projekte gutt Aarbecht geleescht hunn, fir dass dat esou e grouse Succès konnt ginn, soen ech e grouse Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Richartz. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, 75 Säiten Text, Grafiken an Oplëschtungen maachen eis kloer, wéi wichteg d'Betreiung an d'Wuelbefanne vun de Kanner an eiser Gesellschaft ass. Vill Detailer, wéi zum Beispill Aschreiwungen, Horairen, Finanzen, Personal, Restauratioun, Rechtslag, pedagogesch Handlungsfelder, Vakanze ginn am Dossier behandelt. E grouse Merci un all déi Leit, déi un dësem Dokument geschafft hunn.

An dësem bal kompletten Dossier geet leider keng rieds iwwer e Kulturrespektiv e Sportsbus. Ech erkläre mech: Säit iwwer dräi Jore besteet dese Problem a sicht no enger Léisung. Ass d'Schoul fäerdeg, ginn d'Kanner an der Maison relais betreit. Während dëser Zäit bidde vill Sportsveräiner aus der Gemeng dësen Alterskategorien d'Méiglechkeet, an de Veräiner hirem Liblingssport nozegoen.

Den Transport vun der Maison relais bis op de Sportterrain respektiv der Sportshal ass de Problem. D'Veräiner müssen dee garantéieren. 13 Adresse muss zum Beispill e Fussballclub aus eiser Gemeng ufueren, fir all d'Kanner

5. Organisation des structures d'accueil

anzesammelen. D'Gemengen, d'Privatcrèchen a sämtlech Maison-relaise sinn um Fuerplang. Fräiwëlleg Mataarbechter erleedege Woch fir Woch dës Faarte mat de Camionnettë vum Veräin. Soss bleiwen d'Kanner an de Strukturen a kënnen hire Sport net maachen. Wat jo wierklech schued ass.

D'Handball-, d'Turn- an d'Schwammveräiner an esou weider sinn an där selwechter Situatioun. D'LSAP Déifferdeng fuerdert e Sports- a Kulturbus, geréiert vun der Gemeng, encadréiert mat Begleetspersonal zum Wuel vun eise klengen Sportsleit. D'Benevolat packt dës Missioun net méi, well d'Kanner awer net am Ree stoe loossen an hofft op eng spontan Hëllef.

Des Weidere well ech op déi Zuelen agoen, déi d'Madamm Buergermeeschter genannt huet vun Uewerkuer. 80 Kanner, déi leider duerch Renovationsaarbechte keen Zougang hunn zu eiser Maison relais. Mir géife proposéieren, sech Gedanken ze maachen, provisoresch mat Container dëser Situatioun vläicht auszehëllefen, fir d'Kanner awer vläicht ënnerdaach ze huelen. Wëssend, dass et e Misär ass fir d'Elteren, wann hir Kanner net verfleege ginn.

Ech well Iech Merci soe fir d'Nolauschteren. Mir wäerten dee Projet hei ënnerstëtzen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen, Dir Hären, den Dossier enthält eng detailléiert Beschreiwung zur Organisatioun vun all onse Betreuungsstrukturen, wou eng 1.361 schoulflichteg Kanner an 126 Kanner am Alter vun null bis dräi versuerge ginn. Dat sinn der vill.

D'Funktionement, d'Ëffnungszäiten, d'Krittären, de Personalschlëssel, déi pedagogesch Konzepter, d'Projeten, d'Fester an esou weider steet hei alles explizitt dran. Och der spezieller aktu-

eller Situatioun mam Coronavirus, déi net einfach ass, gëtt Rechnung gedroen. Madamm Buergermeeschtesch, Dir hutt alles gesot. Et bleift engem just de Leit, déi dëst Dokument erstallt hunn, Merci ze soen.

Bei den opgezielte Projeten an de Fester gesäit een, datt eng gutt Zesummenaarbecht mat der Schoul stattfënnt. Wat d'Zesummenaarbecht mam Elterrenhaus ugeet – eppes wourop ech an der Vergaangenheet e puermol agaange sinn –, sinn ech frou, datt dëst elo méi am Text verankert ass. Wann ee liest: „Insbesondere für Termingespräche sollte bei der Planung der Elternarbeit genügend Zeit gelassen werden“ – och wann dëst nach zimmlech oppe formuléiert ass, sinn ech frou ze gesinn, datt zukünfteg, wou bis dato just Dieran-Aangelgesprächer virgesi waren, elo e Kader an och Zäit dofir virgesinn ass.

Des Weideren ass de Berliner Modell vun der Eingewöhnungsphase bei de klengen Kanner op ville Säiten erkläert an d'Wichtigkeet duerch Beispiller beluecht. Eppes, wat mir genau esou gesinn. Ech si frou, datt dëst domat fest verankert ass.

Wat de grad ugeschwate Kultur- a Sportsbus ugeet: Souwäit ech informéiert sinn, ass deen an der Maach vu Sait vum Ministère. Ech denken, et mécht kee Sënn als Gemeng, fir do elo virun de Won ze sprangen.

D'CSV stëmmt d'Organisatioun vun eise Betreuungsstrukture mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE
BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, alles goug un 1987 mat der Ouverture vun der éischter Schoulkantin am Déifferdenger Zentrum. Dat deemools fir eng ronn 30 Kanner. Fir d'nächst Schouljoer si 1.400 Schoulkanner an enger vun eisen zuelräiche Maison-relaisen ageschriwwen. Dobäi

13 adresses différentes. Autrement, les enfants ne peuvent pas faire de sport. Quel dommage ! C'est pourquoi les socialistes exigent un bus sportif et culturel géré par la Ville de Differdange. Les bénévoles n'arrivent plus à accomplir cette tâche. Pour ce qui est d'Oberkorn, 80 enfants ne peuvent plus aller en maison relais à cause des rénovations. Guy Altmeisch propose d'aménager des conteneurs pour faire face à cette situation.

Le LSAP approuvera l'organisation des structures d'accueil.

JERRY HARTUNG (CSV) rappelle que l'organisation décrit le fonctionnement des structures d'accompagnement de 1362 enfants scolarisés et 126 enfants de 0 à 3 ans. Il mentionne les horaires, les critères, le personnel, les concepts pédagogiques, la situation liée au coronavirus... Il remercie tous ceux qui ont rédigé le document.

La collaboration entre les maisons relais et les écoles semblent bien se passer. Celle avec les parents est désormais mentionnée dans l'organisation même si la formulation reste floue. Mais du moins, on se limitera plus à quelques mots sur le pas de la porte.

Le modèle de Berlin pendant la phase d'acclimatation des enfants est clairement expliqué. Jerry Hartung est content qu'il soit fixé dans l'organisation.

En ce qui concerne le bus culturel et sportif, Jerry Hartung a entendu que le ministère s'en occupait. Il est inutile que la commune mette la charrue avant les bœufs.

Le CSV approuvera l'organisation des structures d'accueil.

FRANÇOIS MEISCH (DP) se souvient que la première cantine scolaire a ouvert en 1987 à l'école de Differdange-centre. À l'époque, trente enfants y allaient. Aujourd'hui, 1400 enfants sont inscrits en maison relais. Cent enfants supplémentaires fréquentent les deux crèches communales.

5. Organisation des structures d'accueil

Les détails figurent dans le dossier, qui est extrêmement complet. François Meisch soutient l'idée d'un bus sportif et culturel. Dans leur programme électoral, les démocrates parlaient de « Club-Bus ». Le DP approuvera l'organisation.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que les chiffres ont été donnés. La Ville de Differdange est bien outillée comparée à d'autres communes. Les listes d'attente sont courtes et la commune essaie de les réduire ultérieurement.

Il y a quelques années, les structures d'accueil ont adopté le concept pédagogique du « Weltatelier ». Même si au départ il y a eu quelques pépins, Gary Diderich soutient le principe selon lequel il faut laisser plus de liberté aux enfants. Car la maison relais constitue leur temps libre. Ils peuvent donc décider quoi faire ou quoi manger. Tous ces changements ne sont pas encore en place. Des formations continues ont lieu.

Il est important que la Ville de Differdange soutienne le personnel du mieux possible. Le personnel, de son côté, doit accepter le concept. Les locaux doivent aussi être adaptés, car ils n'ont pas tous été prévus pour le « Weltatelier ».

Le travail dans les foyers et maisons relais requiert de l'engagement de la part du personnel. C'est ce qui fait avancer les enfants. Le travail relationnel est important. En effet, les enfants passent beaucoup de temps en maison relais et ils ont besoin de contact avec les éducateurs. Contrairement à l'école, où l'éducation est plus formelle, dans la maison relais, on peut miser sur les relations. Gary Diderich remercie le personnel des maisons relais, des foyers et des crèches pour leur engagement.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) annonce une pause.
(Pause)

kommen nach 100 Kanner, déi eng Plaz an enger vun eisen zwou Crèchen hunn.

D'Detailer goufen all genannt a stinn am Dossier. En Dossier, dee wierklech detailléiert ass. Scho bal ze vill. All Respekt dofir.

D'Iddi vum Sport- oder Kulturbus kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Bei eis am Walprogramm huet dee Club-Bus geheescht. Meng Mercien, déi ech virdru beim PEP opgezielt hunn, kann ech hei nëmme widderhuelen an Iech matdeelen, datt mir déi Organisatioun hei matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll kuerz Stellung huelen zu der Organisatioun vun de Maison-relaisen, vun eise Foyer Kornascht an eiser Bëschrèche. D'Zuele sinn all genannt ginn. Mir sinn zu Déifferdeng relativ gutt opgestallt, wa mer dat mat anere Gemenge vergläichen. Mir hunn nach ëmmer op verschiddene Plaze Listend'attenten, mee déi si relativ iwwersiichtlech a mir schaffe weider drun, dass mer déi och nach opgefaange kréien. Dat wëll ech ervirsträichen.

Virun enger Rei Joren huet d'Konzept geännert. Dat war net ëmmer ganz reiwungslos ofgelaf. Dat hat eng Ännerung souwuel fir d'Personal wéi fir d'Kanner bedeit. Prinzipiell hunn ech dat ënnerstëtzt an ënnerstëtzen et weider, dass nom Konzept vum Welt-Atelier geschafft gëtt, wou et d'Zil ass, de Kanner méi Fräiraum ze loosse, dass se hir eegen Decisiounen huelen, wat se an hirer Fräizäit maachen.

Well no der Schoul si se an der Maison relais an dat ass u sech hir Fräizäit. D'Konzept ass an déi Richtung gaangen, dass si selwer kënne wielen, wéi eng Aktivitéit se do maachen. Och wat de Buffet ugeet, ass eng Ännerung komm. Dass een och do méi fräi kann decidéieren, wéini ee wat ësst. Dat si Changementer, déi komm sinn. Déi, mengen ech, nach ëmmer net ganz en

place sinn an nach amgaang sinn. Dofir si se jo och Deel vun der Formation continue, déi nach virgesinn ass.

Et ass ganz wichteg, do déi richteg Stëmmung an Dynamik eranzebréngen an d'Personal sou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen. Respektiv Personal ze fannen, wat dat matdréit. An natierlech weider ze kucken, dass déi raimlech Gegebenheete gi sinn, fir dat Konzept unzewenden. Vu dass net ëmmer all Maison relais vu vir eran esou geplangt ginn ass.

Op jidde Fall d'Aarbecht mat de Kanner an de Maison-relaisen an an de Foyeren ass eng ganz usprochsvoll Aarbecht, déi wierklech den Asaz an d'Presenz vum Personal brauch. Et ass doduerch, wou d'Kanner weiderkommen. Et ass eng wichteg Bezéiungsaarbecht, déi nach ëmmer ze maachen ass.

Och wann d'Kanner net méi a feste Gruppe sinn, ass et um Personal, fir wierklech eng Presenz a Kontakt mat de Kanner ze hunn, well se vill Zäit am Dag a friemer Betreuung verbréngen. Wat an der Schoul op eng aner Aart a Weis geschitt. Wat méi formell Bildung ass.

An an der non-formaler Bildung nach méi op déi Bezéiungsaarbecht ka gesat ginn. Dofir soen ech dem Personal aus eise Maison-relaisen, eise Foyeren a Crèchë Merci fir hiren Asaz an ënnerstëtzen dës Organisatioun, wou ech elo just e puer Elementer ervirgestrach hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation pour l'année scolaire 2020-2021.

Ech soen Iech villmools Merci. An ech géif eis dann elo e kleng Break gënnen

6. ROI de l'école de musique

fir de Ravitaillement. An dass mer erausginn, fir ee Moment hei ze léften.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, et deet mer leed, mir stinn e bëssen ënner Zäitdrock. Et ass e chargéierte Programm. Ech bieden Iech den Här Ruckert ze entschëllegen. Hien huet musse goen.

(Ënnerbriechung)

Jo. Mir maachen eis Bescht. Wa jiddwereen e bëssen disziplinéiert ass, komme mer derduerch. Fir den nächste Punkt géif ech d'Wuert un den Här Mangen ginn, fir d'Musekschoul.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

De Règlement d'ordre interne bleibt en gros d'selwecht. D'Pandemie huet ons gewisen, datt verschidde Lacunnen dra sinn. Ënner anerem d'Auswärtung vun de Coursen, dat war just ee Semester. Wann een am éischte Semester schlecht war, konnt ee sech net méi rattrapieren, well déi Punkten, déi een am éischte Semester krut, hu fir d'ganz Joer gezielt.

Et gouf festgestallt, datt verschidde Schülerinnen a Schüler dat net ganz seriö huelen an net reegelméisseg un de Coursen deelhuefen. Dofir hu mer abruecht, datt ee wéinstens 70 % vun de Coursë sollt beleen. Datt een awer eng vernëfteg Bewäertung ka maachen. Ech mengen, dat ass net ze vill verlaangt. Och solle se sech entschëllege loossen, wa se net dohinner ginn. Dat ass och e bësse vis-à-vis vum Personal, datt een awer do héiflech ass a Bescheid seet, wann een net ka goen. Dat ass dat eent.

Musek ass eng universell Sprooch. Et muss een awer d'Musek an de Coursen a bestëmmte Sproochen ubidden. Mir hu bal 120 ënnerschiddlech Sproochen hei zu Déifferdeng. Et muss ee sech eens ginn, a wat fir enger Sprooch een et mécht. Do hu mer abruecht, datt mer versichen, d'Coursen an deenen dräi landesübleche Sproochen ofzehalen, och wann doriwwer verschidde Leit net esou ganz zefridde sinn. Ech mengen, et sollt een awer op déi Sproochen zréckgräifen. An ech sinn och der Meenung, datt Lëtzebuergesch eng Integra-

tiounssprooch ass. Datt ee versiche sollt, déi méi ze fuerderen.

Am Prinzip sinn d'Inscriptiounen definitiv, wann ee bezuelt huet. Och wann elo Problemer sinn, mat Pandemie, datt mer net ufänken, en Deel zréckbezuelen. Dat wat bezuelt ass, do bleiwe mer derbäi. Wat d'Leit bezuelen ass relativ geréng, wat mir als Staat an als Gemeng bäidroen. Ech mengen, dat kann een awer verkraaften.

Weider ass festgestallt ginn, datt d'Elteren heiansdo net esou richtig informéiert sinn iwwert de Suivi vun hire Kanner, an och iwwert d'Absenzen, ob se dohinnergaange sinn oder net. Et gëtt en Intranet an der Museksschoul, den DuoNET. Do hunn d'Elteren am Ufank vum Joer Zougang a kënnen de Wäerdegang vun hire Kanner suivieren. Wann dann e Problem wär, datt d'Kand méi Progrès misst maachen oder sech e bësse méi Méi misst ginn, datt dat doriwwer zréckzeféieren ass, datt d'Elteren och informéiert sinn. Dat sinn en gros déi Punkten, déi mer bäigefügt hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Den Här Mangen huet dat meescht gesot. Ech wollt just dobäi soen, datt d'Kanner ab véier Joer an der Museksschoul kënnen ageschriwwen ginn. Den 1. September gëllt als Stéchdatum. Et steet nach dran, dass d'Gemeng ka responsabel gemaach ginn, wann d'Coursë wéinst enger sanitärer Kris oder enger Decisioun vum Ministère, ausfalen. An dat anert ass, wann een en Instrument ausléint, wat een domadder maachen däerf a wat net. Dass een et net däerf reparéieren loossen, well ee mengt, et géif net goen. Do muss ee sech schonn un d'Reegelen halen.

D'Coursen an der Museksschoul hunn a ville Beräicher eng positiv Wierkung. Dass Bedeelegung un Aktivitéit no den Auditivene virgesinn ass, fannen ech eng gutt Iddi. Meng Kanner waren allen dräi an der Museksschoul. Ech

Christiane Brassel-Rausch constate que le programme d'aujourd'hui est chargé.

Elle excuse monsieur Ruckert qui a dû s'en aller.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch demande un peu de discipline pour terminer le programme.

Elle passe à l'école de musique.

ROBERT MANGEN (CSV) constate que le règlement d'ordre interne n'a pas beaucoup changé. La pandémie a cependant mis en avant certaines lacunes. L'évaluation s'est faite sur un seul semestre. Les étudiants n'ont donc pas pu se rattraper en cas de mauvaises notes.

On a également remarqué que certains étudiants n'assistaient pas régulièrement aux cours. Désormais, une présence de 70 % au moins est exigée. En cas d'absence, il faut s'excuser au préalable.

La musique a beau être un langage universel, les cours sont tenus en différentes langues. La Ville de Differdange a pris la décision de recourir aux trois langues du pays même si tout le monde n'est pas content. Pour Robert Mangen, le luxembourgeois est une langue d'intégration qu'il faut promouvoir.

Les inscriptions sont définitives et aucun remboursement n'est possible. De toute façon, les sommes sont modestes compte tenu des subventions de la commune et de l'État.

Les parents ne sont pas toujours informés des progrès de leurs enfants. L'école de musique dispose d'un intranet permettant aux parents de se renseigner au cours de l'année.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) ajoute que les enfants peuvent s'inscrire à l'école de musique à partir de quatre ans. Le délai d'inscription est fixé au 1^{er} septembre.

La commune peut être tenue responsable en cas d'annulation des cours en raison d'une crise sanitaire.

Le règlement précise aussi les modalités de location des instruments de musique. On ne peut par exemple pas faire réparer un instrument. Il faut se tenir à des règles précises.

7. Cours de langues pour adultes

Les cours de musique ont des conséquences positives sur différents domaines. Nicole Wohl et ses trois enfants ont tous fréquenté l'école de musique. Elle remercie le personnel et les étudiants.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à l'organisation des cours de langues pour adultes. Elle remercie madame Brandenburger pour son rapport détaillé.

La nouvelle brochure sera distribuée toutes boîtes.

En 2019-2020, 314 certificats ont été remis. La cérémonie a malheureusement été victime de la COVID-19. Désormais, certains cours auront lieu en ligne.

Christiane Brassel-Rausch remercie les écoles mettant des salles à disposition des cours de langues pour adultes: l'école Prince-Henri pour les cours du soir et l'EIDE pour les cours du lundi au jeudi.

Le public cible est double. D'un côté, il y a ceux qui doivent apprendre une langue par nécessité professionnelle ou socioéconomique; de l'autre, il y a les personnes ayant envie d'apprendre une nouvelle langue.

Cette année, peu de gens se sont inscrits aux cours pour obtenir la nationalité luxembourgeoise. Deux cours sur cinq ont été annulés. Pour 2020-2021, un seul cours est prévu. Les dates figurent dans le dossier. Madame Brandenburger a prévu une plage si les inscriptions devaient être plus nombreuses que prévu.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que l'année scolaire 2019-2020 a été perturbée par le confinement. Au moment du confinement, 75 % des cours avaient déjà été tenus. Le 16 mars, les cours ont été fermés en même temps que les écoles. Pendant les vacances de Pâques, le ministère de l'Éducation nationale a recommandé de tenir les cours à distance par vidéoconférence. À Differdange, cela a fonctionné dans 80 % des cas et les certificats ont donc pu être distribués.

Comme on ne sait pas comment la situation sanitaire va évoluer, des cours en ligne sont prévus en 2020-2021. Les cours normaux pourront

selwer och. Ech ka just e Merci un d'Enseignanten, d'Schüler an un d'Personnel, déi do matschaffen, soen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Wohl. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, kënnen mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement d'ordre interne de l'École de musique destiné aux élèves, parents et représentants légaux.

Ech soen Iech villmools Merci. Deen nächste Punkt ass Cours de langues pour adultes, d'Organisatioun vum Schouljoer 2020/2021. Als Éischt läit mer drun der Madamm Brigitte Brandenburger Merci ze soe fir den extreem prezisen an detailléierte Bericht, dee se gemaach huet. An ech dowéinst just brauch zwou, dräi Saachen erauszehiewen.

Déi nei Broschüre ginn toutes-boîtes a ganz Déifferdeng ausgedeelt. Dat heescht jiddweree kritt d'Informatiounen. Am Joer 2019/2020 sinn 314 Zertifikater ausgestallt gi fir d'Cours de langues. Leider ass d'Iwwerrechung dem Covid zum Affär gefall. An à propos Covid, d'Madamm Brandenburger war ganz voraussehend. Si huet d'Course souwuel an den E-Learning gesat, wéi och en Deel an de Présentiel. Et ass virgesinn, dat hutt Der sécher gelies an hire Remarken, dass en Deel Coursen emol am E-Learning stattfanen.

Ech wëll deene Schoule Merci soen, déi eis Säll zur Verfügung gestallt hunn. Dat ass ee Sall an der École Prince Henri fir d'Owescoursen. An d'EIDE stellt eis vu méindes bis donneschdes inclus véier Säll zur Verfügung. Dofir e grouesse Merci.

Wat mer wichteg erschénkt, dat ass, dass dee Public cible, dee mer hunn, sech an zwou opdeelt. Déi eng Leit, déi an d'Owescourse ginn, well se et brauchen, well se et wëlle léieren, well se et

musse léieren aus Nécessité professionnelle oder socioéconomique. An dat anert ass den Interêt personnel, den zweete Public cible. Dat si Leit, déi einfach Spaass drun hunn, eng nei Sprooch ze léieren.

Wat komesch ass, dat ass, dass dëst Joer wéineg Interêt do war fir d'Coursen, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien. Do huet d'Madamm Brandenburger eis geschriwwen, dass zwéi Coursen annulléiert sinn vu fénnef, an dass si fir 2020/2021 och nëmmen ee Cours virgesinn huet. D'Datume fannt Der an Ärem Dossier. Wann e Cours erfuerdert wär, huet si Datumen, eng Plage, festgehalten, wou déi zousätzlech Coursen da géife gehale ginn, fir d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien.

Méi hätt ech zu dësem Punkt net ze soen. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zu de Sproochecoursë fir Erwuessener an d'Organisatioun fir 2020/2021, mat Réckbléck op 2019/2020. De Problem fir 2019/2020 war de Shutdown duerch de Coronavirus, wéi mer wëssen. 75 % vun de Course waren en présentiel, also scho gehalten, wéi de Shutdown komm ass. De 16. Mäerz, wou d'Schoulen zougemaach gi sinn, waren d'Coursen och emol zou, well jo kee wousst, wéi et géif weidergoen.

Am Laf vun der Ouschtervakanz hat de Ministère de l'Éducation den Organisateur recommandé, fir d'Course mat Enseignement à distance iwwer Visioconférence fäerdeg ze maachen. Wat mer hei zu Déifferdeng och gemaach hunn. Dat hat zu 80 % geklappt. Soudass de Certificat de présence fir 2019/2020 konnt ausgestallt gi fir déi Leit, déi ee gebraucht hunn.

2020/2021, vu dass jo kee weess, wéi et mam Corona weidergeet, huet Déifferdeng decidéiert, fir dëst Joer direkt E-Learning-Coursen unzebidden, wéi d'Madamm Buergermeeschter scho gesot huet. Déi normal Course ginn en présentiel gehalten. Mee wann een neie Confinement kënnt, gi se als E-Learning-Coursen ëmgewandelt. Dës Info steet och am Umeldeformulaire, fir esou ze evitéieren, dass vläicht Suen

7. Cours de langues pour adultes

zréckgefrot ginn, wann d'Course géife gestoppt ginn.

Fir d'Sproochecoursë gi wéi all Joers nei Enseignanten an Enseignantë gesicht. Dës Poste sinn ausgeschriwwen. Et ass awer net einfach, Leit mat engem Agreement ze fannen.

Dofir um Schluss e Merci un d'Madamm Brigitte Brandenburger an un all d'Enseignanten an d'Enseignantë vun de Sproochecoursë fir Ären Asaz an Äre Aarbecht. D'Demokratesch Partei stëmmt dës Organisatioun. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Et sinn 30 Sproochecoursë virgesi fir dëst Joer. Haaptsächlech Lëtzebuergesch a Franséisch. Wat Course sinn, déi d'Leit am Alldag brauche respektiv bei der Sich fir eng Aarbecht. Et ass nëmmen e klengen Deel, deen aus privatem Interêt ass, wouzou Italienesch gehéiert an hei zu Déifferdeng och Englesch. Wat an anere Stied fir de Beruff gebraucht gëtt. Hei zu Déifferdeng schéngt dat awer méi privaten Interêt ze sinn.

Ech hu selwer am Oktober 2018 mat Italienesch hei ugefaangen. Hunn, leider, duerno mussen an der Nopeschgemeng weiderfuere. Ech fannen, dass een Italien anescht erlieft, wann een d'Sprooch beherrscht. Ech denken, dass et och de Leit esou geet, wa se bei eis Lëtzebuergesch léieren. Wann een dat ausprobéiert, mierkt een eréischt richtig, fannen ech, net just an der Theorie, wat dat fir en Ënnerschied mécht, ob een d'Sprooch vum Land kennt oder net. Dofir fannen ech déi vill Lëtzebuergesch-Coursen immens wichteg.

Ech fannen et flott, dass trotz Corona-kris konnt weider geléiert ginn. Ech muss dozou awer soen, d'Remise des diplômes fannen ech e bësse schued, dass näischt war. Well ech war zu Péiteng fir meng Coursen, a mir hunn en plus grad hei zu Lasauvage eis Remise

des diplômes gehat am Café des mines. Mat esou engem Walking-in, zu där enger Dier eran, zu där anerer Dier eraus, dertëscht e Patt kritt. Wat alles ganz gutt organiséiert war. An et war méiglech. An et war flott. Dat wär vläicht och eng Iddi, falls mer d'nächst Joer nach eng Kéier esou e Problem sollten hunn.

An da wollt ech nach soen, dass déi streng Krittären, déi de Ministère den Enseignanten operleet, dass dat awer nach net duergeet, fir dass mer kapabel Enseignanten hunn. Ech war 2018 am Italieneschen. Et war en Overbooking fir de Cours. Et war wierklech schwieereg, eng Plaz ze kréien. A mer ware ganz genoege zu aacht, déi um Schluss iwwreg bliwwen sinn. An ech mengen, et louch net nëmmen un de Schüler!

Fir de Rescht fannen ech et schued, dass mer net d'Enseignanten allegueren hunn, an dass dat esou schwéier ass. Et géif mech freeën, wa mer dat anescht hätten. Mee ech mengen, dat gëtt schwieereg. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, mat engem klengen Réckbléck an d'Joer 2019/2020 a verschidden Annoncé fir d'Joer 2021 am Beräich Sproochecoursë fir Erwuesener start dës detailléiert Broschür.

19 Lëtzebuergesch-, siwe Franséisch-, dräi Englesch- an zwee Italieneschcoursë ginn ugebueden. D'Formateure mussen en Agreement vum Ministère de l'Éducation nationale hunn. Am Dossier geet rieds vu Schwieeregkeeten, déi bestinn, fir Instrukteren ze fannen.

Ech hu mir dat méi genau ugekuckt a Follgendes festgestallt: Um Site vun der Éducation nationale ass eng Joboffer fir genau dës Formateuren. 16 Instruktore ginn national gesicht. Dovun aacht fir Déifferdeng an déi aner aacht fir verschidden aner Gemengen. Firwat ass Déifferdeng net interessant, hunn ech

aussi être transformés en cours en ligne le cas échéant.

La commune recherche des enseignants et des appels à candidatures ont été lancés.

Christiane Saeul remercie madame Brandenburger et tous les enseignants. Le DP approuvera l'organisation.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) précise que trente cours seront tenus cette année — essentiellement en français et luxembourgeois, des langues nécessaires pour le travail. La demande est moindre pour les cours d'italien et d'anglais, des langues que l'on apprend par intérêt personnel.

Nicole Wohl a commencé à apprendre l'italien en octobre 2018. Elle a dû poursuivre l'apprentissage dans une commune voisine. Elle trouve que l'on voit l'Italie différemment quand on maîtrise la langue. Elle espère que ceux qui apprennent le luxembourgeois font la même expérience.

Elle salue le fait que les cours aient été maintenus malgré le coronavirus et regrette que la remise des diplômes ait été annulée. À Pétange, la remise des diplômes a eu lieu dans un café où on entrait d'un côté et ressortait de l'autre. Différence pourrait s'en inspirer.

Les conditions imposées par le ministère pour enseigner ne suffisent pas. En 2018, le cours d'italien suivi par Nicole Wohl était plein à craquer. À la fin, il ne restait que huit personnes. Et ce n'était pas de la faute des étudiants.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que la brochure des cours de langues contient un récapitulatif de l'année passée et plusieurs annonces pour 2021.

La Ville de Differdange propose 19 cours de luxembourgeois, 7 cours de français, 3 cours d'anglais et des cours d'italien. Les formateurs doivent posséder un agrément du ministère de l'Éducation nationale. Il y a pénurie actuellement. Le ministère de l'Éducation nationale recherche 16 instructeurs en ce moment, dont 8 pour Differdange. Pourquoi Differdange n'intéresse-t-elle pas les formateurs? Guy Altmeisch est d'avis que la

8a. EIDE / 8b. Centre culturel Aalt Stadhaus

Ville de Differdange devrait adapter ses salaires à ceux des autres communes. Deuxièmement, si chaque formateur pouvait tenir deux cours au lieu d'un, il gagnerait deux fois plus.

Les socialistes remercient tous ceux ayant élaboré le dossier. Il espère que ses remarques contribueront à réduire les problèmes de recrutement. Il souhaite beaucoup de succès aux participants.

JERRY HARTUNG (CSV) se réjouit de l'offre vaste proposée par la Ville de Differdange. La demande est importante — particulièrement pour les cours de luxembourgeois. Le luxembourgeois est un facteur d'intégration important, et une condition pour trouver du travail ou obtenir la nationalité luxembourgeoise.

La commune propose aussi sept cours de français, qui permettent également d'améliorer les chances de trouver un emploi.

Les cours d'italien et d'anglais se destinent plutôt à ceux voulant apprendre une langue pour le plaisir.

Les cours en ligne constituent une bonne alternative même si les interactions sont limitées. Jerry Hartung préconise les cours normaux.

Le CSV approuvera l'organisation des cours de langue.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à l'acquisition par l'État du lycée provisoire de l'EIDE pour 18,78 millions d'euros. La Ville de Differdange avait préfinancé les travaux.

Christiane Brassel-Rausch souligne l'importance de ces institutions pour Differdange et demande aux conseillers communaux d'approuver l'acte.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention entre l'État et le centre culturel Aalt Stadhaus.

mer d'Fro gestallt. Ech konnt zwee Grënn erausfannen.

Éischtens: D'Salair an eiser Gemeng mussen deenen anere Gemengen ugepasst ginn. Dofir si mir net interessant. Eis Coursen hei an der Gemeng gi vun November bis Mee. De Formateur ka just een eenzege Cours halen iwwert d'ganz Joer. Wa mir awer en éischte Cours vu September bis Februar an en zweete Cours vu Mäerz bis Juli hale géifen, kéint de Formateur dat Duebelt verdéngen. Just also en Engagement an enger anerer Gemeng wéi Déifferdeng.

D'LSAP Déifferdeng bedankt sech bei all de Leit, déi gehollef hu bei der professioneller an iwwersiichtlecher Opstellung vum Dossier. Hoff, dass d'Problemer vum Rekrutement Dank dësen Iwwerleeunge méi kleng kënnen ginn a wënscht all Participant vill Erfolleg fir d'Joer 2020/2021. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, mir als CSV si frou, dass mer als Gemeng dës grouss Offer u Sproochecoursen ubidden. Vu datt dës Coursen an der Reegel gutt besicht sinn, heescht dat, dass heifir eng grouss Demande besteet. Besonnesch fir d'Lëtzebuergesch-Coursen. An do bidde mer der insgesamt 19 un.

Dat ass e wichtegen Integrationsfaktor, eng wichteg Viraussetzung um Aarbechtsmarché a verschiddener kënnen esou d'Lëtzebuurger Nationalitéit ufroen. Fir si ass extra ee Cours reservéiert.

Des Weidere gi siwe Franséischcoursen ugebueden. An der Reegel och fir Leit, déi hir Chancen um Aarbechtsmarché wëlle verbessern. Et ginn dräi Englesch- an zwee Italieneschcoursen ugebueden, wou een éischter Leit usprécht, déi dës Coursen aus perséinlech Interesse suivéieren. All dës Course ginn op verschidden Niveauen ugebueden.

E-Learning ass eng gutt Alternativ an dëser Zäit. Awer eng Sprooch léiert een haaptsächlech duerch Interaktioun. Iwwer Videokonferenz ass dat net ëmmer esou ginn. Mir hoffen dofir, dass mer erëm séier op den normale Wee zrëckkommen.

D'CSV stëmmt d'Organisatioun vun de Sproochecoursen mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation des cours de langues pour adultes pour l'année scolaire 2020-2021.

Villmools merci. De Punkt 8a ass en Akt vum Lycée provisoire vun der EIDE, wat de Staat eis ofkeeft. Mir hunn et virfinanzéiert a mat eise Services ausgeschafft. Elo keeft de Staat et fir 18,78 Milliounen an eppes of. Ech wëll op dëser Plaz Merci soen, ervirhiewen, dass d'Gemeng hei virun allem proaktiv gehandelt huet a soen, wéi wichteg déi Institutiounen elo scho fir Déifferdeng sinn an nach an Zukunft wäerte sinn. An ech wär frou, wann Der dat géift matstëmmen.

Da komme mer direkt zum Vott. An ech soen Iech Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte d'acquisition par l'État du lycée provisoire dans l'intérêt de l'École internationale de Differdange EIDE.

Villmools merci. Am Punkt 8b geet et ëm d'Konventioun tëschent dem Staat an dem Centre culturel Aalt Stadhaus vun Déifferdeng. Ech géif d'Wuert direkt un den Här Ulveling weiderginn.

8b. Centre culturel Aalt Stadhaus

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech si frou, dass mer elo endlech zu deenen Elue gehéieren, déi an der grousser Kultur matspillen. Dir wësst, mir sinn, zënter dass eist Stadhaus 2014 opgaangen ass, amgaangen ze kucken, Subside vum Staat ze kréie fir eis Programmation vum Stadhaus. Et ass eis vun deenen – ech mengen, mir hate schonn dräi Ministeren an Tëschenzäit – ëmmer erëm verséichert ginn, dass mer exzellent Aarbecht géife maachen. Jiddwereen hat agesinn, dass mir wierklech gutt wäeren. A jiddweree wollt och eppes fir eis maachen. Mee et war awer näischt komm.

Dofir hat ech an all menge Budgetsrieden ëmmer erëm drop higewisen, dass et schued wär, dass näischt kéim. Elo kann ech Iech soen: Ech si ganz frou, dass eppes kënnt. Virun e puer Méint hate mer e Gespréich mat der Madamm Tanson. Hunn hir dat erkläert – mir haten hir e ganzen Dossier matgehollet an hunn hir gewisen, dass mer all déi Saache géifen anhalen, wou mer mengen, déi ee misst anhalen, fir esou e regionaalt Kulturzenter ze sinn a fir dat dann och honoréiert ze kréien.

D'Madamm Tanson huet eis zrëckgeschriwwen. Mat dësem Kontrakt kréiche mer all Joers 150.000 Euro zougesprach. 90 % vun deene Sue kréie mer direkt bei der Signature praktesch. An déi aner 10 %, wa mer den Dossier ofgi mat der Demande, wou mer eis dann och musse justifizéieren, wat mer gemaach hunn.

Dir hutt et sécher scho gelies. Ënner anerem ass ze liesen, datt mir eng Vocation régionale hunn. Éducation et formation des enfants et des adolescents misste mer maachen. Mir missten d'Populatioun integréieren. Mir missten e Lieu de rencontre ginn. A missten och eng Plateforme de diffusion pour artistes nationaux et internationaux ginn. Dat si Konditiounen, déi mer natierlech erfëllen.

D'Leit kréie verbëllegt Ticketspräisser, wa se e gewëssenen Alter erreecht hunn oder wa se net déi néideg Moyenen hunn, déi ee bräicht. Do si mer schonn, dès le départ, derbäi gewiescht.

Eis Missioun ass, dass mer en Droit à la culture garantéieren, « le droit de chacun de participer à la vie culturelle », wéi sou schéin hei steet, « participer activement au développement culturel ». Dir wësst, mir sinn als Stad Déifferdeng, wat d'Kultur ubelaangt, wierklech ganz héich. Net nëmme mat eisen Ausstellungen, eise Concerten, eise Liesungen – an alle Beräicher si mer wierklech an der Kultur tätég. Mir hunn och versicht, d'Kultur eise Leit méi no ze bréngen, andeems mer se an d'Quartiere bruecht hunn.

Wéi gesot, ech si frou. Ech sinn awer nach doublement frou. Mer mussen dann, wa mer dat hei ënnerschreien, natierlech bei all Manifestatioun soen, dass mer konventionéiert si mam Ministère de la Culture, dass mer och de Logo vum Ministère de la Culture mussen op eis Affichë bréngen. Dat ass just en Detail.

Mee wou ech awer frou sinn, dass mer an engems fir d'Archiven – eppes, wat an der Vergaangenheet sträflech verholéissegt ginn ass – elo och eng Obligatioun hunn. Dat steet hei, ech liesen et vir: « Intégrer les activités du centre culturel Aalt Stadhaus dans l'organisation de l'archivage communal ». An dann: « garantir la communication des archives liées aux activités du centre culturel Aalt Stadhaus et les droits des personnes concernées dans ces archives ». An esou weider. Dat ass also wichteg.

Dat heescht, do si mer elo gefuerdert fir d'Archiv. Den Här Mangen, mengen ech, ass dobäi, dat wierklech opzebauen. Mir hu jo schonn éischt Leit rekrutéiert, fir dat professionell ze maachen, wéi de Ministère dat och wëll. Dat ass eppes, wat mer dann duerno mussen dem Ministère matdeelen, wat mer gemaach hunn a wéi mer et gemaach hunn, fir dass mer déi 150.000 Euro kréien a behalen iwwert d'Joren.

De Ministère schreift och an deem Kontrakt hei, dass mer déi Suen natierlech och musse remboursséieren, wa mer näischt géife maachen, vun deem, wat si eis virgeschriwwen hunn. A wéi ech eis Leit aus dem Service culture kennen, déi jo ganz aktiv sinn, mengen ech net, dass mer an dee Fall kéimen. Si hu gutt Iddien. An déi lescht gutt Iddi,

TOM ULVELING (CSV) se réjouit de faire enfin partie des élus de la haute culture. La Ville de Differdange demande des subsides depuis 2014 pour la programmation de l'Aalt Stadhaus. Trois ministres ont félicité Differdange pour son travail, mais aucun n'a versé de subsides. C'est pourquoi Tom Ulveling n'a eu de cesse d'insister sur ce point. Il y a quelques mois, il en a discuté avec madame Tanson. Il lui a remis un dossier et lui a expliqué que le centre culturel régional de Differdange remplissait toutes les conditions. Madame Tanson a finalement accordé 150 000 € par an à l'Aalt Stadhaus. 90 % de la somme sera versée à la signature du contrat et les 10 % restants lors de la remise de la demande.

Le dossier explique que l'Aalt Stadhaus a une vocation régionale, qu'il remplit une fonction d'éducation et de formation des enfants et des adolescents, qu'il participe à l'intégration de la population, qu'il est un lieu de rencontre et qu'il veut devenir une plateforme de diffusion pour artistes nationaux et internationaux.

Le prix des tickets est bas pour les seniors et ceux qui n'ont pas les moyens.

La Ville de Differdange prend sa mission de participer activement au développement culturel à cœur. Elle propose des expositions, des concerts et des lectures. Elle est active dans tous les domaines et essaie aussi d'intégrer la culture dans les quartiers.

Tom Ulveling se déclare heureux. Il signale que dorénavant, l'Aalt Stadhaus devra signaler pour chaque évènement qu'il est subventionné par le ministère de la Culture.

Il est également content des conditions posées pour l'archivage, qui a longtemps été négligé. Les activités de l'Aalt Stadhaus devront être intégrées à l'archivage, qui devra faire l'objet d'une communication.

Monsieur Mangen est en train de développer les archives. Une personne a été recrutée pour les gérer de manière professionnelle. Le travail réalisé devra être documenté pour pouvoir toucher le subside de 150 000 €. Si la Ville de Differdange ne remplissait pas les condi-

8b. Centre culturel Aalt Stadhaus

tions, elle devrait rembourser le *subside*. Mais Tom Ulveling connaît le personnel du service culturel et sait que ce ne sera pas le cas. Ils ont de bonnes idées et sont par exemple en train de faire repeindre les tours de refroidissement d'ArcelorMittal par un artiste. Tom Ulveling remercie la ministre.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) trouve que le subventionnement est aussi une forme de reconnaissance. Elle est contente que madame Tanson ait entendu Differdange.

ERNY MULLER (LSAP) constate qu'il était temps. Cela démontre qu'il ne faut jamais abandonner. Le service culturel réalise du bon travail. Sans ses bonnes idées et le programme mis sur pied, la commune ne toucherait peut-être pas cette subvention. Erny Muller le félicite.

GUY TEMPELS (CSV) ajoute que la Ville de Differdange touche enfin ce à quoi elle a droit. Elle doit remplir des conditions qui ne sont pas très difficiles.

Malheureusement, cette année, la COVID-19 a chamboulé le programme de l'Aalt Stadhaus. Guy Tempels remercie l'équipe du service culturel pour son engagement.

CHRISTIANE SAEUL (DP) salue le fait que l'Aalt Stadhaus signe enfin une convention avec le ministère de la Culture. Elle signale que seules dix conventions de ce type ont été signées pour le moment. Avant Differdange, il y avait eu Mamer il y a quelques années.

Le centre culturel Aalt Stadhaus touchera 150 000 € par an pour des productions nationales et internationales. Les missions sont retenues dans la convention. Chaque année, il faudra rédiger un rapport concernant le *subside*.

Le DP approuvera la convention.

déi hutt Der elo gesinn, déi ass amgaang gemaach ze ginn. Dat sinn d'Killtirm vun der ARBED, déi amgaang sinn, vun engem Artist ugestrach ze ginn. Een Tuerm ass scho fäerdeg. Dat gesäit wierklech flott aus.

Mat deene Sue kënnen mer eppes ufänken. A mir soen der Madamm Minister Merci fir hiren Don.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech schléisse mech deem un, wat den Här Ulveling seet. Ech wëll awer och selwer soen, subventionéiert ginn heescht och unerkannt ginn. An ech si frou, dass d'Kulturministesch, déi mer elo hunn, d'Sam Tanson, nogelauschtert huet. An dass mer dat elo dës Kéier erreecht hunn, wouvu mer scho méi laang schwätzen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir schléissen eis och als LSAP un. Enfin huet den Här Ulveling gesot. Mir soen dat selwecht. Mee dat beweist awer, dass een ni soll opgin an ëmmer erëm fuerderen an ëmmer hannendru bleiwen. An et beweist och, dass eis Leit am Service culturel eng ganz gutt Aarbecht maachen. Wa mer keen esou ee Programm hätten an déi Iddien alleguer ëmgasat hätten, da wäre mer vläicht net op d'Lëscht komm. An duerfir hinnen eis Felicitatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. „Was lange währt wird endlich gut“. Mir kréien elo déi Hëllef, déi eis zousteet. Mir sinn u verschidde Konditiounen gebonnen. Déi sinn awer net ganz komplizéiert, fir déi anzehalen.

Leider hu mer dës Joer eise Programm am Ale Stadhaus e bëssen iwwert de Koup gehäit kritt duerch déi ganz Covid-Situatioun. Ech soen trotzdeem, oder mir soen trotzdeem der ganzer Ekip vum Ale Stadhaus Merci fir dee ganze Kulturprogramm, dee si eis all Joers op d'Bee stellen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Endlech, no sechs Joren ass et sou wäit. De Centre culturel Aalt Stadhaus kritt d'Konventioun, gëtt also konventionéiert mam Ministère de la Culture, wéi den Här Ulveling et scho gesot huet. Et huet endlech geklappt. Ech wëll awer och bemierken, dass esou eng Konventioun net dacks erausgeet. Bis elo waren et zéng Stéck. Woubäi déi lescht virun e puer Jore Mamer war an elo Déifferdeng. Mir si ganz stolz.

De Centre culturel Aalt Stadhaus kritt pro Joer e Subsid vum 150.000 Euro fir lëtzebuergesch an international Produktiounen, Diffusiounen, Kulturzeenen, wéi Theaterstécker oder Musek an esou weider, als finanzielle Support. D'Missions générales et spécifiques sinn an der Konventioun festgehalten. E Rapport zu dësem Subsid soll jeeweils um Enn vum lafende Joer ofgeluecht ginn.

D'Demokratesch Partei stëmmt dës Punkt, an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Diderich, wannechgelift.

9c. Contrat de bail Klenge Casino

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Lénk begréisst mir, dass endlech dee Subsid kënnt vum Kulturministère fir déi Aarbecht, déi geleescht gëtt am Ale Stadhaus. Wat eng wichteg Aarbecht ass. Wou eng gutt Bibliothék ass, wou eng anstänneg Programmation gemaach gëtt. Dofir fanne mer dat nëmme richteg, dass mer dee Subsid als Déifferdenger Gemeng elo kënnen ënnerschreien a matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Da komme mer elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre l'État du Grand-duché de Luxembourg et la Ville de Differdange portant sur la gestion du centre culturel Aalt Stadhaus à Differdange.

Villmools merci. Am Punkt 8c geet et ëm e Bail mat dem Haut-Commissariat à la protection nationale an dem Klenge Casino. Haut-Commissariat à la protection nationale ass en anert Wuert fir d'Santé. Dat heescht, d'Santé huet de Klenge Casino elo gelount emol bis den 31. Dezember 2020. Dat kann awer verlängert ginn automatesch, tacitement.

Do geet et drëm, dass d'Santé Places d'isolement sicht. Am Fong dat nämmlecht, wéi et virdru scho war. Et si Leit, déi musse geschützt ginn. Zum Beispill Leit, déi krank sinn, déi net kënnen an enger Famill si wéinst Vulnerabilitéit oder esou, déi ginn an de Klenge Casino gesat. Si hu forméiert Personal, dat se betreit. Dat geet vu bis. Dat ass elo net op eng Kategorie Mënschen viséiert, mee dat geet vu bis. Jiddweeren, dee si mengen, dass dee misst isoléiert ginn, kënnen si an de Klenge Casino setzen.

Dat ass et. Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Am Haut-Commissariat à la protection nationale geet et haaptsächlech ëm d'Koordinatioun vun der Lutte antiterroriste, d'Preventioun vun der Gestiou vun de Krisen – wat natierlech elo de Fall ass – an ëm d'Protektioun vun den Infrastructures critiques am Allgemengen. Dat Ganzt nom 11. September 2001, wou dat méi en place gesat ginn ass.

De Klenge Casino gëtt, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, am Fong geholl requisitionéiert fir ze occupéieren, fir kënnen an dëser Situatioun d'Kris ze geréieren. Dat heescht, et ass eng Sous-Locatioun, an de Loyer ass 9.000 Euro de Mount. Dat Ganzt ass theoreetesch bis Enn Dezember, kann awer bis den 31. August 2022 weidergefuert ginn, jee nodeem, wéi d'Situatioun sech ergëtt.

Am Text ass och prezisiéiert, wéi eng Droiten d'Gemeng an dësem Fall huet. Sief dat, wa se gär kucke geet, e Rendez-vous muss huelen, a wéi eng Reglementer do sinn. Anerersäits, dass natierlech de Service technique vun der Gemeng weiderhin do gefuert ass, fir alles, wat da sollt klappen oder net klappen. Dat heescht, dat bleift esou.

Dat ass alles.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech sinn e bëssen erféiert an deelweis och entsat. Ech ka mer jo net virstellen, dass et esou ass wéi d'Madamm Wohl et elo ausgedréckt huet, dass et eng Requisitioun ass vun der Sait vum Haut-Commissariat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Nee. Mir si gefrot ginn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour le subsid du ministère de la Culture pour le travail réalisé à l'Aalt Stadhaus. La bibliothèque fonctionne bien et la programmation est de qualité. Que la Ville de Differdange obtienne un subsid est juste.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à un bail entre le Klenge Casino et le Haut-Commissariat de la protection nationale. La Santé a loué le Klenge Casino jusqu'au 31 décembre 2020. Le contrat pourra être reconduit.

La Santé recherche des places d'isolement pour des personnes devant être protégées. C'est par exemple le cas de personnes malades ne pouvant pas rester au sein de leurs familles à cause de vulnérabilités. Du personnel formé se trouve sur place. Le Klenge Casino accueille toutes sortes de personnes devant être isolées d'après la Santé.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) rappelle que le Haut-Commissariat à la protection nationale s'occupe de lutte antiterroriste, de la protection des infrastructures critiques et de situations de crise comme maintenant.

Le Klenge Casino a été réquisitionné pour faire face à la crise. Le loyer se monte à 9000 € par mois. Le contrat pourra être reconduit jusqu'au 31 août 2022.

Le contrat définit les droits et les devoirs de la commune, qui doit prendre rendez-vous avant de se rendre sur place et qui doit veiller à ce que tout fonctionne.

GUY ALTMEISCH (LSAP) se dit effrayé et scandalisé. Il ne croit pas qu'il s'agisse d'une réquisition du Haut-Commissariat.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) confirme que la Ville de Differdange a eu le choix.

GUY ALTMEISCH (LSAP) explique que s'il s'agissait d'une réquisition, la procédure aurait été différente. Qu'en est-il du contrat de bail avec la Croix-Rouge, l'ancien exploitant? A-t-il été résilié ou bien a-t-il été repris par le Haut-Commissariat?

9c. Contrat de bail Klenge Casino

Le contrat porte sur six mois — jusqu'à décembre 2020 —, mais il peut être reconduit d'un mois à l'autre. Que se passera-t-il ensuite avec le bâtiment?

Guy Altmeisch rappelle que le concept d'un restaurant avec hôtel offrant une formation aux jeunes n'a pas vraiment fonctionné. On ne peut pas parler non plus de revalorisation de la place du Marché.

Aujourd'hui, Guy Altmeisch apprend que le Haut-Commissariat à la protection nationale reprend le Klenge Casino pour y abriter des personnes infectées. Il faut se rendre compte du danger auquel on s'expose. D'ailleurs, quatre places de stationnement du parking des Hauts-Fourneaux ont été réservées pour des véhicules du CGDIS au cas où il faudrait évacuer des malades.

En d'autres termes, un hôtel sur la place du Marché, en plein centre de Differdange, héberge des personnes infectées. C'est dangereux pour les habitants, pour le centre-ville et pour les terrasses autour. Les malades sont pratiquement hospitalisés dans le bâtiment. Les soignants entrent et sortent. C'est fort.

En plus, si le contrat de bail avec la Croix-Rouge a été résilié, le conseil communal aurait dû être mis au courant. Après tout, ce contrat a été approuvé par le conseil communal.

JERRY HARTUNG (CSV) *ne peut que soutenir cette initiative compte tenu de la situation actuelle. Le pays est confronté à une crise sanitaire et l'État doit prendre les mesures adéquates. Les communes doivent prendre leurs responsabilités.*

Les personnes malades et les cas suspects doivent être mis en quarantaine, ce qui n'est pas toujours possible à la maison. C'est pourquoi l'État a besoin de chambres. Differdange compte probablement des malades dans le centre-ville qui ne peuvent pas sortir de chez eux. Dans ce cas-ci, ce sont des malades qui ne peuvent pas rester à la maison.

Les 13 chambres de l'hôtel étaient vides de toute façon à cause du confinement. L'hôtel aurait dû être fermé. La décision prise permet de continuer à toucher un loyer et le

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay. Dat ass emol dat Éischt, wat mech elo e bëssen erfieert huet. Well wa mer vu Requisition schwätzen, dann hu mer et mat enger ganz anerer Prozedur ze dinne.

Wat ech och komesch fannen, de Contrat de bail mat der Croix-Rouge, dee virdrun Exploitant war vun deem Gebai – ass do eng Resiliatioun vun deem Kontrakt gemaach ginn? Oder gëtt dee Kontrakt iwwerholl vum Haut-Commissariat mat deene Folgen, déi dat dann als Iwwergab vun deem Kontrakt do huet?

Déi zweet Fro, déi sech opdrängt: Et ass e Kontrakt vu Juli bis Dezember 2020 vu sechs Méint. Deen awer renouvelable ass. Deemno vu Mount zu Mount. An duerno? Wat geschitt duerno mat deem Gebai?

Wann ech un d'Startkonzept denke vun deem ganz Klenge Casino do – Restauratioun, Terrass, renovéiert Hotel, Ausbildung vu jonke Leit – dat hat net richtig geklappt. Duerno awer erëm déi selwecht Terrass, Renovatioun, Treffpunkt fir Déifferdenger Leit, Verbesserung vun der Maartplaz, eng fantastesch Verschéinerung vun der Maartplaz – dat schéngt jo och net geklappt ze hunn. No ville Selektiounen ass et ëmmer zu deenen dote Leit komm, déi dat exploitéiert hunn.

Elo gi mer dann hei gewuer, dass d'Protection nationale dat iwwerhëlt, fir infizéiert Leit do ënnerdaach ze bréngen. D'autant plus muss ech héieren, dass e Service technique vun der Gemeng Déifferdeng zoustänneg ass, fir d'Reparature virzehuelen, wann een do infizéiert Leit huet. Mir müssen eis bewusst sinn, a wéi eng Gefor mer eis do beginn. An ech hu gelies, bei de Verkéiersreglementer steet dann, dass beim Haut-Fourneaux fir de CGDIS véier Parkplaze reservéiert sinn. Dat heescht, et kann och zu Interventiounen komme vu Leit, dass d'Leit vun do aus müssen evaküiert ginn.

Dat heescht, mir hunn elo matzen am Zentrum vun Déifferdeng op eiser Maartplaz en Hotel mat infizéierte Leit, déi mir do elo hebergéieren. Also ech fannen dat zwar méi wéi geféierlech fir eis Bewunner, méi wéi geféierlech fir

den Zentrum vun eiser Stad Déifferdeng, méi wéi geféierlech fir déi Terrassen, déi ronderëm leien. Well mir wëssen, dass déi Leit, déi do deelweis jo dann hospitaliséiert sinn oder deelweis do gefleegt ginn, do ass jo och Personal wat eran- an erausgeet an esou virun. Also ech fannen dat zwar e staarkt Stéck.

D'autant plus fannen ech, dass wann e Contrat de bail gemaach gëtt mat engem Exploitant, sief dat d'Croix-Rouge, sief dat eng Privatpersoun, dass d'Resiliatioun vun deem Contrat de bail och misst hei duerch de Gemengerot goen. Mir stelle jo och de Contrat de bail op, mir stëmmen en hei, da misst eng Resiliatioun och en bonne et due forme hei duerch de Gemengerot goen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieber vun der Déifferdenger CSV kënne mer dës Initiativ an der aktueller Situatioun nëmmen ënnerstëtzen. De Coronavirus huet ons Gesellschaft virun eng sanitär Kris gestallt, wou de Staat adequat reagéiere muss. Da muss een och als Gemeng seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Eng Mesure ass, fir Kranker oder Persounen, déi am Verdacht si krank ze sinn a Quarantän ze setzen. Dëst ass net ëmmer bei engem doheem méiglech. Dofir huet de Staat Zëmmere gebraucht, wou si dës Leit an engem uerdentlechen an humane Kader isoléiert ënnerbréngen kënnen. Mir hu warscheinlech, wéi all aner Gemeng, hei zu Déifferdeng och Leit, déi an engem normalen Haus am Zentrum wunnen, déi krank sinn an doheem kënne bleiwen. An dësem Fall sinn et Leit, déi net kënnen doheem bleiwen.

Hei hu mer en Hotel mat 13 Zëmmeren, déi duerch de Confinement souwiesou eidelstoungen. Esou gesinn, ass et dann e Plus, well amplaz datt den

9c. Contrat de bail Klenge Casino

Hotel-Restaurant zou gewiescht wier duerch de Confinement, gëtt esou de Loyer assuréiert a virun allem hunn d'Leit, déi ënnert der Croix-Rouge age-stallt sinn – natierlech si se encadréiert vun der Santé –, hir Aarbecht an dëser Zäit behal. Ech denken, déi sozial Verantwortung vun enger Gemeng muss hei awer d'Hauptmotivatioun sinn. Ins-besonnenes sinn och Leit vun hei aus der Gemeng infizéiert a betraff, déi do wäerte wunnen.

D'CSV stëmmt dëse Bail mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir begréissen dës Initiativ. Ech sinn e bëssen erstaunt iwwer verschiddenen Interventiounen. Ech kann et bal net gleewen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir och.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dass mer léiwer hunn, dass Leit, déi sech infizéieren, op der Strooss bleiwen oder a WGe bleiwen oder an iergendwellech anere Situatiounen, wou se net kënnen ënner Quarantän sinn, fir dass mir net an engem gesécherte Kader hei zu Déifferdeng dat geplangt an ofgeschwat kënnen maachen. Dat liicht mir net an.

Ech mengen, et ass e Minimum vu sozialer Verantwortung, dass wa mir eng Méiglechkeet hunn, fir esou Leit a gudd Konditiounen ënnerzebréngen. En plus ass dat doten net en einfachen normalen Hotel. Et ass en Hotel, wou d'Zëmmere quasi wéi Studioen age-riicht sinn. Dat heescht, et ass eng vill méi adaptéiert Plaz wéi ganz vill aner Hoteller a Plazen, déi mer uechter Lëtzebuerg hunn.

An et ass eng Plaz, wou, in der Tat, eng Iwwergangsphas ass. Wou mer, in der Tat dat ursprénglecht Konzept net ëmgesat kritt hunn. Wou mer eis däers bewosst sinn a wou ech mengen Ustrengungen amgaang sinn, fir dat endlech op dee richtege Wee ze kréien.

An ech mengen, et liicht jo jidderengem an, dass een elo am Moment do net en neie Restaurant opmécht. Et wär jo déi schlechtst Zäit, déi s de kanns siche goen, fir elo dat ursprénglecht Konzept elo grad dësen oder leschte Mount ze lancéieren. An ech denken, dass dat eng ganz rasonabel Approche ass, dat doten ze maachen.

Natierlech muss ee sécherstellen, dass déi Prozesser, déi do en place sinn, fir dass déi Leit do a Quarantän sinn, de près suivéiert ginn. Mee ech si mer awer relativ sécher, dass et besser suivéiert gëtt op där doter Plaz, wéi wann zu Lëtzebuerg néierens eng Plaz géif fonnt ginn, wou dat doten anstänneg gemaach gëtt.

Ech weess net, wat do vun aneren Iwwerleeunge sinn, wéi een dat sollt maachen. Ech mengen, wann een eppes kritiséiert, soll ee sech awer och e bëssen iwwerleeën, wat een dann anescht géif proposéieren. Ob een da proposéiert, an eng aner Gemeng ze goen oder esou. Da weess ech elo net, ob dat wierklech zilféierend ass.

Als Déifferdeng iwwerhuele mer nach keng Verantwortung, wat d'Hebergement vu Sans-abrisen zum Beispill ugeet. Da kënnen mer awer elo déi heite Verantwortung iwwerhuelen. Wou, mengen ech, jo och zum Deel d'Sans-abrise kënnen concernéiert si vun där doter Situatioun. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Den Här Liesch hat sech gemellt.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech schlësse mech de Wiederer vum Här Diderich un. Ech sinn immens perplex, dass grad eng LSAP hei de sozialistesche Gedanken einfach iwwer Bord gehäit. Wéi wa mer hei elo eppes géife

personnel de la Croix-Rouge maintient son travail. La Ville de Differdange doit faire preuve de responsabilité sociale. De toute façon, il y a sans doute aussi des Differdangeois concernés.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *n'arrive pas à croire ce qu'il entend.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *n'y croit pas non plus.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *s'étonne que ces personnes devraient rester dehors ou dans un lieu où la mise en quarantaine n'est pas possible au lieu d'être hébergées dans un lieu sécurisé. C'est incompréhensible. Aider à héberger les malades constitue le minimum de la responsabilité sociale. En plus, les chambres de l'hôtel sont aménagées en studios et sont donc adaptées à ce type de situation.*

Le concept du Klenge Casino n'a pas fonctionné. La structure se trouve en phase de transition. Des efforts sont en cours pour mettre la structure sur le droit chemin. Mais il est évident que l'on ne peut pas ouvrir un restaurant en ce moment. La décision prise est donc raisonnable.

Bien entendu, les personnes en quarantaine doivent être suivies de près. Mais le suivi y est probablement plus efficace que dans un endroit non prévu à cet effet.

Ceux qui critiquent la décision devraient au moins faire des propositions.

Gary Diderich regrette que Differdange n'héberge toujours pas de sans-abris. Au moins, la commune prend ses responsabilités cette fois-ci. En outre, des sans-abris sont peut-être aussi concernés.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *regrette que le LSAP laisse de côté toute réflexion sociale. Les socialistes prétendent que toute la population est en danger parce que des malades sont mis en quarantaine.*

Que devraient dire les personnes habitant à côté de l'hôpital de Nidderkorn ou de l'hôpital d'Esch, où se trouvent beaucoup plus de malades ?

Le site est sécurisé. En plus, comme l'a dit monsieur Diderich, les chambres sont aménagées de manière idéale pour une quarantaine. Il n'est pas question de personnes gravement malades, mais de personnes devant rester en quarantaine et ne disposant pas des conditions nécessaires à la maison. Georges Liesch ne comprend pas comment on peut être contre cette décision.

FRED BERTINELLI (LSAP) *a l'impression que monsieur Altmeisch n'a pas été compris. Les conseillers communaux connaissent bien l'histoire du Klenge Casino. C'est pourquoi il vaut mieux faire attention avant de faire certaines déclarations.*

Monsieur Altmeisch ne faisait pas allusion aux malades. Mais les socialistes n'étaient ni au courant que l'hôtel de la Grand-rue abritait des réfugiés ni que le restaurant de la place du Marché allait fermer. Le conseil communal a approuvé un contrat avec la Croix-Rouge. Or les choses ont changé.

On a dit que les hôtels étaient fermés de toute façon. Mais la plupart des restaurants ont rouvert entre-temps. Fred Bertinelli ne comprenait pas pourquoi ce restaurant-ci ne rouvrirait pas. Car le conseil communal avait approuvé un contrat avec la Croix-Rouge.

Fred Bertinelli regrette que les deux établissements les plus modernes de Differdange ne rouvrent pas. L'hôtel de la Grand-rue n'a que six mois et le Klenge Casino est l'établissement le plus connu de la place du Marché.

Fred Bertinelli ne croit pas qu'il s'agisse d'héberger des malades de la COVID-19. Il pense que l'État a besoin de lits au cas où la situation empirerait. Car les hôpitaux sont pratiquement vides en ce moment. Il se pourrait cependant que la situation empire de nouveau et que les malades n'ayant pas besoin d'être hospitalisés doivent être mis en quarantaine ailleurs pendant 14 jours.

maachen, wat d'ganz Bevëlkerung vun Déifferdeng elo géif beanträchtegen, well mer Leit, déi a Quarantän sinn, hei ënnerbréngen. Op enger Plaz, wou et wierklech fir mech ideal ass. Wat sollen dann, mat Ärem Argument, Leit soen, déi ronderëm d'Nidderkuerer Spidol oder ronderëm d'Escher Spidol wunnen, wou vill méi Leit waren, déi krank waren, wéi déi do internéiert waren? Wat sollen déi da soen?

Natierlech gëtt mat alle Mesurë geschafft, fir dass dat sécher ass. Mee déi Plaz ass ideal, wéi den Här Diderich dat och scho gesot huet. Déi Zëmmere sinn ideal ageriicht, fir Leit an enger Quarantän ënnerzebréngen.

Ech fannen et awer e bësse komesch, dass Dir hei elo Panik maacht an d'Leit dobaussen opwiegelt, wéi wa mer elo hei eppes Fahrlässegas géife maachen an d'Déifferdenger Leit géifen a Gefor bréngen, well mer Zëmmere zur Verfügung stelle fir Leit, déi a Quarantän sinn. Hei schwätze mer jo elo net vu schwéierkranke Leit. Mir schwätzen dovun, Leit, déi op e Verdacht hin an eventuell och positiv getest gi sinn, a Quarantän ze setzen, an dat zu Konditione, wou se doheem warscheinlech net fannen. Also, dass een do kann dogéint sinn, dat fannen ech awer ganz komesch, muss ech soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli. An dann den Här Meisch, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech mengen, hei ass den Här Altmeisch net esou richteg verstane ginn. Wa mer iwwert d'Maartplaz schwätzen, a mir schwätzen iwwert de Casino, da si mer gebrannte Kanner. Dat wësse mer alleguerten. Iwwert de Casino brauche mer net vill ze diskutéieren, iwwer verschidde Saachen. An da soll ee sech hei e bëssen zrëckhalen, wann een esou Aussoe mécht. En huet dat bestëmmt net wéinst deene Kranke gemengt. Sou gutt kennen ech den Här Altmeisch och.

Mee en huet, sou wéi mer déi Informatiounen net kritt hu vun deem neien

Hotel an der Groussstrooss, dass do Flüchtlingen dra wieren, dass do d'Restaurante bis Enn des Joers zou wäeren, an dass elo op der Maartplaz dee Restaurant och zou ass, déi Informatioun net kritt. Wou mir nach ëmmer der Meenung waren, als LSAP, dass mir e Kontrakt gemaach hätten, dee mir hei am Gemengerot gestëmmt hätten, mat der Croix-Rouge. Wat da lo op eemol net méi de Fall soll sinn.

An Dir schwätzt vun den Hoteller, déi jo souwisou zou wäeren. Déi meescht Restauranten, déi hu jo no enger gewësser Zäit erëm opgemaach. An ech hu mer déi Fro ëmmer gestallt. Ech wousst et wierklech net. Et ass elo net, dass ech elo e spatze Mëndche maachen. Ech wousst net, firwat dee Restaurant do net méi opgeet. Well duerno huet d'Croix-Rouge dat jo iwwerholl. Dat war jo en neie Kontrakt, dee mer am Gemengerot gestëmmt hunn. An do sollt jo e Restaurant kommen.

Datt praktesch déi zwee modernsten Haiser, déi mer am Zentrum vun eiser Stad hunn, zou sinn an net méi opginn, wat d'Restauratioun ugeet a wat d'Hôtellerie ugeet. Wat den Hotel ugeet an der Groussstrooss, fuschnei, keng sechs Méint al. An op der Maartplaz, also dat beschtbekannt Haus, wat mer an eise Stadkär hunn, de Casino.

Ech mengen net, dass et hei drëms geet, fir déi Covid-Kranner ënnerdaach ze kréien. Ech mengen, dass do ass éischter e Plang, deen de Ministère gemaach huet, falls et zu engem Extreemfall sollt kommen an d'Spideeler voll wieren an een d'Leit net méi iergendwou ënnerdaach kréich, dass ee se esou ënnerdaach kréich. Anescht kann ech mer et net virstellen.

Well d'Spideeler si jo zum groussen Deel eidel elo, wat d'Beleeung vun deenen eenzele Spideeler ugeet. Verschidder hu jo schonn erëm ugefaangen, verschidde Zëmmere ofzebauen, sou vill ech weess, an deenen eenzele Spideeler, wat de Covid ugeet. Mee dat schéngt jo elo erëm awer an d'Luucht ze goe mat där neier Kris, wou mer elo hunn. An et soll jo nach eng Kéier e bëssen an d'Luucht goen. Ech hu mer et e bëssen esou virgestallt, dass een dann déi Leit, déi net mussen am Spidol sinn,

9c. Contrat de bail Klenge Casino

déi ënner Quarantän wärend, dann do 14 Deeg kéinten ënnerbruecht ginn.

D'Logik versteet sech awer, wa mer iwwert de Casino zu Déifferdeng schwätzen, datt ee sech jo awer dann déi Froen do stellt. Dat ass awer näischt Anormales.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Meisch, wannechgeeft.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech ginn net an den Detail, wat déi Affär Casino ugeet. Et ass natierlech traureg, datt dat Konzept net funktionéiert huet, datt mer do kee Restaurant hunn, fir eis Maartplaz e bëssen ze beliewen oder eppes Änlech. Fakt ass nu mol, datt dat am Moment eidelstoung an datt mer eng Méiglechkeet haten, fir Quarantän-Fäll ënnert d'Äerm ze gräifen.

Just nach eng zousätzlech Informatioun: Déi Quarantän-Fäll, déi si scho puer Méint do an deem Haus ënnerbruecht. Och wéi d'Croix Rouge nach de Bail hat. Als kleng Zousazinformatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

(Diskussiounen)

Merci, Här Meisch. Ech muss elo hei e puer Saache richtegstellen. Hei ass elo vill, ech weess net, Falschinatioun. Ech ginn dem Här Meisch Recht. Wat de Casino ugeet, dat ass eng Fro, wat domadder spéider geschitt. Do si mer zesumme gefuerdert, alleguer heibanen, alleguer, fir ze kucken, wat mer mat deem Casino maachen, wann dee Bail mat der Santé eriwuer ass. Do fuerderen ech Iech alleguer op: Kommt, mir setzen eis dohinner a mir kucken, eppes Konstruktives, Flottes draus ze maachen. Dat ass awer fir vill méi spéit.

Elo ass et esou – fir beim Casino ze bleiwen –, dass déi Resiliatioun den 30.6.

komm ass vun der Croix-Rouge. An do steet dran, dass se eng Clause de résiliation mat Avis vun dräi Méint hunn. Dat steet am Kontrakt. An d'Croix-Rouge huet sech dorunner gehalen. An Dir hutt dee Kontrakt alleguer matënnerschriwwen. Also misst Der wëssen, dass déi Clause drasteet, an dass dat dann net muss hei duerch de Gemengerot goen. Dat ass dat Éischt. Et ass och en État des lieux gemaach ginn.

Da wollt ech dat soen, wat den Här Meisch elo gesot huet. Mir hunn et gesot, hei am Gemengerot, dass d'Croix-Rouge Zëmmere géif zur Verfügung stelle fir d'Leit. Dat war genau dat nämmelecht Argument.

(Ënnerbriechung)

Leit, déi mussen a Quarantän gesat ginn an déi doheem net kënne bleiwen, well se e Vulnerabelen hunn. Oder aus wat fir engem Grond och ëmmer. Do hu se e Lieu d'isolement gesicht. Dat leeft elo schonn e puer Méint, Här Bertinelli an Här Altmeisch. Mir infizéieren Déifferdeng net, well mir lo de Klenge Casino dem Haut-Commissariat à la protection nationale ginn. Also, et deet mer leed.

(Ënnerbriechung)

An da wëll ech nach eppes soen. Här Diderich, Dir hutt d'Sans-abrisen ugeschwat. Ech hat extra gefrot: Wie kënnt an de Klenge Casino? An dat geet quer durch den Gemüsegarten – Leit, déi en Isolement brauchen. An deem Kader ass och gesot ginn, dass d'Wanteraktioun um Findel verlängert ginn ass, extra fir d'Sans-abrisen do isoléieren ze kënnen. Just dat als Informatioun.

An da staunen ech nach iwwer eppes. Dass Dir net wusst, dass de Gulliver vun der ONA gefrot ginn ass, fir Leit, BPIen, do ze logéieren.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ze isoléieren.

Mais il est normal de se poser des questions quant au choix du Klenge Casino.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ne connaît pas les détails de l'affaire du Klenge Casino, mais il regrette que le concept n'ait pas fonctionné. Le fait est que le bâtiment était vide et qu'il pouvait servir à aider des personnes mises en quarantaine.

François Meisch précise que le bâtiment abrite des personnes en quarantaine depuis quelques mois, alors que la Croix-Rouge était encore locataire.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) acquiesce.

(Discussions)

Christiane Brassel-Rausch constate que de mauvaises informations circulent. Une fois que la Santé aura quitté les lieux, le conseil communal devra réfléchir à l'affectation du bâtiment. Christiane Brassel-Rausch espère que les discussions seront constructives.

Le contrat avec la Croix-Rouge a été résilié le 30 juin. La Croix-Rouge s'est tenue au préavis de trois mois. Les conseillers communaux étaient au courant de la clause de résiliation puisqu'ils ont approuvé le contrat. Cette résiliation ne devait pas faire l'objet d'un vote.

Comme l'a dit monsieur Meisch, la Croix-Rouge mettait déjà des chambres à disposition pour les mêmes raisons.

(Interruption)

Christiane Brassel-Rausch répète qu'il s'agit de personnes devant être mises en quarantaine, mais qui ne peuvent pas rester chez elles. Le Klenge Casino abrite ces personnes depuis quelques mois. Qu'il soit repris par le Haut-Commissariat à la protection nationale n'y change rien.

Monsieur Diderich a mentionné les sans-abris. Christiane Brassel-Rausch précise que toutes sortes de personnes sont hébergées dans le Klenge Casino.

Par ailleurs, Christiane Brassel-Rausch n'arrive pas à croire que les socialistes ne savaient pas que l'ONA avait demandé au Gulliver d'isoler des BPI. Elle se souvient

8d. Amis de l'école de musique / 9a. Gravity

d'une vidéoconférence pendant le confinement, où cela a été dit. Elle essaie de jouer cartes sur table, mais visiblement, c'est difficile. Le conseil communal disposait de ces informations depuis des mois.

FRANÇOIS MEISCH (DP) ajoute que le restaurant devrait rouvrir en septembre.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) précise que le Comité d'accompagnement économique sait que le concept du Klenge Casino doit changer. La Croix-Rouge a annoncé depuis longtemps qu'elle ne voulait plus l'exploiter. Des projets ont déjà été présentés.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) ne veut pas qu'on prétende que le collège échevinal ne joue pas cartes sur table.
(Vote)
Christiane Brassel-Rausch passe au point suivant concernant les Amis de l'école de musique.

ROBERT MANGEN (CSV) explique qu'il s'agit d'une ASBL voulant aider l'école de musique de Differdange à organiser des manifestations.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'elle existe depuis longtemps.

ROBERT MANGEN (CSV) acquiesce.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux critères d'attribution de logements en vente. Aujourd'hui, il ne sera question que de la vente. Le collège échevinal reviendra sur la location ultérieurement.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que les critères de vente doivent être approuvés aujourd'hui parce que les appartements doivent être planifiés.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ze isoléieren. Dat ass an enger Visio-konferenz während dem Confinement mat de Fraktiounsspriecher gesot ginn.

Ech probéieren hei mat oppene Kaarten ze spillen. Dann erlaabt mer et. Well wa mer esou virufueren, dann ass et jo net méi méiglech. Dat sinn Informatiounen, déi hutt Dir elo während Méint.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

De Restaurant soll iwwregens am September erëm opgoen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och en Zousaz zum Klenge Casino. Fir Leit, déi am Comité d'accompagnement économique vertruede sinn, ass et kee Geheimnis, dass do un eppes anescht muss geschafft ginn. An dass d'Croix-Rouge scho méi laang ugekënnegt huet, dass si dat net esou wäerte weider bedreiwen. An do sinn och scho Projete presentéiert ginn, déi am plaz solle kommen. Ech mengen, op deene Plaze gëtt een awer déi Saache gewuer. Dat als Zousaz nach dozou.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Also, ech wëll just dem Schafferot net ënnerstelle loossen, dass mir hei net géife mat oppene Kaarte spillen. Dat ass dat eenzeg, wat ech wëll soen.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec le Haut-Commissariat à la protection nationale sur le Klenge Casino, place du Marché, Differdange

Villmoos merci. Da komme mer zum 8d, Statuts de l'ASBL Les amis de l'école de musique de Differdange. An ech géif d'Wuert un den Här Mangen ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, et ass eng Associatioun, déi d'Déifferdenger Museksschoul wëll ënnerstëtze mat Organisatiounen, Manifestatiounen, déi se organiséieren, fir Suen eranzekréien. An de Statut vun der ASBL ass en normale Statut, wéi d'Gesetz dat virgesäit.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et gëtt se scho länger Zäit.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Et gëtt se scho méi laang. Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Kënne mer ofstëmmen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les nouveaux statuts de l'ASBL Les amis de l'École de musique de Differdange.

Da komme mer zum Punkt 9a, Critères d'attribution des 80 logements, tant locatifs que ceux mis en vente. Ech wëll ganz kloer soen: Haut geet et just ëm d'Vente. Mir stëmmen haut just iwwert déi of, déi an de Verkaf ginn. Net iwwert d'Locatioun. D'Locatioun kënnt zu engem spéideren Zäitpunkt an de Gemengerot.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir musst soen, firwat. Well, d'Appartementer mussen jo geplangt ginn.

9a. Projet Gravity

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt dat elo soen. Ech wollt fir d'éischt den Här Ricciardelli begreissen, dee bei eis komm ass. Wann herno Froe sinn, kritt Der dann d'Äntwert direkt am Detail.

Firwat maache mer elo nëmmen d'Vente? Mir maache lo nëmmen d'Vente, well déi Leit jo nach d'Recht hunn, Maueren ze réckelen an Appartementer ze änneren. A well mer soss net eens gi mam Delai vum Bauen. Dofir ass et elo nëmmen op d'Vente limitéiert.

Ech probéieren zügeg derduerch ze kommen. Dëst Dokument behandelt d'Krittären an d'Verdeelung vun den Appartementer déi zur Vente stinn. D'Proposition ass vun der Bautekommission a vun der Logementskommission ausgeschafft ginn. Déi hu vill mat dru geschafft. Si sinn dacks zesumme-komm, fir iwwert d'Krittären an d'Opdeelungen ze diskutéieren. Aner Kommissionen hunn awer och hiren Avis ofginn.

D'Kandidature fir d'Vente ginn de 24. September 2020 lancéiert, zesumme mat der Pose de la première pierre an a Presenz vum Logementsminister Henri Kox. Bis zum 15. November huet all interesséiert Persoun d'Chance, seng Kandidatur ofzeginn. Dëst, well et ëm d'Vente geet. Well déi da kënnen soen, ech hätt déi Mauer gär méi no riets oder no lénks oder méi kleng oder méi héich oder méi niddreg. Dofir ass et elo just Vente. Dofir hu mer nach e bësse Sputt bei der Locatioun.

Et ass wichteg ze preziséieren, dass mer net nom Prinzip „first come, first served“ handeln. Mee dass et e präzise Punktekatalog gëtt, deem de verschiddene Krittären, déi hei zur Ofstëmmung stinn, Rechnung dréit.

Dir gesitt, mir hunn 80 Appartementer – soll ech dat elo alles soen? Dir hutt et virun Aen. Mir hu lo 30 Appartementer an der Vente. Dir hutt dat jo sécher alles nogekuckt, wann Der Froen hutt.

Vun deenen 30 Appartementer, déi mer an d'Vente ginn, sinn der véier Duplex/Triplex. Do hu mer eis entscheet,

nodeem mer mat verschiddene Leit geschwat hunn, déi mer kontaktéiert hunn, fir ze kucken wéinst alternativem Wunnen, Cohabitage an esou virun an esou weider – fir déi sinn déi Duplexen an Triplexen net a Fro komm. Well d'Infrastruktur, dat heescht Ofwaasser, déi hätte gären, wat ze verstoen ass, bei all Zëmmer eng Nasszelle. Dat heescht e Buedzëmmer mat enger Toilette an esou virun an esou weider. Dat ass awer net méi ëmzesetze vum Bauen hier.

Dofir hu mer eis entscheet, fir déi à vente aux enchères ze maachen. An déi un dee Meistbietenden ze ginn. D'Konditiounen dovunner sinn, dass ee selwer awer muss dra wunnen. Dat hutt Der gëschter alles geschéckt kritt. Et muss ee selwer dra wunnen. D'Gemeng huet den Droit de préemption, wann et erëm verkaf gëtt. Wichteg ass, dass déi Objete keng Spekulationsobjete sinn oder solle ginn. Dat ass de Grondgedanken, deem eis leet, wëll ech soen.

Vun deenen 30 Appartementer bleiwen der 26, déi normal verkaf ginn. Vun deene 26 Appartementer, déi normal verkaf ginn, wou een och eng Garage dobäi kafe kann, wann ee wëll, musse 60 % vun de Leit eng Prime de construction kréien. Dës Quota ass virgeschriwwen vum Logementsministère, well mer Subside vum Staat dofir ufroen.

Wat d'Proposition de répartition des logements ugeet, ass bei der Verdeelung vun den Appartementer op de jeeweilege Stäck dorop opgepasst ginn, dass eng Mixitéit erreecht ka ginn: Alter, de soziale Stand, d'Verhältnis Locatioun-Vente plus d'Integratioun vun de PMR-Wunnengen.

Hei kann een erwänen: Mat aacht PMR-Wunnenge vun 80 insgesamt, si mer am Fong Virreider, wat d'Gesetz ubelaangt, wat am Laf vum Joer soll gestëmmt gi sinn, dass 10 % vun de Wunnenge bei den Neibaute solle PMR-Wunnenge sinn. Dat heescht, do applizéiere mir e Gesetz, wat nach net en vigueur ass. Et soll een och erwänen, dass e groussen Deel vun dese Wunnengen einfach ze upgradé sinn a PMR-Wunnengen. Domadder erlabe mer de Leit, am Alter nach eng laang Zäit do wunnen ze bleiwen.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) salue monsieur Ricciardelli. Il répondra aux questions tout à l'heure.

Les critères de vente doivent être approuvés dès à présent, car les acquéreurs ont par exemple le droit de déplacer certaines parois.

Les critères ont été élaborés par la commission des bâtisses et la commission du logement. D'autres commissions ont remis leurs avis également.

La vente sera lancée le 24 septembre, date à laquelle aura lieu la pose de la première pierre en présence du ministre Henri Kox. Les personnes intéressées pourront déposer leur candidature jusqu'au 15 novembre. Christiane Brassel-Rausch répète qu'actuellement, il n'est question que de la vente parce que les futurs propriétaires devront prendre des décisions quant à l'aménagement des appartements. Pour la location, la commune a plus de temps.

Le choix ne sera pas effectué selon le principe du premier arrivé-premier servi, mais d'après un catalogue de points.

Sur les 80 appartements disponibles, 30 sont mis en vente. Quatre sont des duplex ou des triplex. Ceux-ci seront vendus aux enchères. En effet, ils ne convenaient pas à l'aménagement de logements alternatifs ou en colocation. Il aurait fallu prévoir une salle d'eau à côté de chaque chambre, ce qui n'était pas possible.

En ce qui concerne la vente aux enchères, il faudra que l'acquéreur habite lui-même dans l'appartement. Les conseillers communaux ont reçu les conditions hier. La commune dispose d'un droit de préemption. Ces duplex/triplex ne doivent pas devenir des objets de spéculation.

Vingt-six appartements seront mis en vente normale. Les acquéreurs pourront également choisir d'acheter un garage. 60 % de ces logements devront être vendus à des personnes touchant une prime de construction. C'est ce qui est prévu par le ministère du Logement, qui verse des subsides.

L'objectif est de favoriser la mixité sociale à chaque étage. Huit appartements sur quatre-vingts sont des-

9a. Projet Gravity

tinés aux personnes à mobilité réduite. La Ville de Differdange est pionnière en la matière puisqu'une nouvelle loi fixera à 10 % le taux d'appartements PMR dans les nouvelles constructions. Par ailleurs, une bonne partie des autres appartements peuvent être adaptés facilement le cas échéant.

Le bâtiment comprendra aussi une salle commune et une serre. Elles se trouveront aux 14^e et 15^e étages.

Les conseillers communaux disposent d'un tableau avec le nombre de chambres par appartement.

La répartition des candidats repose sur des chiffres du Statec de 2019. Chaque groupe de candidats représente 25 % de la population. Le premier groupe est constitué de personnes dont les revenus se situent entre 0 € et 2100 €. Il s'agit de s'assurer que chaque portemonnaie pourra avoir la possibilité d'acheter un appartement.

Parmi les critères figure le fait d'avoir des enfants, d'être de Differdange, d'être jeune...

Les différents groupes ont été établis par les commissions des bâtisses et du logement. Les enfants sont le critère le plus important, suivi du fait d'être résident, de l'âge, de l'emploi, des descendants... Bref, la Ville de Differdange donne la priorité aux familles jeunes, mais sans oublier les autres. Elle tient aussi compte du lieu de travail, de la présence de famille à Differdange, etc.

Les familles monoparentales ne sont pas désavantagées, car pour les couples, on prend la moyenne des points des deux personnes.

Les ménages avec des enfants sont avantagés par rapport aux célibataires ou à un couple sans enfants. Cependant, le nombre d'enfants n'est pas déterminant pour éviter une disproportion par rapport aux autres critères.

Les habitants de Differdange ont la priorité, ce qui est normal puisque la Ville de Differdange finance le projet. La SNHBM a fait la même chose à Niederkorn. Les candidats obtiennent aussi des points s'ils ont vécu à Differdange dans le passé.

Avec la crise immobilière, les jeunes ont du mal à acquérir un logement. C'est pourquoi ils obtiennent plus

Als Lescht wëll ech net verstoppen, dass eng Salle commune an eng Zär fir all d'Bewunner zur Verfügung steet, fir e reelle Méiwäert u Liewensqualität ze bidden. D'Salle communautaire, fir e bëssen de Geescht vun deem ganzen Haus erëmzeginn, ass op de 14. Stock geluecht ginn, just ënnert d'Zär. Dat bitt eng schéi Vue. De Sall soll vun de Leit genotzt ginn.

Ech fuere virun. Dir hutt op Ären Tabloen alleguer d'Locatiounen, wéi vill Kummeren an esou virun an esou weider.

Da géif ech zu de Repartitiounen vun de Kandidaten kommen. Déi véier Gruppen, déi do opgezielt sinn, déi Zuele komme vum Statec, aus enger Etüd vun 2019. Déi si liicht duerch den Index ugepasst ginn. Et si véier Gruppen, déi ëmmer 25 % vun där jeeweileger Populatioun representéieren. Grupp 1: 0 € bis 2.100 €. Dir gesitt déi verschidde Revenusgruppen. Dës éischt Ënnerdeeling erlaabt eis ze garantéieren, dass fir all Portmonni eppes ze kréien ass. D'Stéchwuert ass d'Mixité sociale. Obwuel mer wëssen, dass de Portmonni eleng net nëmmen d'Mixité sociale ass, mee just een Deel dovunner. D'Kultur a sou virun an esou weider spillt jo och an d'Mixitéit eran.

Sélection des candidatures, d'Krittären: Kanner, Déifferdenger sinn, jonk sinn. Wa mer d'Pyramid kucken, Prime de construction, gesitt Der, dass mer de Schwéierpunkt op d'Famille mat Kanner geluecht hunn.

Classement des différents groupes. Dës Krittären hunn d'Bauten- an d'Logementskommissioun ausgeschafft. Si änelen de Krittären zu Nidderkuer vun den Anciens Ateliers respektiv dem Fonds de Logement oder der SNHBM. Wéi Der gesitt, de wichtigste Punkt sinn d'Kanner. Duerno Resident sinn, duerno Alter, duerno Emploi, Ascendant/Descendant, ass ee vun Déifferdeng/ass een net vun Déifferdeng.

En général kann ee soen, mir ginn de jonke Famille Prioritéit, ouni awer de Rescht ze vergiessen. An och Elementer wéi d'Zirkulatioun, dat heescht kuerz Weeër: hei wunnen, hei schaffen, kann een ze Fouss goen, brauch een en Auto, ass d'Boma hei, ass de Bopa hei, muss ech d'Kand versuergt kréien? Dat ass

alles matgeduecht ginn, déi kuerz Weeër, fir d'Famillen erëm méi no ze bréngen.

Wichtig ass, mir benodeelegen net d'Monoparentallen oder all aner Form vu Koppelen an Zesummeliewen, klassesch bestuet oder gepacst. Well Dir gesitt, bei enger Koppel ginn d'Punkte summéiert an da gi se erëm duerch zwee gedeelt. Dat heescht, zum Beispill, zweemol 300 gëtt 300. Dee steet net am Virdeel zu engem Monoparental, deem och 300 géif kréien, an deem Sënn.

Enfants à charge. D'Punkte ginn esou verdeelt, dass d'Menagé mat Kanner e Virdeel hu géintwuer enger Koppel oder engem Celibataire ouni Kanner à charge. Op där anerer Säit gi mer nëmme minimal ënnerschiddlech Punkte bei der Unzuel vu Kanner. Dës mam Gedanken, fir ze verhënneren, dass dës Punkt ze vill Gewichtung kritt an déi aner Krittären obsolet ginn.

Beim Punkt Resident gëtt en première ligne séchergestallt, dass d'Bewunner vun der Gemeng Déifferdeng prioriséiert ginn. Mir denken, dass et selbstwäertend ass, vu dass d'Gemeng de Finanzement iwwerhëlt vun deem Projekt. Dat war jo och esou beim SNHBM zu Nidderkuer. Hei kann erwäant ginn, dass een och Punkte kritt, wann een an der Vergaangenheet zu Déifferdeng gewunnt huet oder zréckkomme wëll, och erëm an deem Gedanken vun de Kanner. Si wëlle vläicht d'Boma oder de Bopa bei Hand hunn. An dat hëlleft dann.

Den Alter: Vu dass d'Crise immobilière um Marché sech nach ëmmer weider zouspëtzt an esou zouspëtzt, dass jonk Persounen, déi nach kee Bien immobilier hunn, ëmmer méi ofhängeg ginn. A mat där Hausse des prix och keng Aussicht kréien, iwwerhaupt sech eppes unzeschaffen. Dofir war et eis wichtig, dës Situatioun bei de Krittären mat am A ze hunn. Si kréien hei bei der Bewäertung méi Punkte wéi eeler Persounen.

Vu dass d'Präisser vun de Wunnengen ganz kompetitiv sinn, hoffe mer u sech op e groussen Undrang vu Leit. A mir hunn och véier Seniorewunnengen am Verkauf virgesinn. Plus déi 26 an der Locatioun.

9a. Projet Gravity

D’Krittäre beim Emploi si wéi gesot kuerz Weeër. Hei schaffen, hei wunnen. Dat ass dann och erëm am Rahmen vun der Mobilitéit, Rushhour. Mir kennen et alleguer. Wéi gesot, mir hoffen, dass et e positiven Impakt huet fir d’Leit, déi hei wunnen an hei schaffen a kuerz Weeër hunn.

D’Cohésion familiale ass Ascendent/Descendent, Boma, Bopa, egal wien, Tatta, Monni, fir d’Kanner ze versueren.

Dat ass elo alles, wat ech ka soen. Ech mengen, et si méi Froen, wéi dat, wat ech erkläert hunn. Dat steet alles hei. A fir all Fro hu mer den Här Giorgio Ricciardelli hei, deen Iech Ried an Äntwert steet.

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Elo si mer da souwäit, dass mer kënnen een Deel op jidde Fall vun deenen Appartementer verkafen. Ech wollt am Ufank direkt deenen eenzele Kommissiounen, déi sech mam Dossier befaasst hunn – an dat waren der jo net wéineg, ech war och länger Zäit an enger Kommissioun domat amgaang –, Merci soe fir déi Aarbecht an déi Iddien, déi do zesummegeedroe gi sinn. Vu dass huet mussen e Konsens fonnt ginn, hu mer alt heiansdo eng Ronn méi gedréit, fir awer nach deenen een oder deenen aneren ze iwwerzeegen oder Argumenter ze bekräfigen oder ze schwächen.

Selbstverständlech och merci dem Här Ricciardelli, deen als Facilitateur, géif ech emol soen, zwëschen deenen eenzele Kommissiounen eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet.

Mir haten eis virgestallt, als LSAP, dass sollt eng Quot si vu 50:50 au départ. Dir hutt dat jo scho vu mir héieren, dass ech vun Ufank un ëmmer gesot hunn, mir géifen tendéieren zu 50:50. 50 % Vente a selbstverständlech och 50 % Locatioun.

Awer elo duerch deenen Avis juridique, dee mer haten – deen eis och ageliicht huet –, dass et schwierig wär, fir dann d’Successioun vun deene Logements séniors ze assuréieren. Dass dat nach

Logements séniors géife bleiwen. Dat huet dat eis awer ageliicht, dass mer net kéinten op dee Wee goen. Mee trotzdeem sinn ech elo frou, dass mer awer véier Appartementer u Senioren attribuieren ouni Krittären. Well soss hätte mer am Fong eng Diskriminatioun gehat vun de Seniore vis-à-vis vun deenen aneren

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Am Verkaf, gell.

ERNY MULLER (LSAP):

Wa mer verkaf hätten, da wären d’Senioren ni a Fro komm, no deene Krittäre. Well d’Krittäre gi jo a Richtung vun deene jonke Leit. Wat jo och gutt ass, wat mer och ënnerstëtzen. Mee dann hätten d’Seniore keng Chance gehat. Duerfir ass et gutt, dass elo am Enddossier véier Appartementer fir Senioren zréckbehalen gi sinn, déi dann ënnert de Seniore verdeelt ginn.

Dir hutt wierklech dat exzellent alles presentéiert, duerfir wëll ech net méi op d’Detailler agoen, just op d’Critères sociaux. Dat ass – Dir hutt et scho gesot – Mixité sociale an esou weider. Ech mengen, dat ass assuréiert duerch déi Krittären, déi allgemeng festgehalen gi sinn.

Och déi vun deene véier Kategorien, wou Der gesot hutt, déi Catégorie de rémunération oder de salaire. Wou mer jiddwerengem d’Méiglechkeet ginn. All Kategorie vu Revenu en Accès kritt an ëmmer erëm vun enger op déi aner wiessend an erëm vu vir ufänken. Wann déi véiert Kategorie erschöpft ass, fänke mer erëm vu vir un. Dat heescht, mir kréien eng Mixitéit. Jiddwereen – och Jonker, déi vläicht nach net dee staarke Revenu hunn, kréien d’Méiglechkeet, eng éischt Wunneng do ze kafen. Wat jo och wichteg ass a wat mer gär hätten.

D’Residenten hu mer elo un zweeter Stell stoen. D’Iddi war, fir Déifferdenger Residenten en Avantage ze ginn. Mee elo ass den Avantage ganz kloer op d’Kanner definéiert. Duerno Resident a sou weider. An da kënnt natierlech och nach d’Aarbecht, wat e bësse

de points que les personnes plus âgées.

Le prix des logements étant compétitif, Christiane Brassel-Rausch espère que les demandes seront nombreuses. Quatre logements à la vente et vingt-six à la location sont destinés aux séniors.

Le critère de l’emploi permet de privilégier les personnes travaillant à Differdange pour raccourcir les distances. Celui des descendants/ascendants permet de renforcer la cohésion familiale.

Christiane Brassel-Rausch demande aux conseillers communaux de poser leurs questions. Le cas échéant, monsieur Ricciardelli pourra y répondre.

ERNY MULLER (LSAP) remercie les commissions qui se sont occupées de ce dossier pour leurs idées et leur travail. Il fallait trouver un consensus et il a été nécessaire de se réunir plusieurs fois pour convaincre tout le monde.

Un merci aussi à monsieur Ricciardelli, qui a agi en facilitateur entre les différentes commissions.

Les socialistes ont toujours été de l’avis qu’il fallait opter pour un ratio vente-location de 50:50. Mais à la suite de l’avis juridique portant sur la succession des logements pour séniors, ils ont compris que ce n’était pas la meilleure solution. Erny Muller se réjouit cependant que quatre appartements soient destinés aux séniors. Cela permet d’éviter toute discrimination.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) précise qu’il s’agit de quatre appartements à la vente.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que les critères permettent de privilégier les jeunes, ce qui est une bonne chose. Mais les séniors n’auraient eu aucune chance. C’est pourquoi il était important de prévoir ces quatre appartements.

Monsieur Ulveling a mentionné les critères sociaux. Les critères choisis garantissent la mixité sociale.

La répartition en quatre catégories de revenus donne la possibilité à chacun d’acquérir un appartement. Toutes les catégories sont prises en considération à tour de rôle — y

9a. Projet Gravity

compris les jeunes, dont le salaire est peut-être encore faible.

Le critère de résidence sert à avantager les Differdangeois même si le critère des enfants reste le plus important. Le lieu de travail est quant à lui un peu moins important.

Le critère des ascendants et descendants permet de garder les familles ensemble. Erny Muller se souvient qu'il a dû quitter Differdange parce qu'il n'y trouvait rien. Il a construit dans une commune voisine avant de rentrer.

Pour les duplex et les triplex, la commune a trouvé une bonne formule.

À la fin du dossier se trouve un résumé de toutes les conditions. Mais Erny Muller n'y a pas trouvé mention de l'emphytéose. Qu'en est-il?

La commune ne reste-t-elle pas propriétaire du terrain? Car les appartements sont vendus en emphytéose, mais pas le projet. Une partie du projet est privé. Par ailleurs, il y aura aussi des propriétaires de magasins. C'est pourquoi Erny Muller se demande si une emphytéose est possible.

Les socialistes approuveront le projet. Erny Muller ajoute que les 30 appartements en vente représentent 37,5 % du total et les 50 appartements en location 62,5 %.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) s'associe aux paroles de monsieur Muller et remercie ceux ayant contribué à la réalisation de ce projet, qui représente une nouveauté.

Lorsque la commune a acheté cette tour, elle savait qu'elle aurait du pain sur la planche, car elle ne voulait pas vendre les appartements comme le ferait un entrepreneur. Le collègue échevinal savait qu'il pourrait compter sur les commissions. Les commissions du logement, des bâtisses, des finances, des affaires sociales et du troisième âge ont toutes collaboré au projet. Elles ont remis un avis. Georges Liesch constate que la plupart des idées ont finalement été retenues. Le collègue échevinal a compris les avis des commissions et a élaboré les critères en en tenant compte.

Georges Liesch remercie toutes les commissions ayant travaillé sur ce dossier ainsi que monsieur Ricciar-

manner hei bewäert ass, mee trotz-deem.

Ascendent/Descendent – Dir hutt dat alles gesot, wat fir Avantagen dat awer heiansdo huet, wann d'Famille kënnen zesummebleiwen an enger Stad an net musse fort. Ech war ee vun deene Geschiedegten, deen huet musse fortplënnere, well ech hei zu Déifferdeng déi Zäit näischt fonnt hat. An ech hunn an enger Nopeschgemeng gebaut. Wéi vill anerer. Déi awer herno erëmkomm sinn, eng Partie vun deenen op jidde Fall.

Duplex/Triplex. Dat ass eng gutt Formule, dass dat elo esou geet. Well dat anert jo schwierig gewiescht wär an och net direkt richtig gepasst huet.

Ech hu just eppes am Dossier vermësst. Hannen am Resümee stinn d'Konditiounen, wat een alles erfëlle muss: les annexes à fournir à chaque candidature. Awer et geet néierens rieds vun Emphytéose. Oder ech hunn dat iwwersinn, dat kann och sinn. Duerfir wollt ech froen: Ass dat esou oder net? Well mir hate jo eng Kéier gesot, d'Gemeng bleift Proprietär vum Terrain. Geet dat iwwerhaupt?

Well do ginn Appartementer verkaft ënner Emphytéose, mee dee ganze Projet ass jo net Emphytéose. Well do si jo och nach privat – ech gesinn dat elo net hei. Duerfir hunn ech mer d'Fro gestallt, ob dat iwwerhaupt geet. Well dat jo oft op den Terrain ass. An hei sinn um Terrain och nach anerer, et kënnen souguer Propriétaire sinn, och vun deene Geschäftslokaler an esou, wat alles ënnen dran ass. Ech weess dat net. Mee vun der Emphytéose geet hei net rieds. Dat bleift nach ze klären.

Dat wär alles dozou. Mir stëmmen dat op jidde Fall.

Ech wollt nach soen, duerch déi 30/50 komme mer op 37,5 %. Dat sinn 30 Appartementer, déi an d'Venteginn – dat ass elo nëmmen zueleméisseg gekuckt an net surfaceméisseg. A 50, déi an d'Locatioun ginn. Dat sinn 62,5 %. Op jidde Fall, d'LSAP stëmmt dës Proposition.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Virop wollte mer eis dem Här Muller senge Wiederuschléissen, dass mer Merci soe fir de Wee, deen hei gemaach gouf. Dass mer iwwerhaupt esou e Wee maachen. Deen heite Projet war fir eis alleguerten Neiland.

Wéi mer decidéiert haten, deen Tower ganz ze kafen, wousste mer, dass e Pak Aarbecht op eis duerkéim, fir eis e Konzept auszedenken, wéi mer dat bespielen, ouni et ze maachen, wéi dee kläreschen Entrepreneur dat géif maachen oder deen, deen Immobilie verkeeft. A mir haten dorobber gesot, dass eis Kommissiounen eis kéinten immens hëllefen. An dat huet sech wierklech als eng grouss Plus-value erausgestallt.

Eng ganz Partie Kommissiounen – Logement, Bauten, Finanzen, Sozial, Drëtten Alter – hunn hei un dësem Projet geschafft. All Kommissioun huet en Avis ofginn. Wou een erausliese kann, dass se aus hirem Bléckwénkel den Avis natierlech geschriwwen hunn. D'Finanze méi aus der Finanzwelt. Den drëtten Alter a Sozialkommissioun eischer aus hiren Ecker eraus.

A wann een dat zesummeleet, da fënnt een, hei elo an deem, wat mer haut stëmmen, dass déi meescht Iddien zréckbehale gi sinn. Zumindest, dass verstane gouf, wat den Avis vun der Kommissioun ass. Dass ee probéiert huet, déi Krittären esou opzestellen, dass och d'Avisen zum Deel – net all, awer zum Deel – berécksiichtegt gi sinn.

Dofir e ganz grouss Merci un all d'Kommissiounen, déi un dësem Dossier geschafft hunn. An och vun eiser Säit e grouss Merci un den Giorgio Ricciardelli, deen d'Kommissiounen alleguerte begleet huet. Fir se mol eischer un d'Matière erugefouert ze hunn, wat jo keng einfach Matière ass. An hinnen erkläert huet, ëm wat et bei dësem Projet gaangen ass, den Enjeu. A probéiert huet einfach do ze sinn, wa se

9a. Projet Gravity

Froen haten, fir se an dësem Prozess a bei hirem Avis ze begleeten.

Wat erauskomm ass, ka sech absolutt weise loosse. Déi 30 Wunnengen, déi mer elo zum Verkaf ginn, ass wierklech en innovativ Projet vun der Gemeng Déifferdeng. Wou ech mengen, dass et hei am Land keen esou e Projet wéi dat heite gëtt.

Eng grouss Diskussioun waren déi Duplex/Triplex-Geschichten, wouriwwer mer eis laang Gedanke gemaach haten. Wou mir als Gréng eis och gewënnt haten: Kënne mer do eppes Innovatives fannen? Déi Iddi vun de WGen hat eis immens gefall. Wou mer gesot haten, dat wär wierklech e staarkt Zeechen, wa mer dat maache kéinten.

Leider ass et, aus den Ursaachen, déi d'Madamm Buergermeeschtesch erwänt huet, net gaangen. Mee bon, et muss ee sech och bewosst sinn, mat engem eenzege Projet, deen ee mécht, kann een natierlech net all d'Besoinen ofdecken, déi an enger Bevëlkerung sinn.

Mir sinn awer iwwerzeegt, dass de Schafferot op de Wee geet, an engem zukünftege Projet, wou et da vläicht besser passt. An déi heiten Iddi absolutt als Prioritéit da gesäit. Well mer wousten, dat konnte mer an dësem Projet net realiséieren. Der Iddi vun de WGen hei an der Gemeng muss mer eng Offer bidden. Dat sollt an nächste Projeten einfach de Fall sinn.

Ech sinn do ganz zouversichtlech, dass eisen neie Service Logement dee Message mathält a probéiert, an déi Richtung ze schaffen. Eis deet et elo net esou wéi, dass an dësem Projet déi Iddi vun de WGen net konnt realiséiert ginn, well mer zouversichtlech sinn, dass dat an deenen anere wäert gemaach ginn.

Op d'Krittäre ginn ech net am Detail an. Dat kënne mer eis elo all erspueren. D'Madamm Buergermeeschtesch huet explizitt erkläert, wéi d'Leit sech kënne mellen a wéi se duerch déi Selektioun ginn. Wichteg ass fir eis, dass et eng absolutt Transparenz gouf vun Ufank un. D'Krittäre si wierklech einfach ze verstoen, och an där Presentatioun, déi mer kritt hunn. Et kann ee sech gutt navigéieren an novollzéien, wéi ee sech

ka positionéieren, wéi an ob een herno zu engem Logement kënnt oder net.

Transparenz fanne mer an dësem Fall extreem wichteg. Och wann et herno eventuell drop erausleeft, dass bei Punktegläichheet den Tirage au sort muss gëllen. Dat ass ëmmer e bëssen traureg. Mee dat ass awer heiandsdo net ze ëmgoen, wann et Punktegläichheet gëtt.

En anere Volet, deen eis immens wichteg ass, deen zu 100 % respektéiert gouf, dat ass, dass et an dësem Projet hei keng Méiglechkeet gëtt, fir Magouillen ze maachen. Respektiv, dass d'Leit sech hei Plus-valuë schaffen, andeem se dat géife kafen an iergendwann eng Kéier mat risegem Benefice géife verkafen oder wat och ëmmer.

Ech mengen, dass dat ee vun den – ech wëll do kengem e Reproche maachen, mee wa mer ee grouse Feeler an der Logementspolitik an deene leschte Joerzénge gemaach hunn, da war et genau déi heite Barrièren anzebauen. Well ech géif gären haut eng Statistik gesi vun all deene Sozialwunnengen, déi an deene leschten 20 Jore gebaut gi sinn, wéi vill der haut nach als Sozialwunneng um Marché sinn. Ech fäerten, et wäeren der net méi ganz vill, wa mer déi Statistik hätten.

An ech mengen, dat ass ee vun de grouse Feeler, déi an der Politik gemaach goufen. Wéi gesot, ouni engem e Reproche ze maachen. Keen huet ëmmer esou de Bléck, dass dat kéint sinn.

Mee hei op jidee Fall mengen ech, hu mer alles gemaach, dass esou eppes net ka passéieren. An alles gemaach, dass d'Spekulatioun hei keen Nährbuedem fënnt, an dass et hei ëmmer erëm dobäi bleift, dass d'Gemeng dat heiten opkeeft, zu engem haut scho festgeluechte Präismodell, dee jo da gerechent gëtt. An d'Gemeng et erëm kann op de Marché ginn zu deene selwechte Konditiounen.

Alles an allem, fanne mer, dass éischens de Prozess, wéi mer haut zu deem Dokument komm sinn, wéi och d'Resultat sech absolutt weise léisst. Mir sinn extreem frou, dat heiten haut kënne matzestëmmen.

delli, qui a accompagné les commissions. La matière est complexe. Monsieur Ricciardelli leur a expliqué les enjeux et a répondu à leurs questions.

Le résultat est positif. La mise en vente des trente appartements constitue un projet innovant. Il n'en existe pas de semblable au Luxembourg.

Les écologistes ont beaucoup discuté des duplex et des triplex. Ils auraient souhaité une solution plus innovante. Par exemple des colocations. Malheureusement, la bourgmestre a expliqué que ce n'était pas possible. De toute façon, un seul projet ne peut pas tenir compte de tous les besoins de la population. Georges Liesch est convaincu qu'à l'avenir, le collège échevinal réalisera un projet où les colocations seront possibles. Cette idée doit rester une priorité.

Le conseiller communal est par ailleurs convaincu que le service du logement reprendra cette idée. Les écologistes ne sont pas trop peinés que ce projet ne reprenne pas l'idée de la colocation, car ils sont persuadés que ce sera le cas à l'avenir.

La bourgmestre a expliqué en détail comment fonctionnent les critères. Ce qui est important, c'est que le processus soit transparent. Les critères sont faciles à comprendre pour les candidats. Chacun devrait être capable de savoir s'il peut ou non obtenir un appartement.

La transparence doit être de mise y compris si plusieurs candidats ont le même nombre de points. Un tirage au sort est prévu dans ce cas.

Le projet est réalisé de sorte que des magouilles soient impossibles. Les acquéreurs ne pourront pas revendre leurs biens pour faire des bénéfices énormes. Car c'est là une des grandes erreurs de la politique du logement de ces dernières décennies. Georges Liesch serait curieux de voir les statistiques concernant les logements sociaux construits au cours des vingt dernières années. Combien de ces logements sont-ils encore sociaux? Probablement peu. Mais Georges Liesch ne veut faire de reproches à personne.

Ce projet ne permettra pas la spéculation. La commune pourra racheter les biens à un prix défini et

9a. Projet Gravity

les remettre sur le marché aux mêmes conditions.

Georges Liesch trouve que le résultat obtenu pour le moment est positif. Les écologistes sont contents d'approuver ce projet.

CHRISTIANE SAEUL (DP) va prendre position au nom du DP concernant le projet Gravity, un projet innovant dans le cadre duquel la commune crée des logements à petit prix — à l'exception des quatre duplex vendus aux enchères.

Elle se dit choquée de ce qu'elle a vu dans les médias: les loyers à Luxembourg-ville sont plus élevés qu'à Paris et ceux de Differdange et d'Esch plus élevés qu'à Bruxelles. Elle tenait à le dire parce que c'est grave.

La Ville de Differdange a acheté 80 appartements, dont 30 sont mis en vente. Christiane Saeul ne veut pas répéter tous les critères d'attribution. Elle s'associe aux explications fournies par la bourgmestre. Élaborer les critères s'est révélé complexe. Christiane Saeul tient à remercier les commissions pour leur collaboration et leurs avis ainsi que monsieur Ricciardelli, qui connaît bien le projet.

Les démocrates jugent les critères positifs. La commune doit veiller à une bonne mixité, notamment en ce qui concerne l'âge. Ce projet-ci privilégie les jeunes.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) réplique que 26 appartements sont destinés aux seniors. La mixité est donc garantie.

CHRISTIANE SAEUL (DP) suggère la présence d'un concierge 24 h/24 comme dans la maison Muller-Tesch à Niederkorn.

JERRY HARTUNG (CSV) ne peut que louer ce projet. Sur 80 appartements, 76 seront vendus ou mis en location à des prix abordables. Compte tenu des prix courants de l'immobilier, les chrétiens sociaux ne peuvent que soutenir cette initiative.

En ce qui concerne les critères d'attribution, si on demande l'avis de dix personnes, on obtiendra dix réponses différentes. Certains veulent privilégier un groupe; les autres un

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech muss leider elo den Avis vun der DP switchen, vu dass haut just d'Vente um Ordre du jour steet, am Kader vum Projet Gravity Tower. En innovativen a Virreiderprojet vu gréisserer Envergure fir eis Gemeng, fir op de Wee ze goen, bezuelbare Wunnraum ze schafen. Ausser de véier Duplexen, déi an der Vente aux enchères stinn.

Ech wollt soen, et ass shocking, dass d'Medien erausfonnt hunn, datt d'Präisser vun eise Loyereren a Wunnengen an der Stad Lëtzebuerg méi deier si wéi Paräis. An am Kanton Esch, mat Déifferdeng, méi deier wéi Bréissel. Wat da vläicht an enger zweeter Sëtzung dann dobäikënnt. Mee et war mer haut ganz wichteg, dat ze soen, well ech dat einfach ganz schlëmm fannen.

Retour zum Projet Gravity. D'Gemeng huet an 80 Appartementer investéiert. Haut geet et elo ëm déi 30 Appartementer, déi an der Vente respektiv an der Vente aux enchères sinn.

D'Krittäre fir d'Verdeelung zu dësem bezuelbare Wunnraum, déi an an dësem Fall ganz wichteg sinn, wëll ech net widderhuelen a schlësse mech den Erklärungen vun der Madamm Buergermeeschter un.

Dës Krittären ze realiséieren, war extreem komplizéiert. Keng einfach Aufgab, fir déi ze erstellen. Ech wëll den zoustännege Kommissioun Merci soe fir hir Mataarbecht an Avisen zu de Krittären. Souwéi dem Här Giorgio Ricciardelli, deen den Iwwerbléck zu dësem Projet huet.

D'Demokratesch Partei steet positiv zu dëse Krittären. Et ass awer ganz wichteg, dass opgepasst gëtt op d'Mixitéit vun den neie Bewunner. Eng Mixitéit sociale a Mixitéit vum Alter ass wichteg.

Ech hunn zwar elo grad héieren, dass éischter méi jonk Leit géifen a Fro kommen. Dat ass à voir.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, mee duerch déi 26 Seniorewunnengen ass d'Mixitéit jo souwisou ginn.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter.

Point de vue Portier/Concierge wär eng Presenz 24h/24h ubruecht. Beispill Maison Muller-Tesch Nidderkuer, Wittwenheim, oder an Zesummenaarbecht mat der Agence Immobilière sociale.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'DP stëmmt dëse Punkt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, als Verrieder vun der Déifferdenger CSV kënnen mer dëse Projet just luewen. 80 Wunnengen, wouvun der 76 zu abordabele Präisser verkaf oder verlount ginn. Dat ass schonn eng Hausnummer. Vue den héije Präis um private Wunnengsmaat, kann ee just ënnerstëtzen, datt mir als Gemeng an Zukunft esou Initiativen ënnerhuelen.

Bei de Krittäre fir d'Vergab vun den Appartementer, fir dës am beschte Gewiicht ze ginn, do kritt ee wuel, wann een zéng Leit freet, zéng verschidde Meenungen. No deem enge Modell sinn éischter déi eng bevirdeelegt, no engem aneren eng aner Bevëlkerungsgrupp. Wichteg ass dofir e soziaalt Gesamtkonzept, wat villem Rechnung dréit. Mat ganz kloer Krittären, wou ee spéider, wann d'Demandé bis dobanne sinn, eng ganz objektiv Verdeelung kann duerchhuelen.

9a. Projet Gravity

Dofir der Logementskommissioun, der Bautekommissioun an dem Responsabele vun eisem Logementsservice e grouse Merci. Déi sech no villen Iwwerleeunge vun alle Kommissiounen zesummegesat hunn, fir eng gemeinsam Basispropos auszeschaffen.

An dëser Propos gëtt vill Wäert drop geluecht, datt a punkto Revenu vun de Bewunner eng sozial Mixitéit besteet. D'Demandë ginn a véier Gruppen, jee no Revenu vum Stot, agedeelt. All Grupp kennt gläichermoossen un d'Rei. Wien innerhalb vun dësem Grupp méi oder manner Prioritéit soll hunn, do spillt d'Unzuel vu Kanner mat, ob een zu Déifferdeng wunnt oder schafft, awer och den Alter oder, ob een Elteren oder Kanner huet, déi hei wunnen. Dat si lauter Facteuren, déi hei matspillen.

Dës Propos goug nees zréck un all d'Kommissiounen, déi, wann een d'Avise esou duerchliest, dëser Synthees zougestëmmt hunn.

Déi zwee eenzeg Bemollen, déi oft koumen, waren zum engen: Et gëtt jo vill Wäert op déi finanziell Mixitéit geluecht. D'Madamm Saeul hat et schonn ugeschwat. Ob d'Mixitéit vum Alter, wat jo och e Punkt vu sozialer Mixitéit ass, an och, wann ee punkto intergenerationellt Zesummewunne schwätzt, wichteg ass, genuch berécksiichtegt ginn ass.

Déi Bedenken, krute mer erkläert, datt déi sech am Prinzip vum selwe wäerten erginn. Simulatiounen mat de Krittären goufe gemaach, déi dëst ännermauert hunn. Wat mer dann esou unhuelen. Falls no der Vente sech da géif eraustellen, dass dat net esou agetratt wier, misst een dat awer onbedéngt bei der Locatioun duerno virgesinn.

Deen anere Bemoll war dee vun de Seniorewunnengen. Aus organisatoresche Grënn war am Ufank net virgesinn, datt dës géifen an d'Vente goen. An dëser definitiver Versioun, déi mer hei virleien hunn, gouf deem Rechnung gedroen, fir dëst ze redresséieren. Dat begrëisse mer.

An awer muss ee soen, datt et, wéi et am Dossier ugeduecht ass, elo zimmlech onglécklech ass, well dës véier Wunnengen vum normale Package

ofginn. Et bleift elo just nach een Appartement mat zwou Kummeren iwwreg. Wa mer eis de Punkt 5 bei de Krittären ukucken, datt zum Beispill ee Célibataire just nach en Appartement mat zwou Kummere ka kréien, heescht dat, datt mer hinnen direkt kënne soen, Dir braucht keng Demande méi ze maachen, well et gëtt fir Iech just een Appartement, wat och nach a Fro kennt fir Famillen oder Koppelen.

Dofir wollt ech d'Propos maachen, datt mer déi véier Seniorewunnengen, déi verkaf ginn, vun de 26 Seniorewunnengen huelen. Dat heescht, et géifen der 22 an d'Locatioun a véier an de Verkaf goen. Da kréiche mer déi véier Appartementer mat zwee Zëmmeren nees fräi fir den normale Verkaf.

Et kéint een och einfach soen, vun deene 26 Wunnengen am normale Verkaf, verkafe mer der 22 no de Krittären, déi virgesi sinn, an déi véier Lescht ginn herno eriwwer an d'Locatioun. Sou bleiwen d'Zuelen insgesamt d'selwecht. Dat heescht, et ginn nach ëmmer 30 Appartementer an d'Vente a 50 an d'Locatioun. An d'Zuel vun de 26 Seniorewunnengen bleift erhalen. An awer hunn d'Leit, déi elo no de Krittären d'Chance kréien ze kafen, méi Choix, wéi vill Zëmmeren hiert Appartement huet, wat se kafen.

Wat scho gesot gouf: Wichteg ass, datt mer d'Spekulatioun verhënneren. Dofir ass d'Konditioun richtig, datt ee selwer muss dra wunnen, an dass beim Weiderverkaf elo schonn de Präis fixéiert ass.

Och als CSV bedauere mer, datt d'Iddi vun de Wunnengemeinschaften, déi am Ufank an den Duplexen an Triplexen ugeduecht war, net esou kann ëmgesat ginn. Mer hoffen, datt dat dann op anere Plazen an eiser Gemeng ka stattfannen.

Ofschléissend wëll ech nach soen, datt een dës Projet soll als Ufank kucken. An d'Gemeng jo och schonns virdru Mesuren an dësem Sënn ännerholl huet. Natierlech kann d'Gemeng zu dësem Zäitpunkt net jidderengem gerecht ginn an eng Wunneng zum abordabele Präis ubidden. Mee d'Zil soll jo laangfristeg sinn, datt nach vill aner Projeten nokommen a mer esou ëmmer méi Leit gerecht ginn. Merci.

autre. C'est pourquoi il faut tenir compte d'un concept social global. Les demandes doivent pouvoir être exploitées de manière objective.

Jerry Hartung remercie les commissions du logement et des bâtisses. Elles ont rassemblé les idées des autres commissions et ont fait une proposition de base. Celle-ci met l'accent sur les revenus des candidats pour assurer une bonne mixité. Les candidats sont subdivisés en quatre groupes de revenus et chaque groupe obtient le même nombre d'appartements. D'autres critères comme les enfants ou l'âge permettent de définir le classement au sein des groupes. La proposition se base sur les avis des commissions.

Parmi les bémols figure celui mentionné par madame Saeul. La mixité de l'âge a-t-elle été suffisamment prise en considération? Car il s'agit d'un facteur important de la mixité sociale. Mais les simulations semblent démontrer que cette question devrait se régler d'elle-même. Autrement, il faudra réfléchir à une solution pour les appartements en location.

Le deuxième bémol concerne la vente d'appartements pour seniors. Ce n'était pas prévu au départ. Le problème est que ces quatre appartements font partie des trente appartements en vente. Du coup, il ne reste plus qu'un appartement avec deux chambres. Les célibataires n'ont donc même pas besoin de déposer une demande parce que cet appartement est aussi accessible aux couples et aux familles.

C'est pourquoi Jerry Hartung propose d'intégrer les appartements pour seniors en vente aux appartements en location. Les seniors disposeraient alors de 22 plus 4 appartements. Cela libérerait des appartements à deux chambres.

Pour maintenir le ratio vente/location, on pourrait faire passer les quatre derniers appartements en vente dans le groupe des appartements en location. On conserverait alors 30 appartements en vente, 50 appartements en location et 26 logements pour seniors.

Il est également important d'empêcher la spéculation. Les acquéreurs devront habiter l'appartement et le prix de la revente est fixé.

Les chrétiens sociaux regrettent l'absence d'appartements en colocation.

Pour Jerry Hartung, ce projet est à considérer comme un départ. Il est évident que la Ville de Differdange ne peut pas proposer un appartement à petit prix à tout le monde. Mais à long terme, il faut prévoir d'autres projets comme celui-ci.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que la commune a investi beaucoup de temps dans ce projet. Les consultations ont été nombreuses et il est évident que toutes les idées ne peuvent pas être retenues.

Gary Diderich regrette cependant plusieurs erreurs. D'un point de vue politique, déi Léng ne peut pas approuver le fait que des appartements soient vendus. Ils ont toujours demandé que tous les appartements soient mis en location. Car le Luxembourg manque d'appartements à louer à prix raisonnable.

Pour ce qui est de la mixité, Gary Diderich voit les choses différemment. Dans les cités ouvrières par exemple, la mixité était réduite tant en ce qui concerne les revenus que les emplois. Mais la solidarité entre habitants était forte. Ici, on risque de mettre en avant les individualités, car certains seront locataires et les autres propriétaires.

Gary Diderich est également contraire à la vente aux enchères des duplex et des triplex. Ces logements de luxe seront vendus aux plus offrants. Symboliquement, la commune envoie un mauvais signal. En plus, hier soir à 17 h 3, les conseillers communaux ont reçu un e-mail avec les détails. Or les acquéreurs des duplex et triplex peuvent déjà être propriétaires et auront le droit de le rester. En d'autres termes, ces personnes pourront posséder d'autres maisons, qu'elles pourront mettre en location ou bien laisser vides.

Certes, ce ne sont pas les affaires de la Ville de Differdange. Mais pour les autres appartements, les acquéreurs ne peuvent pas être des propriétaires, car la commune veut aider les personnes qui ne possèdent pas encore de logement à en acheter un. Qu'on fasse une exception pour les quatre duplex/triplex est un problème.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll och zu dësem mir ganz wichtige Projet Stellung huelen. An dëse Projet gouf ganz vill Energie, ganz vill Zäit investéiert ginn. Et ass probéiert ginn, esou breet wéi méiglech an esou laang wéi méiglech ze consultéieren an d'Avisé vum deene verschiddene Leit anzehuelen. Ech si mer bewosst, dass een net allem ka gerecht ginn, wann ee probéiert, all méiglech Iwwerleeungen a Perspektiven ze hunn, an dann dat nach opzedeelen an op verschidde Prinzipie baséiert.

Ech bedauern awer, dass elo zum Schluss e puer Schéinheitsfeeler dra sinn. Op där enger Säit ass et esou, dass mir als déi Léng politesch net kënnen ënnerstëtzen, dass en Deel dovunner verkaf gëtt. Mir hatten eis ëmmer an den Diskussiounen an deem Sënn abuecht, dass mer mengen, dass 100 % dovunner soll als Locatioun sinn. Dëst aus e puer Grënn.

Op där enger Säit feelt et evidenterweise massiv u Locatiounswunnengen, bezuelbare Locatiounswunnengen zu Lëtzebuerg. Op där anerer Säit fäerten ech och, dass mer d'Mixitéit zum Deel defavorabel verstinn, sou wéi mer de Projet ausleeën.

Wann ee mat Leit schwätzt, déi an Aarbechtersidlung vum der ARBED oder esou gewunnt hunn, da war dat och keng Mixitéit. Dat waren alles Aarbechter. Wat se schaffen a wéi vill se verdéngen, do war d'Mixitéit ganz reduzéiert. Dofir gouf et eng ganz grouss Solidaritéit zwëschen deene Leit. An hei riskéiere mer, am Géigesaz, eng Individualiséierung ze kréien. Doduerch, dass déi eng Proprietäre sinn, déi aner Locatairé sinn, ee ganz anert Positionnement besteet.

Mir sinn eis am Fong jo all eens, dass mer wëllen, dass dat Zesummeliewe sou gutt wéi méiglech funktionéiert. An ech mengen, dass dat eent vum den Elementer ass, wou mir a Fro stellen, ob dat dee richtige Wee ass.

Dat anert Element – dat hat ech matzäiten an deene Consultatioun gesot –, wou mir ganz kritesch sinn, dat ass dat Versteë vum deenen Duplexen an Triplexen ganz uewen. Dat ass fir eis net dee richtige Wee. Do muss ee ganz vill Gléck hunn, haaptsächlech duerch de Präis an doduerch, dass ee sech verpflichtet do ze wunnen. An dass déi, déi déi Luxuswunnengen, wéi se jo och genannt ginn, oder Penthaier, erwerben, déi eeben net nëmmen erwerbe fir dee beschten Ausbléck vum Déifferdeng ze hunn, mee eeben och fir sech an dat Gesamthaus esou anzebréngen, dass dat och erëm favorabel ass fir d'Zesummeliewen.

Mir denken, dass do eleng symbolesch e falscht Signal gesent gëtt. En plus hu mer jo gëschter nach weider Detailler kritt. Um 17.03 Auer hu mer déi gemailt kritt. Wou drasteet, dass zum Beispill an der Vente aux enchères déi Leit och kënnen scho Proprietär sinn a Proprietär bleiwen.

Dat heescht, bei deenen anere Venten ass et esou, dass d'Leit mussen noweisen, wa se virdu Proprietär waren, dass se dat verkaf hunn. An hei investéiere mer an e Projet, wou mer bei de Luxuswunnengen et méiglech maachen, dass Leit weiderhin niewebäi Haier hunn. Ob se déi eidelstoe loos-sen oder verlounen oder wat och ëmmer se domadder maachen. Do wäerte mir eis dann och net amëschen, wéi ech dat hei gesinn. Et ass och net un eis, eis anzemëschen.

Mee bei deenen engen, déi kafen, soe mer: Dir dierft net nach weider Proprietär sinn. Well mir als ëffentlech Hand jo hëllefen, fir Wunnraum zur Verfügung ze stelle fir déi, déi keen hunn. Awer bei deenen dote véier Wunnenge maache mer dat anescht. Dat fannen ech problematesch.

Ech hat deemools virgeschloen – an ech si frou, dass dat seriö geholl ginn ass, an dass och déi Acteure gesi gi sinn –, amplaz eng Vente aux enchères ze maachen, am Fong ze kucken, ob do net alternativ Wunnforme kënnen realiséiert ginn an deene Penthaier.

Wat ech virgeschloen hat, war am Fong en Appel aux candidatures ze maachen. Dat heescht, mir gëifen als Gemeng en

Dossier opsetzen. Da wäre just esou vill Buedzëmmeren dran, esou vill Metercarréen an esou weider, an esou wär d'Configuratioun. Dann hätten all ASBL, oder jiddereen hätten kéinten e Projet eraginn, deen och deene Krittäre gerecht gi wär.

Esou hätte mer eng schréfftlech Basis gehat an hätten doropshin eng Selektioun kéinte maachen. Oder feststellen, dass et, in der Tat, net méiglech wär. Well elo si mer an enger Situatioun, wou ech, wann ech nofroen, d'Informatioun kréien: Dach, et ass méiglech, do WGen ze maachen. An op där anerer Säit zirkuléiert awer och d'Informatioun, dat wär net méiglech, do hätten jiddereen ofgewonk. Wat widder-spréchelech Informatioun sinn. A wat ech schued fannen.

Deen anere klunge Schéinheitsfeeler ass deen: Déi aner Avisen, déi si jo ausgeschafft ginn, do ass sech drëm bekëmmert ginn. Ech hunn elo am Dossier keng aner Avisa gesinn. An den E-Maile hunn ech dee vun der Sozialkommissioun fonnt. Den Avis vun der Logementskommissioun hunn ech elo nach net am Dossier oder an den E-Maile gesinn. Et kann awer och sinn, dass ech deen iwwersinn hunn. Mee ech géif et ganz gutt fannen, wa mer all d'Sachen zesummen hätten. Well wann ee sech d'Informatioun muss zesummesichen ... Natierlech kéint ee se och bei de Memberen aus eise verschiddene Kommissiounen froen, mee bis ech dat dann hunn an esou weider an esou fort. Wa mer dat alles zesummen am Dossier hätten, wär dat e Stéck besser.

Fir ofzeschléissen, mengen ech, dass mer eis alleguerde bewosst sinn, dass d'Logementssituatioun ëmmer méi kritesch gétt. Spéitstens zënter dem Deloitte-Rapport wësse mer, dass Déifferdeng eng vun deenen deierste Stied zu Lëtzebuerg ass. An domadder och an Europa. Well Lëtzebuerg allgemeng héich Präisser huet. An Déifferdeng sech och elo ganz uewen an de Wunnengspräisser agependelt huet.

Dat ass keen Zoufall. Wéi ech ugefaangen hat mech ze engagéieren zu Déifferdeng an der Gemengepolitik, hat ech direkt gesot: „Mir maache ganz vill am Moment, fir Déifferdeng no vir ze bréngen“. An ech hat gesot: „Dat ass net onbedéngt schlecht. Mee wa mer dat

maachen, ouni parallel direkt an de Logement ze investéieren, da kréie mer dat, wat mer elo an deem Deloitte-Rapport stoen hunn“.

Dat heescht, mir hunn Déifferdeng méi attraktiv gemaach. Déifferdeng ass elo och eng vun deene Stied, wou net Wunnraum fir ze wunnen ugesi gétt, mee wou Wunnraum als Investissement ugesi gétt. Dat kréie mer zum Deel an der Mietskommissioun schonn ze spiere bei verschiddene Fäll, déi mer do hunn.

Och wann ech dat haut net stëmmen – also d'Vente stëmmen ech net mat, mee de Projet u sech begrëissen ech, dass mer dat maachen als Déifferdenger Gemeng. An ech wäert weider all Projet an déi Richtung sou gutt wéi méiglech ënnerstëtze mat Proposen an, do wou et zoutreëft, mam Vott hei am Gemeengerot. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Den Här Ulveling wëll eppes soen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et kann ee jo denken, wéi ee wëll, iwwert déi véier Appartementer, déi solle versteet ginn. Dat mécht 1/20 vun deem Ganzen aus. Et ass also net, wéi wa mer guer näischt géife maachen. Ech sinn der Meenung, dass et muss e Mindestgebot ginn, deen iwwert deem läit, wat déi aner mussen bezuelen. Dat heescht, do muss d'Gemeng iergendwann e Präis soen, ech weess net, ab 5.000, 6.000 oder 7.000 Euro kann ee steeën. Da kritt een nëmmen déi Leit eran, déi Suen hunn. Déi mussen dann dofir bezuelen.

Mat deene Suen, déi mer do méi era kréien, kënne mer jo awer aner Saache finanzéieren. Wéi zum Beispill e Gemeinschaftsraum, dee mer kafen, fir deenen anere 76 zur Verfügung ze stellen. Also ech gesinn et elo net esou streng, wéi Dir dat gesitt.

Ech hunn der Madamm Buergermeeschter gesot, aner Stied, déi hunn an der Vergaangenheet Sue kritt, beispillsweis Suessem, fir e Prisong ze

Gary Diderich avait suggéré d'opter pour des formes de logement alternatif. Il est content que sa remarque ait été prise au sérieux. À son avis, il aurait fallu mettre en place un dossier définissant la configuration de ces appartements: par exemple les mètres carrés, le nombre de salles de bains... Les ASBL ou les particuliers auraient alors pu remettre un projet sur la base de ces critères.

Cela aurait permis de savoir concrètement si un système de colocation était possible. Car pour le moment, les informations sont contradictoires. Lorsque Gary Diderich essaie de se renseigner, tantôt on lui dit que les colocations sont possibles, tantôt que personne n'est intéressé.

Gary Diderich regrette également que le dossier des conseillers communaux ne contienne pas les avis des commissions. Il est possible qu'il ait raté des e-mails. C'est pourquoi il est important de rassembler tous ces documents au sein d'un dossier.

Le conseil communal est conscient que la situation du logement est grave. Differdange est une des villes les plus chères du Luxembourg et d'Europe comme le prouve le rapport Deloitte. Ce n'est pas le fruit du hasard. Lorsque Gary Diderich a commencé à faire de la politique, il n'était pas contraire à tous les projets en cours, qui faisaient avancer Differdange. Mais il répétait sans cesse que parallèlement, il fallait investir dans le logement pour éviter ce que décrit aujourd'hui le rapport Deloitte.

Differdange est devenue plus attractive et les logements ne sont plus considérés comme une habitation, mais comme un investissement. La commission des loyers en sait quelque chose.

Gary Diderich n'approuvera pas la vente des appartements même s'il salue le projet dans sa globalité. Il continuera à soutenir tous les projets dans cette direction du mieux possible.

TOM ULVELING (CSV) rappelle que les appartements vendus aux enchères ne représentent qu'un vingtième du projet. Il propose que la commune fixe un prix plancher su-

périeur à celui des autres appartements. Avec les revenus, la Ville de Differdange pourra financer d'autres projets. Par exemple la salle commune qui servira aux 76 autres appartements. Bref, Tom Ulveling ne voit pas tous ces problèmes.

D'autres communes obtiennent des compensations de la part de l'État. Comme Sanem pour la prison. Differdange n'a jamais droit à rien. Elle a même dû avancer 5000 € par an pour construire l'EIDE. C'est pourquoi Tom Ulveling ne voit pas où est le mal si pour une fois, la commune essaie d'engranger de l'argent. Celui-ci ne servira pas à partir en vacances.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

rappelle que les formes de logement alternatif figurent dans le programme électoral des écologistes. Dans ce cas-ci, le collège échevinal a contacté quatre associations. Trois ont répondu qu'elles n'étaient pas intéressées. C'est pourquoi la commune a opté pour la vente aux enchères.

GIORGIO RICCIARDELLI (SERVICE DU LOGEMENT)

confirme les propos de monsieur Muller. L'emphytéose n'est pas mentionnée dans le dossier. C'est une erreur.

JERRY HARTUNG (CSV) répète qu'il n'y a qu'un seul appartement avec deux chambres à coucher en vente.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

comprend l'argumentation de monsieur Hartung. On enlève la possibilité aux autres personnes d'acheter un appartement à deux chambres à coucher. Mais si on enlève quatre appartements pour séniors en location pour les mettre en vente, il n'en restera plus que 22. Si monsieur Ricciardelli estime que c'est possible d'un point de vue juridique et organisationnel, c'est au conseil communal de décider.

Doit-on mettre en vente quatre des 26 appartements pour séniors prévus pour la location ?

bauen. Déi krute Kompensatiounen. Mir kruten ni eppes. Mir hunn nëmmen nach mussen drop leeën. Fir d'EIDE konnten ze bauen, hu mir 5.000 Euro pro Ar dropgeluecht, well mer vum Staat nëmmen 10 kruten. Oder wéi war et genau? Ech weess net. Jiddefalls hu mer 5.000 Euro pro Ar bäigeluecht. Mir kruten also keng Kompensatiounen.

An ech fannen dat do awer elo net schlëmm, dass mer mol versichen, e bësse Suen iergendwou erauszeschloen, fir dann an déi selwecht Cause ze investéieren. Et ass jo net, dass mer déi elo huelen, fir an d'Vakanz ze fueren oder fir soss eppes. Mee mir investéiere se jo awer erëm an deen Objet do. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech wollt nach kloerstellen, mir hunn an eise Koalitionsprogramm alternativ Wunnform stoen. Wann Dir elo sot, Dir hutt d'Informatioun, dass déi eng Jo soen an déi aner Nee, dat kënnt dohier, dass vu véier Associatiounen, déi mer kontaktéiert haten, wat d'Wunngemeinschaften ugeet, der dräi Nee gesot haten an eng Jo. An dat huet dann den Ausschlag gemaach, firwat mer gesot hunn, mir ginn op de Wee Vente aux enchères.

Déi aner Méiglechkeet ass: Mir hu jo nach aner Wunnenge mat véier Zëmmeren, wou ee kéint Wunngemeinschaften maachen. An dass mer déi elo wierklech dann exklusiv do uewe loosse. Dat war net esou beabsichtigt, mee mir hunn et gemaach. A mir hunn eis Konsequenz draus gezunn. An et ass dann elo Vente aux enchères. Merci.

Da komme mer elo zum Vott.

(Ënnerbriechung)

Gelift? A, entschëllegt, den Här Ricciardelli äntwert Iech nach. Pardon, Här Muller.

GIORGIO RICCIARDELLI (SERVICE LOGEMENT):

Här Muller, Dir hutt Recht. Am Dokument ass e kleng Lapsus. Do feelt

dran, dass sollt all Wunneng als Emphytéose verkaf ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir kucken dat, an da stelle mer dat kloer. Okay?

Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Een Appartement mat zwou Schlofkummeren an déi normal Vente.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo. Ausser mir decidéieren eis elo hei ëm. Ass dat nach méiglech, Här Ricciardelli? Ech mengen, et ass elo un eis hei. Elo si mer zesummen hei. Den Här Muller hätt gär gehat, mir sollen näischt um Projet änneren. Also, ech hunn de Sall eropgeholl, well ech denken, dat bréngt deem Ganzen eng Plus-value, fir uewen ze sinn. Et hänkt elo un eis.

Wëlle mer déi véier Wunnengen? Ech verstinn Är Argumentatioun. Mir huelen anere Leit d'Méiglechkeet fir en Appartement mat zwou Schlofkummeren ewech. Huele mer vun deene 26 véier Wunnengen ewech fir eeler Leit an de Verkaf? Dann hu mer der eeben nëmmen 22. Et ass elo un eis. Wann den Här Ricciardelli elo seet, vum Gesetzlechen a vum Organisatoresche stellt et kee Problem duer, da stellen ech elo d'Fro hei.

Da widderhuelen ech dem Här Hartung seng Fro: Huele mer déi véier Seniorewunnengen, déi an de Verkaf ginn, vun deene 26 Seniorewunnengen ewech, déi mer jo mussen an d'Locatioun ginn, fir d'Garantie ze hunn, dass se ëmmer als Seniorewunnenge weider kënne funktionéieren? Ech mengen, ech hunn dat elo richteg formuléiert.

Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, mir hunn nach 26.

9a. Projet Gravity

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech fannen d'Iddi prinzipiell gutt. Well ech gesinn och elo, effektiv, wann een d'Rechnung mécht, wéi den Här Hartung elo gesot huet, dass mer just nach eng Wunneng iwwreg behale fir d'Monoparentallen. Dat schéngt mer, wann een déi Rechnung esou mécht, e bësse wéineg. Véier fannen ech vill.

Ech géif elo soen, kommt, mir huelen der zwou eriwuer aus dem Pool vun de Logementer. Dann hätt een erëm e bessen en Equiliber geschaf. Mee mat enger, mengen ech schonn, dass dat net korrekt ass. Duerfir fannen ech déi Iddi gutt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Huele mer un. Ech mengen, den Här Hartung ass och d'accord.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat heescht, wat huele mer elo un? Wat stëmme mer elo?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zwou.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech war nach eng Kéier amgaang, d'Zuelen ze kucken.

(Diskussiounen)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Zwou huele mer der aus dem Contingent vun de Seniorewunnengen eraus. An déi aner zwou kommen dann – dat heescht, da ginn der net 30 verkauf, mee 28 verkauf.

MÉI STÄMMEN:

Nee, nee.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, et bleiwen der 26.

(Diskussiounen)

GIORGIO RICCIARDELLI (SERVICE LOGEMENT):

Et ginn der 32 verkauf.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ginn der 32 verkauf.

(Diskussiounen)

ERNY MULLER (LSAP):

Mir kréien eng aner Zesummesetzung.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Vu Location/Vente. D'Proportioun Location/Vente. Jo.

(Diskussiounen)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Also meng Liesung war wéi dem Här Ricciardelli seng. Mir géifen der elo 32 an d'Vente ginn. Also zwee ...

(Diskussiounen)

Ech hätt et elo esou gesinn: Mir géifen der elo 32 an d'Vente ginn amplaz 30. Mee et kann een natierlech och soen, mir maachen 30 a mir maachen d'Repartitioun dann eng aner. Dat wär och nach eng Méiglechkeet. Ech hätt awer och kee Problem mat 32 an der Vente.

(Diskussiounen)

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

D'Ausso war déi, fir ze soen – wat och novollzéibar ass, zemools och dee Mix 30/50, wann s de elo géifs bei deene véier Appartementer pour âge 60+ der zwou ewechhuele vun zwou Kummeren, da géifs de der zwou verkafen am Seniorenalter.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

trouve l'idée de monsieur Hartung bonne. En effet, quand on fait le calcul, il ne reste qu'un appartement pour les familles monoparentales. C'est peu. D'un autre côté, quatre, c'est beaucoup. Georges Liesch propose donc de sortir deux appartements du pool pour rétablir l'équilibre.

TOM ULVELING (CSV) *constate que monsieur Hartung a l'air d'accord.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *demande ce qui va être voté.*

TOM ULVELING (CSV) *suggère de retirer deux appartements du pool. (Discussions)*

Tom Ulveling répète que le collègue échevinal va retirer deux appartements du contingent de logements pour seniors. La Ville de Differdange vendra donc 28 appartements au lieu de 30. (Interruption)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *calcule qu'il en reste 26. (Discussions)*

GIORGIO RICCIARDELLI (SERVICE DU LOGEMENT) *estime que 32 appartements seront vendus.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *acquiesce. (Discussions)*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *précise que la composition location/vente change.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *voit les choses comme monsieur Ricciardelli. Trente-deux appartements seront mis en vente. (Discussions)*

Georges Liesch estime que l'on pourrait aussi garder trente appartements en vente, mais changer la répartition. (Discussions)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *constate que si l'on retire deux appartements à deux chambres du pool de quatre appartements pour seniors, il en resterait deux à la vente. Trois appartements de deux chambres feraient alors partie des*

9a. Projet Gravity

15 appartements destinés aux personnes touchant une prime de l'État. Il en resterait alors trois pour les jeunes et les familles monoparentales. Ce qui fait trente appartements à la vente en tout.

ERNY MULLER (LSAP) estime qu'il faut mettre quatre appartements pour seniors en vente.
(Discussions)

TOM ULVELING (CSV) réplique que si la commune vend plus d'appartements, elle touchera moins de subside de la part de l'État.

(Discussions)

Tom Ulveling rappelle que pour monsieur Hartung, il faudrait prendre quatre appartements du contingent destiné à la location pour seniors.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) signale que ce pool contient 26 appartements.

TOM ULVELING (CSV) calcule qu'il en resterait donc 22 pour la location. En revanche, si l'on retire les quatre appartements du grand contingent, il en resterait trente.

(Interruption)

Tom Ulveling précise qu'il parle de trente appartements pour seniors à louer.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) trouve qu'il se fait tard et que le calcul est compliqué. Il faut trouver une solution. Monsieur Ricciardelli peut-il fournir des explications?

GIORGIO RICCIARDELLI (SERVICE DU LOGEMENT) constate que si l'on veut donner plus d'occasions aux célibataires, il faut prendre des appartements ailleurs.

(Interruption)

Giorgio Ricciardelli ajoute qu'il faut aller les chercher dans le contingent pour seniors. Autrement, rien ne change.

Il reste à savoir si l'on prend deux appartements ou quatre.

(Interruption)

MÉI STËMMEN:

Jo.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

An du gëss dann dräimol zwou Chambres an den au moins 15 appartements avec prime, déi 60 % müssen opposabel Prämie sinn. Dat ass déi Saach wéinst der Staatsprime. Da gëss de dräimol zwou Kummere bei d'Leit, och Jonker a Monoparentallen, wéi och ëmmer. Sou hunn ech et verstanen. Dat war dann ëmmer bei deenen 30 gesot.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech mengen, mir solle bei deene véier Seniorewunnenge bleiwen, déi verkaf ginn.

(Diskussionen)

ENG STËMM:

Elo gëtt et komplizéiert.

(Diskussionen)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dann hu mer erëm de Problem, da kréie mer manner Subside vum Staat. Wa mer méi verkafen, kréie mer manner Subsiden.

(Diskussionen)

De But ass jo, dass mer sollen aus deem Contingent, dee reservéiert war fir Locatioun fir Senioren, déi véier sollten eraushuelen, hat den Här Hartung proposéiert, fir ze verkafen. Dat heescht, da wäre mer bei – wéi vill waren et der?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

26.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

26. Da géifen der nach 22 verlount ginn. A véier verkaf ginn. Während, wann s de se aus deem anere Contin-

gent hëls, aus dem grouse Contingent, dann häss de nach ëmmer 30 Wunnengen, fir ze verlounen.

MÉI STËMMEN:

Fir ze verkafen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Nee, bei de Seniore verlounen. Nee. Okay. Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et ass e bësse spéit. Et ass e bësse komplizéiert. Ech sichen e Wee, dass mer dat elei kënne stëmmen, mat deene Modifikatiounen, wa mer eis et iwwerluecht hunn. Ausser den Här Ricciardelli erkläert eis et. Giorgio, hues du et?

ENG STËMM:

Jo. Et steet hei.

GIORGIO RICCIARDELLI:

Fir op dem Här Hartung seng Propos ze kommen. Fir d'éischt muss de Choix gemaach ginn: Wou wëlle mer déi Wunnengen? Wa mer de Jonggeselle méi eng Chance wëlle ginn, da musse mer schonn déi Wunnengen enzwousch anescht jo huelen.

An dann ass d'Decisioun: Huele mer déi zwou oder véier Wunnenge bei de Logements seniors ewech? Well soss bleiwe mer. Wa mer se do net ewech huelen, da kënnt et op dat selwecht eraus.

D'Decisioun ass elo: Huele mer der 2, 4 oder guer keng bei de Logements seniors ewech?

MÉI STËMMEN:

Zwou.

(Diskussionen)

9b. Aides financières au monde sportif

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, maacht Dir d'Propos, wannechgelift?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D'Propose wier dann, fir der 32 an d'Vente ze ginn. Dat heescht, do huele mer zwou vun deene 26 Seniorewun-nengen ewech. Da bleiwen der nach 24 an der Locatioun. An 32 gi mer der an d'Vente. Domadder gewanne mer der zwou zousätzlech. Am Ganzen hätte mer dann dräi Wunnenge fir d'Mono-parentallen, wou mer bis elo nëmmen eng haten. Wat jo wierklech net gutt wär.

Dat wär d'Propos, déi Dir kënnt zum Vott ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann iwwerhuelen ech dem Här Liesch seng Wierder an ech stellen dat esou zum Vott.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Okay.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dem Här Hartung seng Propos géif dann ugeholl ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann ass dem Här Hartung seng Propos domadder ugeholl.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Et ass elo alles kloer. Madamm Saeul?

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Eng ganz kuerz Fro: Ass dann d'Repercussioun op de Subsid vum Staat, dee mer kréien, net ze vill grouss?

ENG STÉMM:

Nee.

(Diskussiounen)

CHRISTIANE SAEUL (DP):

D'Repercussioun op de Subsid, well mer der elo 32 an der Vente hätten.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee. Wann s de verkeefs, da kriss de jo direkt ee Produit net an du kriss 50 % op d'Etüdekäschten an alles. De Rendement fir d'Gemeng bei där doter klen-ger Verschiebung ass fir eis net dras-tesch. Mir sinn herno an engem gudden Amortissementsequiliber fir esou ee Projet.

(Diskussiounen)

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay. Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Okay.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 1 voix non d'approuver les critères d'attribution des 32 logements du projet immobilier Gravity mis en vente à Differdange.

Ech soen Iech villmools Merci. Mir haten haut dräi Projeten, déi wierklech d'Landschaft hei zu Déifferdeng buch-stäblech veränneren. Elo komme mer zum nächste Punkt. Do ginn ech d'Wu-ert un den Här Aguiar. Dat ass Aides financières spécifiques au monde spor-tif.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buerger-meeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, de Covid-19 huet net Schluss

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) pro-pose de mettre 32 appartements en vente. En d'autres termes, on retire deux appartements du pool des sé-niors. Il en reste donc 24. En tout, la commune disposerait de trois ap-partements pour les familles mono-parentales au lieu d'un seul.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) est d'accord.

TOM ULVELING (CSV) constate que la proposition de monsieur Har-tung est acceptée.

CHRISTIANE SAEUL (DP) demande quelles seront les répercussions sur le subsid de l'État.

(Discussions)

Christiane Saeul rappelle que main-tenant, ce sont 32 appartements qui sont mis en vente.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) répond que la différence n'est pas conséquente.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) remercie le conseil communal. Les trois projets votés aujourd'hui vont changer Differdange. Elle passe aux aides financières spé-cifiques pour le monde sportif.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) ex-plique que la COVID-19 a cham-boulé les activités sportives.

9b. Aides financières au monde sportif

Depuis mars, on ne bouge plus de la même façon, car s'entraîner par vidéoconférence ou dans le jardin n'est pas la même chose que s'entraîner avec des amis. Or l'exercice physique est important pour la santé et le bien-être.

Pour les enfants, être enfermés à la maison a été une torture. Il ne faut pas sous-estimer le volet social du sport. Le contact social reste important en période de pandémie.

Les clubs sportifs ont dû renoncer à beaucoup de recettes. Paulo Aguiar mentionne les recettes des matchs, mais aussi les fêtes traditionnelles du printemps. Bien entendu, les dépenses ont baissé également, mais pas suffisamment pour compenser les pertes.

La Ville de Differdange a déjà pris des mesures concernant les grandes fêtes qu'elle organise elle-même comme la Fête nationale, le Blues Express ou le festival multiculturel. Mais il faut aussi apporter un soutien structurel aux clubs de sport, qui offrent des prestations aux enfants, aux jeunes et aux adultes.

Paulo Aguiar salue le programme Restart du ministère des Sports. La Ville de Differdange s'associe à cette aide financière en ajoutant un subside s'élevant à 50 % du montant versé par l'État. Le plafond est fixé à 5000 €. Le ministère des Sports contrôlera les données. Pour la Ville de Differdange, le système est le même que pour le programme Qualité Plus. Le collège échevinal espère ainsi aider les clubs garantissant des activités sportives importantes.

Pendant le confinement, la Ville de Differdange a tenu les clubs au courant de l'évolution de la situation en permanence. Ce n'était pas évident. Paulo Aguiar félicite les clubs pour la solidarité et la discipline affichée.

FRED BERTINELLI (LSAP) a dit dès le premier jour qu'il fallait aider le sport, car les clubs ont été forcés d'annuler les activités qui leur rapportent un peu d'argent. Il était évident qu'ils auraient du mal à joindre les deux bouts.

Fred Bertinelli salue les mesures du ministère des Sports pour soutenir financièrement les clubs. Il signale cependant que la Ville de Differ-

virun de Sportsaktivitéite gemaach. Sait Mäerz konnt kee sech méi esou richtig bewegen, sief dat déi Grouss oder déi Kleng. Training iwwer Videokonferenz oder am Gaart, wann een een huet, ass net dat selwecht ewéi zesumme mat de Frënn a Kolleegen. Mir wëssen, dass de sportlechen Exercice eminent wichtig ass fir d'Gesondheet a virun allem fir eist séilegt Wuelbefannen.

Agespaart ze sinn, war eng Qual fir d'Kanner, well si d'Méiglechkeet sollen a musse kréien, fir sech auszutoben an der frëscher Loft. Oder, wéi gesot, mat de Kolleegen zesummen an der Ekippe oder am Club. De sozialen Aspekt gëtt gär geholl, wa mir vu Sport schwätzen. Jo, dat ass richtig. Well et ass e Facteur fir e gutt Zesummeliewen an eiser Gesellschaft. Dat dierf een net vergiessen. De soziale Kontakt ass immens wichtig, zemoos an enger Pandemieszäit.

Net nëmmen d'Leit hu gelidden an dëser schwéierer Zäit vum Confinement, mee och eis Sportsveräiner, déi op vill Recetten hu musse verzichten. Niewent den Entréeën vum de Matcher feelen de Clibb d'Einnamen aus hiren traditionelle Fester am Fréijoer. Dat huet alles mussen ofgesot ginn. Den Apport financier feelt elo am Budget.

Op där anerer Sait hate si manner Ausgaben. Mee dat kompenséiert awer nach laang net de Verloscht vum de Recetten. Mir hu scho Mesurë geholl fir eis gréisser Fester, déi ënnert der Regie vum der Gemeng lafen, ewéi Nationalfeierdag, Blues Express a Multikulti. Och strukturell musse mer de Sportsclubb hëllefen, déi Prestataire si vum deene sëllege Sportoffere fir eis Kanner a Jugendlecher, wéi och fir déi Erwuesen.

Mir begreissen d'Aktioun vum Sportsministère, mam Programm Restart, deen op verschiddene Punkten opgebaut ass. D'Clibb kréien domat eng finanziell Hëllef. A mir wëllen hinnen och substantziell ënnert d'Äerm gräifen. Zousätzlech zu de Punkten 1 an 2 vum Restart, géife mir als Gemeng Déifferdeng 50 % vum Montant, dee se kréien, dobäisetzen. Mir halen e maximale Plaffong vu 5.000 Euro fest. Dat ass och eng interessant Hëllef fir si.

De Sportsministère mécht d'Kontroll vum den Donnéeën. Mir hänken eis drun. Esou maache mir et jo och scho beim Qualité+, wou mir de Clibb 50 % vum Montant vum Staat zousätzlech iwwerweisen, dëst och mat engem Plaffong vu 5.000 Euro. Mir hoffen domat, eise Sportsclubb ënnert d'Äerm ze gräifen, fir déi wichtig Sportsaktivitéiten ze garantéieren. Iwwert déi verschidde Mesurë während dem Confinement hu mir d'Clibb ëmmer um Courant gehalten an hu séier reagiert, fir d'Gesondheet ze assuréieren a fir d'Veräiner op de leschte Stand ze setzen.

Et war fir keen einfach. Well ëmmer nei Infoe komm sinn. Mir hu versicht, ëmmer adequat ze reagieren. Ech kann d'Clibb just luewe fir hir Solidaritéit, Disziplin wéi fir hiert exemplarescht Behuele während dem Confinement. Ech soen Iech villmools Merci, Madamm Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Madamm Buergermeeschter, léif Kolleginnen, léif Kolleegen, deen éischten Dag vum Confinement hat ech scho gesot, datt mer dem Sport missten hëllefen, och finanziell. Dat hate mer gesi kommen, wann d'Joer esou weidergeet a si hir Aktivitéiten net kënne weiderfueren, wou se e bësse Geld maachen – mat hire Fester, hire Baler, hiren Ëmzich an hire Championnater. Datt et da géif enk ginn Enn dëses Joers. An dohinner gi mer.

Ech begreissen d'Mesure vum Sportsministère, fir de Veräiner wéinst dem Confinement esou vill Geld zoukommen ze loosse. Här Aguiar, d'Gemeng gëtt keng 50 % derbäi, well soss misste mer – ech hunn ausgerechent, wat verschidde Veräiner da kréichen – verschiddene Veräiner bis zu 15.000-20.000 Euro ginn. De Plaffong ass 5.000 Euro. Dat verstinn ech direkt. Et si keng 50 %. Dat ass en Deel vum där Zomm, déi de Ministère gëtt. Mee et ass schonn net näischt. D'Veräiner si bestëmmt alleguerter frou, wa se dat

9b. Aides financières au monde sportif

kréien. Well et kompenséiert awer déi vill Einnamen, déi se de Moment net hunn.

D'LSAP ass frou, datt mer op dee Wee do ginn. Well et gesäit jo net esou aus, datt et bis Enn dës Joers besser gött. Datt d'Veräiner grouss Entrée kéinten engendréieren. Soudatt mer fir deen nächste Budget héchstwahrscheinlech wäerte gefrot ginn, fir weider an de Sport ze investéieren.

Dir hutt et gesot, Här Aguiar, et ass enorm wichtig, datt mer dat net vergiessen. Net an der Schoul, net an der Fräizäit, am professionelle Beräich, wat de Sport ugeet. Et ass nach dat eenzeg, wat d'Kanner kënne maachen, datt se sech kënne beweegen. An datt verschidde Sportsveräiner Trainingen amgaang sinn, ënnert deene Mesuren, déi se mussen huelen.

Mee dat ass esou wichtig an enger Zäit wéi eiser, wou ee schonn e bëssen agepaart a blockéiert ass, datt de Sport eng ganz, ganz grouss Roll spillt. Et gesäit een am Ausland de Weekend, wann op eemol d'Police muss kommen, fir d'Leit vun de Plazen ze verdreiwen. D'Leit sinn de Moment e bëssen op den Nerven, wann d'Leit sech net kënnen defouléieren. De Sport spillt eng ganz grouss Roll.

Wéi gesot, si mer frou iwwert déi Subventioun, déi de Sportsministère do gött. An och déi d'Gemeng do gött. Duerfir stëmmt d'LSAP dat hei mat an ass ganz frou. Domat hu mer d'Problemer nach net all geléist, mee et ass schonn eng Drëps op de waarme Steen. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wëll nach een eppes dozou soen? D'Madamm Wohl, wannechgelift.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech wollt soen, et ass kloer, dass de Sport am Allgemenge wichtig ass. Net just a Covidzäiten. A mengen Aen ass en an der Schoul ënnerrepresentéiert a lo, leider, nach ganz ewechgefall, obwuel d'Schoul nees ugaangen ass.

Et dierf een net vergiessen, dass wann een de Sport a Klammere setzt, an de Covidzäiten, dann zillt ee sech nach méi Risikopatienten, wéi mer der schonn hunn. Dat sollt een net vergiessen.

Ech fannen et gutt, dass de Sportsministère déi Initiativ ergraff huet, mee et ass méi wichtig, Sport ze maachen, wéi d'Suen ze hunn. An ech fannen et gutt, dass d'Gemeng déi zwee éischt Punkten ënnerstëtzt. Dat heescht all Kéiers d'Hallschent bäileet. Quitte, dass e Plaffong festgesat ass, fir dass net just déi grouss Clibb e Koup Sue kréien an déi aner keng. Dat ass e Choix, dee geholl ginn ass. An ech fannen dee ganz gutt. Ech soen dem Sportschäffen, dem Paulo Aguiar, en décke Merci.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

A mir soen Iech Merci. Wie wollt nach eppes soen? Här Hartung. Kuerz, wannechgelift.

(Gelaachs)

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Dir Dammen, Dir Hären, am Numm vun der Déifferdenger CSV si mer immens frou, datt dës Initiativ geholl gött. D'Veräiner sinn e wichtige Bestanddeel, wat d'Aktivitéit an d'Zesummeliwwen an enger Gemeng ausmécht. Dofir muss et am Interêt vun enger Gemeng sinn, d'Veräiner ze ënnerstëtzen. De Staat huet e Katalog mat ronn zéng Posten opgestallt, wou een extra Subsidien ufroe kann, wann een eng Perte hat oder ordinär Recetten, déi dës Joer net erakomm sinn, ausfalen.

D'Gemeng gött d'Hallschent vum Montant bäi, bis e Plaffong vu 5.000 Euro pro Sportsclub. Dat ass e staarkt Zeeche vun der Gemeng a Richtung vun hire Sportsveräiner. Wat mir immens begreissen.

Natierlech, dat ass och hei beschriwwen, musse mer elo kucken, wéi et mat

dange ne versera pas un subside s'élevant à 50 % de celui de l'État. Autrement, il serait question de sommes se montant à 15 000 € ou 20 000 €. Le plafond est fixé à 5 000 €. Ce n'est pas 50 %, mais ce n'est pas rien non plus. Cette somme permettra aux clubs de compenser leurs pertes.

Les socialistes soutiennent ces mesures, car il est improbable que la situation s'améliore cette année. Il faudra continuer à investir dans le sport l'année prochaine. Il ne faut pas oublier le sport, car il permet aux enfants de bouger que ce soit à l'école ou pendant leur temps libre. C'est d'autant plus important qu'en ce moment, on est enrhumé chez soi. À l'étranger, on voit que la police doit intervenir le weekend parce que les gens se rassemblent. Fred Bertinelli salue une nouvelle fois les mesures du ministère et de la commune. Elles ne résolvent pas tous les problèmes, mais constituent une goutte d'eau dans l'océan.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) souligne à son tour l'importance du sport, et pas seulement en période de COVID-19. À l'école aussi, le sport devrait jouer un rôle plus conséquent. En période de crise sanitaire, limiter le sport crée davantage de patients à risque.

Nicole Wohl salue les mesures de l'État, mais trouve qu'il est plus important de faire du sport que d'avoir de l'argent. La Ville de Differdange versera un subside de 50 %, même s'il est plafonné. Cette décision est la bonne.

JERRY HARTUNG (CSV) se réjouit à son tour de cette initiative, car les clubs sportifs jouent un rôle important dans la vie sociale de Differdange. L'État a défini un catalogue de dix postes pour lesquels on peut demander un subside afin de compenser les pertes de cette année. De son côté, la commune ajoute la moitié de cette somme avec un plafond de 5 000 € par club. C'est la preuve qu'elle soutient le sport.

Il reste à voir comment soutenir les autres associations. La commune agira une fois que le gouvernement aura pris des mesures. Jerry Hartung rappelle que beaucoup d'asso-

9b. Aides financières au monde sportif

ciations reposent sur le bénévolat et qu'il faut les aider pour qu'elles puissent reprendre leurs activités une fois que ce sera possible.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient ce subside de la commune pour les clubs. Leur travail est important. Il les remercie d'avoir relancé leurs activités malgré les restrictions.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) demande si les clubs sont au courant ou s'ils seront contactés.

TOM ULVELING (CSV) répond qu'ils seront contactés une fois le subside approuvé.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) insiste sur le fait que ce serait important.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) ajoute que c'est prévu.

TOM ULVELING (CSV) précise que pour les associations culturelles, la Ville de Differdange n'a encore rien prévu, car elle attend les décisions de l'État. Comme l'a expliqué monsieur Aguiar, il est plus facile pour la commune de s'associer à un subside de l'État, car elle n'a alors pas besoin d'effectuer les contrôles.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) explique que les clubs sportifs seront mis au courant une fois le subside approuvé.

FRED BERTINELLI (LSAP) revient sur les propos de monsieur Schwachtgen. Comme l'a dit monsieur Aguiar, la Ville de Differdange se base sur le subside de l'État en ajoutant la moitié de cette somme. Cela permet de ne pas oublier les petits clubs moins soutenus par les fédérations.

deen anere Veräiner weidergeet. Do wäerten déi aner Ministère nach nozéien. An da musse mer als Gemeng deemtsprichend Mesuren huelen. Sou gräife mer eise Veräiner, wou villes nach iwwert d'Benevolat leeft, ënnert d'Äerm an dëser och fir si schwéier Zäit. A stelle sécher, datt wann d'Zäit et erëm erlaabt, si hir Aktivitéiten erëm normal kënne weiderféieren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Lénk ënnerstëtze mir dës Subside vun der Gemeng fir d'Veräiner. Si brauche se. Si maache wäertvoll Aarbecht. Mir soen hinne Merci, dass si mat all deene Restriktiounen – et hikréien an hikritt hunn, d'Aktivitéiten erëm ze lancéieren. Dat ass ganz, ganz wichteg am Moment. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et wier vläicht wichteg: Sinn d'Veräiner all informéiert oder kontaktéiere mir se iwwert déi Mesuren?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wann dat hei approuvéiert ass, kontaktéiere mir se natierlech.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo. Genau. Dat wär wichteg. Well et gëtt der vläicht, déi net am Bild sinn.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Dat ass scho virgesinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ee Moment, ee Moment. Den Här Ulveling hat sech gemellt.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

A jo. Okay.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech si jo och Kulturschäffen, dofir muss ech och no menge Kulturveräiner kucken. Do ass am Moment nach näischt virgesinn, well mer net wëssen, wat fir Mesurë vum Ministère kommen. Well, wéi den Här Aguiar explizéiert huet, et ass méi einfach, wann een iwwer esou ee Wee fiert, dass een einfach e Prozentsaz, vun deem, wat si kréien, och als Gemeng bäigëtt. D'Kontroll musse mir net maachen, de Ministère mécht déi. A mir brauchen eis nëmmen drunzehänken. Mee ech wollt awer soen, dass déi net vergiess si ginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Aguiar, wannechgelift.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Fir dem Här Schwachtgen ze äntwerthen: Nodeems dëst gestëmmt ginn ass, wäerte mir eis Veräiner informéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt op dat selwecht agoen, datt et wichteg ass, wat den Här Schwachtgen gesot huet. Wéi ech den Här Aguiar verstanen hunn, hu mer eis un de Ministère ugehaangen. Dat, wat de Ministère bezilt, do gi mer d'Hallschent. An et si vläicht méi kleng Veräiner, déi net déi Subside vun de Sportsfederatiounen kréien, déi net esou vill

9c. Règlements temporaires de circulation

Aktivitéiten hu wéi grouss Veräiner, datt déi net vergiess ginn.

Et ass scho richtig, wat den Här Schwachtgen seet, datt mer och déi uschreiwen. Dat ginn der da vläicht keng 5.000 Euro, mee déi brauchen der och vläicht net esou vill. Mee déi si jo net all beim Ministère enregistriert, déi vum Ministère Subside kréien, sou datt déi näischt géife kréien. Et wier méi richtig als Gemeng, wa mer déi géifen uschreiwen. Duerfir ass dat richtig, wat den Här Schwachtgen seet.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

De Bréif, de Plan de relancement du sport koum de 4. Juni. Mir haten direkt reagiert a mengem Service an ee Mail un all d'Veräiner geschéckt, dass se Subside kréichen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ka virkommen, datt een déi mol vergësst. Well de Ministère déi och net all chiffriert huet.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott.

Le conseil décide à l'unanimité d'aprouver la rallonge communale relative au système d'aides financières spécifiques au monde sportif dans le cadre de la lutte contre la COVID-19 découplant de la lettre-circulaire du 5 juin du ministère des Sports.

Villmools merci. Elo komme mer zum Punkt 9c, Règlements temporaires de circulation. Déi stellen ech dann haut ausnamsweis vir. D'Madamm Pregno léisst sech entschëllegen. Am Dossier fannt Der eng 20 Reglementer. Déi üblech Saache wéi Livraisounen, Parkverbueter, Aarbechten u Fassaden, Daa-

chdeckeraarbechten, Réseau-Aarbechten, wéi zum Beispill déi vun der Creos.

Vläicht kann een ervirhiewen, dass weiderhin d'Parkplazen an der Rue Henri Dunant an um Parking Hauts-Fourneaux gespaart sinn, fir dem CGDIS den Accès zum Kleng Casino ze garantéieren. Dee weiderhin als Lieu d'isolement vu Coronakranner gëllt.

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ee Saz just. Ech hunn déi Reglementer nogekuckt, dat meescht ass an der Rei. Wou ech awer muss drop opmierksam maachen: Ech wier frou, wa géif en Effort gemaach gi bei Autorisatiounen vu Laangzäitchantieren. Dass mer keng zwee Chantieren an enger Strooss autoriséieren.

Ech ginn e Beispill: Mir sinn amgaang, deen enneschten Deel vun der Woiwerstrooss opzerappen, bei deem bekannte Bäcker. Parallel dozou si mer amgaangen an der Zolwerstrooss déi riets Säit opzerappen, wou Raccorde gemaach ginn. Et ass scho schlecht iwwersüchtlech, an da gi mer nach eng Autorisatioun, fir an där anerer Strooss opzerappen. Dat ass méi wéi schlecht.

D'Strooss ass net immens breet, a mir bleiwen op enger Breet vu 5 m. Do ass Géigeverkéier. Dee ganze Verkéier vun Zolwer kënnt uewen erof duerch d'Deviatoun bei der Kronospan. Dat ass ganz schlecht. Dat ass dramatesch fir d'Sécherheet vun de Schoulkanner. Ech si frou, dass elo Schoulvakanz ass, mee déi 14 Deeg virdrun – dramatesch fir d'Sécherheet.

Soudass et besser wier, mir géife bei esou Laangzäitchantieren oppassen, dass mer net an deem selwechten Eck zwee Chantiere mateneen autoriséieren. Deen een decaléiere vis-à-vis vun deem aneren, géif eis méi bréngen an der Sécherheet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Bertinelli, wannechgelift.

Il est important de les contacter tous. Certains ne recevront pas 5000 €, mais ils n'ont pas forcément besoin d'une telle somme non plus. Cependant, tous les clubs ne sont pas enregistrés auprès du ministère. C'est pourquoi il faut les contacter.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) répond que la lettre concernant la relance du sport est arrivée le 4 juin. Le service des sports a immédiatement envoyé un mail à tous les clubs.

FRED BERTINELLI (LSAP) estime que le ministère peut en oublier. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux règlements temporaires de circulation. C'est elle qui les présentera, car madame Pregno a dû partir.

Il y a vingt règlements concernant des livraisons, des interdictions de stationnement, des travaux de façade, etc.

Christiane Brassel-Rausch ajoute que plusieurs places de stationnement dans la rue Pierre-Dunant et sur le parking des Hauts-Fourneaux sont réservées au CGDIS pour garantir un accès au Kleng Casino.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que la plupart des règlements sont en ordre. Il demande cependant que l'on n'autorise plus deux chantiers de longue durée dans une même rue. Il cite l'exemple de la rue Woiwer à côté du boulanger et la rue de Soleuvre. Il s'agit d'un carrefour déjà complexe. Pourquoi autoriser un chantier de l'autre côté de la rue?

La route ne fait que cinq mètres de largeur. Tout le trafic de Soleuvre passe par Kronospan. La situation est dramatique pour les enfants allant à l'école. Heureusement qu'il y a les vacances scolaires.

Guy Altmeisch répète que dans ce genre de situation, il vaut mieux décaler un des deux chantiers.

10. Commissions consultatives

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle qu'il y a aussi un problème avec les feux tricolores à la hauteur de ce chantier. En effet, les feux fonctionnent comme s'il n'y avait pas de travaux. Les automobilistes doivent s'arrêter au feu alors qu'il n'y a pas de trafic en sens inverse. Il faudrait intervenir. Personne ne sort de la rue Woiwer. Il est donc inutile de stopper les voitures au carrefour.

TOM ULVELING (CSV) en informera madame Pregno.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) pense qu'il faudrait plutôt informer l'équipe de la circulation.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe aux commissions consultatives. Dans le Klimateam, les écologistes remplacent monsieur Éric Flesch par monsieur Guy Wagner. Dans la commission des jeunes, monsieur Paulo Aguiar est remplacé par monsieur Maxime Pantaleoni. Dans la commission de l'environnement, madame Stéphanie Scaccia est remplacée par monsieur Chris Pinto.
(Vote)
Christiane Brassel-Rausch clôture la séance publique.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass schonn eng Kéier hei gesot ginn – dat ass fir den Här Ulveling, well et a säi Bezierk fält –, datt déi Luuchte kuerz geschalt ginn op der Kräizung Rue Woiwer/ Rue de Soleuvre, wou elo dee Schantjen ass, iwwert deen den Här Altmeisch elo geschwat huet.

Well déi funktionéieren nach ëmmer sou, wéi wann déi Stroossen op wieren. Do ginn d'Autoen ugehale mat enger rouser Luucht an et kënnt keen Auto. Bei esou engem Schantje géif een de Verkéier méi schnell weiderleeden, wann een déi Luuchte géif ëmschalten déi Zäit.

Well et ass e Schantjen, dee laang dauert. Dat ass dee fir déi nei Cité. Dee geet herno duerch d'Zolwerstrooss. Da soll een déi Luuchten esou zeechnen, datt et gréng ass, net datt et rout gëtt fir aus der Woiwerstrooss, an aus der Woiwerstrooss kënnt keen. D'Autoe bleiwe stoen de Moment op der Kräizung. Et kënnt awer keen do erausgefuer, well et ass Einban. Si hunn d'Strooss uewen zougemaach. Da mussen déi Luuchten ëmgeschalt ginn, bei esou engem Chantier, dee sou laang dauert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir soen der Madamm Pregno dat.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Net der Madamm Pregno, der Circulationsekip.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass a senger Ekip.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et ass notéiert, Här Bertinelli. Merci. Da komme mer elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Bei de Changements au sein des commissions consultatives, wëll ech Iech matdeelen, dass déi gréng den Här Eric Flesch am Klimateam ersetzen duerch den Här Guy Wagner. Dass den Här Paulo Aguiar an der Commission des Jeunes ersat gëtt duerch den Här Maxime Pantaleoni. An dass d'Madamm Stéphanie Scaccia an der Ëmweltkommissioun duerch den Här Chris Pinto ersat gëtt bei deene Gréngen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Villmoos merci. Mir sinn an der Séance non-publique ukomm.

PAG ET PAP

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est notifié que les modifications au plan d'aménagement général et les plans d'aménagement particuliers suivants ont été publiés:

DÉNOMINATION	ENTRÉE EN VIGUEUR
PAP «Parc des Sports» – modification procédure allégée	4.10.2019
PAP «Nesto» à Niederkorn, rue Pierre Gansen/rue des Lignes	12.11.2019
PAP «Bescha» à Oberkorn, Biensel – modification procédure allégée	12.11.2019
PAP «Entrée en ville – Site 1.1 (nouveau commissariat de police) à Differdange	11.2.2020
PAP Mathendahl 2, 3, 4, 5 – modification procédure allégée (lancée en décembre 2019)	11.2.2020
PAP «LUNEX» à Oberkorn, Um Brill	12.10.2020
PAP «Quartier+ Luxenergie» au liudit «An der Neuwiss/Woiwerwisen» à Oberkorn	12.10.2020

LE LAVAGE DES MAINS - COMMENT ?

Lavez-vous les mains à l'eau et au savon, surtout si elles sont visiblement sales.



Durée de la procédure:
40-60 secondes

1



Mouiller les mains abondamment.

2



Appliquer suffisamment de savon pour recouvrir toutes les surfaces des mains et frictionner.

3



Paume contre paume par mouvement de rotation.

4



Le dos de la main gauche avec un mouvement d'avant en arrière exercé par la paume droite et vice versa.

5



Les espaces interdigitaux paume contre paume, doigts entrelacés, en exerçant un mouvement d'avant en arrière.

6



Les dos des doigts en les tenant dans la paume des mains opposées avec un mouvement d'aller-retour latéral.

7



Le pouce de la main gauche par rotation dans la paume renfermée de la main droite et vice versa.

8



La pulpe des doigts de la main droite par rotation contre la paume de la main gauche et vice versa.

9




Rincer les mains à l'eau.

10



Sécher soigneusement les mains avec une serviette à usage unique.

11



Fermer le robinet à l'aide de la serviette.

12



Vos mains sont propres.